

# INFO °02 20 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSËTZUNG  
VUM 26. FEBRUAR 2020 A VUM 6. MEE 2020



ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIONSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 22 JUILLET 2020



Téléchargez l'ordre du jour

#### Conseillers présents

|                                                    |                            |                                    |
|----------------------------------------------------|----------------------------|------------------------------------|
| Christiane Brassei-Rausch (bourgmestre, déi gréng) | Fred Bertinelli (LSAP)     | Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng) |
| Tom Ulveling (1er échevin, CSV)                    | Gary Diderich (Mîi Lénk)   | Ali Ruckert (KPL)                  |
| Paulo Aguiar (échevin, déi gréng)                  | Jerry Hartung (CSV)        | Christiane Saeul (DP)              |
| Robert Mangen (échevin, CSV)                       | Georges Liesch (déi gréng) | Fränz Schwachtgen (déi gréng)      |
| Laura Pregno (échevine, déi gréng)                 | Fränz Meisch (DP)          | Guy Tempels (CSV)                  |
| Guy Altmelch (LSAP)                                | Emy Muller (LSAP)          | Nicole Wohl (déi gréng)            |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR [WWW.DIFFERDANGE.LU](http://WWW.DIFFERDANGE.LU).

# INFOBLAT<sup>02 20</sup>

COMPTE-RENDU DU 26 FÉVRIER 2020

3-38

COMPTE-RENDU DU 6. MAI 2020

39-102

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange  
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | [www.differdange.lu](http://www.differdange.lu) | [mail@differdange.lu](mailto:mail@differdange.lu)

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 10 200 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Lisa Bildgen

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé  
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 02/2020**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

F Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 26 FÉVRIER 2020

---

## CONSEILLERS PRÉSENTS

|                                                    |                                    |
|----------------------------------------------------|------------------------------------|
| Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng) | François Meisch (DP)               |
| Tom Ulveling, 1 <sup>er</sup> échevin (CSV)        | Erny Muller (LSAP)                 |
| Paulo Aguiar, échevin remplaçant (déi gréng)       | Laura Pregno (déi gréng)           |
| Georges Liesch, échevin (déi gréng)                | Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng) |
| Robert Mangen, échevin (CSV)                       | Ali Ruckert (KPL)                  |
| Guy Altmeisch (LSAP)                               | Christiane Saeul (DP)              |
| Fred Bertinelli (LSAP)                             | Fränz Schwachtgen (déi gréng)      |
| Gary Diderich (déi Lénk)                           | Guy Tempels (CSV)                  |
| Jerry Hartung (CSV)                                | Nicole Wohl                        |
| Serge Goffinet (LSAP)                              |                                    |

## ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Projets communaux:
  - a. Devis et crédit spécial pour le réaménagement de la maison située 40, Balcon à Lasauvage – nouvel article budgétaire 4/131/221312/20018;
  - b. Décompte des travaux d'extension de la maison relais Oberkorn – article budgétaire 4/242/221311/1609.
3. Actes et conventions:
  - a. Convention avec l'office social pour l'exercice 2020;
  - b. Convention avec les services pour jeunes pour l'exercice 2020;
  - c. Contrat de bail concernant une parcelle au lieudit « Lauterbann » à Niederkorn;
  - d. Contrats de bail au 1535° Creative Hub;
  - e. Acte notarié avec Gravity SA concernant la vente d'un terrain au lieudit « Rue Émile-Mark »;
  - f. Acte notarié concernant l'acquisition d'une parcelle au lieudit « Zwischen Lanterbannen » à Niederkorn;
  - g. Acte notarié concernant l'acquisition d'une parcelle avec garage et d'un quinzième d'une parcelle au lieu-dit « Rue de Differdange » à Lasauvage.
4. Règlements temporaires de circulation.
5. Accord de jumelage avec la ville allemande de Penzberg.
6. Changements au sein des commissions consultatives.
7. Questions.



# 1. Communications

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*salue les conseillers ainsi que les journalistes et autres personnes présentes dans la salle.*

*Elle passe tout de suite au premier point, Communications du collège des bourgmestre et échevins, et informe les conseillers qu'elle a clairement fait part à la Banque et caisse d'épargne de l'État de son mécontentement quant à leur façon de procéder et au fait que la commune, ignorant les faits, se soit retrouvée devant un fait accompli. Elle ne cautionne pas ce genre de politique de la part d'une entreprise censée représenter l'État et dont elle estime qu'elle a une fonction sociale à remplir.*

*Christiane Brassel-Rausch a également demandé à la BCEE si elle était prête à collaborer à différents projets pilotes. Elle a rendez-vous avec les directeurs des agences de la BCEE le 6 mars pour en discuter.*

*Elle cède la parole à Tom Ulveling.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *a une communication à faire concernant le terrain de l'AS. À la suite de son rendez-vous avec l'Administration des ponts et chaussées, il s'est avéré que les travaux ont pris beaucoup de retard. L'appel d'offres va être lancé sous peu et les travaux ne commenceront donc pas avant la fin de cette année et se termineront au plus tôt à l'été 2021.*

*Après s'être rendu sur place, Tom Ulveling a constaté qu'il fallait nettoyer le terrain et le sécuriser tant que les travaux n'ont pas débuté. Une grille sera installée de manière à le rendre inaccessible, notamment aux voitures, en particulier la nuit, car des rodeurs ont été signalés.*

---

**ROBERT MANGEN (CSV)** *exprime sa joie quant à l'accord conclu lundi dernier par rapport aux statuts du Minett Park. Après un an et demi, toutes les parties ont finalement accepté lesdits statuts qui seront présentés au prochain conseil communal afin d'y être votés.*

*Afin d'afficher plus de parité au conseil d'administration, les communes de Pétange et de Differdange se sont vu attribuer chacune un représentant supplémentaire au conseil d'administration. Robert*

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eise Gemengerot haut. Ech begréissen och d'Leit vun der Press an eis opmierksam Zuhörer am Sall.

Als éischte Punkt hu mer Communications du collège des bourgmestre et échevins. Do wollt ech Iech matdeelen, dass mer als Schäfferot/Gemeng der Spuerkeess ausgedréckt hunn, dass mer net averstane si mat der Aart a Weis, wéi virgaange ginn ass. Dass mir als Gemengen absolutt näischt woussten a virun e Fait accompli gesat gi sinn. An dass mer déi Politik sécher net ënnerstëtzen. Virun allem vun enger Entreprise, déi en E fir Etat drastoen huet. Wou mer mengen, dass se trotzdeem nach eng sozial Funktioun ze erfëllen huet. Mir hunn hinnen dat ganz kloer matgedeelt.

Op där anerer Säit hu mer se gefrot, ob se vläicht bereet wiere fir verschidde Pilotprojeten. Ob mer net kënnen zesumme kucken, als Gemeng mat der Spuerkeess vläicht op nei Weeër ze goen. A fir dat ze erërdere an ze beschwätzen, hunn ech e Rendez-vous de 6. Mäerz mat den Direktere vun den Agencë vun der Spuerkeess.

Da géif ech d'Wuert weider un den Här Ulveling ginn.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech maachen eng ganz kuerz Kommunikatioun iwwert den AS-Terrain, de Park. Mir hatten eis mat Ponts et Chaussées getraff. Dobäi ass erauskomm, dass effektiv Saache verschweest si ginn. Dass se net esou wäit sinn, wéi mir gesot kritt hatten. Si schreiwen elo emol aus. Dat heescht fréistens Enn vun dësem Joer wäerten d'Aarbechten ugoen. An déi wäerten dann eréischt am Summer 2021 fäerdeg sinn.

Ech hu mer den Terrain ugekuckt. Do hu mer eng gréisser Botzaktioun virgesinn, fir dass deen Terrain net grad ausgesäit wéi den Terrain war, soulaang bis et do ka lassgoen. Mir wäerten deen Terrain mat enger Paart zoumaachen. Anscheinend dreiwel sech owes do ganz

komesch Gesellen erëm an Autoen, déi do fueren an esou weider. Soudass Der wësst, dass dat an Zukunft wäert inaccessible gemaach gi fir Autoen, haaptsächlech owes an an der Nuecht. Merci. Dat war dat, wat ech ze soen hat.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Fir déi nächst Kommunikatioun géif ech d'Wuert un den Här Mangen weiderginn.

---

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Madamm Buergermeeschtesch, léif Kolleginnen a Kollegen, Dir gesitt en zefriddene Schäfte virun Iech. Leschte Méindeg den Owend si mer op en Accord komm am Minett Park iwwert d'Statuten. Dat huet annerhalleft Joer gedauert. Et freet mech, datt all d'Parteien zu engem Accord komm sinn, fir déi nei Statuten zesummen unzehuelen. Ech wäert déi am nächste Gemengerot virstellen. Well déi musse jo och hei gestëmmt ginn.

Et ass eng Neiegkeet. Mer wollte gäre Paritéit vun deene verschiddenen Associatiounen. Soudass ee Member pro Gemengerot derbäi komm ass. Ee fir d'-Gemeng Péiteng an ee fir d'-Gemeng Déifferdeng. Datt mer am Conseil d'administration eng gewësse Paritéit hunn. Ech wäert Iech dat spéiderhin erklären.

E Wuert un den Här, nach Schäfte, Georges Liesch: Léiwe Georges, du sëtzt haut warscheinlech mat gemëschte Gefiller op dengem Verantwortungsposten. Erwaart dir um Enn vun dëser Funktioun net ze vill Unerkennung an och net ze vill Mercien. Fir ons souzese Provënzpolitiker gëtt et als normal ugesinn, sech ëm seng Famill ze këmmen, ee Beruff auszeüben an och nach vollen Asaz a sengem politeschen Amt ze weisen.

Jo, du hues dëse Choix fräiwëlleg gemaach. Mee et ass och wichteg, datt et esou Mënsche gëtt wéi s du, déi sech fir d'Allgemengwuel setzen. Déi versichen ze verstoen, wat d'Belaanger vun der Leit dobause sinn. Déi doropshi Léisungen oder Kompromësser fannen, fir en harmonescht Zesummeliewen tëscht onse Biergerinnen a Bierger.

## 2a. Balcon à Lasauvage

Du has oft en oppent Ouer. Du hues matargumentéiert. Vläch munchmol ze vill gréng. Awer och heiansdo net gréng genuch. Déi sougenannte „Gaardenhaischen-Affär“ Enn d'lescht Joer huet dech physesch a psychesch getraff. Eleng schonn nëmme wéinst denger perséinlecher Bezéiung, déi s du zum ehemolege Gemengepapp has.

Trotz dengem Leiden, wat leider déi wéinegst gesinn hunn, geschweige verstanen hunn, hues du deng politesch Aufgabe weidergefouert. Du hues d'Bengelen net bei d'Tromm geworf. Ech erwänen hei nëmme déi riseg Aarbecht, déi s du geleescht huet, fir onse PAG op dat richtegt Gleis ze stellen.

Fir all deng Leeschtungen an däi Standhale gebürt dir meng Unerkennung, fir d'éischt als Mënsch, mee un zweeter Stell als Politiker, och wa mir net vun där selwechter Faarf sinn.

Däin Zrécktriede vun dengem Schäfteposte fält mir manner schwéier, wann s du ons verspréchs, geleentlech ons am Schäfferot duerch Berodung ze ënnerstëtzen, dech nach fir ons Gemeng anzusetzen an et och vläch fäerdegbréngs, ons Bildschiermer an onsen hiesige Sëtzungssall ze stellen. Datt mir den digitalen Zäitalter an onser Gemeng weider entwéckele kënnen.

Léiwe Georges, ech wënschen dir an denger Famill nach vill schéi Momenter. Huel deng Zäit am Schäfferot als eng Beräicherung un. Fir dass du awer net ganz vergiess bass, iwwerreechen ech dir gläich eng kleng Fläsch. Am Alkohol sinn ech net esou bewandert, mee ech hu mir soe gelooss, et drénkt een dës këschtlech Flëssegheet an engem breede Glas, eng Fangerbreet gefällt, mat e bësse kalem Waasser. Souwéi de Paschtouer dat an der Kierch mécht.

(Gelaachs)

Wat den Owend awer weider fortschrëtt, gesäit een d'Fanger munchmol duebel an et vergësst een dann och nach, Waasser derbäizeginn. Dat ass dann d'Trennung tëscht Kierch a Staat.

(Gelaachs)

An nach vill méi spët am Owend drénkt een dann dës këschtlech Flësseg-

heet wéi Waasser. Spëtstens da si mer all gläich.

Alles Gutts, Georges!

(Applaus)

---

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Liesch, huet et Iech d'Wuert verschloen?

---

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da maache mer weider mam Ordre du jour a mer kommen zum Punkt 1, Devis et crédit spécial fir d'Haus 40 um Balcon op der Zowaasch. Dofir géif ech d'Wuert ginn un den Här Ulveling.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et geet em déi Wunneng, déi mer kaf hunn um 40, rue du Balcon à Lasauvage. Mer haten dat de 6. März 2019 hei am Gemengerot zesumme beschloss. Deemools hate mer dat Haus kaaft fir 250.000 Euro. Lo mussen do verschidden Instandsetzungsarbechte gemaach ginn, fir dass mer dat Haus an engem mënschewierdegen Zoustand, géif ech soen, verloune kënnen.

Dofir hu mer hei en Devis virleie vun 115.000 Euro. D'Fënstere ginn ersat, den Daach muss gefléckt ginn. Sanitär, Chauffage muss nogekuckt ginn. D'Elektresch muss nogekuckt ginn. An der Kiche musse kleng Aarbechte gemaach ginn. Et gëtt ugestrach, deelweis gëtt de Carrelage erneiert, et mussen e puer Luuchten dragesat ginn. Dat alles mécht déi Zomm vun 115.000 Euro aus.

*Mangen reviendra là-dessus plus tard.*

*Il adresse ensuite quelques mots à Georges Liesch, qui quitte son poste d'échevin. Il le félicite pour son engagement dans l'intérêt d'une cohabitation harmonieuse entre citoyens.*

*Il évoque la douloureuse affaire de la maison de jardin de l'année dernière qui a laissé des traces, tant sur le plan physique que psychique.*

*Il le remercie d'avoir continué à assurer ses fonctions politiques sans jamais abandonner et cite l'énorme travail effectué pour remettre le PAG dans le droit chemin.*

*Robert Mangen tient également à féliciter ses compétences et sa ténacité. Il lui fait promettre de revenir de temps en temps, ne serait-ce que pour installer enfin des écrans dans la grande salle de conseil afin que la commune puisse enfin passer à l'ère du numérique.*

*Il lui souhaite bonne chance pour la suite et de passer plein de bons moments avec sa famille et lui offre une petite bouteille, dont le contenu se boit mélangé à de l'eau.*

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) le remercie.**

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** constate que monsieur Liesch reste sans voix, ce que celui-ci confirme. Christiane Brassel-Rausch passe alors au premier point de l'ordre du jour, Devis et crédit spécial concernant la maison numéro 40 du Balcon à Lasauvage et donne la parole à monsieur Ulveling.

---

**TOM ULVELING (CSV)** explique qu'il s'agit de la maison située au 40 du Balcon à Lasauvage, dont la commune avait fait l'acquisition pour la somme de 250 000 € à la suite de la décision du conseil communal du 6 mars 2019. Des travaux de rénovation sont nécessaires afin de pouvoir louer cette maison dans un état salubre.

*Le devis pour ces travaux s'élève à 115 000 € et comprend le remplacement des fenêtres, la réparation du toit, la mise en état des installations sanitaires, du chauffage et des installations électriques, une nouvelle cuisine, divers travaux de peinture et de carrelage, ainsi que*

## 2b. Maison relais Oberkorn

*l'installation de quelques luminaires.*

*Une fois la maison rénoverée, elle sera mise en location par l'AIKS. Tom Ulveling informe les conseillers que le budget doit être amendé. Malgré cet amendement, 2020 devrait tout de même se solder par un bonus de 674 000 €*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** explique que la maison du numéro 40 du Balcon à Lasauvage, appartenant à la commune de Differdange, est restée inhabitée pendant un certain temps, d'où les fortes dégradations. Ces maisons ont été construites autour de 1913/1914 par le comte Saintignon. Pour la rénovation du numéro 40, la nouvelle cuisine et la salle de bains seront déplacées du rez-de-chaussée sombre au premier étage. Le rez-de-chaussée conservera tout de même une salle de douche avec W.C.. Les combles et le toit sont vétustes et doivent être refaits.

*Les démocrates votent en faveur de ce devis crédit spécial.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** appelle au vote.

(Votes)

*Avant de passer au point suivant, elle revient brièvement sur les mots de monsieur Manger, qui l'ont émue. Ensuite, Christiane Brassel-Rausch explique avoir reçu des questions écrites de la part de monsieur Ruckert, de monsieur Bertinelli et de monsieur Muller qu'elle propose d'aborder à la fin de la séance publique.*

*Elle passe alors au point 2 b concernant l'annexe à la maison relais d'Oberkorn.*

**TOM ULVELING (CSV)** explique que le devis initial pour ces travaux avait été voté au conseil communal du 4 mai 2016. Un devis supplémentaire avait été voté en décembre 2018. Les dépenses s'élèvent à 3 350 535 €. L'État accorde à la commune une subvention de l'ordre de 1,1 million d'euros.

*Tom Ulveling rappelle que le devis supplémentaire de 687 000 € avait été voté à l'époque pour refaire les fondations et construire une cave. L'Administration des eaux a impo-*

*Wann d'Haus renovéiert ass, versicher, et iwwert den AIS Kordall souzsoen un de Mann oder un d'Fra ze bréngen. Dir hutt hannendrun, an Ärem Dossier, de Budget, deen da muss geännert ginn. Well déi Depense vun 115.000 Euro net initialement virgesinn ass. Mee Dir gesitt, mir schléissen awer nach mat engem presuméierte Boni of vu 674.000 Euro 2020. Soudatt ech Iech géif bieden, deen Devis hei ze stëmmen. Merci.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Häre Schäfferot, Kollegeinnen a Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären, dat Haus 40, um Balcon op der Zowaasch, gehéiert zum Besëtz vun der Gemeng Déifferdeng. Et ass scho länger net méi bewunnt an net gehëtzt. Dat ass ni gutt fir en Zoustand vun engem Haus. Dofir weist et staark Degradatiounen op.

Dës Rei historesch Haiser um Balcon sinn iwwer honnert Joer al. Se goufen deemools, ëm 1913/1914 vum Comte Saintignon gebaut. D'Nummer 40 soll elo a Stand gesat ginn. Zum Beispill déi nei Kichen an d'Buedzëmmer kommen elo op den éischte Stack, eraus aus dem däischtere Rez-de-chaussée-Keller. Um Rez-de-chaussée bleift awer eng Toilette mat Dusch. De Späicher, Daach a Plaffong vum leschte Stack si morsch a ginn erneiert.

Raten a Mais hate sech do agenascht. Déi wäerten natierlech net frou sinn, dass si musse plënnere. Dëst am Sënn, fir eidelstoend Wunnengen a Stand ze setzen an als Gemeng zu engem bezuelbare Loyer ze verlounen. D'DP stëmmt dësen Devis crédit spécial. An ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis et le crédit spécial pour le réaménagement de la maison située 40, Balcon à Lasauvage.*

Villmools Merci. Ier mer op de Punkt 2b kommen, Här Manger, mat Äre léiwe Wierder, hutt Der dem Här Liesch d'Wuert verschloen a mech duerchernee gemaach. Ech wollt nach ganz kuerz soen, dass mer schrëftlech Froen erakritt hu vum Här Ruckert. An dass den Här Bertinelli an den Här Muller sech och nach gemellt hu fir Froen. Wann Der dermat averstane sidd, huele mer déi zum Schluss vun der Séance publique. Villmools Merci.

Da géife mer zum Punkt 2b kommen, en Dekont vum Ausbau vun der Maison relais Uewerkuer. Ech géif d'Wuert dann erëm un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, den initialen Devis vun dësen Aarbechte war de 4.5.2016 hei am Gemengerot. Am Dezember 2018 hate mer en Devis supplémentaire gestëmmt, fir d'Vergréisserung vun der Maison relais zu Uewerkuer ze maachen. De Käschtepunkt, dee virgesi war, war 3.349.999 Euro. Et huet elo 3.350.535 Euro kascht. Dat heescht eng 500 Euro méi wéi virgesinn. Mer kréien e Subsid vum Staat vun 1,1 Millioun Euro.

Ech wëll och nach soen, firwat mer deemools den Devis supplémentaire gestëmmt haten, fir déi, déi sech net méi erënneren. Dat ware 687.000 Euro. Dat war, well de Bau grondschlecht war an et hat missen e Keller gebaut ginn. Et war e Klass-3-Kommodo. D'Waasserwirtschaftsamt hat eis gezwongen, eng Waasserretentioun ze bauen. Zënter 2016 bis zur Fäerdegstellung sinn d'Präisser an d'Luucht gaangen. A mir hunn nach Miwwele vun 270.000 Euro an déi Maison relais installéiere gelooss, wat net virgesi war.

Ech géif Iech bieden, dësen Dekont ze stëmmen. Et ass wichteg, fir déi lescht Tranche Subsid vum Ministère ze kréi-



# 3a. Convention avec l'office social

en, dass mer den Dekont aschécken.  
Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zur Ofstëmmung.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte des travaux d'extension de la maison relais Oberkorn.*

---

Villmoos Merci, Dir Dammen an Dir Hären. De Punkt 3a, Actes et conventions, dat ass d'Konventioun fir den Office social vum Joer 2020. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Mangen.

---

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, et ass eng üblech Konventioun, déi mer all Joer mat dem Ministère de la Famille ënnerschreiwen. Den Office social, hat ech jo alles schonn an enger viregter Sëtzung virgestallt.

D'Gesamtkäschte vum Office social ginn opgedeelt tëschent der Gemeng an dem Ministère de la Famille. Dat ass déi Konventioun, déi mer hei ënnerschreiwen. Dëst Joer beleeft et sech ëm 1.360.000 Euro, déi gedeelt ginn tëschent deenen zwee Partner.

Méi brauch ech net ze soen.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Goffinet, wannechgelift.

---

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen, Dir Hären, ech ginn e puer kleng Erklärungen. D'Konventioun vum Office social leet fest, wéi dësen organiséiert a finanzéiert gëtt. E puer wichteg Punkte sinn hei ze ernimmen. D'Unzuel vum Personal fir den Office social: Hei ass pro 6.000 Awunner een oder eng Assistante sociale virgesinn.

Mir zu Déifferdeng hunn eng Persoun méi virgesi wéi normal.

A pro 12.000 Awunner ass dann och ee Poste administratif virgesinn. De Conseil d'administration funktionéiert laut engem Règlement d'ordre interne, wat jo och hei bekannt ass, änlech wéi hei am Gemengerot.

Ee ganz wichtige Punkt ass dee vum Finanzement. Deen huet den Här Mangen elo gesot. Dee gëtt 50/50 opgedeelt. Dat sinn 362.000 Euro. 362.000 Euro plus déi 1.500 u Primmen, déi de Ministère de la Famille awer dann iwwerhëlt.

Den Office social kann och Einnahmen hunn, wat vill Leit net wëssen. Dat kënnen Done sinn, Gelder vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte, déi e jo och huet. Déi en och kritt. Einnahme vu Bienen, déi den OS huet. Wat hei zu Déifferdeng leider net de Fall ass. D'Contributiounen vun der Gemeng oder vum Staat. Wat erëm de Fall ass.

Natierlech muss och en Décompte annuel gemaach ginn. Hei stinn dran: Personalfrais, Frais de fonctionnement d'entretien et de gestion, détailléiert Dépenses a Recettes, een Detail vun all de Secoursen an zu gudder Lescht den Detail vun den Avancen, récupérabel an déremburseabel.

Den TPS ass och een immens wichtigen a grouse Punkt, dat ass den Tiers payant social an dëser Konventioun, deen och oft genotzt gëtt. Hei kënnen d'Prestations médicales an d'Prestations médico-dentaires fir eng festgeluechten Zäit, déi den Office social festleet, iwwerholl ginn.

Den Artikel 16 iwwert d'Facturatioun fir den Office social vun de Frais non imposables à l'assurance maladie ass ganz informativ, mee e bësse schwéier ze liesen an ze verstoen, wann een déi Matière net onbedéngt gutt kennt. Den Artikel 17 seet dann de Rescht. Leet fest, wéi de Remboursement vun de Frais non imposables à l'assurance maladie dann ausgesäit.

Fir déi Leit, déi et interesséiert, dësem Dossier läit eng flott Annex bäi iwwert den TPS, wéi deen ausgesäit. Oder Dir kuckt am Code de la sécurité sociale, do stinn all d'Bestëmmungen vum TPS.

*sé la construction d'un système de récupération des eaux. Entre 2016 et la fin des travaux, les prix ont augmenté. De plus, cette maison relais a été équipée en meubles pour une somme de 270 000 €, ce qui n'était pas prévu au départ.*  
(Vote)

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*passé au point sur la convention pour l'office social pour 2020.*

---

**ROBERT MANGEN (CSV)** explique qu'il s'agit de la convention habituelle signée chaque année avec le ministère de la Famille.

*La convention prévoit que les couts totaux de l'office social, s'élevant cette année à près de 1 360 000 €, soient partagés entre la commune et le ministère de la Famille.*

---

**SERGE GOFFINET (LSAP)** rappelle que la convention de l'office social définit l'organisation et le financement de celui-ci. Elle prévoit par exemple le nombre de collaborateurs à l'office social, soit une ou un assistant social par tranche de 6 000 habitants, Differdange prévoit une personne de plus.

*Cette convention prévoit également un poste administratif par tranche de 12 000 habitants. Le conseil d'administration est soumis à un règlement d'ordre interne.*

*Le financement constitue également un point important. Il est pris en charge à parts égales, soit 362 000 € chacun, plus 1 500 € de primes accordées par le ministère de la Famille.*

*Serge Goffinet explique que l'office social peut également engendrer des recettes.*

*Selon lui, il faut établir un décompte annuel reprenant les frais de personnel, les frais de fonctionnement d'entretien et de gestion, le détail des dépenses et des recettes, le détail de toutes les interventions ainsi que les avances récupérables et ne pouvant pas être remboursés. Le tiers payant social de cette convention est également important, car il permet la prise en charge par l'office social des prestations médicales et médicodentaires pour une durée déterminée.*

*Serge Goffinet trouve l'article 16 relatif à la facturation des frais non*

# 3a. Convention avec l'office social

*imposables à l'assurance maladie très intéressant, mais difficile à lire et à comprendre lorsque la matière n'est pas familière.*

*Serge Goffinet fait remarquer que le dossier comporte une annexe concernant le tiers payant social et que toutes les dispositions relatives à ce sujet sont également disponibles dans le code de la sécurité sociale.*

*La convention est valable jusqu'au 31 décembre 2020.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** tient à préciser pour les auditeurs et les lecteurs que le tiers payant social vaut pour une période de trois mois à partir d'une date donnée. Il existe des cas exceptionnels où ce délai peut être prolongé à six mois.

Ce dossier comprend également le volet myenergy. Grâce à cette prime, il est possible d'obtenir un remboursement allant jusqu'à 75 % pour un appareil, plafonné à 750 € afin de réduire les factures d'électricité.

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** explique que les dispositions de la convention pour l'exercice 2020 resteront inchangées.

Le taux de pauvreté ayant fortement augmenté au Luxembourg, soit 18,3 % depuis 2018, l'office social est d'autant plus sollicité.

Entre 2010 et 2018, le prix du logement a augmenté en moyenne de 44,50 %. D'un autre côté, le salaire moyen n'a augmenté que de 14 % entre 2010 et 2017. Ainsi, en 2019, les offices sociaux du Luxembourg ont investi plus de quatre millions d'euros pour venir en aide aux plus nécessiteux.

Le gouvernement a d'ailleurs déjà pris certaines mesures pour lutter contre la précarité. À partir de mars 2020, le transport public sera par exemple gratuit. Le REVIS, anciennement RMG, fera l'objet d'une réforme. Les livres scolaires de l'enseignement secondaire seront gratuits eux aussi. Le salaire minimum sera revu à la hausse. Il est également question d'un service de garde gratuit.

**ALI RUCKERT (KPL)** tient à rectifier le point concernant la gratuité des transports publics présenté comme

Déi Konventioun gëtt vun dräi Parteien ënnerschriwwen, dem President oder der Presidentin vum Office social, dem Schafferot an der zoustänneger Ministesch, an ass gültig bis den 31. Dezember 2020.

Dat war et vu menger Säit. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Goffinet. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

---

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Dat meescht ass elo gesot, wat ech wollt soen. Wat ech wéilt bäifügen, dat ass fir d'Leit dobaussen, déi de Gemeinberichter lisen oder lauschteren, dass et dräi Méint sinn, wou dat fir den Tiers payant social festgeluecht gëtt. Wou e kloren Datum ass, wéini dass dat funktionéiert. An a wéi engen Delaie se dovunner kënne Gebrauch maachen. An dass et exceptionnellement sechs Méint kënne sinn. A fir de Rescht, wann et dräi Méint ass, jee nodeem wéi d'Konventioun sinn, dat ka verlängert ginn.

An dësem Dossier ass och dat vu Myenergy dran. Do geet et drëms, dass déi Leit, déi net vill Suen hunn, awer Apparater doheem hunn, déi immens vill consomméieren, dass een do och kann eppes bäigeluecht kréien, bis 75 % fir en Apparat, fir duerno manner Stroumkäschten ze hunn. Pro Apparat sinn et maximal 750 Euro, déi ee ka bäigeluecht kréien. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Bei dëser Konventioun, fir den Exercice 2020 tëschent dem Familljen- an dem Integratiounsministère, der Gemeng Déifferdeng an dem Office social Déifferdeng zur Organisatioun an dem Finanzement vun den Aktivitéiten, blei-

wen d'Dispositiounen an déi finanziell Opdeelung d'selwecht. Fir an dësem Sënn 2020 widerzefueren.

Well den Aarmutsrisiko hei zu Lëtzebuerg an de leschte Jore staark gewuess ass, läit e säit 2018 méttlerweil bei 18,3 %. Hei gëtt den Office social Déifferdeng mat sengem Staff gefrot.

De Grond oder d'Ursaache sinn emol sécher déi steigend Immobiliëpräisser. Tëscht 2010 an 2018 ass de Präis vum Logement en moyenne 44,50 % geklommen. Dat ass Wansinn. En Contrevalet sinn tëschent 2010 an 2017 d'Duerchschnëttspaien nëmmen ëm 14 % geklommen. Esou hunn d'Office-socialen alleguer 2019 mat iwwer véier Milliounen Euro d'Mënschen an Nout ënnerstëtzt.

Et ass scho Verschiddenes vun der Regierung op de Wee bruecht ginn, fir 2020 dem Aarmutsrisiko entgéintzewierken. Ab Mäerz 2020 ass den öffentlichen Transport gratis. D'Reform vum Revis, eise fréieren RMG. Gratis Schoulbicher am Secondaire, à voir. D'Erhéijung vum Mindestloun, an der Diskussioun. Gratis Kannerbetreuung.

Dem Staff vum Office social Déifferdeng Merci fir eis gutt Zesummenaarbecht an hiert Engagement. D'DP stëmmt dëse Punkt.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Madamm Saeul. Här Ruckert, wannechgelift.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, ech muss awer elo eppes richtegstellen. Et ass elo hei grad gesot ginn, déi Gratuitéit vum öffentlichen Transport, domat géif Aarmutsbekämpfung gemaach ginn. Ech ka mech do nëmme wonnen. Och wann d'Regierung dat selwer gesot huet, wéi wann dat elo déi sozial Kiischt um Kuch wär – huet den Här Mobilitéitsminister gesot.

Mee et muss ee wëssen, déi Gratuitéit, déi kascht e bësse méi just wéi 200 Milliounen Euro. Méi stoung dofir net am Budget. An dat ass ganz weëneg. Well



## 3a. Convention avec l'office social

wann d'Regierung op de Wee gaange wär, zum Beispill, fir de Mindestloun ëm 10 % oder 14 % ze erhéijen, dann hätt se eppes gemaach, fir dass déi Leit, déi schaffen, manner aarm wäeren.

Dat huet se awer eebe just net gemaach. De Mindestloun, deen ass just ëm annerhallwe Prozent gehéicht ginn. De Rescht, dat wësse mer, gëtt aus dem Staatsbudget bezuelt, wou da keng Steieren drop bezuelt ginn. Dat heescht, déi Leit, déi schaffen, déi mussen och nach derfir suergen, dass de Mindestloun hei gehéicht gëtt. An net d'Patronen. Ech fannen dat wierklech e Skandal.

Wann ee gär eppes mécht, fir der Aarmut entgéintzewierken, da muss een éischters d'Léin méi héich maachen. Et muss een déi kleng Pensiounen hiewen. Mir hu jo och eng Mindestrent, déi wäit ënner 2.000 Euro ass. Wann Der Iech virstellt, Dir misst een oder zwee Méint domat liewen, da géift Der vläicht gesinn, dass dat ganz komplizéiert ass. An ech géif mer nämme wënschen, dass eis Deputéierten dat eng Kéier misste maachen, zwee oder dräi Méint domat liewen, da géife se vläicht op d'Iddi kommen, d'Mindestrent op 2.100 Euro ze erhéijen, fir dass d'Leit eppes dovun hätten.

Dofir sollte mer vläicht, wa mer hei doriwwe schwätzen, awer déi richteg Moosstief setzen. Well soulaang mer déi Sozialämter hei hunn, heescht dat, dass eis Gesellschaft ganz ongerecht funktionéiert. An dogéint muss een eppes ënnerhuelen. Da géifen och déi Sozialämter do an dat, wat mer als Gemeng all Joer méi mussen ausginn, an Zukunft zrëckgoen. Mee do hunn ech meng Zweiwel drun, wann ech déi Politik kucken, déi d'Regierung mécht.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Tempels, wannechgelift.

---

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären, ech wëll meng Virriedner Merci soen, déi praktesch alles gesot hunn, wat ze soen ass. Et ass wichteg, dass mer eis deen néidege Bud-

get ginn, fir deene Leit, déi net op der Sonnesäit vum Liewe stinn, ënnert d'Äerm ze gräifen.

Mir brauchen eis net ze verstoppen. Wann ee kuckt, wat hei zu Déifferdeng alles gemaach gëtt, och a Saache soziale Wunnengsbau, mengen ech, si mer net schlecht opgestallt. Natierlech wär et besser, et misst ee sech net esou vill Moyene ginn, fir de Leit, deenen et net esou gutt geet, ënnert d'Äerm ze gräifen.

Mir stëmmen dës Konventioun mat Jo. Soen awer och nach dem Personal am Office social Merci fir hir exzellent Aarbecht. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, wannechgelift.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Et ass villes gesot ginn. Et gëtt ëmmer méi evident, dass mer als Gesellschaft an eng total falsch Richtung steieren. Dat ass souwuel global wéi zu Lëtzebuerg de Fall. D'Ongerechtegkeete ginn an enger Vitess auserneen, wéi mer dat an der Geschicht scho laang net méi ... Bon, et ass kee Prozess zënter gëschter, mee et geet ëmmer méi virun.

An ech mengen, dass mer éischter en Zuch verpasst hunn, wéi dass mer elo scho gutt opgestallt wäeren. An dass mer misste bedauern, dass mer Moyenen an de Grapp mussen huelen. Mir mussen eis als Gemeng, awer virun allem och als Staat, d'Moyene ginn, fir déi Moyenen ze hunn, fir ze intervenéieren. An dat ass de Problem. Den Thomas Piketty huet e Buch erausbruecht, wou e seet: „All Ongerechtegkeete brauchen Ideologie“.

Am Feudalstaat war eeben d'Ideologie, déi gesot huet: „Mir brauchen d'Kierch, mir brauchen d'Noblesse a mir brauchen den Tiers état“. An déi Ideologie war daf dofir, dass dat konnt esou lafen. Dat hat esou seng Funktiounen.

An hautdesdaags hu mer eng aner Ideologie, déi mécht, dass dat esou leeft. Dass d'Leit Appartementer vu groussen

*une mesure de lutte contre la précarité. Il s'étonne des propos du ministre de la Mobilité qui en fait la « cerise sociale sur le gâteau ».*

*Si le gouvernement avait choisi d'augmenter le salaire minimum légal de 10 % ou 14 %, il aurait permis de réduire la précarité parmi les gens qui travaillent. Or, le salaire minimum n'a augmenté que de 1,5 %.*

*Dans un deuxième temps, il faudrait revoir à la hausse les petites pensions. La pension minimum se situe actuellement bien en dessous de 2000 €. Il estime que c'est bien insuffisant pour vivre et pense que si les députés en faisaient l'expérience, ils monteraient peut-être la pension minimum à au moins 2100 €.*

*Tant qu'il existera des services d'assistance publique, cela signifiera qu'il existe des inégalités au sein de notre société. Les dépenses de la commune dans ce domaine n'en seront que d'autant plus réduites. Ali Ruckert doute de l'efficacité de la politique menée par le gouvernement.*

---

**GUY TEMPELS (CSV)** insiste sur l'importance de s'accorder le budget nécessaire pour l'aide aux nécessiteux.

*Guy Tempels est fier des accomplissements de Differdange en matière de logement social. Au nom des chrétiens sociaux, il vote en faveur de la convention.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** déplore la mauvaise direction que prend la société, tant au Luxembourg que de manière globale.

*Gary Diderich est d'avis que la commune est à la traîne. La commune, mais surtout aussi l'État, doivent se donner les moyens d'intervenir. Le problème vient de là. Il cite Thomas Piketty d'après qui « l'inégalité est idéologique et politique ».*

*À l'époque féodale, l'idéologie prétendait avoir besoin de l'église, de la noblesse et du tiers état.*

*Aujourd'hui, une idéologie différente permet aux gros investisseurs de régner en maître sur le marché du logement au Luxembourg, laissant à peine 2 % de logements sociaux, tandis que dans d'autres*

# 3b. Convention avec les services pour jeunes

pays cette part s'élève à 17 %, 20 % ou 25 %. Par conséquent, les gens sont pauvres même lorsqu'ils travaillent.

*D'après Gary Diderich, il ne s'agit pas là d'une fatalité, mais d'un problème cautionné par les partis politiques au pouvoir, auquel l'office social doit maintenant parer.*

*Gary Diderich demande également où en est l'amendement de l'allocation de solidarité.*

*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** donne la parole à monsieur Aguiar concernant la convention pour les maisons de jeunes.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** explique qu'il s'agit d'une convention entre l'ASBL Jugendreiff Differdange, la Ville de Differdange et le ministère de l'Éducation nationale de l'Enfance et de la Jeunesse s'adressant aux jeunes de 12 à 26 ans.

*Cette convention définit les prestations relatives à un concept global basé sur le cadre de référence de l'éducation non formelle. La Ville de Differdange s'engage à raison de 50 % du budget total, à savoir 301 740 € dans une première annexe et 51 616 € dans une seconde annexe pour le travail de jeunesse décentralisé.*

*Paulo Aguiar rappelle que l'ASBL Jugendreiff compte actuellement 4 maisons de jeunes et 544 membres actifs, équivalant à une augmentation de près de 100 personnes par rapport à l'année dernière.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** salue la convention conclue avec l'Éducation nationale au nom des socialistes. Celle-ci permet de réduire les coûts des quatre maisons de jeunes de moitié. Sur ces quatre sites, les jeunes sont accueillis par un personnel compétent.

*Guy Altmeisch rappelle qu'il ne faut cependant pas oublier les jeunes qui passent leur temps libre dans la rue. C'est pourquoi les socialistes maintiennent leur demande d'engager une équipe d'éducateurs de rue afin d'agir au niveau régional et communal pour prêter assistance aux jeunes sans-abris.*

Investisseuren ewechkaaft kréien hei zu Lëtzebuerg, a keen eppes mécht. Dass mer zwee bis dräi Prozent, nee mol net, zwee Prozent soziale Mietwunnensbau hunn zu Lëtzebuerg. Wou aner Länner der 17 %, 20 %, 25 % hunn. A wou eebe mécht, dass d'Leit, obwuel se schaffen, aarm sinn an net kënnen an enger Stad wunnen, wou se schaffen, zum Beispill.

Dat ass keng Fatalitéit. Dat hunn déi etabléiert politesch Parteie matvertrueden a -verantwort. Dat ass e Problem. An dat ass de Problem, dee mir dann hei ze spiere kréien an den Office social iergendwéi muss opfänken an da quasi just eng Drëps op de waarme Stee ka maachen.

D'Fro, déi ech nach wëll stellen: Wësse mer méttlerweil méi, wéi dat bei der Allocation de solidarité mat där Ëmännerung gelaf ass. A wéi mer se fir dëst Joer wäerten ausleeën? Ech soen Iech Merci.

Buergermeeschtesch Christiane Brassel-Rausch (déi gréng):

Merci, Här Diderich. Da komme mer zur Ofstëmmung.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de l'office social 2020.*

---

Merci. Deen nächste Punkt wier d'Konventioun fir d'Jugendhaiser. Dofir géif ech d'Wuert weider un den Här Aguiar ginn.

---

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng Konventioun tëschent der ASBL Jugendreiff Déifferdeng, der Stad Déifferdeng an dem Ministère de l'Éducation nationale de l'Enfance et de la Jeunesse. Eng Konventioun, déi sech u Jonker tëschent 12 a 26 Joer riicht an Aktivitéite reegelt wéi d'Services de rencontre, d'information et d'animation.

Dës Konventioun setzt Prestatiounen fest am Zesammenhang mat engem Ge-

samtkonzept, dat op e Referenzkader vun der Éducation non formelle baséiert. D'Stad Déifferdeng dréit 50 % zum Gesamtbudget bäi. Dat sinn 301.740 Euro an enger éischter Annex an 51.616 Euro an der zweeter Annex fir opsichend Jugendaarbecht.

Ech wëll rappelléieren, datt de Jugendreiff aktuell véier Haiser huet: eent zu Lasauvage, eent zu Nidderkuer, eent zu Déifferdeng an eent um Fousbann. De Jugendreiff huet momentan 544 aktiv Memberen. Dat ass eng Augmentatioun vun ongeféier 100 Leit par rapport zum leschte Joer.

Zum Schluss wëll ech de Professionalismus ervirsträichen, der Equipe éducative Merci soen an och den Engagement vun de Benevollen ënnersträichen, déi dee ganze Service betreien. Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här Altmeisch, wannechgelift.

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, d'LSAP Déifferdeng begréisst déi Konventioun mat der Éducation nationale. Dëst Ofkommes hallwéiert eis Käschtchen vun deene véier Maisons des jeunes. D'Jugendlecher treffe sech op deene véier Sitten a gi vu kompetente Leit begleet. Wat eng enorm Plus-value fir eis Jugend ass.

Net vergiessen däerfe mer déi Jugendlecher, déi de Wee net an dës Haiser fannen an hir Fräizäit op der Strooss verbréngen. Mir als LSAP halen un eiser Fuerderung fest, fir en Team vu Streetworker anzustellen. Déi mat regionaler a kommunaler Kompetenz déi doten, déi op der Strooss wunnen, ze ënnerstëtzen an hinnen ze hëllefen. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Altmeisch. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

# 3b. Convention avec les services pour jeunes

## SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, wann ech héieren, 544 aktiv Memberen a véier Jugendhaiser, fannen ech dat eng genial Zuel. Well ech weess, dass se, an de leschte Jore konstant an d'Luucht gaangen ass.

Dës gi gefouert duerch eng immens flott edukativ Ekip, wou mer zwou Assistante-socialen a mëttlerweil véier Educateurs diplômés beschäftegen. A souwäit ech weess, wäert déi Ekip nach eng Kéier vergréissert gi mat enger weiderer Persoun. Wou mer ganz frou driwwer kënnen sinn. Well d'Demande an deene Jugendhaiser net méi kleng gëtt.

Den Här Aguiar huet vun de verschidde Haiser geschwat. Et muss ee wëssen, dass net all Haus déi nämleche Vocation huet. Engersäits gräife se natierlech déi Jonker op, déi an deem Quartier wunnen a liewen. Anerersäits hu se sech als Konzept gesot, dass déi Haiser complémentaire sollen zouene schaffen.

Well wann een op all Plaz dat nämleche ubitt, da kann ee sech natierlech d'Fro stellen, wou de Sënn an Zweck ass, wa mer jo wëssen, dass déi Haiser maximal dräi Kilometer auserneelen. An dann ass dat op der Zowaasch warscheinlech am schwéiersten ze erreechen. Fir de Rescht ass alles ze Fouss machbar.

Zum Beispill dat Haus um Fousbann. Wann Der Iech dat vläicht eng Kéier ukucke gitt – gitt eng Kéier eran, et ass immens flott –, gesitt Der, dass dat e ganz anert Haus, e ganz anert Konzept ass wéi dat hei am Déifferdenger Zentrum. Wou um Fousbann vill méi op Sport achséiert gëtt, op nohaltege Entwécklung. Woubäi den Accès am Zentrum, zum Beispill, de flotte Gaart ass. Wou am Summer och ka gegrillt ginn a méi an der Rencontre geschafft gëtt, méi an der Begleitung vum Jonken zum Erwuessene ginn a sinn.

Déi edukativ Ekippen offrëieren eng ganz Rei Aktivitéiten op deene verschiddene Plazen. Vläch ze ernimmen d'Anima-Team, vun deem d'Privatleit wéi och d'Gemeng ëmmer erëm profitëieren. Ech hu se elo de Weekend ge-

sinn um Mini-Clochardsbal – ech gi mëttlerweil dann op de Mini-Clochardsbal an net méi op dee richtegen, dat kënnt warscheinlech erëm eng Kéier zréck. Dann awer och d'Mission for more, wou am sechste Schouljoer e bësse Reklamm gemaach gëtt. Oder am September, wann hei am Zentrum eng méi lass ass mat der Soapbox.

Ech gräifen dem Här Altmeisch seng Remark op vum Streetwork. D'Jugendhaus beschäftegt eng Persoun, déi Outreach Youthwork mécht. Do war e bessen en Hick, soen ech emol an der Linn, wou dat geholl huet. Déi Persoun, déi dat virdu gemaach huet, hat am Summer d'lescht Joer gekënnegt, well et eng ganz epuisant Aarbecht ass, fir Jonker opsichen ze goen.

Well bis een e positiv Resultat kritt, dauert et ganz laang. An et ass éischter selten, dass ee wierklech eppes erreecht. Dat heescht, et ass éischter eng Begleitung, ëmmer erëm opsichen. An awer d'Resultat, wat herno am Bilan erauskënnt, ass ganz laangwiereg. Déi Persoun hat du fir sech perséinlech decidéiert, dass se déi Energie net méi hätt. An dann ass et net esou einfach, eng nei Persoun ze fannen. Ech weess dat, well ech selwer an där ASBL sinn. Op d'Ausschreiw vum där Plaz hate ganzer dräi Leit sech gemellt.

Vun deenen dräi Leit war een absolutt vun den Diplomer net recevabel. Do hate mer nach zwee Leit am Astellungsgespräch. Do hate mer natierlech d'Chance, dass dat zwee gudder waren. Eng Madamm huet elo ugefaangen. Mee et brauch ee ganz laang, bis ee sech do wierklech erageschafft huet a bis een einfach un ass.

Wann ee vu Streetwork schwätzt, dann ass dat nach eng Kéier eppes anescht, wéi wann ee just vu Youthwork oder Outreach-Youthwork schwätzt. Well Streetwork – op der Strooss sinn och aner Leit wéi just Jonker. Also do muss ee ganz kloer d'Differenz maachen: Wëlle mer déi Jonk opsichen? Oder wëlle mer och déi méi stänneg Leit opsichen? Dat just emol als Denkoustouss.

Ech wëll um Schluss am perséinlechen Numm an och am Numm vun deene Gréngen der edukativer Ekip Merci soe fir hiren Asaz am Alldag. Se bréngen eng super Leeschtung an encadréieren

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** se réjouit du superbe chiffre de 544 membres actifs. Ces maisons sont gérées par une chouette équipe éducative composée de deux assistantes sociales et de quatre éducateurs diplômés, et qui accueillera bientôt une personne supplémentaire.

Laura Pregno tient à rappeler que les quatre maisons n'ont pas la même vocation. D'un côté, elles s'adressent aux jeunes vivant dans les quartiers respectifs, d'un autre côté elles fonctionnent de manière complémentaire. Il est logique de ne pas proposer les mêmes activités partout dans la mesure où les maisons se trouvent à une distance maximale de trois kilomètres les unes des autres.

La maison de jeunes du Fousbann présente par exemple un concept totalement différent de celui de la maison au centre de Differdange. Tandis que la première axe plutôt son activité sur le sport et le développement durable, le point fort de la seconde est le jardin, qui permet de faire des barbecues en été.

Les équipes éducatives offrent toutes une série d'activités sur les différents sites. Laura Pregno cite l'équipe Anima, dont tous les Differdangeois profitent régulièrement et qu'elle a eu le plaisir de voir le weekend au « Mini-Clochardsbal ». Laura Pregno revient sur les propos de monsieur Altmeisch concernant l'éducation de rue en précisant que la maison de jeunes emploie une personne faisant de l'« outreach youthwork ». La personne qui occupait ce poste précédemment a démissionné l'été dernier. Il s'agit d'un travail de longue haleine. Il n'a pas été évident de trouver un remplaçant. La dame qui a repris le poste aura besoin d'un certain temps pour prendre ses marques.

Laura Pregno explique que l'éducation de rue est différente du « youthwork » ou « outreach youthwork », car il s'adresse à tous les sans-abris et pas seulement aux jeunes.

Pour finir, elle remercie l'équipe éducative pour son engagement au quotidien. Laura Pregno remercie également l'ASBL pour son travail



bénévole. Les écologistes votent en faveur de la convention.

**JERRY HARTUNG (CSV)** approuve ce qui a été dit au nom des chrétiens sociaux.

Il rejoint madame Pregno sur ses explications concernant l'offre et la façon de travailler des quatre maisons des jeunes. Il a lui-même constaté une très bonne ambiance, tant au sein de jeunes que du personnel. Jerry Hartung salue les efforts fournis et félicite toute l'équipe, car l'association touche de nombreux jeunes.

Il salue aussi le travail de l'équipe Anima, dont la formation se verra intensifiée.

Les chrétiens sociaux sont également en faveur d'un éducateur de rue, mais ils savent qu'il est difficile de trouver les bonnes personnes. Un tel projet requiert une bonne planification. Il ne suffit pas d'engager quelqu'un ayant un diplôme, la personne doit être faite pour ce travail. Jerry Hartung est d'accord avec madame Pregno sur le fait que l'éducation de rue ne s'adresse pas seulement aux jeunes, mais aux sans-abris de tout âge.

Les chrétiens sociaux votent en faveur de la convention.

(Vote)

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** introduit le point suivant concernant le contrat de bail au lieu-dit «Lauterbann» à Niederkorn. Comme le plan l'indique, il s'agit d'un bout de parking, situé à proximité du futur nouveau CID, que la commune a racheté en 2016 et qu'elle veut maintenant relouer à l'ancien propriétaire pour 6000 € par an sur 6 ans.

**TOM ULVELING (CSV)** tient juste à préciser que le CID a été planifié de manière à ne pas solliciter ce bout de terrain. La commune a donc proposé au Garage Collé de continuer à le louer et a établi ce contrat. La commune se réserve cependant le droit de le réclamer, si elle venait à en avoir besoin dans les prochaines décennies.

**ERNY MULLER (LSAP)** salue ce projet au nom des socialistes et est ravi de pouvoir relouer ces 21 a tout en

re vill Jonker immens gutt. Och der ASBL e grouse Merci, déi do benevole Aarbecht drastiechen. An hirem President, dee schonn zënter Joren do ganz vill Asaz weist an dat och weiderhi mécht, e grouse Merci. Mir stëmmen dat natierlech mat, als Gréng.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, am Numm vun der CSV Déifferdeng kënnen mer eis de Wieder just uschlëssen. Et ass eng gutt Konventioun, wou d'Onkäschte vum Personal hallef-hallef tëschent dem Staat an der Gemeng Déifferdeng opgedeelt ginn.

Et gëtt véier Jugendhaiser. D'Fro, wat do offréiert gëtt, huet d'Madamm Pregno elo ganz flott hei erkläert. Datt déi véier Haiser komplementär zouenee schaffen. Ech hat e puermol d'Geleeënheet, mer déi verschidden Aktivitéiten an d'Jugendhaiser ukucken ze goen. Ech muss soen, et ass wierklech eng ganz gutt Ambiance, souwuel bei deene Jonke wéi beim Personal. Do gëtt wierklech eng gutt Aarbecht geleescht. An do kann ee jiddwerengem just ee grouse Luef ausschwätzen. Et gi ganz vill Jonker erreecht.

D'Anima-Team gouf ugeschwat. Dat ass och flott. Ech mengen, déi kréie jo och eng Formatioun. Ab dësem Joer, wann ech richteg informéiert sinn, soll déi Formatioun och nach méi intensiv ginn.

Streetworker. D'CSV Déifferdeng steet natierlech ganz kloer fir e Streetworker. Mee et ass effektiv net einfach, fir déi richteg Leit do ze fannen. Ech denken, wann een esou eppes opbaut, da muss dat wierklech gutt geplangt sinn. Mer kënnen net einfach iergendeen, deen en Diplom huet, do drop setzen. Mee dee muss wierklech fir déi Aarbecht gemaach sinn. Well et ass eng schwéier Aarbecht. A wéi d'Madamm Pregno och scho gesot huet, et sinn net onbe-

déngt just Jonker, mee vun all Alter, wann ee vu Streetwork schwätzt.

D'CSV Déifferdeng ënnerstëtzt dës Konventioun. Mir stëmmen natierlech mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention des services pour jeunes 2020.*

Villmools Merci. Deen nächste Punkt ass e Contrat de bail au lieu-dit „Lauterbann“ zu Nidderkuer. Wéi Der um Plang gesitt, handelt et sech ëm e Stéck Parking, deen d'Gemeng 2016 ofkaf huet an elo dem Propriétaire erëm verlount fir 6.000 Euro d'Joer op sechs Joer.

Et ass den Terrain nieft deem, wou eisen neie CID hikënnt. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt just ergänzend soen, dass mer eise CID esou geplangt hunn, dass mer deen Terrain am Moment net brauchen. Dofir si mer op de Wee gaangen, hu mam Collé geschwat, dass deen dat nach kéint benotzen. Mee et ass awer kloer festgehalten – dat wëll ech soen –, wa mir den Terrain eng Kéier géife brauchen an deenen nächste Joerzëngen, dass mir deen dann natierlech wäerten erëmfroen. Mee, vu dass mer en elo net brauche bei eiser Planung, hu mer dee Kontrakt elo ausgehandelt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

## ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, eise Schäfferot, Dir Dammen an Dir Hären do hannen an der zweeter Rei, mir begréissen dat als LSAP. Ech war oft mam Här Ulveling a mat der Garage Collé zesummen, fir déi Terrainen do ze erwerben, wou mer elo de CID hi maachen. Ech muss soen, do hate mer eng ganz gutt Entente. D'Garage Collé ass net schlecht ewechkomm. Wéi een haut gesäit, konnte si sech op där anerer Säit vergréisseren. Wat awer och am Interêt vun där ganzer Zon ass. Ech mengen, dat muss een awer och unerkennen.

Ech si frou, dass mer hinnen e klengen Deel, dat ass jo net ganz vill, dat sinn nëmmen 21 Ar, zrëckginn, fir dovun kënnen ze profitéieren, am Kader vun enger Locatioun. Soudass mer, wéi Der sot, ëmmer erëm kënnen drop zrëckgräifen, wann et néideg wär. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec le garage Collé concernant une parcelle au lieudit «Lauterbann» à Niederkorn.*

Villmools Merci. Dir Dammen an Dir Hären, am nächste Punkt geet et ëm dräi Bailen am 1535°. Deen éischten ass Doghouse, Production et distribution audiovisuelle, dat heescht Film. Déi hu sech vergréissert. Déi kréien en Espace vun 63 m<sup>2</sup> am Bâtiment C bäi.

Deen zweeten ass Konektis Music, déi kréien en Espace vun 43 m<sup>2</sup> am Bâtiment A bäi. Do geet et ëm jonk, entre guillemets, Entrepreneuren, déi probéieren, eng national Museksagence hei am Land ze maachen, also si wëlle sech am Ufank mol méi op Lëtzebuerg fokusséieren.

Deen drëtte Kontrakt schreift sech an déi nammlechte Iddi an. Do geet et ëm 46 m<sup>2</sup> am Bâtiment A. Dat ass eng Agence de casting, déi sech lues a lues wëll etabléieren vläicht als Agence fir Kënschtler. Vun 1995 bis elo, muss ee wierklech begréissen, hu mer riseg Fortschrëttler gemaach am Beräich Kultur, wat d'Professionaliséierung ugeet. An alle Sparte vu Beruffer, sief et déi technesch Beruffer, sief et déi artistesch Beruffer.

Mee et feelt eis awer nach ëmmer esou e klengt Stéck. Zum Beispill ginn auslännesch Kënschtler duerch Agencë promouviéiert a vertrueden. Eng Agence huet ëmmer méi e Poids, wéi wann Der selwer musst Är Gage oder Äre Cachet aushandelen. Dofir denken ech, dass dëst wierklech e Schrëtt an déi richteg Richtung ass. An déi och wierklech an de 1535° passen.

Här Muller, wannechgelift

## ERNY MULLER (LSAP):

Den Avis vum Comité de sélection läit vir. Deen ass ganz positiv. Mir hunn eng Fro zum 1535° selwer. Madamm Buergermeeschtesch, virun enger Zäit hate mer jo gesot, mir géifen eis eng Kéier treffen mat der Directrice, als Gemengrot, fir de Bilan ze maache vum 1535° an och d'Previsiounen, wéi et virugeet. Ech wollt Iech froen, ob mer an nächste Zäit kéinten en Datum fixéieren. Well mer eis e bësse Suerge maachen a fir opzeklären. Mir wëllen héieren, wéi et mam Sonotron virugeet, zum Beispill. Dat ass ee vun de Punkten, déi eis interesséieren. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Also mir hate jo u sech, well mer eis am Rhythmus vu sechs Méint – mir kucke wierklech allerspéitstens virum Summer. Ech denken, dass mer dat och éischter hikréien.

Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da komme mer zum Vott.

*ayant la possibilité de les récupérer, le cas échéant. Il explique avoir collaboré activement avec monsieur Ulveling et le Garage Collé pour l'acquisition des terrains sur lesquels sera construit le CID. Ils sont vite tombés d'accord. Le Garage Collé a pu s'agrandir, ce qui est finalement dans l'intérêt de toute la zone.*

(Vote)

## CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

*passé au point suivant où il s'agit de trois contrats de bail au 1535° Creative Hub. La société Doghouse s'est agrandie et bénéficiera d'un espace supplémentaire de 63 m<sup>2</sup> dans le bâtiment C.*

*Ensuite, Konektis Music se voit attribuer un espace supplémentaire de 43 m<sup>2</sup> dans le bâtiment A. Il s'agit de «jeunes» entrepreneurs qui essayent de monter une agence de musique nationale axée, dans un premier temps, sur le Luxembourg. Le troisième contrat porte sur 46 m<sup>2</sup> dans le bâtiment A qui abriteront une agence de casting souhaitant s'établir progressivement en tant qu'agence artistique.*

*Christiane Brassel-Rausch salue le fait que depuis 1995, d'énormes progrès ont été réalisés dans le domaine culturel en matière de professionnalisation de tous les métiers. D'après elle, ceci s'inscrit tout à fait dans l'optique du 1535°. En effet, les artistes étrangers se font par exemple promouvoir et représenter par des agences, qui ont souvent plus de poids lors des négociations de gages ou de cachets que l'artiste lui-même.*

**ERNY MULLER (LSAP)** annonce que l'avis du comité de sélection est très positif. Les socialistes ont cependant une question par rapport au 1535° en soi. En effet, le conseil communal avait prévu de rencontrer la directrice afin de faire le bilan du 1535° et d'établir les prévisions. Erny Muller demande s'il est possible de fixer une date prochainement. Les socialistes souhaiteraient avoir plus de précisions quant au Sonotron notamment.

## CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

*répond qu'une entrevue était prévue tous les six mois et qu'elle aura*

*donc lieu au plus tard avant l'été, peut-être même avant.*

*(Vote)*

*Elle passe au point suivant qui concerne la vente du terrain à la société Gravity SA. Le prix s'élève à huit-millions d'euros. Un acompte de 800 000 € avait déjà été versé. La commune touchera donc encore la somme de 7 200 000 €.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** explique qu'il s'agit de la suite de l'acte prévu pour ce terrain à l'origine. À l'époque, la majorité du conseil avait voté en faveur de la vente du terrain au moyen d'un appel d'offres.

*Il n'avait pas soutenu cette vente et ne la soutient pas aujourd'hui non plus. Malgré la modification des termes qui prévoit un rachat des logements par la commune, il estime que cette opération n'a fait qu'enrichir le promoteur.*

*Gary Diderich aurait préféré que la commune exploite elle-même ce projet. Il est d'avis que, sur le plan national, tout le monde s'accorde à dire que les communes ne devraient plus céder de terrains.*

*Il votera donc contre cet acte. Gary Diderich précise qu'il soutiendra évidemment le rachat des logements. Il rappelle qu'à l'époque, il avait salué la fixation des prix, même si, d'après lui, la commune aurait eu plus de contrôle en les fixant elle-même.*

**ERNY MULLER (LSAP)** prend position au nom des socialistes concernant la vente à la société Gravity SA d'un terrain de 83,31 a situé rue Émile-Mark. Cette société est le successeur de l'ancienne société BPI Real Estate, ayant remporté l'appel d'offres architectes-investisseurs du projet « Tower en ville ». Les socialistes ont quelques remarques à faire concernant l'acte et la convention, plus précisément l'avenant au compromis de vente du 19 juillet 2017.

*Il cite que dans l'acte de vente, « la partie acquéreuse déclare être en possession d'une autorisation à bâtir n° 25814 du 20 décembre 2019, respectant toutes les conditions du plan d'aménagement particulier "Entrée en ville — Tower", adopté par le conseil communal du 6 juin*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail au 1535° Creative Hub.*

---

Am nächste Punkt 3e geet et ëm eise Projet Gravity, wou mir der Sociéité den Terrain elo verkafen, fir d'Aarbechten unzefänken. Do geet et ëm e Betrag vun aacht Milliounen Euro. 800.000 Euro ware schonn am Ufank ubezuegt ginn. Dat heescht, fir den Terrain, dee mir der Immobilière, also dem Promoteur verkafen, kréie mir dann nach 7.200.000 Euro.

Här Diderich, wannechgelift.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci. Dat hei ass nach den Akt vum urspréngleche Plang, wat mat deem Terrain virgesi war. D'Weiderfeierung dovun. Dat heescht, deemools war d'Decisioun vun der Majoritéit hei am Gemengerot ze soen, mir verkafen deem Terrain an da maache mer e Concours. Also mam Concours decidéiere mer och, wien den Terrain keeft a wat dann do gemaach gëtt.

Ech hat dat deemools net ënnerstëtzt, dass mir den Terrain aus der Hand ginn. An ech wäert dat eeben och haut net ënnerstëtzen. Och wann d'Tournure elo esou komm ass, dass d'Logementer vun eis da wäerten erëm zréckkaf ginn. Ech sinn der Meinung, dass bei där ganzer Operatioun de Promoteur bestëmmt kee Verloscht gemaach huet, mee éischter eng Marge gemaach huet.

Wou ech d'Préferenz gehat hätt, dass déi Demarche eeben net gemaach gëtt, an dass mir dat selwer exploitéieren an den Architektbüro domadder beoptragen, dee Projet duerchzeféieren. Ech mengen, national ass jidderee sech eens mëttlerweil, dass d'Gemeenge keng Terraine méi sollen aus der Hand ginn. Deemools hate mer dat nach hei gemaach.

Dofir kann ech dat dann elo haut net mat engem Vott ënnerstëtzen, wann ech dat vum Ufank un net optimal fonnt hunn. Natierlech, wann dat bis gemaach ass, dann ënnerstëtzen ech de

Fakt, dass mer dat kafen. Ech hat jo och deemools begréisst, dass déi Präisser op d'mannst festgesat gi sinn. Mee mir hätten awer nach méi Kontroll iwwert d'Präisser gehat, wa mer dat selwer gemaach hätten. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Här Muller, wannechgelift.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter, fir d'Wuert. Am Numm vun der LSAP huelen ech zu dësem Akt Stellung. Et handelt sech ëm d'Vente vun engem Terrain vun 83,31 Ar, geleeën un d'Rue Emile Mark, de sougenannten Dräieck, deem engersäits un den Opkorn an op där anerer Säit un de Science Center grenzt. Un eng Gesellschaft, déi Gravity S.A. heescht.

Dës Gesellschaft ass Successeur vun där fréierer Gesellschaft BPI Real Estate, déi den Architekten-Investoren-Wettbewerb vum Projet Tower en ville gewonnen hat a mat där d'Stad Déifferdeng schonn e Compromis ënnerschriwwen huet. De Prix de vente ass aacht Milliounen Euro. Do si schonn, am Kader vun der BPI Real Estate, 800.000 Euro als Akkont un d'Gemeng Déifferdeng gefloss.

Mir hätten heizou follgend Bemierkungen. Ech wéilt et an zwee Kapitelen andeelen. An der éischter Interventioun ginn ech op den Akt an. An an där zweeter op déi Konventioun. Do ass jo eng Modifikatioun oder en Zousaz zu der Konventioun gemaach ginn als Avenant au compromis de vente vum 19.7.2017.

Ech fänken dann u mam Acte de vente. Do ass Follgendes vermierkt, ech zitieren: „La partie acquéreuse déclare être en possession d'une autorisation à bâtir n° 25814 du 20 décembre 2019, respectant toutes les conditions du plan d'aménagement particulier „Entrée en ville – Tower“, adopté par le conseil communal du 6 juin 2018“. Aus dësem PAP geet kloer ervir, wéi de Projet ausgesäit, ze exekutéieren ass a wat fir eng



# 3e. Projet Gravity

Mixitéit respektiv Gebaier a Funktiounen am Projet virgesi sinn.

Leider hunn ech bei menge Recherche betreffend déi vun der Madamm Buergermeeschtesch ausgestallte Baugeneemegung vum 20.12.2019 misste feststellen, dass d'Wunnengen, déi am PAP als „Logement pour seniors“ beschriewe sinn an am Kader vum Projet exklusiv an der Partie B, dat heescht dem zweeten eppes méi niddregem Gebai vun deenen zwee uneneenhaftenden Tiern virgesi waren, sech elo net méi do befannen, mee an där anerer Partie. Am Deel A vum Tower sinn elo am Fong déi Wunnenge mat de Stäck virgesinn.

Kënnt Dir, Madamm Buergermeeschter, mer vläicht erklären, firwat d'Virgab an de PAP respektiv och de Compromis de vente vum 19.7.2017, wou dat och ganz genee beschriwwen ass, hei net respektéiert goufen?

D'Unzuel vun de Logements seniors – ech hat et scho gesot, am Ganze 26, mat zwee Schlofzëmmeren, well dat ass hei dee minimale Logement –, déi do virgesi sinn, befanne sech also elo op där anerer Säit a leien op engem Stack, zesumme mat nach anere Wunnengen, wou och ee vun zwee Schlofzëmmeren an ee mat véier Schlofzëmmeren ass.

An an deem B sinn awer elo nëmme méi Wunnenge mat dräi Schlofzëmmeren, dat heescht, déi am Fong net fir d'Seniorer virgesi sinn, sinn dann do ubruecht op alle Stäck. Op der Zuel vu 26. D'Gesamtopdeelung bleift awer trotzdem déi selwecht a mer kommen am Total op 80. An och vun deene verschiddene Kategorien, zwee, dräi a véier Zëmmeren, dat ass alles bliwwen.

Dat eenzegt, wou mer wëllen drop hiweisen, wou mer drop halen, well dat jo Bestanddeel vum Concours war, ass, dass déi Seniorewunnenge sollen awer dohikommen. Och wa se op enger anerer Plaz sinn. Dat ass jo vläicht och interessant fir d'Mixitéit. Mee et gesäit esou aus, et geet guer net méi rieds vun deene Wunnengen. Duerfir wollte mer do d'Gewëssheet hunn, dass dat awer nach ëmmer esou virgesinn ass.

Dann eng aner Saach. Et war ee Moment hei gesot ginn, dass eventuell versicht gëtt, e Gemeinschaftsraum ze

amenagéieren an där Residenz. Do wollt ech Iech just soen, da wär et vläicht interessant, wann d'Gemeng do géif um zweete Stack, wou jo elo keng Wunnenge sinn, vläicht esou e Raum op d'mannst reservéieren, fir dee Wee do opzemaachen.

Da kéim ech zum Punkt zwee, dem Avenant zum Compromis de vente vum 19.7.2017. An deem Avenant, dee scho vum Schäfferot ënnerschriwwen ass, steet dran, dass d'Stad Déifferdeng d'Gesellschaft Gravity S.A. autoriséiert, wéi et am Text heescht, an ech zitieren: „La Ville de Differdange autorise expressément la société Gravity S.A. à débiter les travaux de mise en place du chantier, de blindage, d'excavation et même de construction dès à présent“. Heizou sief ze bemerken, dass op dem ënnerschriwwenen Dokument, dat eis virläit, keen Datum drop ass. Soudass ech unhuelen, dass dat ab dem Vott vun haut ass.

Wéi mer eis alleguer kënne virstellen, huet awer esou een enorme Chantier, dee bis zu dräi Joer dauert, en extreemen Impakt op d'Anrainer. An an deem spezielle Fall, dem Luxembourg Science Center, mat deem Deel vun där neier Strooss John Dolibois, déi zum Science Center an och zum Lycée international féiert.

Wéi eis zu Ouere komm ass, soll dës Strooss gespaart ginn, an den Hauptverkier vum ganze Chantier heiriwwer lafen. Nieft zwou enorme Pompelen, déi direkt en face vum Science Center sollen opgeriicht ginn. A beim Betonéieren – an dat ass ëmmerhin ee Joer, géif ech soen, bis déi ganz Zon do fäerdeg ass – vu mueres bis owes een enorme Kaméidi maachen. Soudass den normale Fonctionnement vum Science Center bannen am Gebai net méi méiglech ass.

Awer och ausserhalb vum Gebai vum Science Center muss ee sech Suerge maachen iwwert d'Sécherheet vun de Visiteuren, ëmmerhin de Moment 200 bis 300 den Dag. An dat siwen Deeg op siwen.

Wéi mer wëssen, mécht d'Direktioun vum Science Center sech reell Gedanken, ob mat där aktueller Chantiersorganisatioun de Science Center net impaktéiert ass a riskéiert, à court terme, seng Diere missen ze schléissen.

2018». Ce PAP définit clairement le cadre du projet, la façon dont il doit être exécuté.

Lors de ses recherches concernant ladite autorisation à bâtir, Erny Muller a été forcé de constater que les logements pour seniors du PAP se trouveraient maintenant dans la partie A du Tower. Erny Muller demande à madame la bourgmestre des explications quant au non-respect des consignes du PAP. Les 26 logements seniors, des deux chambres, se trouvent maintenant dans l'autre bâtiment sur un étage avec d'autres logements.

Le bâtiment B ne compte plus que des trois chambres qui ne conviennent pas pour les seniors. La répartition globale reste cependant la même. Il y aura au total 80 logements avec deux, trois ou quatre chambres.

Les socialistes tiennent à ce que les logements pour seniors soient construits à l'endroit prévu. Cela favoriserait d'ailleurs la mixité.

Erny Muller propose à la commune de réserver un local au deuxième étage pour l'éventuel aménagement d'une salle commune.

Erny Muller passe ensuite à l'avenant au compromis de vente du 19 juillet 2017 signé par le collège échevinal. Celui-ci stipule que, et il cite: « La Ville de Differdange autorise expressément la société Gravity S.A. à commencer les travaux de mise en place du chantier, de blindage, d'excavation et même de construction dès à présent ». Il fait remarquer que le document signé n'est pas daté.

D'après lui, un aussi gros chantier pouvant durer jusqu'à trois ans a un impact énorme sur ses voisins, en l'occurrence le Luxembourg Science Center Lycée international. La rue John-Dolibois sera apparemment fermée et réservée à la circulation du chantier. Deux énormes pompes à béton seront installées juste en face du Science Center, ce qui occasionnera énormément de bruit du matin au soir, empêchant ainsi le fonctionnement normal du centre et mettant en cause la sécurité des visiteurs. La direction du Science Center craint qu'avec une telle organisation de chantier, le centre soit, à court terme, obligé de fermer ses portes.

## 3e. Projet Gravity

*Erny Muller somme madame la bourgmestre et le collègue échevinal d'organiser une rencontre au plus vite avec la direction du Science Center, la société de construction concernée et le promoteur. Il est convaincu qu'avec un peu de bonne volonté, il est possible de trouver une solution. Chaque société de construction essaye d'organiser son chantier au mieux dans son intérêt, mais il faut tenir compte des alen-tours.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** rappelle que la réservation de 80 appartements dans le cadre du projet Gravity avait déjà été approuvée en septembre. François Meisch explique qu'il aurait préféré que le terrain reste aux mains de la commune.

*Ce chantier énorme requiert beaucoup de patience de la part de tous les acteurs concernés. Le voisin direct, le Luxembourg Science Center poursuit sa « success-story ». 2019 affiche une hausse de 30 % de visiteurs par rapport à l'année précédente. Cette tendance se poursuit en 2020.*

*À long terme, le Science Center peut devenir une véritable plus-value pour la ville. En particulier, en vue d'une expansion massive si le projet d'un centre plus grand au sein de la monumentale centrale à gaz avec la « Groussgasmachinn » intégrée voit le jour.*

*Selon François Meisch, l'installation du chantier du projet Gravity devrait être faite de manière à réduire au minimum les nuisances. La route devant le Science Center doit rester accessible, non seulement pour les bus, mais aussi pour les urgences. Il conseille également d'éviter l'installation de pompes à béton devant l'entrée principale du Science Center.*

*Les démocrates voteront seulement en faveur de l'acte si l'installation du chantier peut être modifiée de manière à la rendre acceptable. Ils proposent de voter l'acte et l'avenant séparément.*

**ALI RUCKERT (KPL)** rappelle qu'il a déjà exprimé à plusieurs reprises que la vente de terrains à des sociétés privées était une erreur.

Ech wëll dofir e vehementen Opruff un Iech, Madamm Buergermeeschtesch, an de ganze Schäfferot maachen, fir Iech esou schnell wéi méiglech mat de Responsabele vum Science Center, där concernéierter Baufirma an dem Bauhär zesummenzesetzen, fir eng zefriddestellend Léisung ze fannen. Mir sollen dat hei net eleng den Techniker iwwerloossen. An dësem Fall sinn d'Politiker iwwerfuert – net iwwerfuert, mee gefuert.

(Gelaachs)

Entschëllegt dee kleng Lapsus. Mee heiandsdo hunn ech e bëssen d'Impressioun. Mee ech sinn awer iwwerzeegt, dass ee mat guddem Wëllen an e bëssen Awierken och do eng Léisung fënnt. Ech mengen, jiddwereen, all Baufirma versicht, hire Chantier optimal fir sech selwer ze organisieren. Mee et muss och Récksiicht op dat geholl ginn, wat ronderëm geschitt.

Ech hoffen do ganz staark op Äert Verständnis. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Meisch, wannechgelift.

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, am September 2019 hu mer hei schonn der Reservatioun vun 80 Appartementer am Kader vum Projekt Gravity zougestëmmt. Hei dann elo déi nächst Etapp an dësem Kontext. Ech perséinlech hätt et léiwer gesinn, wann den Terrain an eisen Hänn bliwwe wär a mer selwer aktiv gi wären. Kann awer och elo heimadder liewen.

Mir all wëssen, dass dat fir eis Stad e risegrousse Chantier gëtt, wou all concernéiert Acteure mussen eng länger Zäit op d'Zänn bäissen. D'Erfollegsgeschicht vum direkten Noper, dem Luxembourg Science Center, geet weider. 2019 koumen 30 % méi Visiteure wéi dat Joer virdrun. An den Trend fir 2020 weist nach eemol ee Plus vun zousätzlechen 30 %.

De Science Center kann iwwer Joren zu engem Zuchpäerd fir eis Stad ginn. Virun allem am Hibleck op ee konsequenzen a massiven Ausbau, wann d'Visioun vun engem méi grouss Science Center an der monumentaler Gasentral mat der integréierter Groussgasmachinn kéint Realitéit ginn. Wat dat kéint fir eng Plus-value fir eis Stad ginn, kann een am Ausland gesinn.

Dofir muss derfir gesuert ginn, dass d'Installation du chantier vun dësem Projekt Gravity esou gestalt gëtt, dass d'Nuisancë fir de Science Center op e Minimum reduzéiert kënne ginn. Virun allem, wat d'Accessibilitéit an de Kaméidi ugeet. D'Strooss virum Science Center muss accessibel bleiwen. Ass jo och Gemengenterrain. Net nëmme fir déi zuelräich Busser, mee och aus Sécherheetsgrënn fir Noutfäll. Och eng Installatioun vun enger oder méi Bëtongspompelen direkt virun der Haaptentree vum Science Center sollt vermeit ginn.

Fir de Luxembourg Science Center ass déi envisagéiert Installation du chantier net glécklech. Fir dat emol e bësse méi frëndlech auszedrécke wéi si selwer an hirem Bréif.

Wann Der eis verséichert, dass déi envisagéiert Installation du chantier an eng akzeptabel Richtung fir all Acteure kann ëmgeännert ginn, da stëmme mer den Akt mat. Anerefalls misste mer eis enthalten. An an deem Fall géif ech proposieren, den Akt separat zum Avenant ofzestëmme. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Ruckert, wannechgelift.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, mer kréien hei elo den Akt virgeluecht, wou mer deen Terrain definitiv un déi Gesellschaft verkafen. Ech wëll drun erënneren, dass ech als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei an der Vergaangenheet net nëmme eemol, mee schonn e puermol drop higewisen hunn, dass et e Feeler ass, wann d'Gemeng esou Terrainen,

déi och nach grad praktesch am Zentrum vun eiser Stad leien, u Privatgesellschaften verkeeft.

Dee Feeler ass gemaach ginn. Ech mengen awer, dass an der Tëschenzäit aus deem Feeler geléiert ginn ass, an dass dat sech vläicht an Zukunft net méi esou reproduzéiert, wéi dat an der Vergaangenheet op verschiddene Plaze gefouert ginn ass. Hei kënn nach dobäi, dass d’Gemeng sech engagéiert, fir do 80 Wunnengen ze reservéieren, wat jo ganz wichteg ass fir eis Stad. Dofir géif ech an deem Fall hei trotzdem derfir stëmmen, dass deen Terrain dann elo definitiv un déi Gesellschaft verkaf gëtt. Dass dee Projet kann ugefaange ginn.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmoos Merci, Här Ruckert. D’Fro ass zwar u mech gestallt ginn, Här Muller, mee den Här Liesch äntwert Iech op den éischten Deel vun der Fro an den Här Ulveling op deen zweeten Deel.

---

## **SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d’Wuert. Den Här Muller kennt den Dossier wierklech ganz gutt. Et ass esou, dass déi Seniorewunnengen, wéi Der och richteg gesot hutt, gebaut ginn. Se sinn effektiv net méi an deem selwechten Tower. Et war an der Partie écrite eigentlech och ni beschriwwen, dass se an deem Tower wäeren. Si ware just op enger Coupe eng Kéier agezeechent, dass se do kéinten oder sollte sinn.

Wichteg ass, dass déi Seniorewunnengen gemaach ginn. Wann een d’Opdeelung vun den Toweren kuckt, dann ass, wéi Dir och richteg gesot hutt, am Block B am Fong erauskomm, dass d’Opdeelung ideal ass fir Wunnengen mat dräi Kummeren ze maachen. Wat dann natierlech net méi onbedéngt ideal ass fir Senioren.

Duerfir war d’Iwwerleeung komm, ob een déi dann net sollt an deen aneren Tower eriwuerhuelen, wou d’Angebot besser wär. Dat war de Grond. Mee ech mengen, de Fazit, wat Dir och richteg gesot hutt, ass jo deen, dass déi Seniorewunnengen, dass déi Mixitéit, déi mer

an deem ganze Komplex wëllen hunn, garantéiert ass. Dass déi realiséiert gëtt an dass mer déi 26 Seniorewunnengen och maachen. Dat ass, mengen ech, dat Allerwichtigst.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ulveling, wannech gelift.

---

## **SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dir Dammen, Dir Hären, Madamm Buergermeeschter, ech äntweren net dem Här Muller, ech äntweren och net dem Här Meisch, ech äntweren direkt dem Här Didier, well ech hu gesinn, wou dat do hier kënn. Ech krut dee Bréif och. An ech sinn immens enttäuscht. Och vum Här Didier, muss ech an deem Fall do soen.

Well net méi spéit wéi virun zéng Deeg war ech perséinlech beim Här Didier. Den Här Didier huet mir seng Problemer erkläert. Ech hunn him direkt gesot, mir kucken duerno. Ech hunn och eis Leit do ënnen am CID ugewisen ze kucken. Ech hu selwer der Firma ugeruff, well den Här Didier an engem éischte Bréif behaupt huet, et wäeren 120 Dezibel, déi déi Pompel do géif maachen, en continue. Ech hunn der Firma ugeruff, an den Ingenieur huet gesot, e géif dat nokucken, mee dat géif him awer e bësse vill erschéngen, 120 Dezibel fir esou eng Maschinn.

An elo an dësem Bréif schreift den Här Didier da vun 200 Dezibel. Ech mengen – den Här Mangen misst dat besser wëssen –, dat ass bal, wéi wann e Militärjet fortfiert, en continue. Ech mengen, mir sollten awer elo emol hei d’Féiss um Buedem behalen.

Ech wëll dat heiten och soen: Dir wësst alleguerten, dass ech wierklech e fervente Supporter si vun dësem Science Center. Ech mengen, den Här Didier huet bis elo awer alles kritt, wat e gewollt huet. Net nëmmen, dass en elo de COSP nach kritt. Net nëmmen, dass mer him nach déi Plaz virun dem Science Center ginn hunn, fir seng Container opzeriichten, fir seng Beruffer virzustellen. Wa mer dat net gemaach hätten, hätte mer natierlech och nach eng

*Entretemps, la commune a appris de ses erreurs. Étant donné qu’elle s’est engagée pour la réservation de 80 appartements, les communistes voteront en faveur de cette vente, afin que le projet puisse enfin débiter.*

---

## **GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)**

*constate que monsieur Muller connaît très bien le dossier. Les logements pour seniors se trouvent effectivement dans l’autre tour, bien que la partie écrite ne prévoyait pas leur emplacement définitif. Ces logements avaient juste été dessinés dans une coupe pour indiquer où ils pouvaient éventuellement se trouver.*

*Ces logements pour seniors seront bel et bien construits. Il s’est avéré que le bâtiment B se prêtait parfaitement à la construction d’appartements trois chambres, ce qui du coup ne correspond plus forcément aux besoins des seniors.*

*On a donc décidé de déplacer les 26 logements pour seniors dans l’autre tour. L’important c’est que ceux-ci vont permettre de garantir la mixité voulue.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *ne répond ni à monsieur Muller, ni à monsieur Meisch, mais directement à la lettre de monsieur Didier. Il déclare être très déçu, notamment de la part de monsieur Didier.*

*Pas plus tard qu’il y a dix jours, il a personnellement assuré à monsieur Didier qu’il s’occuperait de régler la situation. Il en a avisé les gens du CID et appelé lui-même la société concernée, étant donné que dans sa première lettre, monsieur Didier s’était plaint que la pompe faisait un bruit de 120 décibels « en continue ». L’ingénieur lui avait assuré qu’il vérifierait, mais que 120 décibels lui paraissaient énormes pour une telle machine.*

*Dans sa seconde lettre, monsieur Didier parle de 200 décibels. Ceci lui paraît plutôt exagéré, car cela équivaldrait au décollage d’un jet militaire « en continue ».*

*Tom Ulveling rappelle qu’il est vraiment un fervent supporter de ce Science Center. Monsieur Didier a toujours reçu tout ce qu’il demandait jusqu’à présent. Qu’il s’agisse du COSP ou de la place devant le*



# 3e. Projet Gravity

Science Center pour y installer ses conteneurs pour la présentation des métiers. Cette place aurait très bien pu servir à l'installation du chantier.

*La commune s'est chargée de vérifier l'installation de chantier. L'accès ne peut se faire que par la rue Dolibois, et non par la rue du Gaz, comme affirmé par monsieur Didier. L'accès par l'autre côté, côté Auchan, impliquerait une sortie de camions pratiquement à hauteur du carrefour, ce qui rendrait la circulation compliquée. S'il n'est pas possible de trouver une solution, monsieur Didier sera forcé de l'accepter.*

*De plus, il rappelle que monsieur Didier a construit son Science Center à cet endroit en connaissance de cause. La commune lui a même accordé de nouvelles places de stationnement pour remplacer le parking devant être supprimé.*

*Tom Ulveling est déçu de cette lettre de monsieur Didier, dans la mesure où dès le départ, ils se sont montrés prêts à trouver une solution pouvant convenir à tout le monde.*

*Le chantier requiert cependant trois pompes à béton, dont les bras ont une certaine longueur, ce qui complique l'installation. D'après lui, il s'agit ici de lobbying contre-productif.*

## CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

*remercie monsieur Ulveling et approuve ses propos. Monsieur Didier a bénéficié de tout le soutien de la commune pour son projet. Le chantier installé à côté du centre a été décidé il y a longtemps. Monsieur Didier était au courant lorsqu'il y a construit son Science Center.*

*La commune a besoin de logements, donc elle doit agir. Christiane Brassel-Rausch se dit aussi déçue que monsieur Ulveling.*

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

*a une question quant au nouvel emplacement du COSP, qui déménage dans le CNFPC à Esch. Il a cru comprendre que ceci n'est pas une très bonne place pour le COSP.*

*Il déplore le fait que la ville de Differdange ait perdu un projet tel que le COSP et en demande la raison. Il*

*aner Plaz gehat, fir dee Chantier ze installéieren.*

Et ass awer elo esou, dass eis Leit gekuckt hunn, wéi een dee Chantier do installéiere kann. An do kréien ech gesot, et kann nëmmen déi Strooss do sinn, d'Rue Dolibois, wou d'Leit kënnen erafueren. An net d'Rue du Gaz, wéi den Här Didier schreift.

Well wann een déi aner Säit direkt déi géif notzen, déi un den Auchan stéisst, da missten d'Camionen alleguer direkt iwwert d'Kräizung, an der Kräizung praktesch, eraus- an erafueren. Wat immens komplizéiert ass. Ech hunn dem Här Didier ganz kloer gesot, dass mer eng Léisung sichen. Mee den Här Didier muss awer och verstoen, wann et keng aner Léisung gëtt, da muss een dat akzeptéieren. Ech mengen, jiddwereen, wann niewent engem gebaut gëtt, dann ass en Nuisancen ausgesat. An dat kann een eeben, leider, net verhënneren.

Ech wëll och soen, dass mer dem Här Didier och nach Parkplazen ... Den Här Didier wousst jo éischters emol, en connaissance de cause, wou e säi Science Center dohinner gemaach huet, wat do géif geschéien. Mir hunn him sengerzäit de Parking do installéiert. Elo muss de Parking fort. Elo ass e bei eis komm, en hätt gär Parkplazen. Mir hunn em dat och nach accordéiert.

Mee iergendwann eng Kéier muss een awer och emol, wéi gesot, d'Féiss um Buedem behalen an och emol rasonabel kënnen schwätzen. Also ech sinn immens enttäuscht iwwert dee Bréif – deen Dir jo dann och kritt hutt – dee mir hei kritt hunn. An ech hunn dem Här Didier vun der éischer Stonn u gesot, dass mir, souwäit wéi méiglech, him entgéintkommen. A mat alle Leit préiwen, ob dat méiglech ass, datt mer déi – et geet jo haaptsächlech em déi zwou Pompele vum Bëtong – souwäit wéi méiglech vum sengem Science Center ewechkréien.

Mee de Chantier huet awer esou eng Extensioun, dass dräi esou Pompele mussen dohinnerkommen. An déi hunn nëmmen Äerm, déi eng gewëssen Distanz hunn, fir de Bëtong erfzeloossen. Also et muss ee kucken, dass mer eens ginn. Mee ech fanne wierklech, do gëtt awer elo Lobbying gemaach. An deen ass der Saach wierklech net dénglech. Merci.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech wëll mech Äre Wierder uschléissen. Mir hunn dem Här Didier vill zougesprach. Mir sinn dem Här Didier entgéintkomm, dat ass, mengen ech, och hei begréisst ginn, dass mer d'Hand ausgestreckt hu fir den Här Didier. Mir ënnerstëtze säi Projet als Stad, mee dee Chantier, deen elo do installéiert gëtt, am Sënn vun der Allgemengheet an am Sënn vun der Gemeng Déifferdeng, ass net vum Himmel gefall.

A wéi den Här Didier säi Science Center do gemaach huet, wousst hie Bescheid. An et geet elo net, dass mir, wéi den Här Ulveling seet, all Mënsch, deen e Bauvorhaben niewent sech, hannert sech oder viru sech huet ... Deen ass, fir et op gutt Lëtzeburgergesch ze soen, während e puer Joren embêtéiert. An domadder musse mer da liewen.

Mir hätte gär Wunnraum, mir brauche Wunnraum, an da musse mir als Gemeng eis Prioritéite setzen. An ech si genau esou enttäuscht wéi den Här Ulveling, wann een engem d'Hand ausgestreckt – an dann dat doten. Fannen ech net an der Rei. Wollt ech just soen.

Här Diderich, wannechgelift.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt am Fong eng Fro zum Schluss dozou stellen. Mee den Här Ulveling huet et elo gesot, wat mir eréischt an deene leschte Wochen zougedroe ginn ass. An et ass jo elo ugeschwat ginn, dass de COSP net méi zu Déifferdeng elo ass. Deen ass elo anscheinend geplënnert an de CNFPC op Esch. Wat awer och net wierklech eng anstänneg Plaz fir de COSP ass, sou wéi ech dat verstanen hunn.

Do wollt ech awer emol nofroen, well ech als Gemengerotsmitglied dovunner bis haut näischt matkritt hunn op offiziellem Wee. An ech dat och bedauern, dass esou e Projet wéi de COSP net méi zu Déifferdeng ass. Wat sinn d'Grënn, firwat dat elo esou gaangen ass? An och d'Fro, wann da wierklech elo an der Léierbud keng aner Méiglechkeet war, fir si dozuehalen, obwuel si jo awer och vill Aarbechte gemaach hunn, fir dat

# 3e. Projet Gravity

iwwerhaapt emol ze amenagéieren, ob mer näischt anescht hätte kéinte fan-  
nen, fir dee wichtege Projet hei an der  
Gemeng ze halen? Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Wann Der aver-  
stane sidd, komme mer zum Schluss bei  
de Froen op Är Fro zräck.

Här Ruckert, wannechgelift.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech hätt just eng kleng Fro an deem Ze-  
summenhang. Den Här Ulveling huet  
eis gesot, dass d'Dezibel keng 200 a  
keng 180 sinn. Mee wéi vill ware se  
dann?

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

120.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

120.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Nee, 120 hat hie geschriwwen.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Wéi vill ass dann autoriséiert? A wéi  
funktionéiert dat dann elo?

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mir kréien eréischt gesot, wéi vill Dezi-  
bel et sinn. Dat kréie mer eréischt gesot  
vun der Firma. Den Här Didier hat dat  
just geschriwwen, 120 an 200.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Schwachtgen, wannechgelift.

---

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Vläicht just fir ze soen, vum Prinzip  
hier, ech héieren hei vu Bréiwer, déi ge-  
schriwwe gi sinn un d'Parteien an un de  
Schäfferot. Ech weess elo net, ob d'CSV  
eppes kritt huet an déi gréng. Ech ginn  
och vum Här Didier mol ugeschwat,  
ech si jo awer net am Schäfferot, ech si  
Spriecher vun deene Gréngen an ech  
sinn am Conseil. Dofir géif ech vläicht  
proposéieren, dass déi Bréiwer och un  
d'Majoritéitspartei kommen, déi  
vläicht dann och kënnen dem Schäf-  
ferot eppes noleeën. Ech denken net, dass  
mir se kritt hunn.

(Diskussiounen)

Ech wéilt dat vläicht kloerstellen. Well  
ech sëtzen e bëssen hei an engem Lach,  
fir ze soen: Wou kënt dat hier?

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mee dat ass, wann ee probéiert, d'Leit  
géinteneen auszespillen.

Här Muller, wannechgelift.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt just froen, et war ee Moment  
hei gefrot ginn, fir e Vott ze maache vun  
deenen zwee Deeler, den Akt an dann  
den Avenant. Kéinte mer dat vläicht  
esou maachen? Et si jo zwou verschie-  
de Piëcen. Et ass den Akt an et ass den  
Avenant. Dat ass eng aner Pièce. Kéinte  
mer dat separat ofstëmmen?

(Diskussiounen)

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer elo zum Vott. Fir  
d'éischt vum Acte notarié.

---

*Le conseil communal décide avec 18  
voix oui et 1 voix non d'approuver  
l'acte notarié avec Gravity visant la  
vente d'une parcelle à Differdange dans  
la rue Émile-Mark.*

---

*veut savoir s'il n'aurait pas été pos-  
sible de trouver une solution pour  
garder le projet à Differdange.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*demande à monsieur Diderich si  
elle peut revenir sur cette question  
à la fin.*

---

**ALI RUCKERT (KPL)** *demande à  
monsieur Ulveling combien de dé-  
cibels sont autorisés pour un chan-  
tier.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'il  
attend encore les informations de la  
part de la société quant au nombre  
réel de décibels. Monsieur Didier  
quant à lui parle de 120, puis de  
200 décibels.*

---

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**  
*s'étonne de cette histoire de lettres  
écrites aux différents partis et au  
collège échevinal. Il n'est pas sûr  
que les chrétiens sociaux et les éco-  
logistes aient reçu ces lettres. Mon-  
sieur Didier s'est également adressé  
à lui alors qu'il ne fait pas partie du  
collège échevinal. D'après lui, les-  
dites lettres devraient être transfé-  
rées aux partis de la majorité afin  
d'être soumises au collège échevi-  
nal.*

(Discussions)

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*répond que c'est ce qui arrive lors-  
qu'on essaye de monter les gens les  
uns contre les autres et passe la pa-  
role à monsieur Muller.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** *demande s'il  
est effectivement possible de voter  
l'acte et l'avenant séparément étant  
donné qu'il s'agit de deux pièces  
distinctes.*

(Discussions)

(Votes)

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*passé ensuite au point suivant,  
l'acte notarié concernant l'acquisi-  
tion d'une parcelle au lieu-dit  
« Zwischen Lanterbännen » à Nie-  
derkorn, située entre le nouveau  
bâtiment et la « Eisebunnsbréck ».  
Il s'agit de la dernière parcelle man-  
quante pour que la commune de-  
viennne propriétaire de l'ensemble  
de ce site.*

# 3g. Rue de Differdange à Lasauvage

La commune peut décider librement de l'affectation de ce terrain. Peut-être, en faire une zone économique qui serait complémentaire aux zones économiques environnantes.

Elle remercie monsieur Schoué, monsieur Grethen et monsieur Schrantz pour cette acquisition et se réjouit d'avance des projets.

**ERNY MULLER (LSAP)** remercie également monsieur Schrantz d'avoir tenu sa promesse.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** propose de passer au vote.  
(Vote)

Elle passe au point suivant, l'acte notarié concernant l'acquisition d'une parcelle avec garage et d'un quinzième d'une parcelle au lieudit « rue de Differdange » à Lasauvage pour un montant de 9 500 €. La commune souhaite racheter ces garages les uns après les autres.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** constate que, selon l'acte, le garage se trouverait rue de Differdange à Differdange. Or, il se situe à Lasauvage. Afin d'éviter tout vice de forme, il propose une correction de la page 2 de l'acte.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** le corrige en précisant que l'acte mentionne le lieudit « Rue de Differdange ».

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** la contredit et cite la page 2 de l'acte: « Un garage sis à Differdange, Rue de Differdange », selon lequel le garage se situerait donc à Differdange dans la rue de Differdange, de même que son chemin d'accès. Il s'agit donc d'une erreur.

Guy Altmeisch propose de corriger cette erreur afin d'éviter tous problèmes lors d'une éventuelle revente ou lors de discussions par rapport aux biens achetés.  
(Vote)

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** passe au point 4, Règlements temporaires de circulation, et donne la parole à Georges Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** explique qu'il y a toute une série de

An da komme mer elo zum Vott vum Avenant.

Le conseil communal décide avec 12 voix oui, 1 voix non et 6 abstentions d'approuver l'avenant au compromis de vente du 19 juillet 2017 (version du 18 juillet 2017) visant la vente d'une parcelle à Differdange dans la rue Émile-Mark.

Merci. Dat nächst ass en Akt um Lieudit „Zwischen Lauterbännen“ zu Nidderkuer. Dat ass tëschent deem neie Gebai, wat do gebaut ginn ass, an der Eisebunnsbréck. Also beim Rond-point, do ass ee Gebai, dat steet jo eleng do, wou déi nei Strooss op eise CID geet. Do ass d'Eisebunnsbréck. Elo hu mer déi lescht Schläiss Terrain ze kafe kritt. Dat heescht, dee ganzen Areal gehéiert elo der Gemeng.

A mir kënnen do da maachen, wat mer wëllen. Vlächcht nach eng Zone économique. Déi awer, wat mengen ech wichteg wier, complémentaire wier zu deenen anere Zones économiques, déi schonn an där Géigend leien.

Et ass dat lescht Stéck Terrain, wat mer do kritt hunn. Ech wëll deenen Häre Schoué, Grethen a Schrantz villmools Merci soen, dass mer elo d'Terrainen alleguer hunn an als Gemeng kënnen do plangen.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt och dem Här Schrantz Merci soen, mat deem ech jo och a Kontakt war, dass e säi Versprache gehalten huet, dass mer op déi Manéier elo alleguer déi Terrainen hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié concernant l'acquisition d'une parcelle au lieudit « Zwischen Lanterbännen » à Nidderkorn.

Villmools Merci. Den nächste Punkt ass erëm eng Acquisitioun, en Acte notarié, wou mer eng Garage kaf hunn op der Zowaasch. Dat sinn déi Garagen, déi mer probéieren, eng no där anerer opzekafen. Zum Präis vun 9.500 Euro. Méi hunn ech dozou elo direkt net ze soen. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Wéi Der gesot hutt, ass déi Garage an deen Zoufaartswee op der Zowaasch. Wéi ech awer den Akt gelies hunn, hunn ech misse Säit 2 feststellen, do steet, d'Garage wier zu Déifferdeng an der Rue de Differdange. Ech mengen, do misste mer awer eng Verbesserung vum Akt maachen. Well soss lafe mer Gefor, wann dat eng Kéier zur Diskussioun kënnt, dass mer do e Formfeeler gemaach hunn. Op Säit 2 vum Akt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Lieu-dit „Rue de Differdange“.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee, leider net. Et steet am Akt: „Un garage sis à Differdange, Rue de Differdange. Säit 2, uewen. Do beschreiw mer d'Garage, wou se läit. Déi läit dann zu Déifferdeng an der Rue de Differdange. An den Zoufaartswee och zu Déifferdeng, Rue de Differdange. Dat ass e Feeler.

**MÉI STÄMMEN:**

Richteg. Jo.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat misst vlächcht geännert ginn. Soss kënne mer eng Kéier Problemer kréie



## 4. Règlements/ 5. Jumelage Penzberg

bei enger Vente oder bei enger Diskussioun iwwert déi Saachen, déi mer kaf hunn. Ech soen Iech Merci.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié portant sur l'acquisition de deux parcelles à Lasauvage.*

---

Da komme mer zum Punkt 4, Règlements temporaires de circulation.

---

### **SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et sinn eng ganz Partie Reglementer erëm dobäi. Mir hate probéiert derduerchzegoen, ze kucken, ob mer déi Zuel eventuell kéinte reduzéieren. Ob do Saache sinn, déi net missten duerch de Gemengerot goen. Dir hutt och elo am leschte Mail gesinn, dass eist Sekretariat Iech geschriwwen huet, wéi et och am Code de la route steet, wat fir eng mer müssen hei deliberéieren a wéi eng net. Mir halen eis dorunner.

Et sinn der awer nach ëmmer relativ vill. Mir kommen also net dolaanscht. Soss, zu de Reglementer selwer, wëll ech just soen, dass et eng Partie sinn, déi eis nach eng laang Zäit wäerte begleeten. Dat sinn déi Chantieren, haaptsächlech zu Lasauvage an der Rue de la Montagne. All déi Chantieren, déi gutt virukommen, wou natierlech dann ëmmer eng nei Etapp, eng nei Phas kënnt, wou nei Reglementer musse gemaach ginn.

An eng ganz Partie, wou d'Leit selwer ufroen, well se eng Fassad maachen oder ëmbauen oder plënnere. Déi fannt Der alleguerten am Dossier. Soss ass näischt Spannendes dobäi.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift.

---

### **GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech maachen dat och elo gär, et kann ee jo net ëmmer nëmme géint eppes sinn. Ech muss awer elo e Luef aussprieche, dass mer déi Verkéiersreglementer, déi Drénglechkeetsreglementer eppes éischter zougestallt kritt hunn. Wat mer erlaabt huet, mat deem kompetenten Employé vun der Gemeng ze schwätzen an déi Froen oder déi Beanstandungen, déi ech hat, mat him ze klären. Soudass de Rescht, wat elo nach do steet, fir mech okay ass. Ech soen Iech Merci.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch.

Eng Wuertmeldung? Wann net, da komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

---

Merci nach eemol. Da komme mer zum Punkt 5, Accord de jumelage avec la ville allemande de Penzberg. Ech ginn d'Wuert direkt weider un den Här Ulveling.

---

### **SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Damen, Dir Hären, den 18. Januar 2020 huet d'Stad Penzberg an hirer Gemengetssëtzung dofir gestëmmt, dass mir sollen eng nei Partnerstad gi vu Penzberg, zesumme mat der Stad Lugau.

Zënter 2007 hu mer enk Relatiounen mat der Stad Penzberg, déi op reegelméissegem Austausch berouen. Et ass am Fong eng Dräiecksgeschicht tëscht Ahlen, Penzberg an Déifferdeng, well mer eis ëmmer mat der Stad Penzberg zu Ahlen gesinn hunn, well déi och eng Partnerschaft mat Ahlen agaangen ass.

Ech wëll Iech Penzberg virstellen. An dat kann een net besser maachen, wéi si selwer ze froen, wéi si hir Stad gesinn.

*nouveaux règlements et que le collège échevinal a tenté de réduire ce nombre au minimum. Comme expliqué dans le dernier e-mail du secrétariat, le Code de la route définit clairement quels règlements requièrent le vote du conseil et ces dispositions seront respectées.*

*Il en reste cependant beaucoup. Georges Liesch explique que ces règlements sont pour la plupart des chantiers à long terme, notamment celui de Lasauvage dans la rue de la Montagne. Chaque nouvelle phase de chantier requiert de nouveaux règlements.*

*Ce dossier comporte également toute une série de demandes de particuliers pour des rénovations de façade, des transformations ou des déménagements.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** tient à féliciter le conseil d'avoir fourni ces règlements de circulations urgents plus tôt, lui ayant ainsi permis de contacter l'employé compétent pour qu'il réponde à ses questions. De ce fait, ils les approuvent. (Vote)

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** passe au point 5, l'accord de jumelage avec la ville allemande de Penzberg, et donne la parole à monsieur Ulveling.

---

**TOM ULVELING (CSV)** rappelle que lors de la séance du conseil communal du 18 janvier 2020, la ville de Penzberg a voté pour Differdange en tant que ville jumelée de Penzberg et de Lugau.

*Depuis 2007, Differdange entretient des relations étroites avec la ville de Penzberg. Il s'agit en fait d'un partenariat à trois entre Ahlen, Penzberg et Differdange.*

*Tom Ulveling présente la ville de Penzberg en lisant un extrait de leur propre documentation.*

*La ville de Penzberg est située à cinquante kilomètres au sud de Munich et tient une place commerciale et industrielle très importante pour la région. Il précise que Penzberg se situe entre Munich, Garmisch-Partenkirchen et le lac de Starnberg.*

*La ville est née uniquement grâce à l'industrie du charbon et est passée d'un petit hameau à une ville d'environ 17000 habitants. Les pre-*

# 5. Jumelage Penzberg

*mières tentatives minières autour de Benediktbeuern sont tombées dans l'oubli à cause de la guerre de Trente Ans.*

*Alors que les agriculteurs de la commune d'origine de Sankt Johannisrain exploitaient leurs fermes, l'exploitation industrielle du charbon débutait dans la région à partir de 1865. En 1911, l'ancien nom communal de Sankt Johannisrain est remplacé par celui de Penzberg et, en 1919, Penzberg se voit accorder le statut de ville.*

*Tom Ulveling précise qu'il y a quelques mois, il était justement à Penzberg avec une délégation lorsque la ville fêtait ses cent ans.*

*Le centre-ville à proprement dit a été créé en 1873, lorsque l'exploitation minière fait construire les trente premières maisons de mineur. En plus des mineurs, des commerçants et des artisans s'établissent à Penzberg. Dans les années 1950, l'industrie minière emploie plus de 2 000 personnes, produisant ainsi plus de 25 millions de tonnes de charbon.*

*Le 30 septembre 1966, la mine de Penzberg doit fermer pour raison économique. Avec la fermeture de la mine, Penzberg se retrouva face à la nécessité de créer de nouveaux emplois pour 1300 mineurs au chômage. Avec l'aide de l'État libre de Bavière, de grandes entreprises se sont établies à la frontière nord de la ville.*

*Tom Ulveling explique qu'en 1972, l'entreprise pharmaceutique Roche s'installe à Penzberg. Celle-ci emploie actuellement plus de 6 000 personnes. Cette entreprise regroupe 54 nations sur un espace équivalant à 60 terrains de football. Elle travaille en étroite collaboration avec la TAO de Munich et avec l'Université de Munich. Elle développe des tests pour dépister des maladies, mais aussi des dispositifs de diagnostic et des traitements.*

*Avec la démolition des anciennes maisons de mineur et la rénovation de la vieille ville, le paysage urbain a changé du tout au tout au fil des ans. En 1970, l'autoroute Munich-Penzberg a été ouverte à la circulation.*

*Aujourd'hui, la ville de Penzberg est un centre dynamique offrant des services, diverses possibilités*

Dofir géif ech Iech dat op Däitsch hei virliesen, wat se schreiwen. Da kënne mer eis e bëssen do eraffillen.

„Die Stadt Penzberg ist 50 Kilometer südlich von München am Alpenrand gelegen – Dir kritt dat, ech hunn Iech eng Kopie gemaach –, ist eine aufregende Stadt, die vor allem als gewerklicher und industrieller Standort von großer Bedeutung für das Umland ist“. Also Penzberg läit tëschent München, Garmisch-Partenkirchen an no beim Starnberger See, deen op sechs Kilometer ass.

„Die Stadt ist allein aufgrund des Kohlenbergbaus entstanden und wuchs von einem kleinen Weiler zu einer Stadt mit rund 17.000 Einwohnern. Ursprünglich waren an gleicher Stelle nur Wälder, Moore, Hügelland und drei Bauernhöfe vorhanden. Sie gehörte dem nahen Kloster Benediktbeuern. Penzberg wurde erstmal im Jahre 1275 urkundlich erwähnt. Frühere Bergbauversuche um Benediktbeuern gerieten durch die Wirren des 30-jährigen Krieges wieder in Vergessenheit.

Während die Bauern in der Ursprungsgemeinde Sankt Johannisrain ihre Höfe bewirtschafteten, bahnte sich ab 1865 in unmittelbarer Nähe der Abbau der Pechkohle an. Niemand konnte damals ahnen, dass sich für die bisher bäuerliche Gemeinde ein großer Wandel vollziehen und eine volksständige Strukturänderung erfolgen würde. Im Jahre 1911 wurde der Gemeindename von Sankt Johannisrain in Penzberg geändert. 1919 erhielt Penzberg die Stadtrechte verliehen“.

An do ware mer jo mat enger Delegation virun e puer Méint zu Penzberg, wéi si hir 100 Joer gefeiert hunn.

„Der eigentliche Stadtkern entstand im Jahre 1873, als das Bergwerk für die immer größer werdende Belegschaft die ersten 30 Koloniehäuser errichten ließ. Auf der Suche nach Arbeit kehrten viele Bergleute ihrer Heimat den Rücken. Meist kamen sie aus den Kornländern und zogen nach Penzberg. Neben den Bergarbeitern siedelten sich auch Gewerbetreibende und Handwerker an.

Es wurden Genossenschaften und Vereine gegründet in der Blütezeit des Kohleabbaus. In den 1950er-Jahren waren

mehr als 2.000 Mann im Bergwerk beschäftigt. Sie förderten über 25 Millionen Tonnen Pechkohle an den Tag. Der größte und leistungsfähigste Schacht war der Nonnenwaldschacht mit einer Tiefe von 684 Meter und einem Durchmesser von 5,1 Meter.

Am 30. September 1966 wurde das Bergwerk Penzberg geschlossen, da die Kohle nicht mehr verkauft werden konnte. Andere Energiequellen, wie zum Beispiel Erdöl, waren eine zu starke Konkurrenz geworden. Durch die Stilllegung des Bergwerks stand Penzberg mit einem Schlag vor einem kompletten Neuanfang und der Notwendigkeit, für 1.300 arbeitslos gewordene Bergarbeiter neue Arbeitsplätze zu schaffen. Mit Hilfe des Freistaates Bayern wurden an der nördlichen Stadtgrenze größere Betriebe angesiedelt. Wie MAN, Hoerbiger und Boehringer im Jahre 1972“.

Dann ass och zu Penzberg – déi kennt Der alleguer – d'Pharmafirma Roche 1972 gegrënnt ginn. Do sinn iwwer 6.000 Leit, déi do schaffen. Déi hunn iwwer 300 Azubien. An et schaffe 54 Natiounen an deem Wierk. Dat Wierk ass esou grouss wéi 60 Fussballfelder. Här Muller, Dir kënnt Iech do eppes drënner virstellen. Et ass ee Fuerschungs- an Entwécklungszentrum fir Medikamenter an e Kompetenzzentrum fir Biotechnologie.

Si schaffen an enker Zesummenaarbecht mat der TAO vu München an och mat der Uni München. Si entwéckelen Tester, fir Krankheeten ze erkennen an diagnostesch Moyene respektiv och Traitementer. De Moment gi 60 Tester weltwäit duerchgefouert, mat eeben Apparater, déi vun hinnen entwéckelt gi sinn. Si hunn 250 Fuerschungsprojekter. A si investéieren och relativ vill an d'Ëmwelt.

„Mit dem Abbruch der ehemaligen Bergarbeiterwohnhäuser und der Altstadtsanierung änderte sich im Laufe der Jahre das Stadtbild komplett. 1970 wurde die Autobahn München-Penzberg für den Verkehr freigegeben, unter anderem neue Industrie- und Gewerbegebiete, Siedlungen und Schulen. Heute ist die Stadt Penzberg ein pulsierendes Mittelzentrum. Geboten werden Dienstleistungen, vielfältige Einkaufsmöglichkeiten und ein breites Arbeits-

# 5. Jumelage Penzberg

spektrum, vom traditionellen Handwerk bis zur Biotechnologie eines Weltunternehmens.

Ein gut ausgebautes Kulturprogramm mit zwei Museen und viele Kunst- und Musikveranstaltungen sorgen für eine niveauvolle und qualitätsreiche Unterhaltung. Penzberg bietet alle Schularten: Eine Volkshochschule, Musikschule sowie eine vorbildlich eingerichtete Stadtbücherei und ein Stadtarchiv.

Die Stadt Penzberg verfügt über eine vielfältig ausgebaute Kinderbetreuungslandschaft. Die gute Infrastruktur an Ort und zahlreiche Sport- und Freizeiteinrichtungen machen die Stadt sehr lebenswert. Die reizvolle Lage im Oberland und das angrenzende Fünfseenland garantieren einen hohen Freizeitwert“.

Sou beschreiwe si sech selwer. A mir sollen dann elo doriwwer ofstëmmen, ob mer dat, wat si schonn decidéiert hunn, oder dat Angebot, wat si eis maachen, sollen unhuelen oder net. Ech soen Iech Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

D'Madamm Wohl, wannechgelift.

---

## **NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Och wann ech et begréissen, dass mer Echangé mat anere Gemengen hunn, an awer elo kee Fan sinn – ech weess d'Geschicht vum Maibaum, dee se wäerte wëllen heihinner setzen. Ech weess net, ob dat elo dat ass, wat mir elo alleguer gär hätten oder net. Ech wëll sécher net zoumaachen, wa mir en Echange hunn.

Mee ech wëll awer op eppes sécher hiweisen. An dat ass, dass mer ëmmer gesot hunn – also hunn ech mer soe gelooss –, dass verschidde Jumelagen net ugeholl gi sinn, well mer an deem Land schonn e Jumelage haten. A wa mer elo op dee Wee ginn, dass mer hei soen, deen doten huele mer, obwuel mer schonn een hunn, da mengen ech, dass mer dat och misste bei anere Länner dann och als Reegel esou ukucken. An net enger Stad elo soen, nee, déi huele mer elo net, obwuel déi sech och vläicht

gemellt huet oder vläicht Leit vun eis se wollten, well schonn eng aner do ass.

Dat heescht, wa mer eng aner Reegel maachen, da mengen ech, sollte mer déi Reegel awer och dann op all Länner ausbreeden. An net soen, hei maache mer dat elo, well ... an do maache mer et erëm net. Ech mengen, dass mer eng Reegel brauchen, fir Diskussiounen ze evitéieren.

An ech géif et och selwer interessant fannen, wa mer aner Länner, déi vläicht no sinn a wou mer kee Jumelage hunn, géif kucken. Awer och Länner, wou mer vill Matbewunner hei hunn a wou mer elo keen hunn. Dass mer dat awer vläicht aneschtens diversifiéiere kéinte wéi zweemol dat selwecht. Voilà.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Goffinet, wannechgelift.

---

## **SERGE GOFFINET (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, d'Jumelagen hei zu Déifferdeng sinn zimmlech beweegend. Firwat ass e Jumelage entstanden? Dat ass oft nom Zweete Weltkrich komm, fir dass d'Krichsgewënner an d'Krichsverléierer mol erëm zouenee fannen. Dass se sech erëm verstinn, dass d'Leit erëm matenee schwätzen. Dat war u sech de Grondgedanken.

Dat mat Ahlen war eng wirtschaftlech Geschicht, well d'Kuel, also de Koks, deen hei op der Schmelz verschafft ginn ass, en Deel aus Däitschland koum, vun Ahlen. Wéi de Schaffen Ulveling gesot huet, si si selwer jumeléiert mat Penzberg. Hei hätte mer dann déi zweet Stad, mat där mer jumeléiert sinn. Wou ech elo net onbedéngt eppes dergéint hunn.

Ech muss awer bemierken, dass d'Jumelagen, leider meeschtens nëmmen – wéi soll een dat soen? – gefleegt gi vun eelere Matbierger, vun eelere Veräinsleit, vu Pensionéierten. Déi mat de Buser hin- an hierrenne fir e puer Deeg, sech begréissen, hir Frëndlechkeeten auswiesselen, an dat war et.

*d'achat et un large éventail d'activités professionnelles, allant de l'artisanat traditionnel à la biotechnologie d'une entreprise mondiale.*

*Un programme culturel assure un divertissement de haute qualité. Penzberg possède plusieurs types d'écoles, dont une université populaire et une école de musique, ainsi qu'une bibliothèque municipale exemplaire et un service d'archives municipales.*

*La ville de Penzberg offre toute une série de possibilités de garde d'enfants. La bonne infrastructure urbaine et les nombreuses installations sportives et de loisirs rendent la ville très agréable à vivre. Les hauts plateaux avec la belle région des cinq lacs se prêtent parfaitement à la détente.*

---

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *salue tout échange avec d'autres communes, mais a cependant quelques réserves.*

*En effet, elle constate que, par le passé, certains jumelages n'avaient pas été acceptés sous prétexte qu'il existait déjà un jumelage avec une ville du même pays. Elle trouve que, si la commune accepte ce jumelage-ci, elle devrait définir une nouvelle règle s'appliquant à tous les pays afin d'éviter tout débat à l'avenir.*

*De manière générale, Nicole Wohl trouve que les jumelages pourraient être plus diversifiés, par exemple, avec des pays proches ou des communautés vivant au Luxembourg, avec lesquels il n'y a pas encore de jumelage.*

---

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *explique que les jumelages avec la ville de Differdange sont tous très décisifs. Très souvent, ils sont nés dans un contexte historique d'après guerre dans un souci de réconciliation des pays.*

*Le jumelage avec Ahlen relève d'un contexte économique, étant donné qu'une partie du charbon traité ici dans les hauts fourneaux provenait de cette ville. Ahlen étant jumelée avec Penzberg, celle-ci devient la seconde ville jumelée de Differdange. Il n'y voit aucun inconvénient.*

*Serge Goffinet constate que les jumelages sont souvent l'initiative de citoyens plus âgés, de retraités, or-*



# 5. Jumelage Penzberg

ganisant des voyages en bus pour aller échanger des politesses.

*Pour Serge Goffinet, le jumelage doit être plus actif et attirer les jeunes, puisque ce sont eux qui devront le perpétuer. En ce sens, il pourrait s'imaginer un jumelage avec une ville aux États-Unis, par exemple.*

(Interruption)

*Serge Goffinet se corrige et précise qu'il pensait à un autre projet complètement différent qui nécessiterait un suivi minutieux et un budget.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** explique que d'après lui le succès d'un jumelage dépend fortement des personnes compétentes au sein des différentes communes. Il sait combien la tâche est ingrate et cite l'exemple de Longwy, qui n'est qu'à 10 km et où il est pourtant difficile d'organiser des événements ensemble.

D'après Fred Bertinelli, le jumelage dépend également des habitants. En effet, la collaboration avec la ville portugaise de Chaves lui avait beaucoup plu, car une entrevue de deux heures avait eu lieu avec les conseillers communaux dans le but de coordonner d'éventuels échanges scolaires ou sportifs. Il déplore que cela soit resté sans suite.

De manière générale, les partenariats les plus actifs sont ceux avec la ville italienne de Fiuminata, la ville de Chaves et Ahlen. Tous les collègues échevinaux de ces villes ont toujours entretenu de bons rapports.

Selon Fred Bertinelli, le travail devrait être fait en amont. Il ne se dit pas convaincu d'un partenariat avec la ville aux États-Unis, car les échanges entre citoyens s'avèrent compliqués étant donnée la distance.

Penzberg est une ville très active qui tient ses engagements et est plus présente à Differdange que bien d'autres partenaires de longue date. Il salue l'engagement de monsieur Ulveling à l'origine de cette belle collaboration, grâce à laquelle le suivi des événements sportifs et culturels est toujours assuré.

Il propose d'ailleurs d'établir une liste des villes jumelées encore actives.

(Interruption)

Ech mengen, da muss een dat Ganzt awer och e bëssen op d'Lee setzen a mol soen, wat ee gäre mat engem Jumelage hätt. Jumelage soll eppes Aktives sinn. Besonnesch fir déi Jonk. Well et si jo déi, déi et solle weiderféieren an net déi Al. Dat ass de Grondgedanken, deen ech hei wëilt mat op de Wee ginn. Well ech ka mer virstellen, dass mer och vläicht nach méi e wäite Jumelage aginn, wat schonn eng Kéier an der Diskussioun war, vläicht mat den Amerikaner oder esou.

**ENG STÈMM:**

Dat hu mer schonn.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Nee, Pardon, ech soen, et kënnt vläicht nach iergendeppes ganz anescht heiderbäi. An da muss et awer extreem geflegt ginn. An et muss ee sech e Budget setzen. Dat wollt ech derzou soen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Goffinet. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Léif Kollegeinnen a Kollegen, wat de Jumelage ugeet, muss ee soen, dat hänkt ëmmer ganz vill of vun deene Leit, déi an deene verschiddene Gemengeréit oder Gemengen dofir zoustänneg sinn, dat mat Liewen ze fëllen. Dat ass natierlech dat, wat schwéier ass. Mir gesinn heiansdo, wéi schwéier et ass mat enger Gemeng, déi 10 Kilometer vun eis ewech ass, Lonkech. Wéi schwéier et eis fält, fir Organisatiounen zesummen ze plangen a mateneen ze kréien.

Mee si kommen alt nach ëmmer op déi Presentatiounen. An et sinn der och nach vun hei, déi sech och emol bewegen. Ech mengen, e Jumelage huet och e bëssen eppes mat den Awunner vun deenen eenzele Stied ze dinn. Wat ech immens gutt fonnt hunn, dat war deen, wou mer zu Chaves waren. Wou mer eis zwou Stonne geholl hu mam Ge-

mengerot vun där Gemeng, fir ze koordinéieren, wat ee kéint zesumme maachen am Austausch mat Schüler, Sportler. Wou, leider Gottes, dann awer net vill draus ginn ass.

Déi aktivist waren ëmmer, wann ee se alleguerten hëlt, eis italesch Partnerschaft mat Fiuminata, d'portugisesch Partnerschaft an och, wéi gesot, elo Ahlen. Mat deene mer ganz vill, och aus der Geschicht vun Aarbechterstied eraus, zesummen haten. Wou, egal wat fir eng Schäfferéit hei souzen, ëmmer e gudde Rapport war. An déi Leit och ëmmer hei waren, wann Déifferdeng eppes hat an ëmgedrëit d'selwecht. Wat mat anere Partnerstied e bësse méi schlecht fonctionéiert.

Mee natierlech ass et eng Aarbecht, déi een am Virfeld sollt maachen. Ech sinn net esou ganz iwwerzeegt mat eiser Partnerstad an Amerika. Well effektiv den Echange enorm schwéier ass mat eisen Awunner an hiren Awunner, fir datt do en Austausch op deem Niveau vun eise Bierger an hire Bierger stattfënnt. Dat ass e bësse méi komplizéiert, well et relativ wäit vum Schoss ass. Mee et sollt een awer och esou eppes probéieren.

Wat Penzberg ugeet, muss ech soen, datt dat eng ganz, ganz aktiv Stad ass. Et gouf scho gesot, datt déi scho bal méi oft hei zu Déifferdeng waren, mat der Gemeng, wéi anerer, wou mer scho jorelaang als Partnerstad hunn. Dat muss ee soen, datt dat eng ganz, ganz aktiv Stad ass. A wa se sou Saachen aginn, och déi néideg Schrëtt maachen, op hirer Ebene.

An ech weess och, datt eise Schäffen, den Här Ulveling, hinnen um Häerz läit, well e sech immens engagéiert. An da fonctionéiert och esou eppes. Wann zwou Gemengen Engagement weisen, da kann een och esou Saachen agoen. Well da weess een, datt de Suivi herno, wat de Sport, wat d'Kultur ugeet, och fonctionéiert.

Wéi gesot, et muss een awer och Fouss bei Mol halen. Et sinn der elo vill, déi mer hunn als Stied, an och emol eng Kéier oplisten, wat fir eng nach funktionéieren. Bei Waterloo war nach just ...

(Ënnerbriechung)

# 5. Jumelage Penzberg

... dat war méi schwéier, dat hu mer och gesot, do war nach just de Sport, wat nach fonctionéiert hat. Mee wéi gesot, dat ass kulturell awer wichteg fir d'Bierger. Zemools d'Bierger, déi mir och an eiser Gemeng hunn, och kulturell a sportlech, fir dat zesummen ...

Nach eng Kéier, ech hunn et schued fonnt, datt aus deem gudden Ufank, dee mer mat Chaves gemaach hunn, dat net esou richteg fonctionéiert huet. Dat war net eis Schold, muss ech och soen. Et war e bëssen, datt mer vun där anerer Säit net deem Apport haten, wat do vill méi schwéier ass, fir esou Saachen ze organiséieren, wéi mir et hunn. Fir esou Saachen ze organiséieren.

Mee wéi gesot, ech begrëissen dat awer. An ech gesinn och net, datt ee sech do sollt – ech weess, datt Esch, Diddeleng an aner Stied Partnerschaften mat zwou, dräi oder véier italienesche Stied hunn – beschränken op eng Partnerschaft pro Land. Et soll een och kucken, dass se zesumme passen, déi sech änlech sinn, fir zesumme kënnen ze schaffen.

Ech fannen dat méi wichteg wéi einfach nëmmen e Fändel oder dass ee seet, an all Land misst een een hunn. Duerfir begrëissen ech dat heiten och. An ech sinn iwwezeegt, datt mer hei eng gutt Partnerschaft kréien. Well ech gesinn hunn, mat wéi vill Initiativ a wéi vill Begeeschterung si schonn hei waren zu Déifferdeng. Dofir begrëissen ech dat. A si frou, wa mer si als Partnerschaft fir d'Stad Déifferdeng géife kréien. Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Meisch, wannechgelift.

---

## **FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Dir Dammen an Dir Hären, d'Stad Déifferdeng ass jo schonn eng Rei Städttepartnerschaften agaangen: Ahlen an Däitschland, Lonkech a Frankräich, Chaves a Portugal, Fiuminata an Italien an dann nach rezent elo Oxford am Ohio an Amerika. Mat Waterloo an der Belsch – et ass schonn ugeklongen – war säit 2007 keng konstruktiv Kommunikatioun méi méiglech. Doropshi gouf de Jumelage fale gelooss.

E Jumelage leeft natierlech net duerch e Stéck Pabeier. Do musse Relatiounen opgebaut ginn, Projeten ausgeschafft ginn an en Austausch op villen Niveauen envisagéiert ginn.

---

## **SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

---

## **FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Do hu mer nach Loft no uewen. Wie këmmert sech ëm wéi ee Jumelage? Och weinst de Sproochen ass dat net onbedéngt ëmmer einfach. Een Aarbechtsgrupp asetzen, mat Leit aus de verschiddene Servicer oder Kommissiounen, dee sech reegelméisseg trëfft fir sech auszutauschen a Konkreetes op den Dösch ze bréngen, kéint eng Approche sinn. Beispiller am Ausland: de „Verein für Städtepartnerschaften“ zu Ahlen oder d'„Association des villes jumelées avec Longwy“.

---

## **SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Eng gutt Iddi.

---

## **FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Wéi d'Stad Penzberg an hirer Deliberatioun schreift, besteet tëscht de Stied ee frëndschaftelech Verhältnis säit dem 1. September 2007. Op deem Dag ass de Jumelage tëscht Ahlen a Penzberg, no laange Jore „wilder Ehe“, wéi si et selwer genannt hunn, ënnerschriwwen ginn. An als „Trauzeugen“ waren déi aner Partnerstied vun Ahlen mat invitéiert ginn, also och Déifferdeng. Dofir hate mer deemools eng trinkfest Ekipp a Bayern geschéckt, fir eis Stad wüdeg ze verrieden. Eng Delegatioun, déi ech als ehemolege President vum Comité des fêtes hunn dierfen uféieren. Dat nieft den Hären Eric Cillien, Serge Blasen a Gilbert Kubaj.

(Diskussiounen a Gelaachs)

Wann ech dat hei liesen, dann hu mer eis Faarwe gutt vertrauen. Deementspriechend wäert ech dësen Accord ënnerstëtzen.

*Il regrette que la collaboration avec Chaves n'ait pas abouti malgré des débuts prometteurs. La ville manque de moyens et a nettement plus de difficultés à organiser ce genre d'événement.*

*Fred Bertinelli sait que des villes comme Esch ou Dudelange sont jumelées avec deux, trois ou même quatre villes italiennes et trouve qu'il ne faut pas se limiter à une ville par pays, l'important étant de créer des synergies et non de planter son drapeau dans un maximum de pays.*

*Fred Bertinelli approuve vivement ce jumelage vu l'engagement dont il a été témoin jusqu'à présent, et se réjouit d'avance de ce partenariat.*

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** reprend la liste des villes avec lesquelles la ville de Differdange a conclu des accords de jumelage: Ahlen en Allemagne, Longwy en France, Chaves au Portugal, Fiuminata en Italie et tout récemment Oxford dans l'Ohio aux États-Unis.

*Le jumelage constitue plus qu'un simple bout de papier. Il faut construire des relations, élaborer des projets et organiser des échanges à plusieurs niveaux.*

*(Interruption de Georges Liesch pour acquiescer)*

*François Meisch fait remarquer qu'il reste de la marge. Qui s'occupe de quel jumelage? La barrière de la langue ne facilite pas la communication. Il propose la création d'un groupe de travail qui se réunirait régulièrement pour échanger des idées et réaliser des projets concrets.*

*Il explique que, dans sa délibération, la ville de Penzberg déclare entretenir des relations amicales avec Differdange depuis le 1er septembre 2007, date de signature de l'accord de jumelage entre Ahlen et Penzberg, après des années de « concubinage ». Toutes les autres villes jumelées d'Ahlen, telles que Differdange, furent invitées comme « témoins ».*

*François Meisch approuve l'accord et sait que ce genre de partenariat transfrontalier peut donner naissance à de longues amitiés.*

*(Interruption)*

*François Meisch appelle encore une fois à davantage de productivité.*

# 5. Jumelage Penzberg

*D'après lui, il faut se donner plus de moyens.*

*Il vote en faveur de l'accord de jumelage avec la ville de Penzberg et se réjouit de voir que monsieur Ulveling a déjà adapté ses vêtements aux couleurs de la Bavière.*

*(Rires)*

**JERRY HARTUNG (CSV)** approuve ce jumelage avec Penzberg au nom des chrétiens sociaux. Madame la bourgmestre de Penzberg a exprimé son grand intérêt pour le jumelage. Des points communs historiques rallient les deux villes, notamment le fait que Penzberg soit également une ville depuis plus de cent ans.

Jerry Hartung souligne qu'il s'agit du premier jumelage à trois, puisque Differdange et Penzberg sont toutes deux jumelées avec Ahlen.

D'une manière générale, le jumelage doit être actif afin de permettre de s'échanger dans certains domaines et d'attirer les jeunes. Les jumelages de la ville de Differdange ont vu naître de belles amitiés entre les habitants des villes respectives. Selon Jerry Hartung, il faut penser les jumelages plus grands. Les associations culturelles et sportives des villes respectives pourraient collaborer à l'organisation d'un événement commun tel qu'un match d'entraînement, par exemple.

Ou en ce qui touche les écoles, l'idée plutôt banale des amitiés par correspondance, évidemment adaptées à notre époque par e-mail ou par les réseaux sociaux, lui plaît assez. Les élèves pourraient ainsi choisir une langue qu'ils souhaitent perfectionner ou apprendre en fonction des différents pays partenaires.

Jerry Hartung propose par exemple un projet, où de petits groupes d'élèves de cycle 4.1 se verraient attribuer des élèves de référence du même âge dans les villes jumelées. Ces élèves s'aideraient alors mutuellement pour l'élaboration d'une présentation de la ville jumelée devant leurs classes respectives. Cela permettrait donc à tous les élèves de faire la connaissance d'une ville et de mieux connaître la leur.

Selon lui, le développement ultérieur des jumelages favoriserait et

Dass duerch esou Partnerschaften grenziwwergräifend privat Frëndschafte kënnen entstoën an iwwer Joren erhale bleiwen, kann ech bestätegen. Wéi och nach e puer aner Leit hei am Sall.

## MÉI STËMMEN:

Jo.

## FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dat eleng geet awer net duer. Dofir nach eemol mäin Appell, fir do méi produktiv ze ginn. Och muss dat sech am Budget ofzeechnen. An et muss ee sech méi Moyene ginn. Och, fir beispillsweis Veräinsaktivitéiten am Kader vum Jumelage potenziell ze ënnerstëtzen an doduerch och méi reizvoll ze maachen.

Mir stëmmen den Accord de jumelage mat der Stad Penzberg mat. An et freet eis, dass den Här Ulveling schonn amgaang ass, seng Kleederuerdnung de Bayern unzepassen.

(Gelaachs)

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Hartung, wannechgelift.

## JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, am Numm vun der Déifferdenger CSV begrësse mer dësen neie Jumelage mat Penzberg. Et gouf scho vill regelméisseg Kontakter zënter 2007, an dat op frëndschaftlecher Basis, wou d'Buergermeeschtesch vu Penzberg staarken Interesse fir Jumelage geäussert huet. Wéi scho richteg gesot gouf, ware si ganz aktiv a waren och schonn oft hei zu Déifferdeng.

An de leschte Joren huet dëst sech vu béide Säite weider intensivéiert. Den Här Ulveling huet scho vill zur Stad Penzberg erzielt. Ech denken, hei si vill historesch Gemeinsamkeiten. Ënner anerem ass d'Stad Penzberg och schonn iwwer honnert Joer eng Stad.

Interessant ass hei, datt mer fir déi éischte Kéier eng Dräieckspartnerschaft aginn, vu datt Déifferdeng a Penzberg jeeeweils mat Ahlen e Jumelage hunn. Wat dës Zesummenaarbecht sécherlech nach méi beräichere kann.

Ech wëll generell eppes zu eise Jumelagë soen, e bëssen op der Linn, wéi meng Virriedner hei scho gesot hunn. Et ass jo eng Partnerschaft mam Zil, sech a verschiddene Beräicher auszetauschen. Ënner anerem hunn dës Partnerschaften an de leschte Joren a Joerzénge dozou bäigedroen, datt vill privat Frëndschafte tëscht Awunner aus de Partnerstied entstane sinn an dës och nach ëmmer oprechterhale ginn. Dat ass ganz flott a soll an deem Sënn nach versicht ginn ausgebaut ze ginn. E Jumelage soll eppes Aktives sinn. A wéi scho gesot gouf, solle mer do wierklech als Zil hunn, fir méi Jonker matanzebezéien.

Dat heescht, mer sollen eis Jumelagë méi an d'Breet denken. Zum Beispill kéint ee mat de Kultur- a Sportsveräiner kucken, déi Interessi hätten, fir mat Veräiner aus eise Partnerstied zesummenzeschaffen, eppes zesummen ze organiséieren oder sech zum Beispill bei Trainingsmatcher géinteneen ze moossen.

Oder um Niveau vun eise Schoulen, ech mengen, d'Iddi vu Bréiffrëndschafte ass eng ganz banal Iddi, haut natierlech der Zäit ugepasst, per Mail oder iwwer d'sozial Reseauen. Flott bei deem Aspekt, muss een och einfach soen, well mer a verschiddene Länner sinn, hätten d'Schüler de Virdeel, datt se sech d'Sprooch kéinten eraussichen, wou se sech wëlte weider domadder auserneeetzen oder léieren.

A ganz interessant géif ech perséinlech e Projet zum Beispill fannen, wou d'Schüler aus dem Cycle 4.1 a kleng gläichaltrege Gruppe Referenzschüler aus eise Partnerstied hätten. Déi sech am Virfeld géigesäiteg kéinten hëllefen, fir déi aner Stad da jeeeweils an hirer Klass virzestellen. Sou géifen eis Jonk zum engen d'Partnerstied kenneléieren an och nach besser hiert eegent Déifferdeng, vu datt si jo dann och de Schüler aus eiser Partnerstad hëllefen, wann déi Déifferdeng herno presentéieren.



# 5. Jumelage Penzberg

Esou géifen nei Frëndschaften entstoën, wa mer dat weiderentwéckelen. Ech denken, hei gëtt et vill Méiglechkeeten, d'Jumelagen nach méi auszubauen, open ze gestalten a mat eise Bierger zesummen ze liewen. Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmoos Merci, Här Hartung. Här Diderich, wannechgelift.

---

## **GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech schlësse mech ganz villen Aussoen un, wat de Jumelage allgemeng ugeet. Dass ee sech muss e bëssen e Plang ginn, wat een do wëll maachen an dat manner dem Zoufall iwwerléisst. Natierlech brauch et Leit am Gemengerot, et brauch Leit an de Veräiner, et brauch awer och, wann een d'Envergure an d'Unzuel vu Jumelagë kuckt, einfach eng Persoun, déi sech där administratiiver Saach unhëlt.

Mëttlerweil gëtt et europäesch Programmer, déi spezifesch fir d'Jumelagë geduecht sinn. „Europe for Citizens“ ass esou een. Wou ee mol net onbedéngt selwer vill Budgetsmëttele muss investéieren. Mee déi kann een ufroen. An do gëtt ee mat oppenen Äerm empfaangen.

D'Gemengen zu Lëtzebuerg sinn do nach ganz wéineg aktiv an deem Beräich. Ech géif all déi Ureegungen, déi gemaach gi sinn, ënnerstëtzen. An der Zäit hate mer jo och, zum Beispill mat Ahlen, Jugendcamps, wouwéinst Frëndschaften haut nach zum Deel bestinn. Dat war am Fong deen eenzege Kontakt, wou ech richteg mat der Stad selwer hat. An och iwwert dee Wee iergendwann eng Kéier och de Wee dohinner fonnt hunn.

Esou Saache kéint een och erëm ureegen. Mir hu virdrun d'Konventioun vum Jugendhaus gestëmmt. Vläch kann een ureegen, dass een am Jugendberäich och iwwert de Programm Erasmus, plus déi eng oder aner Echangen, geziilt mat deene Gemenge kéint usteieren.

Et sinn elo vill Gemeinsamkeeten ugeschwat ginn, virun allem, wat d'Minn

souzesoen ugeet. Och wann et bei eis de Minett ass a bei hinnen d'Kuel. Eng Gemeinsamkeit ass bis elo nach net ugeschwat ginn. An ech wëlt ureegen, dass mer an deem Beräich de Jumelage awer och kéinten ugoen an dat och thematiséieren. Penzberg ass a Bayern eng vun deene Gemengen, wou ganz vill Resistenz war virum Zweete Weltkrich. An den Här Goffinet huet jo gesot, dass vill Jumelagen aus der Resistenzgeschichte entstane sinn. Penzberg, do ass d'Majoritéit virun den Nazien aus der SPD, der KPD an der BVP zum groussen Deel op Dachau geschéckt ginn.

An den 28. Abrëll 1945, wéi am Fong d'Saach scho gelaf war an d'Nazie schonn hätte misse wëssen, dass hir Stonn geschloen huet an d'Saach eriwier ass, hu se awer gemengt, grad zu Penzberg nach missen en Endphaseverbrechen ze maachen. An déi Leit wéi mir, déi e Mandat hate virun esou enger Situatioun an eeben dat Mandat erëm opgeholl hunn, si carrément vun de sougenannte Werwolf Oberbayern erschoss ginn. No menge Quellen erschoss ginn, anerer soen erhaange ginn.

Op jidde Fall si se ermuert ginn an där doter Nuecht. Dat ware 16 Mënschen an en ongebuert Kand. A Penzberg hat duerno de Courage geholl, fir dat konsequent opzeschaffen. An och war e kommunistesche Buergermeeschter duerno komm, de Josef Raab, deen trotz där Geschicht, d'Geschäfter weidergefouert hat. Dat heescht, mir hunn do eng Gemeinsamkeit.

Wann een déi dote Geschicht kuckt a kuckt, wat bei eis an de leschte Joren och vun der Geschicht hier gelaf ass, hu mir mat de Stolpersteine e Kapitel opgerullt vun der Geschicht vum Zweete Weltkrich a vum Holocaust. An do sinn zu Penzberg anscheinend Bestriewungen, fir dat ze maachen. Do war schonn eng Kéier en Ulaf geholl ginn, fir Stolpersteine ze leeën. An et ass elo rezent am Fong, wann ech dat richteg konnt verfolge, an dësem Mount, wou dat erëm ugekënnegt ginn ass. Dass si an deem Beräich eppes maachen. A wou et sënnavoll wär, wa mer do géifen d'Lienen hierstellen an dat géifen thematiséieren an esou engem Jumelage.

Et ass gesot ginn, mer mussen eis eng Linn ginn. Dat ass ganz richteg. Ech war elo net au courant, dass mer an der

consoliderait les ententes avec nos concitoyens à l'étranger.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** est d'accord avec la plupart des propos des orateurs précédents. Il ne faut pas laisser les choses au hasard. Selon Gary Diderich, il faut des personnes compétentes au sein du conseil communal et des associations, mais il faut également une personne qui s'occupe du volet administratif.

Gary Diderich explique qu'il existe des programmes européens spécialement dédiés aux jumelages.

Les communes luxembourgeoises ne sont pas très actives dans le domaine. Gary Diderich s'était lui-même rendu à Ahlen par le passé dans le cadre de camps d'adolescents organisés avec la ville et y avait lié certaines amitiés.

En ce sens, il propose une collaboration plus ciblée avec ces communes dans le domaine de la jeunesse.

Penzberg était une commune de bavière fortement marquée par la résistance durant la Deuxième Guerre mondiale. Le 28 avril 1945, alors que les nazis avaient déjà perdu la guerre, ils ont cru bon de commettre un ultime crime. Tous les politiques ayant repris leur mandat d'avant-guerre se sont carrément fait abattre par les fameux Werwolf Oberbayern. Cette nuit-là, 16 personnes et un enfant non né ont perdu la vie. Penzberg a ensuite fait preuve de courage, pour faire face à la situation. Josef Raab, le bourgmestre communiste de la ville a poursuivi les affaires malgré cette histoire.

Le point commun est donc historique. Le Luxembourg a rouvert un chapitre de l'histoire de la Deuxième Guerre mondiale et de l'holocauste avec ses pavés de mémoire Stolpersteine. Penzberg souhaite faire de même. Gary Diderich propose d'établir des liens et d'aborder ce sujet dans le cadre du jumelage.

D'après lui, il faut suivre une certaine ligne de conduite. Il affirme ne pas être au courant que des jumelages avaient été refusés par le passé. Selon Gary Diderich, il est important d'établir la viabilité du

# 5. Jumelage Penzberg

*jumelage et de pouvoir garantir les échanges.*

*D'après lui, il existe de grosses différences culturelles entre la Westphalie et la Bavière. Mais comme il a déjà été dit, il ne s'agit pas d'accumuler des pays, mais de créer des liens.*

*Gary Diderich explique que le présent jumelage était une bonne occasion d'analyser les jumelages. Il réitère sa demande de création d'un groupe pour l'élaboration d'un miniconcept.*

## **FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**

*salue les propos des autres conseillers. Il pense que plus d'attention devrait être accordée au fond d'un jumelage et qu'il faudrait en fixer le cadre. Il a l'impression que la ville de Differdange les choisit plutôt au hasard.*

*Frenz Schwachtgen propose d'élaborer un concept au sein d'une commission des festivités, dans laquelle les différents partis seraient représentés. Il souhaiterait aussi instaurer des critères multiples en fonction de l'âge.*

*Après avoir effectué quelques recherches, Frenz Schwachtgen a constaté que la situation politique de Penzberg était totalement différente de ce que l'on pourrait attendre d'une ville de bavière. La situation politique y est plutôt mouvementée au vu des événements de ces dernières années. Le dialogue avec les politiques de là-bas en sera sans doute d'autant plus intéressant.*

*Frenz Schwachtgen ajoute qu'il serait effectivement judicieux de libérer plus de budget, à condition, évidemment, qu'il soit utilisé à bon escient.*

**TOM ULVELING (CSV)** répond à madame Wohl qu'il ne comprend pas d'où viennent ses réserves. Il est clair que les jumelages se basent sur des affinités ainsi que sur la volonté de travailler ensemble.

*Si un jumelage n'a pas été accepté, ce n'était certainement pas parce que la ville se trouvait dans un pays déjà partenaire.*

*Tom Ulveling salue tout ce qui a été dit. En tant que responsable des jumelages, il a fait en sorte que ceux-ci ne se résument pas à des relations*

Vergaangenheet Jumelagen ofgeleent haten, well mer schonn een an deem Land haten. Ech mengen, d'Grondregel muss einfach sinn, dass mer musse wëssen: Kënnen déi Jumelagë lafen? Sinn dat lieweg Jumelagen? Fannen Echangë statt?

Tëschent Bayern a Westfalen gëtt et, menges Wëssens, nach grouss kulturell Ënnerscheeder. Technesch gesinn ass dat eent en anert Land wéi dat anert. Mee do géif ech elo net ze vill dorop goen. Et geet jo net drëm, d'Punkten op de Weltkarten ofzeschaffen. Et geet drëm, déi Kontakter, déi Echangingen ze hunn.

An deen heiten neie Jumelage wär eng gutt Geleeënheet, fir eis Jumelagen allgemeng op de Leescht ze huelen. An dass mer haut och decidéieren – et huet elo keen eng Motioun ausgeschafft, mee decidéieren, dass mer eis där Saach unhuelen. An da misst een decidéieren: Gëtt esou e Grupp agesat? Fir sech dat emol ze iwwerleeën an e Minikonzert op jidde Fall opzestellen. Ech soen Iech Merci.

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gëtt et nach eng Wuertmeldung dozou? Här Schwachtgen, wannechgelift.

## **FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt dat begrëissen, wat elo gesot ginn ass. Virun allem och vum Här Diderich. En Inhalt vun engem Jumelage misste mir méi seriö huelen an deen och vläicht emol opzechnen, vläicht am Beispill vun anere Stied, déi dat scho méi laang aktiv praktizéieren. Bei eis geet et ëmmer méi op Zoufall, hunn ech heiansdo d'Impressioun.

Mir misste wierklech e Konzept opstellen. Vläicht an engem interparteilche Gremium, wat eis Commission des festivités kéint sinn. A mer missten effektiv Krittäre festzeleeën, déi multiple sinn, also vu klengem Alter bis zu deenen Alen. Ech wëll déi Al, wannechgelift, elo net ausschléissen. An deem Sënn kéime mer héchstwarscheinlech weider.

Zu Penzberg selwer, ech hu mech och e bëssen dermat op Wikipedia befaasst.

Am Ufank hunn ech geduecht: Omei, Bayern. Et ass awer, politesch gesinn, dohannen eng ganz aner Konstellation, wéi ee sech se kéint a Bayern virstellen. Den Här Diderich huet deelweis schonn Äntwerten dorobber bruecht.

Et schéngt politesch ganz vill lass ze sinn do, wann een déi lescht Jore gesäit, wat an der Parteilandschaft geschitt ass. Déi awer och ganz interessant, héchstwarscheinlech, am Dialog ass mat Politiker vun dohannen.

An deem Sënn mengen ech, hu mir mat engem Nicole Wohl jo schonn den Akzent gesat. Mir sollten eis méi Gedanke maachen an och méi seriö huelen. Och vläicht méi budgetär Mëttel liberéieren. Awer mat der Oplo, dass déi och verbraucht ginn. An engem positive Sënn. Ech soen Iech Merci.

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Schwachtgen. Da géif ech d'Wuert weiderginn un den Här Ulveling.

## **SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech muss der Madamm Wohl soen, ech weess net, wou si dat héieren huet a wou dat soll geschriwwen sinn. Dat schéngt mir eng komesch Approche ze sinn. Et ass jo hei ganz kloer erausgeklungen, dass wann ee spiert, dass do Attaché sinn, wann ee spiert, dass déi Leit interesséiert sinn, eppes mat eis zesummen ze maachen, da soll ee sech deem net verwieren.

An et kann net sinn, well iergendeng Kéier een, dee vläicht och nach am Gemengerot war, deen eng gewësse Partnerschaft net wollt, dass een doropshi kéint schléissen, dass dat doduerch wier, dass dat am selwechte Land wier. An dann, wéi ech hei héieren hunn, ass jo och gesot ginn, Bayern, dat ass jo net Däitschland.

Ech wëll alles dat begrëissen, wat hei gesot ginn ass zur Partnerschaft. Ech si jo scho länger Zäit verantwortlech fir déi Partnerschaften an ech hu mech och ëmmer agesat dofir, dass dat net nëmme sollte Relatiounen sinn tëschent Politi-

# 5. Jumelage Penzberg

ker, déi dann eng Kéier dohinner fueren an eng Kéier gutt iessen an da war et dat.

An et freet mech, dass an der Lescht verschidde Veräiner vun der Geleeënheet profitéiert hunn, fir do Stagen ze maachen. Do denken ech u Fussballveräiner. Ech denken och un d'Harmonie municipale, déi do Concerte ginn huet. Ech mengen, eng Partnerschaft leeft nëmme vum Austausch. A wa keen Austausch stattfënnt a wann een och duerch ze vill eng grouss Distanz vunenee getrennt ass, ass dat natierlech méi schwéier.

Ech hunn ëmmer versicht, et ass mer leider net gelonge mat eise Schoulen. Well dat fannen ech dat Wichtigst, dass eis Kanner gesinn, wéi am Ausland gelieft gëtt a wéi do d'Schoule sinn. Dat ass mer hei ni gelongen. Well mer muss Léierpersonal fannen, dat bereet ass, déi Kanner ze accompagnéieren, déi ze begleeden, fir an d'Ausland ze goen.

Mir huet ëmmer virgeschwieft, dass een eng Woch géif dohinner goen a kucken, wéi dat do ass. An da kéimen déi selwecht Kanner heihinner an d'Schoul, schlofe bei den Elteren. An dann ass en Austausch, do entsti Frëndschaften. An iwwert déi Frëndschaften eraus ka jo da méi geschéien.

Ech kann dem Här Bertinelli bei eppes net Recht ginn, wat e gesot huet, dat ass, dass e seet, et wär schwéier mat Amerika Austausch ze maachen. Ech wëll just soen, dass dat komescherweis dat eenzegt Land ass, wou mer wierklech Austausch hunn. An dat Dank der EIDE, dem Här Zens, dee sech ganz staark breet gemaach huet mat der High School zu Oxford an och mat de Studente hei vun der Miami University. Wou hie sech wierklech do asetzt. An do sinn Austauscher, Summercamps, déi ware schonn d'lescht Joer, déi ginn och nach intensivéiert. Also komescherweis, obwuel déi wäit Distanz ass, funktionéiert dat ganz gutt.

Mee als Gemeng an eise Subsidereglementer gesi mer jo och vir, wann een eppes mécht mat enger Partnerschaft, dass een do e klengen Obolus vun der Gemeng bäikritt. An ech fannen déi Proposition vum Här Meisch ganz gutt, fir e Partnerschaftsveräin vläicht hei ze grënnen, fir Leit, déi dat inter-

esséiert, fir do méi no a Kontakt ze kommen.

Ech mengen, am Kader vum Comité des fêtes solle mer eng Kéier doriwwer schwätzen, ob een dat net sollt – zu Ahlen funktionéiert dat ganz gutt – vläicht hei och an d'Liewe ruffen. Wann natierlech Leit do sinn, déi dat interesséiert, fir do matzemaachen. Da wier ech ganz frou.

Vu menger Säit aus weess ech, dass esou Partnerschaften nëmme funktionéieren, wann effektiv vu béide Säiten les atomes crochus huet, wéi ee sou schéi seet. A wann ee spiert, do ass eppes ze maachen. Penzberg huet jo och vill mat Kultur ze dinn, och Ahlen. Do hu mer e Projet iwwer Biller – mir hatten eng Kéier eng Expositioun hei vum Yvon Lambert –, wat mer deenen Ahlener scho proposéiert hunn an och de Penzberger. Dass mer hinnen déi Expo géifen ausléinen a si eis der och kéinten ausléinen. Soudass effektiv en Echange muss kommen. An ech wënsche mer, wéi Dir all hei sot, datt dat effektiv nach méi intensiv gelieft gëtt.

Ech mengen, et sollt een net ze vill Partnerschaften huelen, well soss verzettelt ee sech. Mee et muss een déi richtig hunn. Mir ass et egal, ob elo zwee an engem Land sinn oder net. Déi nooste Partnerschaft, mat Lonkech, do leeft am Fong net ganz vill. Ausser, dass mer mam Comité des fêtes emol eng Kéier den Houseker dohinner schécken a si eis ...

---

## ENG STËMM:

An de Kleeschen.

---

## SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An de Kleeschen, jo. An dass si eis am Januar Galette des rois bréngen.

Dat gesot, soen ech Iech Merci. Ech hoffen, dass Der dat ënnerstëtzt.

---

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech wëll och e puer Wieder drun hänken. Villmools Merci, Här Ulveling, fir déi Richtegstellung a fir déi Informa-

entre politiques, mais aussi entre citoyens.

Il félicite les associations ayant profité de l'occasion pour faire des stages dans les villes jumelées. Ce sont les échanges qui font vivre le jumelage.

Tom Ulveling déplore qu'il n'ait pas été capable de monter un projet scolaire. Il s'imaginait un échange scolaire d'une semaine dans les villes respectives. Les élèves dormiraient chez les parents d'élèves des classes jumelées.

Tom Ulveling est d'accord avec monsieur Bertinelli pour dire qu'il est difficile d'entretenir des échanges avec les États-Unis. Il précise cependant que c'est le seul pays avec lequel il y a véritablement un échange. Et ce, grâce à l'EIDE, et l'engagement de monsieur Zens, qui s'est imposé ici avec la High School d'Oxford et avec les étudiants de la Miami University.

Tom Ulveling rappelle que la commune octroie également des subides pour l'organisation d'événements avec une ville jumelée et salue la proposition de monsieur Meisch de créer une sorte de comité de jumelage. Une discussion pourrait être menée au sein du comité des fêtes en ce sens.

Tom Ulveling sait que de tels partenariats ne fonctionnent que s'il y a des atomes crochus. La ville de Differdange a par exemple proposé aux villes d'Ahlen et Penzberg de leur prêter tour à tour son exposition d'Yvon Lambert. En échange, elles prêteraient à leur tour une exposition à la ville de Differdange.

Tom Ulveling pense toutefois qu'il faut privilégier la qualité plutôt que la quantité. Les jumelages avec les villes plus proches ne sont pas nécessairement les plus actifs. Avec Longwy, il n'y a presque pas d'échange à part quand le comité des fêtes s'y rend pour la Saint-Nicolas ou quand notre partenaire nous apporte la galette des Rois en janvier.

Tom Ulveling espère que l'accord sera approuvé.

---

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) souhaite ajouter quelques mots. Elle remercie monsieur Ulveling pour les explications supplémentaires. Elle tient à saluer également



## 6. Commissions / Questions

la dynamique qui s'est créée dans la salle au sujet de Penzberg.

Elle appelle à toutes les personnes intéressées ayant exprimé leur enthousiasme à ce sujet à se réunir afin de collaborer à des projets. La commune est ouverte à toute proposition. Christiane Brassel-Rausch insiste sur l'importance de définir des critères de sélection précis.

Elle souligne également l'importance des échanges européens et internationaux dans le climat actuel afin que les étrangers ne soient plus des étrangers, dans tous les sens du terme. Ce qu'il faut c'est bien s'entendre pour bien se comprendre.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au dernier point de la séance publique. Il s'agit des changements au sein des commissions consultatives. Les chrétiens sociaux informent que madame Carla Raoul remplace monsieur Jeremy Muller à la commission des jeunes. Monsieur Jeremy Muller remplace monsieur Roger Depienne à la commission du logement. Monsieur Claude Olten remplace monsieur Depienne à la commission de l'environnement. Madame Camelia Braun remplace madame Françoise Wilwo à la commission de l'égalité des chances entre femmes et hommes. Les messieurs Thierry Ternes et Jerry Hartung remplacent madame Wilwo et madame Nicole Gaasch à la commission des seniors, avec la proposition de nommer monsieur Hartung comme président..

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch constate que monsieur Ulveling est parti. Elle propose de passer à la question écrite de monsieur Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL)** explique que le 4 février dernier, une manifestation de l'OGB-L Landesverband a eu lieu devant le bâtiment administratif du T.I.C.E., dont la commune de Differdange est membre.

Lors de cette manifestation, le président de la délégation du personnel du T.I.C.E. a parlé de scandale et a dénoncé le fait qu'il n'y ait pas d'installations sanitaires pour les chauffeurs de bus au terminus de Differdange près de l'école.

tiounen. Ech, mengersäits, begréissen elo wierklech ausdrécklech déi Dynamik, déi elo hei an dësem Raum entsteet mat Penzberg.

An ech fuerderen einfach alleguer déi Leit op, déi Interessé weisen an déi offensichtlech Interessé hunn: Ditt Iech zesummen, schlot eis eppes vir. Mir sinn op derfir. An da kucke mer zesummen, wéi mer weiderginn. Ech denken, wat wichteg ass, ass, dass Krittären ausgeschafft ginn: Wou wëlle mer hin? Firwat wëlle mer dat?

An da wëll ech awer och nach ënnersträichen, dass genau an den Zäiten, wéi se haut sinn, Austausch op europäeschem Niveau a mam Ausland a mat Auslänner ëmsou méi wichteg ass. An dass d'Auslänner net méi Auslänner sinn, an dass déi Friem keng friem méi sinn. An dass genau an deem Sënn, egal wéi vill Stied vun engem Land, et wichteg ass, wa mer eis verstinn, wa mer eis kënne verstännegen, dass mer an déi Richtung solle goen.

Wéi gesot, et ass eng Opfuerderung un alleguer déi, déi elo hir Begeeschterung ausgedréckt hunn: Setzt Iech zesummen, schlot dem Schäfferot eppes vir. Mir sinn op. Mir gi mat op de Wee, wann en dann ze goen ass.

An da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'accord de jumelage avec la ville allemande de Penzberg.*

---

Da komme mer zu eisem leschte Punkt vun der Séance publique. Dat sinn d'Changements au sein des commissions consultatives. D'CSV Déifferdeng informéiert eis, dass d'Madamm Carla Raoul den Här Jeremy Muller an der Jugendkommissioun ersetzt. Den Här Jeremy Muller remplacéiert den Här Roger Depienne an der Logementskommissioun. Den Här Claude Olten remplacéiert den Här Depienne an der Ëmweltkommissioun. D'Madamm Camelia Braun remplacéiert d'Madamm Françoise Wilwo an der Chancëgläicheetskommissioun. Den Här Thierry Ternes an den Här Jerry Hartung erset-

zen d'Madamm Wilwo an d'Madamm Nicole Gaasch an der Seniorekommissioun, mat der Propos, den Här Hartung President vun der Seniorekommissioun ze maachen.

Ass dat okay?

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

---

Da komme mer elo zu de Froen. Lo ass den Här Ulveling fort. Wann Der erlaabt, huele mer déi schrëftlech Fro vum Här Ruckert vir. An da sinn den Här Muller an den Här Bertinelli nach, déi Froe stellen. Merci. Här Ruckert, wannechgelift.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, de 4. Februar vun dësem Joer war virun dem Verwaltungsgebai vum T.I.C.E., also vum Transportsyndikat, wou d'Déifferdenger Gemeng och Member ass, eng Protestaktioun vum OGB-L Landesverband.

An op där Protestaktioun huet de President vum Betriebsausschuss vum T.I.C.E. vun engem Skandal geschwat a gemengt, dass et eng Zoomuddung wär, dass d'Chaufferen hei op der Endstatioun zu Déifferdeng bei der Schoul nach ëmmer keng Sanitäranlagen hätten.

D'Gewerkschaft fuerdert, wann ech mech richteg erënneren, während zéng Joren esou Sanitäranlage fir d'Chaufferen. Besonnesch well déi Faarten, déi se maachen, véier Stonnen daueren. Well se da grouss Schwieeregkeeten hunn, iwwert d'Ronnen ze kommen. Déi Situatioun huet sech nach verschäerft, wou net nëmme Männer als Chaufferen agestallt gi sinn, mee och nach Fraen als Chaufferen. An et muss ee soen, dass déi Situatioun bis haut net behuewen ass.

Dofir meng Froen un de Schäfferot: Ass de Schäfferot am Bild iwwert dee Problem? Ass de Schäfferot an der Ver-

gaangenheet schrëftlech oder mëndlech vum Gemengesyndikat Syvicol oder vun der Direktioun vum T.I.C.E., am Zesummenhang mat dëse feelende Sanitäranlagen op der Endstatioun Déifferdeng ugeschwat ginn?

Ass d'Gemeng scho vum T.I.C.E. gebiede ginn, eppes an där Saach do ze ënnerehuelen? Oder gëtt et souguer Gesprécher tëschent der Gemeng an dem T.I.C.E. fir dee Problem ze behiewen? An als Lescht wollt ech froen: Ass de Schäfferot net der Usicht, dass ganz séier eppes misst, am Interesse vun de Chaufferen, geschéien, fir eng Léisung hei bei eis am Zentrum ze fannen?

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Ech géif d'Wuert weiderginn un den Här Liesch.

---

## **SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. Effektiv war, wéi den Här Ruckert gesot huet, ee Protestpiquet virum T.I.C.E. Et muss een awer soen, dass just eng Gewerkschaft deelgeholl hat un deem Protestpiquet. Déi aner Gewerkschaft vum T.I.C.E. hat sech schrëftlech un de Büro gewannt a sech distanzéiert vun där Protestaktioun.

Si schreiwen, dass se am Fong éischer op Dialog setze wéi Konfrontatioun. A si schreiwen och, dass an deene leschte Joren den Dialog mat der Direktioun, mam Büro a mam Komitee immens gutt wär. An dass een an deem Sënn soll weiderschaffen amplaz op onnéideg Konfrontatioun ze setzen. Esou de Wuertlaut vun där anerer Gewerkschaft, déi am T.I.C.E. ass.

Elo zu de Fäiten. Den Här Bertinelli war viru mir am T.I.C.E. am Büro, kann dat bestëmmt bestätegen, wat ech elo hei soen, respektiv, wann ech eppes Falsches soen, mech korrigéieren. Et ass esou, dass dee Fait, wéi Dir gesot hutt, déi lescht zéng Joer, emol sécher net wouer ass. Well soulaang wéi mir den Hall polyvalent de la Chiers haten, hatten d'T.I.C.E.-Chauffere Schlëssle fir do eran. Dat heescht, déi konnten zu all Moment dohinnegoen.

Elo ass déi Hal säit engem Joer net méi disponibel. Mir hunn awer mat der Direktioun gekuckt gehat: Wou gëtt et nach Problemer vun Toiletten? Wou wäeren der nach néideg? Mir hunn hei an der Gemeng jo dräi Linnen. Dorënner ass d'Linn 6, déi Lasauvage bedéngt an op Déifferdeng kënnt a weider bis op den Aquasud fiert. An do ass eng Méiglechkeet, dass d'Chauffere kënnen op d'Toilette goen. Dat ass déi eenzeg Linn, déi net op Esch zréckfiert. Déi mécht just Lasauvage-Déifferdeng. Do hu mer also eng Léisung.

D'Linn 1 ass déi, déi vun Esch op Déifferdeng an op Lamadelaine fiert. Do ass et esou, dass eng Léisung gesicht gëtt mat der Gemeng Péiteng, fir eeben um Terrain vu Lamadelaine, well do d'Endstatioun ass, ze kucken, do eng Toilette anzeriichten.

Bei der Déifferdenger Schoul ass et esou, dass den Arrêt jo schonn zimmlech kuerz ass, dass mer deen net wëlle weider belastschten doduerch, dass do d'Busser, soen ech emol, nach méi laang stinn, fir eventuell op d'Toilette ze goen oder Paus ze maachen. Well mer schonn do immens enk sinn, dass mer dee Quai wëllen ëmmer relativ schnell erëm evakuéieren, fir dass do kee Réckstau an d'Strooss geschitt. Wat awer heiansdo nach virkënnt. Mee do si mer amgaang drun ze schaffen, fir eng Léisung ze fannen.

D'Linn 2 mécht Esch-Déifferdeng iwwert de Belval. Et muss ee wëssen, déi huet eng Faartzäit vun 20 Minutten. Dat heescht 20 Minutten Esch-Déifferdeng an erëm zréck. Soudass d'Chaufferen eigentlech innerhalv vu 40-50 Minutten erëm zu Esch sinn an do natierlech Sanitäranlage sinn.

Mir verwieren eis awer net, wann do eng Fro géif komme vum T.I.C.E., fir eng Léisung ze fannen. Do gëtt et Méiglechkeeten. Eng Méiglechkeet wär, déi Linn 2, déi fiert zum Beispill hei laanscht d'Gemeng. Wou ee sech kéint virstellen, dass déi T.I.C.E.-Chaufferen, wann et misst sinn, hei kéinte stoebleien an hei an d'Gemeng op d'Toilette kéinte kommen. Wäer also absolutt keen Theema. Esou eng Demande ass net vum T.I.C.E. komm. Si ënnersichen elo nach, wou iwwerall esou Problemer sinn. Net nëmme bei eis an der Gemeng, mee och an anere Gemengen.

*Cela fait déjà dix ans que le syndicat réclame ces installations sanitaires. Ces chauffeurs font souvent des trajets de quatre heures pour pouvoir joindre les deux bouts. La situation est d'autant plus délicate maintenant qu'il y a aussi des femmes chauffeuses de bus.*

*Ali Ruckert veut savoir si le collège échevinal est au courant de cette situation et si la commune a déjà été sollicitée par le T.I.C.E., ou le Syvicol, en rapport avec ces installations sanitaires ou si des discussions sont en cours. Finalement, il demande si le collège échevinal considère qu'il est urgent de trouver une solution dans l'intérêt des chauffeurs.*

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *rap-pelle que seul un syndicat du T.I.C.E. avait participé à ce piquet de protestation, l'autre s'étant distancé de la manifestation dans un courrier adressé au bureau/à la commune.*

*L'autre syndicat du T.I.C.E. y précise qu'il préfère miser sur le dialogue, qui a toujours été très bon entre le bureau, la direction et le comité, plutôt que sur une confrontation inutile.*

*Georges Liesch tient à corriger l'affirmation de monsieur Ruckert concernant les dix ans. En effet, jusqu'à il y a un an, tous les chauffeurs du T.I.C.E. avaient accès au Hall polyvalent de la Chiers, où ils pouvaient utiliser les installations sanitaires.*

*Des discussions sont en cours avec la direction du T.I.C.E. afin de déterminer toutes les zones à problèmes sur les lignes. La commune compte trois lignes. Parmi elles la ligne 6, qui dessert Lasauvage en passant par Differdange. Le terminus Aquasud offre aux chauffeurs la possibilité d'utiliser des toilettes. Pour cette ligne-ci, le problème est donc réglé.*

*La ligne 1 dessert Esch, Differdange et Lamadelaine. Georges Liesch explique qu'une solution est en cours d'élaboration avec la commune de Péitange, le terminus se trouvant à Lamadelaine.*

*En ce qui concerne l'arrêt de l'école de Differdange, le quai n'étant pas très long, il doit être évacué rapidement afin d'éviter d'engorger la cir-*

*culation. Il faudrait donc trouver une solution qui permettrait aux chauffeurs d'aller aux toilettes ou de faire une pause sans occasionner de bouchons.*

*Le trajet de la ligne 2 qui dessert Esch, Belvaux et Differdange ne dure que 20 minutes. Les chauffeurs sont donc de retour à Esch en 40 à 50 minutes et peuvent utiliser ces installations sanitaires.*

*Georges Liesch se dit évidemment prêt à trouver une solution si le T.I.C.E. en faisait la demande. Étant donné que la ligne 2 passe devant la maison communale, les chauffeurs du T.I.C.E. pourraient, le cas échéant, utiliser ces toilettes. Or, le T.I.C.E. n'a rien demandé. En effet, il analyse actuellement la situation globale afin d'identifier les problèmes dans toutes les communes.*

*Georges Liesch précise que le T.I.C.E. possède d'ailleurs une installation sanitaire mobile et qu'il suffirait à la commune de fournir une arrivée d'eau, une évacuation et du courant pour l'installer à un endroit où le T.I.C.E. juge des toilettes supplémentaires nécessaires. Finalement, il rappelle qu'il y a un peu plus d'un an, un nouvel arrêt de bus avec des toilettes a été aménagé à Niederkorn à proximité du terrain du Progrès, notamment pour les bus RGTR qui ont des temps de pause plus longs que ceux du T.I.C.E. Cela a permis de désengorger l'arrêt Aquasud. Si le T.I.C.E. en faisait la demande, ces installations seraient directement disponibles pour ses chauffeurs. Ils pourraient s'y rendre et y faire leur pause sans aucun problème. D'après lui, la commune dispose de suffisamment de solutions pour régler ce problème.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *interrompt monsieur Liesch pour demander de confirmer qu'il n'est donc pas prévu d'installer des toilettes pour les chauffeurs à l'arrêt de l'école de Differdange.*

*Il précise que, lorsque le bus arrive au terminus, il y reste un certain temps. Selon lui, il est clair qu'un chauffeur de bus faisant le trajet de Bascharage à Niederkorn ou à Differdange ne peut pas s'arrêter près du terrain de foot pour aller aux*

*Mee mir sinn op fir all Saach, déi nach kënnt.*

Des Weideren huet den T.I.C.E. eng mobil Sanitäranlage, déi iergendwou kann opgestallt ginn. Dat heescht, wann den T.I.C.E. géif mengen, mir hätte bei eiser Linn a bei eis um Territoire d'Noutwendegkeet, fir eng zousätzlech Toilette ze maachen, bräichte mer am Fong just e Waasseruschloss, e Kanalschloss an Elektresch. Dat ass also näischt Gewaltes. An eng Plaz fannen. Dat wär eng Méiglechkeet, fir esou eng mobil Anlage hei ze installéieren. Wou ech awer elo wierklech net direkt de Besoin gesinn, fir déi hei an der Gemeng ze maachen.

Als Lescht kann ech nach soen, dass mer virun engem gudde Joer zu Nidderkuer beim Progrèsterrain eng nei Busarrêt-Plaz gemaach hunn, haaptsächlech fir den RGTR. Fir déi Busser, déi laang Paus maachen, fir déi vum Aquasud ewechzekeréien. Dass mer déi e bëssen erauskréien. An do hu mer jo eng Toilette an alles installéiert. Fir dass déi Chaufferen, déi do waarden – an déi hu jo méi laang Pausen, méi laang Rouzäite wéi déi vum T.I.C.E. –, do kënnen op eng Toilette goen. Déi ass disponibel.

Och déi wär fir den T.I.C.E. direkt haut accessibel, wann eng Demande do géif kommen. Well déi ass do. De Bus kéint dohinner fueren. Wann de Buschauffer eng Paus mécht, kann en dohinner fueren. Wäer also absolutt kee Problem. Soudass ech mengen, dass een dat e bësse ka relativéieren, dass mer hei an der Gemeng awer, mengen ech, genuch Solutiounen hunn, fir deem entgéintzewierken.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Entschëllegt. Wann ech Iech richtig verstane hunn, ass net virgesinn, zu Déifferdeng bei der Schoul, dass d'Chaufferen do iergendwéi d'Toilette kënne benotzen. Ass dat esou?

Well Dir musst jo wëssen, wa vun enger Endstatioun geschwat gëtt vun enger Linn, heescht dat, dass d'Chaufferen da méi laang Zäit hunn, op där Endstatioun. D'Busser sti vill méi laang. An ech ka mer, éierlech gesot, net virstellen, wann de Bus vu Bascharage op Nidder-

kuer oder op Déifferdeng fiert, dass de Chauffer dann zu de Clientë beim Nidderkuerer Terrain, seet: „Entschëllegt, ech bleiwen elo emol hei stoen, ech ginn hei op d'Toilette“. Esou funktionéiert dat net.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Nee.

**ALI RUCKERT (KPL):**

An dat géif e jo och net gestatt kréien.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Nee, natierlech net. Dir hutt jo ganz Recht. Also wéi gesot, vun deenen dräi Linnen ass jo nëmmen eng, déi souze-soen eng Endstatioun huet, bei eis. Dat ass d'Linn 2. An dee Moment, wou en eng Paus mécht, muss e jo net bei der Schoul zu Déifferdeng stoebleiwen an de Quai do onnéideg laang blockéieren. Mee e kéint op Nidderkuer fueren, zum Beispill. Oder e kéint op den Aquasud fueren, do seng Paus maachen um Parking, an do dann op d'Toilette goen. Mir hunn also schonn zwou Méiglechkeeten, wou de Buschauffer dat kéint maachen.

Mir fannen et just net glécklech, dass en um Quai zu Déifferdeng bei der Schoul, dee wierklech enk ass. An ech mengen, Dir kennt déi Situatioun, wann do awer heiansdo Gelenkbusser kommen, da steet dee schonn hannen e bësse queesch an d'Strooss. Dat ass schonn immens enk. Do schaffe mer un enger neier Léisung, fir méi e grouesse Quai e bësse méi wäit eriwuer ze installéieren. Do kann een dat dann och vläicht virgesinn. Mee bei der Schoul gesi mer et de Moment wierklech net.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Wann dat kloer ass, da kënne mer zu den nächste Froen iwwer-



wergoen. Dat wier dann den Här Muller, wannechgelift.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. Meng Fro betrëfft d'Residence vum Fonds de Logement op der Place des Alliés. Déi Residenz gëtt elo souwäit fäerdeg, lues a lues. Do hat ech an der Zäit emol Gespréicher. An zwar geet et ëm déi Lokaler um Rez-de-chaussée, déi elo do disponibel ginn.

Do sollt mer jo eventuell een Deel vun deene Lokaler vun der Gemeng iwwerhuelen. Ech hat selwer Gespréicher, virun e puer Joren, mam Foyer de la Femme. An och d'Union des Femmes kéint un dee Projet erugezu ginn. Fir deenen Organisatiounen eng besser Visibilitéit ze ginn, fir do eng Activité senior an engem vun deene Lokaler ze maachen.

Déi aner betrëfft dat Lokal, wou eng Brasserie sollt drakommen. Ech wollt froen: Wat geschitt elo do? Sinn do Kontakter mam Fonds de Logement? Wat ass elo geplangt? Wat soll an déi Lokaler um Rez-de-chaussée kommen? Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir haten elo kierzlech eng ganz Delegatioun vum Fonds de Logement hei am Schäfferot. Iwwert déi konkreet Froen do, wou Dir elo frot, hu mer net geschwat. Mee de City-Manager ass drop.

---

**ENG STËMM:**

Si kucken dat mat där Kommissioun.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Okay.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo, mam Comité d'activité économique. Här Bertinelli, wannechgelift.

---

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, léif Kolleginnen a Kollegen, ech sinn enorm frou, datt mer d'nächst Woch hei am Land e Gratistransport hunn. Ech perséinlech fannen dat phenomenal. Et sinn net vill Länner op der Welt, wou et dat gëtt. Wou den ëffentlechen Transport, den Zuch, Bus an alles gratis ass fir d'Awunner vun engem ganze Land. Eppes, wat mech extreem freet.

Ech wëll hei soen, datt d'LSAP dat 1995 déi éischte Kéier an engem vun hire Walprogrammer gefuerdert hat. Fir d'éischt d'jonk Sozialisten. A wann dann esou eppes 20 oder 30 Joer duerno Realitéit gëtt, muss een nëmme soen, datt mer scho matzäit un dat geduecht haten. An natierlech freet et mech och als viregte Verkéiersschaffen, datt een och do eng ganz aner Vue an eng ganz aner Politik ka maachen, wann den ëffentlechen Transport gratis ass.

Ech wëll soen, datt d'Gemeng Déifferdeng och do Prédécesseur ass. Dass mir praktesch eng vun deenen eenzege Gemenge waren, déi hire Leit e gratis Bus-service zur Verfügung gestallt hat. Wat net näischt ass. Dat war iwwer eis Gemeng ewech bekannt an och wierklech eng gutt Geschicht.

Dat ass elo ab nächster Woch akut, do hunn ech mer Froen gestallt, well ech mech schonn déi Zäit als Verkéiersschaffen domadder beschäftegt hat. An och ganz, ganz vill Nues an Dieren agelaf sinn op d'Ministèren, fir déi eenzel Subsidien ze kréie fir dee Service, dee mer eise Bierger hei ugebueden haten. Dat heescht de Gratistransport.

Wann ee weess, wéi dat funktionéiert huet, datt e groussen Deel vum Transport hei am Land och déi Zäit schonn, och wou e payabel war, vum Transportministère ënnerstëtzt ginn ass. Wéi den T.I.C.E. an alleguerten déi Busunternehmen. Wou ganz vill Geld iwwert de Ministère kumm ass.

A mir och eng Kéier ugefrot haten, mat laangwierigem Pabeierkrich, fir alles hinzekréien. A mir si gescheitert, an der Lescht, um gratis sinn. Si hate gesot: „Wann Der nëmme e klengen Obolus géift froen, da kéinte mer der Gemeng Déifferdeng e Subsid ginn. An dat ass

toilettes pendant sa course. D'ailleurs, ce n'est pas permis.

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** répond qu'il a évidemment raison, mais que des trois lignes, seule la ligne 2 a son terminus à Differdange et que ce n'est donc pas prévu. Du moment que le chauffeur est en pause, il n'est pas obligé de bloquer inutilement le quai près de l'école. Il pourrait se rendre à Niederborn ou à l'arrêt Aquasud pour y faire sa pause sur le parking, qui est équipé de toilettes. Il existe donc deux solutions pour ces chauffeurs.

Selon Georges Liesch, le problème se situe au niveau du quai de l'école de Differdange, trop court pour les bus articulés. Des discussions sont en cours pour la construction d'un quai plus grand un peu plus loin, des toilettes pourraient éventuellement être prévues aussi.

---

**ALI RUCKERT (KPL)** le remercie pour ces explications.

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** propose de passer aux questions suivantes et donne la parole à monsieur Muller.

---

**ERNY MULLER (LSAP)** souhaite poser une question concernant la résidence, presque achevée, du Fonds de Logement Place des Alliés, et plus précisément les locaux disponibles du rez-de-chaussée.

Il était question que la commune en occupe certains. Erny Muller rappelle qu'il y a quelques années, il avait eu une entrevue avec le Foyer de la femme dans le cadre d'un projet d'activité sénior, qui impliquerait peut-être aussi l'Union des femmes et permettrait de donner plus de visibilité à ces organisations.

Finale, Erny Muller souhaite savoir s'il existe déjà des plans concrets concernant le local qui devait abriter une brasserie ou l'affectation des locaux du rez-de-chaussée en général. La commune est-elle en contact avec le Fonds de Logement?

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** répond que le collègue échevinal avait récemment rendez-vous avec

*toute une délégation du Fonds de Logement, mais que ces questions précises n'ont pas encore été abordées. Elle assure que le « city manager » s'occupe de cette affaire. Une voix répond que des discussions sont en cours avec la commission compétente.*

**ERNY MULLER (LSAP)** acquiesce.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** précise qu'il s'agit du Comité d'activité économique et passe la parole à monsieur Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** exprime son énorme joie quant à la gratuité des transports publics, qui entrera en vigueur la semaine prochaine. Il n'existe pas beaucoup de pays dans le monde où les habitants peuvent jouir d'un tel service. Il trouve cela phénoménal.

Fred Bertinelli rappelle qu'en 1995, ce point faisait déjà partie du programme électoral des jeunes socialistes. Il est fier de constater qu'ils étaient des précurseurs en la matière. Il se réjouit du fait qu'une tout autre politique soit possible grâce au transport public gratuit.

Fred Bertinelli rappelle également que Differdange fut la première commune à proposer un service de bus gratuit à ses habitants.

À l'époque où il était échevin à la mobilité, il avait dû faire des pieds et des mains auprès de ministères afin d'obtenir les subsides nécessaires pour offrir ce service de transport gratuit aux citoyens.

Il explique qu'une grande partie du transport, tel que le T.I.C.E. et autres sociétés de transport, a toujours été financé par le ministère du Transport, même du temps où il était payant.

Fred Bertinelli explique que tous les efforts de la commune en ce sens sont restés vains, elle n'a jamais obtenu de subsides et a décidé de prendre en charge les coûts du Diffbus elle-même. Maintenant, la question ne se pose plus.

Il estime cependant que la commune a droit à des subsides du ministère étant donné qu'il s'agit d'un service aux citoyens. Dans d'autres communes, ce genre de services est subventionné.

awer net méiglech, well Der gratis sidd“.

Ech mengen, dat ass jo elo iwwer Bord gehäit. Dat ass net méi esou. An ech mengen, den ehemolege Schäfferot, wat en och éiert, wollt op dee Wee goen, och wann et e Minimum gewiescht wär. Mer wollten de Leit weider näischt froe fir den Diffbus. Mir sinn an eiser Position bliwwen. Mir hunn dat da bezuelt. A mir hunn déi Subsiden net kritt.

Wou ech awer mengen, datt mer elo d'Recht awer hätten, e Subsid unzufroen. Well dee Service, dee mer do ubidden, eppes ass fir eis Bierger, deen enorm ass. An, vu datt ech och an anere Gemenge gesinn hunn, datt dat och subventionéiert ginn ass vum Staat, fir dat och subventionéiert ze kréien, ganz grouss. Datt Déifferdeng do eppes vum Ministère kéint kréien.

Meng éischt Fro: Ass dat um Lafen? Si mer souwäit, datt mer dat gefrot hunn? Oder ass dee Wee, dee mer schonn eng Kéier gemaach hunn, dee Wee op den Transportministère, fir déi ganz Do-leancé virzeleeën, amgaang? An och fir ze kucken, deen Invest, dee jo net näischt ass, et si praktesch bal zwou Milliounen, déi mir do investéieren als Gemeng, wat mer do kéinten als Subsid vum Staat erëmkreien?

Eng aner Fro: Elo iwwerschneit sech dat. Wat mer och eng Kéier geduecht haten, fir ze kucken, fir all déi Strecken, déi den Diffbus fiert, wou elo den T.I.C.E. fiert oder aner Busunternehmen, wat jo elo gratis ass, fir do net double Emploi ze maachen. Fir ze kucken: Wou kënne mer Weeër aspuere mam Diffbus? A vläicht Quartieren ufueren, déi mer an deene leschte Joren net konnten ufueren, well et zäitlech an och mam Opgoe vum Takt net méi gaangen ass.

Vu datt elo all Mënsch an deenen Haaptakten, wou den T.I.C.E. an aner Busser fueren, déi benotze kann. Och gratis. Soudatt den Diffbus do net méi brauch ze fueren an aner Strecke ka fueren. Do misst een och kucken, fir en neie Plang opzesetzen. An do wollt ech froen: Wéi wäit d'Verkëierskommission, an Dir, Här Liesch, wéi wäit mer do sinn?

Ob mer um Schaffe sinn, fir en neien Zäitplang hinze kréien? An effektiv déi fräi Zäit, déi eis do bleift, den Diffbus vläicht benotzen, fir dee grouss Manktem, dee mer hunn, fir eis Kanner an d'Sportsinfrastrukturen oder an déi eenzel Veräiner ze kréien. Wou een da Busstonnen ze vill huet, vläicht an dat anert kéint iwwergoen an esou eppes maachen?

Nach eng Kéier: Ech sinn enorm frou, datt ab nächster Woch an engem Land wéi Lëtzebuerg den Transport gratis ass. An ech hoffen, datt mer och d'Kéier kréien, ech weess, datt et ganz, ganz vill Aarbecht ass – mir si jo eng grouss Gemeng –, fir déi Trakten alleguer hinze kréien. Dat ass eng Sisypheaarbecht. Ech hu se schonn eng Kéier gemaach. Ech weess wat et ass.

Mee ech mengen, elo sollt een awer dovunner profitéieren, éischstens e Subsid ze kréie vum Staat. Wou een elo d'Recht drop huet. An zweetens dee ganzen Tour eng Kéier ze iwwerdenken, fir net double Emploi ze maachen, mam effentlechen Transport, déi souwisou schonn do fueren.

Duerfir sollt een eng Kéier dat Ganzt op de Leescht huelen a kucken, awéiwäit mer eise Bierger en nach besseren Transport ubidde kënnen. An och Saachen, wou vläicht zäitlech net méi duer gaangen ass, wou mer elo fräi Stonnen hunn, fir dat dann de Leit kënnen unzebidden.

Eng aner Fro wär, wat d'CFL ugeet. Wéi wäit si mer mam CFL? Ech weess, datt mer hei wierklech bal eng Kéier op Konfrontationskurs mat CFL gaange waren. Do ware mir nach am Schäfferot. Wéi wäit si mer do? Sinn déi Gespréicher nach ëmmer amgaang? Wéi den Arrêt an der Woiwerstrooss, den Ausbau vu verschiddene Sitten.

Wou et mer wierklech leed doet, datt mer déi drëttgréisst Stad am Land sinn, an een d'Leit moies stoe gesäit, op verschiddene ländleche Stoppe vun der Eisebunn – besser Infrastrukturen, wéi mir se hei an eiser Stad hunn. Wat traureg ass. A wou ee muss drop opmierksam maachen.

Wéi ass de Rapport de Moment mat der CFL a mam Ministère? Komme mer do weider? Well mir schwätzen da

mol an, da gëtt dat no annerhallwem oder zwee Joer vergiess. Och enorm wichteg fir eng Stad wéi Déifferdeng, deen Arrêt hannert der Woiwerstrooss, well do déi Quartieren ëmmer méi amgaang sinn ze wuessen. Och dass een da muss am Zentrum Déifferdeng erausklammen, bis dohinner. An den Zuch fiert souwisou op zwanzeg Meter laanscht. Do sollt een och kucken, fir e besseren Ralliement ze kréien.

Dat si meng Froen, déi ech hätt. A wéi gesot, nach eng Kéier: Ech sinn enorm frou, datt ab nächster Woch den öffentlichen Transport am ganze Land gratis ass. Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Ech denken den Här Liesch äntwert op Är Froen.

---

## **SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech fänke vläicht hannen, bei där leschter Fro, un. Dir wësst, dass ech déi selwecht Meinung hu wéi Dir. Deen Arrêt, dee mer do hunn, ass enger Stad wéi Déifferdeng net wierdeg. Zumindest net dee vun Déifferdeng-Zentrum. An och net dee vun Nidderkuer. Dee vun Uewerkuer ass jo elo an der Rei. Dat ass fir mech tiptopp. Mee déi aner zwee, do si mer wäit ewech dovunner.

Mir hunn eng Entrevue gefrot mat der CFL, fir do nach eng Kéier de Punkt ze maachen an hinnen ze soen, wat mer gär hätten. An och fir hinne kloerzemaachen, dass mir bereet sinn, als Gemeng och do matzeinvestéieren, matzeplangen, matzedenken. Dass mer dat kënnen zesumme maachen, am Interêt vun der Mobilitéit.

Fir dass dat alles, wéi Dir och sot, attraktiv ass. Dass ee moies op der Gare net am Reen an am Schnéi steet a schonn naass an den Zuch klëmmt. Dann huet een, mengen ech, scho keng Loscht. An am Duerchbruch do steet an deen aneren Dag da krank ass, an ech weess net nach wat.

Also, déi Entrevue hu mer ugefrot. Ech hoffen, dass mer se relativ kuerzfristeg kréien. An ech hoffen och, dass de Schafferot hei am Gemengerot da ka

verkënnegen, dass mer do e Resultat opzeweisen hunn.

Déi zweet Fro, mam Plang. Do hu mer effektiv déi lescht Méint dru geschafft. Well, wéi Der gesot hutt, den Transport gëtt gratis. Da muss ee jo eigentlech alles nei belichten. Déi Strecken, déi den T.I.C.E., den RGTR an den Zuch maachen, muss een eigentlech da consideréieren um selwechten Niveau, op där selwechter Aenhéicht wéi den Diffbus.

An da kann een natierlech soen, da muss den Diffbus, wéi Der gesot hutt, net och nach den Arrêt mam véierte Bus do ufueren. Dat mécht da wierklech kee Sënn. Dee Plang ass ausgeschafft ginn. Ass och eng Kéier am Schafferot, virun zwou Wochen, virgestallt ginn. Dee kënnt elo an d'Kommissiounen. Och, fir en Avis ze froen, wéi dat ausgesäit.

De Schwéierpunkt louch bei deem Plang, wéi Der gesot hutt, fir déi Quartieren, wou mer am Moment net esou present waren, eventuell unzeschléissen. A fir op Strecken, déi ganz attraktiv sinn, d'Frequenz eropzesetzen. Déi zwou Saachen hu mer probéiert ze optiméieren.

Dat heescht, den Diffbus huet jo en 30-Minuten-Trakt. Do gëtt et awer Strecken, wou et sécher interessant wär, mir géife wäit erofkommen. An dofir fieren dann effektiv elo méi Busser. Mee do hu mer den Trakt erhéicht. Wat, mengen ech, de Leit och entgéintkënnt, zumindest op deene Strecken, déi vill frequentéiert ginn. Dat waren am Fong déi zwou Zilsetzungen, fir de Plang auszeschaffen.

An dat Éischt, wat Der gefrot hutt, mam Subsid, do hu mer nach kee Bréif gemaach. Mee Dir hutt awer ganz Recht. Souwéi Der et geschëldert hutt, war deemools de Refus jo komm, well mer e Gratistransport haten, e gratis Diffbus. An ech fannen, dee Bréif sollte mer nach eng Kéier maachen an erëm ufroen. Well elo sinn d'Kaarten nei gestéckelt.

Zumindest misst de Mobilitéitsministère sech positionéieren, ob mer dann elo hei Recht hätten op e Subsid oder net. Ech fannen, do hutt Der ganz Recht. Dee Bréif sollte mer op jidde Fall nach

*Fred Bertinelli veut tout d'abord savoir si ces subsides ont été demandés et à combien ceux-ci se chiffraient étant donné l'énorme investissement de presque 2 millions d'euros que la commune doit faire.*

*Ensuite, Fred Bertinelli s'adresse à la commission de mobilité, et particulièrement à monsieur Liesch, et souhaite savoir où en est le projet concernant les trajets du Diffbus. En effet, maintenant que les transports publics seront gratuits, il serait judicieux d'analyser les trajets afin d'éviter de faire passer le Diffbus par des axes de toute façon desservis gratuitement par le T.I.C.E. ou d'autres sociétés de transport. Celui-ci pourrait maintenant desservir des quartiers, qui avaient un peu été laissés pour compte ces dernières années, faute de temps.*

*Fred Bertinelli souhaite savoir si la commission travaille déjà à la réorganisation de l'horaire du Diffbus et propose d'utiliser le temps ainsi libéré pour le transport des jeunes vers les infrastructures sportives ou les associations.*

*Il espère que la commune sera à la hauteur de la tâche colossale qui lui incombe. Pour l'avoir déjà fait, il sait de quoi il retourne.*

*Fred Bertinelli répète qu'il faut saisir cette occasion pour demander des subsides de l'État dans un premier temps, et dans un deuxième temps, revoir l'ensemble des routes du Diffbus dans le but d'éviter le double emploi et de proposer un réseau de transports encore plus efficace aux citoyens.*

*De plus, Fred Bertinelli souhaite savoir comment sont les rapports actuels avec le ministère et où en sont les discussions avec les CFL par rapport à l'arrêt rue du Woiwer et l'agrandissement de certains sites. Ces quartiers sont, en effet, en plein essor et un meilleur ralliement serait possible d'après lui.*

*Il déplore le fait qu'une aussi grande ville que Differdange ait des infrastructures de transport aussi médiocre, vu le nombre de personnes agglutinées dans les arrêts et tient à attirer l'attention sur cette situation.*

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** est d'accord avec monsieur Bertinelli



*pour dire que les arrêts de Differdange-centre et Niederkorn ne sont pas dignes d'une aussi grande ville. Celui d'Oberkorn ayant été rénové. Georges Liesch explique qu'un rendez-vous a été demandé avec les CFL pour faire le point et leur proposer une collaboration tant sur le plan financier que conceptuel dans l'intérêt de la mobilité. Il faut, en effet, repenser les infrastructures pour les rendre attractives. Il espère pouvoir présenter des résultats au conseil communal bientôt.*

*En ce qui concerne les transports publics, la commune a effectivement travaillé à la réorganisation des trajets du Diffbus durant ces derniers mois. Ceux-ci doivent être considérés au même titre que les trajets du T.I.C.E., du RGTR et du train.*

*Le nouvel horaire a d'ailleurs été présenté au collège échevinal il y a deux semaines et s'apprête à passer aux mains de la commission pour avis. L'objectif de la commune était de mieux desservir les quartiers un peu oubliés et d'augmenter la fréquence de passage sur les axes plus fréquentés qui est actuellement de 30 minutes.*

*En ce qui concerne les subsides, Georges Liesch explique qu'aucune nouvelle demande n'a été faite. Il estime, cependant, qu'il faut absolument en refaire une maintenant que la donne a changé. Il souhaiterait également voir le ministère de Transport se positionner quant au droit à ces subsides.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*remercie monsieur Liesch et passe la parole à monsieur Ulveling pour répondre à la question de monsieur Diderich sur le COSP.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que monsieur Muller et lui-même représentent la commune au sein de la Fondation Léierbud. Il y a quelques mois, le COSP a annoncé que des travaux de rénovation de l'ordre de quelques milliers d'euros étaient nécessaires afin d'éviter des problèmes avec l'ITM. Malheureusement, les différents partenaires n'ont pas voulu prendre en charge ces travaux.*

---

eng Kéier maachen. Ass awer nach net gemaach. Dat ass nach net geschitt.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

---

Merci, Här Liesch. Dann hunn ech hei stoen, iwwert de COSP, Här Diderich.

---

**ENG STÉMM:**

---

Et ass alles notéiert hei.

(Gelaachs)

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

---

Alles ënner Kontroll – net grad, awer bal. Den Här Ulveling gëtt Iech d'Äntwert.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

---

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et ass esou, den Här Muller an ech, mir si jo Vertrieeder vun der Gemeng an der Fondatioun vun der Léierbud. Virun e puer Méint hat de COSP matgedeelt, dass fir e puer honnerttausend Euro misste Saachen an d'Rei gesat ginn. Well mer soss Problemer kréiche mat der ITM.

Mee déi wollten awer déi verschidde Partner net iwwerhuelen. An do ass mat hinne geschwat ginn. An do ass gesicht ginn, eng Léisung ze fannen, fir si ze delokaliséieren. Si waren och eng Kéier bei der Madamm Buergermeeschter, wou se och gesot hunn, dass se d'accord wäeren, delokaliséiert ze ginn. Mee et misst natierlech accessibel sinn. Wat jo kloer ass. Ech mengen, du gëss net iergendwou an d'Pampa delokaliséiert. Doropshin hu mer e Site gesicht. An dat war dann deen um Rondpoint zu Esch, zu Raemerech, den – wéi heescht en?

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

---

CNFPC.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

---

CNFPC. Voilà. Dofir si si elo do ënnerkomm. Den Hannergrond ass awer, dass Problemer sinn am EIDE, fir mam Chantier Lycée fäerdeg ze ginn. Soudass si do elo wäerten als Iwwergang e puer Klassen ënnerbréngen, en attendant, dass de Lycée fäerdeg gëtt. An da wäert den Här Didier déi Kllassesäll iwwerhuelen, fir da mat sengem Projet weiderzefueren, mat der Virstellung vun de Beruffer. Souwäit ech dat elo matkritt hunn, ass dat esou geplangt.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

---

Mee déi Mise en conformité, déi muss jo egal wéi gemaach ginn, och fir deen aneren Usage, deen elo virgesinn ass.

---

**ENG STÉMM:**

---

Nee.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

---

Do bezitt de Ministère de l'Éducation nationale.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

---

Majo dann.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

---

Ech wëll just soen, dass ech relativ am Ufank vu mengem Mandat d'Entrevue mam COSP hat, a si gewëllt waren ze goen, wann et misst sinn. Also si hate sech der Saach net opposéiert. Ganz kloer net.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

---

Et war och esou, dass si verschidden Aarbechte gemaach haten, einfach esou, wéi si gemengt haten, et gutt gewiescht wär. Wéi sech, après coup,erausgestallt huet, dass dat net kéint ugeholl gi vun der ITM. Soudass am Fong do och elo muss duebel investéiert ginn.

---

Ech mengen, fir si ass et warscheinlech – well do waren e ganze Koup Ate-

---

liere fräi – och eng super Léisung, fir vun deene ganzen Infrastrukture kënnen ze profitéieren, déi schonns do sinn.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da halen ech zum Schluss vun der Séance publique dann awer drop, am Numm vum ganze Schäffen- a Gemengerot dem Georges Liesch e grouse Merci auszeschwätzen. Georges, du muss elo do derduerch. Ech och! Mir hunn nëmme kuerz Zäit hei zesumme-geschafft. Et war eng Freed, mat der ze schaffen. A fir de Rescht loosse mer dech goen. Awer de Kaddo ass nach net ukomm.

(Gelaachs)

Dee kënnt nach.

---

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

E kënnt jo heihinner.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

A mir sinn, wëll ech awer ganz kloer soen, immens frou, dass mer dech awer nach erëmgessinn „in diesen heiligen Hallen“, als Conseiller. An du hues eis och d'Offer gemaach, dass de eis ëmmer zur Säit stees an ëmmer do bass, wa mer Froen hunn a wa mer Hëllef brauchen. Well et jo elo awer hei um Niveau vum Schäfferot erëm eng Ännerung gëtt. An da kucke mer, wéi et d'nächste Kéier hei ausgesäit. Gellt, Mammadm Pregnol!

Georges: Vill-, villmools Merci fir däi Bäistand, fir deng Hëllef, fir deng Zoustëmmung, fir deng Gedold – hunn ech och scho gesot –, fir däi Versteesde-mech. A kommt: Einfach op eng weider gutt Zesummenaarbecht.

(Applaus)

---

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech ergräifen einfach dann d'Wuert nach. Ech wollt et eigentlech an der Non-publique maachen, mee ech men-

gen, da maachen ech et awer elo hei. Ech muss soen, ech si säit 2006 hei am Gemengerot. Ech wäert jo och déi nächst Joren normalerweis nach bleiwen. An et war eigentlech bis elo ëmmer fir mech – wéi de Robert Mangen och gesot huet –, eng Beräicherung.

Ech hunn hei vill, vill geléiert. Vill mat Leit zesumme-geschafft. Et ware ganz flott Zäiten. Vill flott Projeten, déi mer zesumme gemaach hunn. Och méi haart Zäiten. Ech mengen, Dir kennt déi och alleguerten. Och méi haart Momenter. Dat huet mech awer net gescheit.

Déi lescht Méint waren effektiv zimmlech turbulent. An do kommen engem dann op eemol aner Gedanken, wou ee sech dann iwwerleet: Wéi geet et virun? A wéi gesäit ee seng Zukunft? Fir mech war eigentlech, an dat weess meng Partei, no de leschte Wale kloer, dass dat hei mäi lescht Mandat wär. Dass ech also net méi mat an déi nächst Wale géif goen.

An da stellt ee sech d'Fro: Wéini ass dee richtege Moment, fir Plaz ze maache fir deen Nächsten? Ass dee richtege Moment, et mécht ee säi Mandat fäerdeg bis zum Schluss? Ass dee richtege Moment, ee Joer virdrun opzehalen, fir engem Jonken dann nach séier, souwéi am Fussball, déi lescht zwou Minutten –, dass en nach um Bong steet? Oder ass eeben elo de Moment, deen ech dann elo hei fir mech decidéiert hunn?

Ech mengen, dass dat fir mech dee richtege Moment ass. Mam Choix, am Gemengerot ze bleiwen a mat Iech zesummen hei nach weiderzeschaffen. Ech mengen, dass dat gutt gëtt. Ech hunn d'Impressioun, dass mer déi lescht Gemengeréit hei erëm eng ganz konstruktiv Approche hunn zu Theemen, erëm zréck sinn zu Sachthemen. Dat fannen ech ganz gutt.

Duerfir freeën ech mech drop, déi nächst Joren am Gemengerot hei kënne weiderzeschaffen an de Schäfferot ze ënnerstëtzen, sou wéi déi aner Conseilleren dat hei och maachen, wou ëmmer mer dat kënnen.

Villmools Merci op jidde Fall fir Är léif Wierder alleguerten.

*Dans l'optique de trouver une autre solution, il a ensuite été question de délocalisation. Le COSP était d'accord à condition de rester accessible, d'où finalement le site du rondpoint à Esch, à Raemerich, le CNFPC.*

*Or, les travaux du lycée de l'EIDE ne sont pas terminés et elle va devoir y installer provisoirement quelques classes. Ces classes seront plus tard reprises par monsieur Didier dans le cadre de son projet de présentation des métiers. Ce sont les dernières informations dont il dispose.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande si cette mise en conformité n'est pas nécessaire à la réaffectation du bâtiment du COSP.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que dans ce cas, c'est le ministère de l'Éducation nationale qui s'en charge.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *se rappelle que lors de son entrevue avec le COSP, celui-ci était d'accord pour déménager.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que le COSP avait fait certains travaux, mais ceux-ci n'ont pas été approuvés par l'ITM. Du coup, il faut investir une seconde fois.*

*Vu le nombre d'ateliers disponibles, la délocalisation était une bonne solution leur permettant de profiter des infrastructures déjà existantes. Pour clôturer cette séance publique,*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *tient encore à remercier chaleureusement Georges Liesch au nom de l'ensemble du collège des bourgmestre et échevins et du conseil communal. C'était une joie de travailler avec lui. Elle explique que malheureusement le cadeau n'est pas encore arrivé.*

*Christiane Brassel-Rausch exprime sa joie à l'idée qu'il revienne leur prêter mainforte en tant que conseiller.*

*Elle remercie encore une fois du fond du cœur Georges Liesch pour son aide, son engagement, sa patience et sa compréhension.*

*(Applaudissement)*

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)**

*prend la parole, bien qu'il ne souhaite pas s'exprimer en séance publique à la base. Il explique qu'il est au conseil communal depuis 2006 et que cela a toujours été un enrichissement, tant sur le plan professionnel que personnel.*

*Ces derniers mois ont en effet été turbulents, et il s'est donc remis en question. Déjà à l'issue des dernières élections, il était clair qu'il ne se représenterait plus.*

*Après s'être posé maintes questions, il est arrivé à la conclusion que c'était le bon moment de partir, mais en restant conseiller afin de poursuivre leur collaboration.*

*Il salue la bonne nouvelle dynamique qui règne au sein du conseil communal.*

*Georges Liesch se réjouit de rester au conseil communal et d'assister le collège échevinal dans sa tâche.*

*Il remercie tous les conseillers pour leurs belles paroles.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*confirme que le cadeau est en chemin. Elle clôt la séance publique et remercie tous les auditeurs, auditrices et journalistes.*

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

De Kaddo kënnt.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci Georges. De Kaddo kënnt och nach.

Domadder géif ech d'Séance publique ophiewen. Ech soen eisen Auditeuren, Auditricen, opmierksamen Zeitungsleit villmools Merci.



# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

## DU MERCREDI 6 MAI 2020

---

### CONSEILLERS PRÉSENTS

|                                                    |                                    |
|----------------------------------------------------|------------------------------------|
| Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng) | Georges Liesch (déi gréng)         |
| Tom Ulveling, 1 <sup>er</sup> échevin (CSV)        | François Meisch (DP)               |
| Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)                  | Erny Muller (LSAP)                 |
| Robert Mangen, échevin (CSV)                       | Laura Pregno (déi gréng)           |
| Laura Pregno, échevine (déi gréng)                 | Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng) |
| Guy Altmeisch (LSAP)                               | Ali Ruckert (KPL)                  |
| Fred Bertinelli (LSAP)                             | Christiane Saeul (DP)              |
| Gary Diderich (déi Lénk)                           | Fränz Schwachtgen (déi gréng)      |
| Jerry Hartung (CSV)                                | Guy Tempels (CSV)                  |
| Serge Goffinet (LSAP)                              | Nicole Wohl                        |

### ORDRE DU JOUR

#### SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins notamment en relation avec les mesures communales prises dans le cadre de la lutte contre le COVID-19.
2. Projets communaux :
  - a. École située dans la rue Saint-Pierre à Niederkorn, travaux d'extension — devis, article budgétaire 4/910/221311/20007;
  - b. Devis et crédit spécial pour le réaménagement de la maison située au 52, Grand-rue à Differdange — nouvel article budgétaire 4/132/221312/20019;
  - c. Crédit spécial à ajouter après décompte aux travaux de rénovation et de mise en conformité du stade Jaminet à Oberkorn, article budgétaire 4/821/221322/15004.
3. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers :
  - a. Plan d'aménagement particulier au lieudit « Parc des Sports » à Oberkorn, convention;
  - b. Plan d'aménagement particulier « Rue Pierre-Gansen/rue des Liges » à Niederkorn, convention.
4. Finances communales :
  - a. Ratification du crédit urgent sur l'exercice 2020 inscrit à l'article budgétaire 3/229/648310/99001 intitulé « Aide aux personnes vulnérables dans le cadre de la pandémie COVID-19 » ainsi que l'article budgétaire de recettes en contrepartie;
  - b. Mesures liées aux sociétés et commerces locaux dans le cadre du plan de crise COVID-19;
  - c. Comptes administratifs et de gestion de l'exercice 2018.
5. Actes et conventions :
  - a. Convention de servitude du 25 mars 2020 avec la SA CREOS Luxembourg;
  - b. Contrat de bail d'un espace de création au 1535° Creative Hub;
  - c. Acte de vente du 1<sup>er</sup> avril 2020 portant sur une parcelle du centiare au lieudit « Rue Pierre Gansen » à Niederkorn.
6. Avis concernant le projet des cartes des zones inondables et des cartes des risques d'inondation 2019.
7. Office social de Differdange: bilan et compte de profits et pertes 2018 — approbation.
8. Règlements communaux :
  - a. Augmentation du taux/pourcentage de l'allocation de solidarité communale par rapport à l'allocation de vie chère allouée par l'État;
  - b. Règlements temporaires de circulation.
9. Changements au sein des commissions consultatives.
10. Questions.

# 1. Communications

## CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

*constate que des situations extraordinaires exigent des mesures extraordinaires. D'après monsieur Krecké qui travaille à la commune depuis 16 ans, c'est la première fois qu'une séance du conseil communal n'a pas lieu à l'hôtel de ville. Mais il s'agit de respecter la distanciation sociale et de se tenir aux gestes barrières. C'est aussi la raison pour laquelle il n'y a aucun représentant de la presse dans la salle et que la séance peut être suivie sur YouTube.*

*Les conseillers communaux vulnérables participent à la séance en vidéoconférence. C'est le cas de madame Richartz-Nilles, monsieur Goffinet et monsieur Schwachtgen. Monsieur Tempels est quant à lui absent. Les conseillers communaux en vidéoconférence ont donné procuration à monsieur Liesch, monsieur Muller et madame Wohl en cas de panne technique. Dans la séance à huis clos, seuls les conseillers communaux physiquement présents peuvent voter.*

*Christiane Brassel-Rausch énumère ensuite les mesures prises au cours des sept dernières semaines: la mise en place d'un service de livraison de médicaments et d'aliments aux personnes vulnérables, une hotline pour les seniors, la prise de contact téléphonique avec les seniors de plus de 80 ans, une hotline pour les commerçants, la distribution de masques, la gratuité de certains parkings, la réduction des tarifs dans les parcs de stationnement couverts, une permanence téléphonique dans les maisons relais depuis le 20 avril, la mise en ligne d'une liste de commerces assurant une livraison à domicile, une rubrique «commerce» sur differdange.lu...*

*La Ville de Differdange a assuré une communication en cinq langues sur son site internet: le luxembourgeois, le français, l'allemand, l'anglais et le portugais. Par ailleurs, le site internet a été mis à jour immédiatement après chaque conférence de presse du Premier ministre.*

*Les horaires d'ouverture de l'hôtel de ville ont été adaptés. Une permanence téléphonique a été mise en place. Les événements sportifs et*

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären, aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Nolauschterer, aussergewéinlech Ëmstänn verlaangen aussergewéinlech Mesuren. Ënnert deem Titel géif ech haut eise Gemengerot vum 6. Mee 2020 zesumme faassen. Souwäit mech den Här Krecké informéiert huet, deen elo mëttlerweil 16 Joer op der Gemeng schafft, ass et déi éischte Kéier, dass e Gemengerot net an der Salle de séance vun der Gemeng stattfënnt. Dat aus deene bekannte Grënn.

Éischstens d'Obligatioun, d'Distanz vun zwee Meter anzehalen, wéi d'Gestes barrières ze respektéieren. Dat ass de Grond, firwat kee Pressevertrieder physisch heibannen am Sall ass. Mee eise Gemengerot kann iwwer YouTube nogelauschtert ginn. A wäert och méi spët op eiser Internetsäit ze lauschtere sinn. Et ass eng Audiotransmissioun.

De Ministère huet erlaabt, dass déi vulnerabel Conseilleren oder Conseillëren iwwer Videokonferenz um Gemengerot deelhuele kënnen, respektiv via Procuratioun wielen. Dat ass haut de Fall bei der Madamm Yvonne Richartz, dem Här Serge Goffinet an dem Här Frenz Schwachtgen. Dat wier de Fall beim Här Guy Tempels, dee sech haut entschëllege léisst. All déi aner Gemengeconseilleren huele physisch an analog un dësem aussergewéinleche Gemengerot deel.

Loosst mech nach preziséieren, dass déi dräi Persounen, déi iwwer Videokonferenz bäigeschalt sinn, eng Procuratioun ënnerschriften hunn, déi nëmmen an exklusiv spille wäert, wa während oder virun engem Vott technesch Problemer géifen optauchen. D'Procuratioun vum Här Goffinet huet den Här Erny Muller, d'Procuratioun vun der Madamm Richartz huet den Här Georges Liesch an d'Procuratioun vum Här Schwachtgen huet d'Madamm Nicole Wohl.

Dat Ganzt spillt natierlech nëmmen an der Séance publique. Well an der Séance non-publique dierfe just déi Conseillere wielen, déi physisch present hei am Raum sinn.

Ech géif ganz gären op déi Mesuren ze schwätze kommen, déi Déifferdeng an de leschte siwe Woche lancéiert huet. Erlaabt mer, et op Franséisch ze soen. Ech hunn d'Informatioun op Franséisch gesammelt. Ech denke jo, dass dat kee Problem ass.

Mir haten eng Mise en place d'un service de livraison d'aliments de première nécessité et de médicaments aux personnes âgées vulnérables. Mir haten eng Mise en place vun enger Hotline fir d'Seniores vu 65+. Mir haten eng Prise de contact mat de Leit 80+ an eiser Gemeng. Mir haten eng Hotline fir d'Geschäftsleit. Mir hu Masken agepaakt, mir hu Masken ausgedeelt.

D'Horodateure sinn zougepecht ginn, et huet keen eppes bräichten ze bezuelen, mir hate Parkings gratuits. Rue Pierre Gansen, Rue de l'Hôpital, Place Nelson Mandela, Place Jehan Steichen, Rue Neiwiss, Parking Hauts-Fourneaux, Parking Centre-ville, a Parking CHEM huet een näischt bräichten ze bezuelen. D'Parkings couverts sinn erofgesat ginn op 10 Cent d'Stonn.

Mir haten eng Permanence téléphonique an de Maison-relais zënter dem 20. Abrëll. Do kommen ech herno kuerz nach eng Kéier drop zrëck. Mir haten eng Mise en ligne d'une liste de commerces assurants une livraison à domicile, am Bestriewen, eise Leit hei lokal ze hëllefen. Mir haten eng Mise en place d'une rubrique „Commerce“ sur Differdange. Iwwerall sinn déi Informatiounen erausgaangen.

Op eiser Internetsite hu mer ausnamsweis a fënnef Sproochen kommunizéiert, well mer geduecht hunn, dass d'Situatioun deem entspreche géif. Dat heescht Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch, Englesch a ganz aussergewéinlech dann och op Portugisesch, fir sécher ze sinn, dass mer d'Leit allegueren erreechen. A mir haten all Kéiers eng Mise à jour um differdange.lu an op eiser Applikatioun direkt no de Pressekonferenzen, sief et vum Premier wéi vun der Gesondheitsministesch.

D'Horairen, wéi d'Gemeng opgemaach an zougemaach huet, hu geännert. Déi ware méi restriktiv. Mir haten awer ëmmer eng Permanence téléphonique. An allegueren d'Evenementer, souwuel Sport wéi Kultur, sinn ofgesot ginn.

# 1. Communications

Eis Mariagen a Begriefnisser ware ganz restriktiv, sinn et och elo nach, obwuel et mëttlerweil jo dierfe bis zu 20 Leit sinn. Déi Zäit hu mir maximal zéng Leit op engem Begriefnis toleréiert. An da sinn nach d'Parken an d'Spillplazen zougemaach ginn.

Dat sinn en gros all déi Mesuren, déi vun der Gemeng geholl gi sinn an deene siwe Wochen. Ëmmer au jour le jour, soubal nei Informatiounen komm sinn, hu mer probéiert, esou séier wéi méiglech ze reagéieren.

No dësen Erklärungen betreffend eisem Funktionsmodus ënnert deenen neien Ëmstänn, géif ech gärden all de Bierger a Biergerinnen aus der Gemeng merci soe fir hir Disziplin a fir d'Anhale vun de Consignen. Déi domat sech selwer wéi awer och eis geschützt hunn. An ech hänke lo einfach drun, dass dat och nach fir déi nächst Wochen a Méint gëlle wäert. Mir héieren et souwuel vum Premier wéi vun alle Ministeren. D'Consignes de gestes barrières an d'Mesures sanitaires sinn nach ëmmer extreem wichteg. Och wa lo eng gewëssen Ouverture do ass.

Niewent de Biergerinnen an de Bierger, deenen ech grad merci gesot hunn, wëll ech e ganz groussen an häerzleche merci soen all deene Leit, déi sech an de leschte siwe Woche fir eis Gesondheet agesat hunn. Déi souwuel no de Kranke wéi no de vulnerabele Leit gekuckt hunn.

Och e grouse Merci geet un all déi vill Benevollen, déi sech gemellt hunn, wann Nout um Mann/un der Fra war, ouni déi d'Gemeng net alles dat hätt kéinte maachen. All déi Initiativen, déi geholl gi sinn am Kader vun der Gemeng wäeren ouni déi vill Benevollen a Fräiwëlleg net esou reiwungslos ofgelaf. Dofir e ganz grouse Merci.

Last but not least, geet e ganz speziellen an e ganz grouse Merci un eist Gemengepersonal. Dat sech mat vollem Engagement, gudden Iddien a vill Savoir-faire, queesch duerch all d'Servicer, un déi nei Situatioun adaptéiert huet. An eis mat villen an nützleche Rotschléi zur Säit stoung an deenen alleguer keen Uruff ze spéit war a keng Aufgab ze vill war. Si waren ëmmer do an deene siwe Wochen, wa mir si gebraucht hunn. A

fir alles dat nach eemol e ganz grouse Merci.

Esou ee Merci un d'Gemengepersonal kënnt och ganz perséinlech vun der Inneministesch, vun der Madamm Taina Bofferding, mat där ech um Telefon geschwat hunn. An ech wëll dat hei op dësem Wee ausdrécklech weiderginn: E Merci un d'Gemengepersonal. Ech wëll och ervirhiewen, dass d'Madamm Bofferding eis Facebook-Säit gelueft huet, well déi ëmmer à jour war. Dat muss och eng Kéier gesot ginn.

Fir déi allgemeng Kommunikatioun mengersäits ofzeschléissen – duerno kommen ech nach als Ressortschäffin op déi verschidde Ressorte vu menger Säit aus ze schwätzen – géif ech Iech elo bidden opzestoen an eng Gedenkminutt anzehale fir den Här Marcel Meisch, e fréiere Conseiller hei vun der Gemeng Déifferdeng an den Här Roby Fleischhauer, fréiere Sekretär vun der Schoulkommissioun.

(Gedenkminutt)

Ech soen Iech villmools merci.

Ech muss haut vill schwätzen, well mer vill gemaach hunn! Elo kommen ech als Ressortschäffin dann op dat vun der Schoul an der Maison relais. Wou mer am Moment a relativ turbulenten Zäite sinn, wéi Dir vläicht gëschter an der Pressekonferenz matkritt hutt.

Ier ech Iech elo opzielen, wat an de Schoulen an an der Maison-relais gemaach ginn ass, wëll ech virun allem déi gutt Zesummenaarbecht tëschent deenen zwee Servicer, souwuel Schoul-service a Maison-Relais-Service, wéi onbedéngt och déi kollegial a gutt Zesummenaarbecht mat der Schouldirektioun, mam Här Bodson, mat eise Schoulpresidenten a mat eise Schoulkomiteeën ervirhiewen. Well just esou war et méiglech, déi enorm Efforten, déi an deem Beräich gemaach si ginn, an och an den nächsten Deeg a Wochen nach wäerte gemaach musse ginn, en vue vum 25. Mee, dat heescht Rentrée vum Fondamental, iwwerhaupt méiglech ze maachen.

Ech probéieren, Iech esou kuerz wéi méiglech en Iwwerbléck ze ginn, wéi et mat der Schoule war. Den 13. Mäerz kouw e Communiqué, dass d'Schoule

culturels ont été annulés. Les mariages et les enterrements ont été soumis à des restrictions.

La commune a essayé de réagir au jour le jour en fonction des nouvelles informations.

Christiane Brassel-Rausch remercie les citoyennes et citoyens pour leur discipline. Le maintien de la distanciation sociale et des gestes barrières durera des semaines ou des mois. La bourgmestre remercie également les personnes qui se sont engagées pour la santé des Differdangeois et les bénévoles qui ont soutenu la commune dans ses actions. Sans eux, ces initiatives n'auraient pas été possibles. Enfin, Christiane Brassel-Rausch remercie le personnel communal pour ses idées et son savoir-faire. Le personnel a répondu présent à tout moment et n'a rechigné à aucune tâche.

La ministre de l'Intérieur, madame Taina Bofferding, remercie également le personnel communal. Christiane Brassel-Rausch lui a parlé au téléphone. La ministre a loué spécifiquement la page Facebook de Differdange, qui était toujours à jour.

La bourgmestre propose de tenir une minute de silence l'honneur de l'ancien conseiller communal, monsieur Marcel Meisch, et de l'ancien secrétaire de la commission scolaire, monsieur Robi Fleischhauer.

(Minute de silence)

Christiane Brassel-Rausch passe à l'école et à la maison relais. Les temps sont turbulents comme les conseillers communaux ont sans doute pu l'entendre hier lors de la conférence de presse.

Tout d'abord, la bourgmestre tient à souligner la bonne collaboration entre le service scolaire, le service des structures d'accueil, la direction des écoles et les comités scolaires. C'est elle qui a permis d'accomplir tous les efforts réalisés jusqu'ici. Et beaucoup reste à faire en vue du 25 mai, le jour choisi pour relancer l'enseignement fondamental.

Christiane Brassel-Rausch rappelle que le 13 mai, la décision a été prise de fermer les écoles.

Les enseignants et les élèves sont cependant restés en contact grâce à



*plusieurs apps. Les enfants n'ayant pas accès à internet ont reçu des documents. Une partie des élèves se trouvent à l'étranger et n'ont pas pu être contactés.*

*Les enseignants disposent d'un «sharepoint» pour échanger des fiches de travail et des documents.*

*Le 6 avril, trente lettres ont été envoyées pour absence non motivée. Sur 2854 élèves, cela reste acceptable.*

*La priorité des enseignants était d'assurer un enseignement basé sur l'égalité des chances pour que chaque élève ait les mêmes opportunités.*

*Pour les primoarrivants, tous les moyens techniques comme le téléphone ou WhatsApp ont été utilisés. Les nouveaux arrivants ont pu recourir au médiateur.*

*Après les vacances de Pâques, cinquante iPads ont été prêtés aux enfants qui n'avaient pas d'ordinateurs à la maison. La gratitude des enfants et des parents était énorme, car ils se sentaient dépassés par les événements.*

*Les enseignants ont aussi essayé de s'occuper individuellement des enfants. Les centres de compétences ont assuré leur prise en charge.*

*Les établissements scolaires ont été ouverts partiellement après les vacances de Pâques pour y tenir d'éventuelles entrevues avec les parents.*

*Le MENJE a mis à disposition des masques et du gel désinfectant. Les cours de sport, la clinique d'apprentissage et la bibliothèque restent fermés.*

*Le personnel scolaire est prêt pour la rentrée. Le ministère enverra un formulaire aux enseignants.*

*Les maisons relais représentent un grand défi. Christiane Brassel-Rausch en parlera en mai quand elle en saura plus. Une fois que les enfants seront inscrits, la commune connaîtra les besoins en salles et en personnel.*

*Christiane Brassel-Rausch profite de l'occasion pour remercier tous ceux qui ont mis des salles à disposition comme la Fanfare de Niederkorn ou certains clubs sportifs.*

*Selon monsieur Bodson, il faut davantage de salles aussi bien dans les écoles que dans les maisons relais.*

*La commune doit se tenir aux*

*géifens zougoen. Les enseignants sont bien reliés avec la majorité des élèves, iwwert Teams oder verschidden aner Appen. Les enseignants ont également envoyé des documents de travail par courrier. Dat heescht, et si ganz vill analog Enveloppen erausgaange fir déi Kanner, déi keen Accès zum Internet haten. Zwee bis dräi Élèves par classe, do si se net un d'Kanner komm an, et ass festgestallt ginn, dass en Deel vun de Kanner fort war am Ausland.*

*Dann hatten d'Enseignanten ënner sech e Share-Punkt, wou si sech ausgetoscht hunn, Fiche-de-travailler, Dokumenter an esou virun. Et war e reegelméisseg Kontakt mat der Naturschoul, mat der Kreativschoul a mat der Technischoul. De 6. Abrëll sinn 30 Bréiwer erausgaange wéinst Absence non-motivée. Bei 2.854 Schüler ass dat iwwerschaubar. Dat heescht, dat ware Kanner, wouguer kee Kontakt war mat den Enseignanten.*

*Duerno sinn nei Matièreën ugaangeginn. An et war ëmmer am Sënn „à assurer une égalité des chances pour chaque élève d'avoir la même qualité d'enseignement“. Dat war ëmmer eng Prioritéit. Do sinn all d'Ressourcë mobiliséiert ginn, den IEBS, den ESEB, d'ELL. Et gouf eng grouss Zesummenaarbecht.*

*De même pour les primo-arrivants, qui n'ont pas forcément les conditions techniques, tous les moyens techniques ont été utilisés: Telefon, WhatsApp an alles. Et ass e Recours au médiateur gemaach gi fir d'Nouveaux-arrivants. An et ass Kontakt mat Assistances au foyer opgehooll ginn.*

*Et waren och Saachen ënnerholl ginn, fir wa vläicht d'Schoule méi laang géifen zoubliwen. Dat fält jo elo an d'Waasser. D'Prolongation de l'enseignement ass ufanks Abrëll gemaach ginn. No der Ouschtervakanz ware 50 iPade vun der Gemeng u Schüler verdeelt ginn. Kanner, déi kee Computer, iPad oder esou eppes doheem haten, hunn déi vun der Gemeng geléint kritt. Do war eng grouss Dankbarkeet vun den Eltere komm vis-à-vis vun den Enseignanten, well verschidden Eltere sech depresséiert gefillt hu vun all deene Konditiounen.*

*All eis Enseignanten an eis Servicer hunn ëmmer e grouss Merci vun den Eltere gesot kritt, well si hinne gehollef hunn, iwwert d'Technik, awer och hir Situation familiale ze consideréieren.*

*Et ass probéiert ginn, individuell op d'Kanner anzegoen. D'Centres de compétences hunn d'Prise en charge vun de Kanner weider assuréiert.*

*Ech wollt nach soen, no der Ouschtervakanz waren zum Deel eis Schoulgebaier op, nodeem se all gebotzt gi sinn, fir eventuell Entrevuë mat Elteren oder fir Kanner en charge ze huelen, déi Schwierigkeeten hunn, vum IEBS an esou virun.*

*D'Mise à disposition des masques et des gels désinfectants vum MENJE. Dat ass jo alles elo nei. An et ass kee Sport, keng Lernklinik a keng Bibliothék.*

*Eis Leit si wierklech gutt opgestallt elo fir d'Rentrée. Dat sinn déi Informatiounen, déi ech geschter Owend kritt hunn. Mee Dir wësst jo, dass vum Ministère e Formulaire erausgeet un d'Schoulmeeschteren.*

*Eise groussen Defi, wéi an all Gemeng, sinn d'Maison-relaisen. An do kann ech Iech eréischt am Mee méi soen, well dee Formulaire geet haut a muer eraus. Soudass mer e Freideg oder e Méindeg kucken, wéi d'Elteren hir Kanner an d'Maison-relaisen aschreiwen. An da kënnen mer eréischt wierklech gesinn: Wat ass de grouss Bedarf? Wou mussen mer Kanner a Leit bäihuelen? Well, wéi et elo am Moment wier, géifen immens vill Säll feelen an immens vill Personal.*

*Mee dat kënnen mer wierklech eréischt soen, wa mer déi konkreet Chifferen hu vun den Elteren, déi eis e Retour ginn hunn. Ech soen awer all deene Leit, déi elo schonn am Virfeld – ech gesinn de Georges elo, dofir denken ech un d'Scouten, ech denken un d'Fanfare Nidderkuer, ech denken un d'Sportsinfrastrukturen – sech bereeterkläert hunn, fir Säll zur Verfügung ze stellen, wann d'Schoul oder d'Maison-relais Säll bräichten. Mir kommen dorobber zrëck, wéi gesot, wa mer déi konkreet Chifferen hu vu Säll a vu Leit, déi mer géife brauchen.*

# 1. Communications

Elo kommen ech drop zréck, wat den Här Bodson geschriwwen huet. Mir brauchen zousätzlech Raim an de Maison-relaise wéi an de Schoulen. Mir mussen eis un d'Conditions sanitaires halen. Dat wier eng Mammutaufgab. Eis Schoule musse fir de 25.5. esou amenagéiert sinn, dass d'Croisementer op e Minimum limitéiert sinn.

Dowéinst ginn héchstwahrscheinlech Horaires decaléiert. Dass déi eng um 7.50 Auer kommen, déi aner um 8 Auer, déi aner um 8.10 Auer. Also dat ass alles schonn an der Maach. Doriwwer gëtt schonn nogeduecht, iwwert de versate Schoulufank. An den Här Bodson ënnersträicht dann hei och nach: „Ech sinn immens frou iwwert déi gutt Zesummenaarbecht mat de Servicer vun der Gemeng, de Schoulpresidenten, mat hire Schoulkomiteen an der Direktioun“.

Op d'Konstellatioun, d'Gruppen A a B, ginn ech net méi an. Ech mengen, dat hutt Der alles aus der Press erfuer. Wa Froe sinn, beäntweren ech déi gär. Hirsäits si si amgaang, den Inventaire ze maache vu Personnes vulnérables souwuel vun den Enseignanten aus de Schoule wéi vun de Maison-relaisen.

Do schwiewe mer nach an der Loft. Also si hu schonn Donnéeën, mee vu dass mer net wëssen, wéi vill Kanner mer kréien ... En gros, géif ech elo emol soen, dass een Drëttel u Personal feele wäert. Do hëlleft de Ministère jo och nach opfänken. An de Rescht géif ech Iech gär am nächste Gemengerot soen, wou mer dru sinn.

D'Maison-relaisen hat ech elo bal vergiess, Pardon. Vun de Maison-relaise si ganz vill gemeinsam Initiative geholl ginn. D'Maison-relaisen hunn zënter dem 20. Abrëll eng Permanence téléphonique. Dat heescht, do kënnen Elteren uruffen, egal, fir wat ze froen.

Wat d'Maison-relaisen eis als Echo ginn, ass, dass de Kontakt tëschent den Elteren an de Responsabele vill besser ginn ass. Dass et en häerzleche Kontakt ass. A si hunn, dat ass elo ganz nei, dat fannt Der op [www.differdange.lu](http://www.differdange.lu), Maisons relais activités à la maison. Dat ass elo an der zweeter Woch, wou d'Maison-relaise Projete lancéieren. Dës Woch ass et e Molconcours. Wou d'Kanner aus deene verschiddene

Cyclen zesumme molen an dat gëtt dann ee Buch herno. Do si ganz vill Initiativen. D'lescht Woch waren et Rätselen. Ech muss eise Leit einfach Respekt ausdrécke fir hiert Engagement.

Wat ech nach wollt soen, an dann halen ech wierklech op, fir Iech ze informéieren, dass landeswäit, national, d'Initiativ vun de Gemenge geholl ginn ass – Dir hutt et vläicht gesinn, et fält elo net esou vill op –, dass den Europafändel op Hallefmast hei hängkt. Souwuel beim Hall O wéi bei der Gemeng. Dat ass u sech e symbolesche Geste, fir géint d'Zoumaache vun de Grenzen ze protestéieren, eis auszadrécken, dass mer net domadder averstane sinn. An den 9. Mee, um Europadag, ginn dann um 11 Auer déi Europafändelen erëm eropgezunn.

Do wäert de Schäfferot derbäi sinn. Dat gëtt e bëssen zelebréiert. Dat kann dann och op Facebook gepost ginn, wann Der wëllt. An de Gemengerot, déi, déi Loscht hunn dobäizesinn, sinn häerzlech invitéiert, bei d'Sportshal ze kommen, den 9. Mee um Vëierel vir eelef. Fir dass mer um 11 Auer de Fändel kënnen eropzéien.

Elo wär ech fäerdeg a ginn d'Wuert virun un den Här Ulveling.

## SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wollt Opschloss ginn, wat mer an den techneschen Dénsgchter gemaach hu während der Kris. Dee ganzen Dénsgcht hu mer an zwou Ekippen opgespléckt. 50 % vun de Leit waren do an déi aner waren doheem.

Fir eis war et wichteg, dass d'Poubellen an d'Waasserversuergung assuréiert wär. Déi Servicer waren, proportional, méi oft do wéi déi aner. Respektiv Leit aus dem Jardinage hunn ausgehollef bei de Poubellen, vu dass jo nëmmen eng hallef Ekip do war, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Ech wëll deene Leit alleguerter merci soen. Do sinn der, déi hu ganz vill geschafft, anerer hunn net esou vill geschafft. An déi, déi vill geschafft

*conditions sanitaires, ce qui représente un travail de mammoth. Pour limiter les rencontres, il faudra décaler certains horaires. Les cours commenceront à 7 h 50, 8 h et 8 h 10.*

*Monsieur Bodson se réjouit par ailleurs de la bonne collaboration entre les services communaux, les présidents des écoles et les comités scolaires.*

*La presse a suffisamment parlé de la subdivision en groupes A et B.*

*Il faut dresser une liste des enseignants, du personnel éducatif et des enfants vulnérables. Christiane Brassel-Rausch estime qu'un tiers du personnel manquera à l'appel. En ce qui concerne les enfants, elle ne sait pas encore combien s'inscriront.*

*Les maisons relais disposent d'une permanence téléphonique depuis le 20 avril. Les relations entre les parents et les responsables des maisons relais se sont améliorées dernièrement. Les maisons relais ont lancé des jeux et des concours sur [www.differdange.lu](http://www.differdange.lu). Il s'agissait de mots croisés la semaine dernière et d'un concours de dessin cette semaine. Christiane Brassel-Rausch signale son respect devant tant d'engagement.*

*Elle rappelle par ailleurs que les communes à travers le pays ont décidé de mettre le drapeau européen en berne comme geste symbolique contre la fermeture des frontières. L'événement aura lieu le Jour de l'Europe, le 9 mai à 11 h.*

**TOM ULVELING (CSV)** va fournir quant à lui des informations concernant le travail du service technique pendant la crise. Le service a été subdivisé en deux équipes. 50 % des employés travaillaient et les autres restaient à la maison.

*La gestion des poubelles et de l'eau a été assurée normalement. Les membres du service du jardinage ont par exemple aidé ceux de la voirie à collecter les déchets compte tenu du manque de personnel.*

*Tom Ulveling remercie tous les employés. Certains ont dû travailler énormément — notamment pour la gestion des déchets.*

# 1. Communications

*La subdivision en deux équipes avait pour but de protéger la moitié du personnel si un membre d'une équipe tombait malade.*

*Depuis une semaine, l'équipe du jardinage et l'équipe des déménagements ont été renforcées. Le hall des sports est en train d'être rénové puisqu'il n'y aura pas d'activité jusqu'à la fin de l'année.*

*Tom Ulveling remercie une nouvelle fois les employés pour leur collaboration. Le service technique et le CID ne comptent pas de malades à l'exception d'une personne qui est restée à la maison pendant 14 jours.*

*Tom Ulveling a remis des plans aux conseillers communaux concernant la transformation de l'hôtel de ville et la rénovation du centre sportif. L'échevin a reçu un feedback du DP. Il attend avec impatience la réaction des autres partis.*

*Les plans du CID sont pratiquement achevés. Le conseil communal pourra les évaluer au cours des prochaines semaines. Il s'agit d'un système interactif permettant de voir directement les incohérences.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** rappelle que la commune a pris quelques décisions concernant les seniors. Elle a livré des aliments et des médicaments aux plus de 65 ans, aux personnes vulnérables et aux malades de la COVID-19. En tout, 153 personnes ont passé 298 commandes pour un total de 12 000 €. La commune les a préfinancés et est en train d'envoyer les premières factures.

*Le nombre de demandes a baissé ces derniers jours. Il en reste environ quatre par jour. Il semblerait que la famille ou des connaissances s'occupent désormais des courses. Les gens en ont aussi assez de rester enfermés chez eux.*

*Pour ce qui est de la pharmacie, 52 personnes ont passé 70 commandes. Les aliments ont été achetés par les bénévoles de la commune et du CIGL. Robert Mangen en profite pour remercier les employés du CIGL pour leur aide.*

*C'est madame Jil Weiler, la bibliothécaire, qui a acheté et livré les médicaments.*

*La commune a également mis en place une hotline pour les per-*

*hunn, waren haaptsächlech do, fir d'Poubellen ewechzehuelen.*

D'Iwwerleeung, fir op 50 % opzedeele, war déi, dass wann iergendwéi eng Ekipp sech géif ustiechen, da géifen déi jo ausfalen, soudass mer net wollten, dass déi Ekippe sech géife kräizen. Fir dass mer net op eemol géifen dostoen an hätten an engem ganze Service kee méi, deen hätt schaffe kënnen.

Zënter enger Woch hu mer dat lues erëm eropgefuer. Haaptsächlech de Jardinage an d'Plënnerekippen. Verschidde Saache mussen an d'Rei gemaach ginn. Zum Beispill si mer amgaang, eng Renovatioun vum Hall des sports ze maachen. Vu dass do keng Aktivitéit méi ass bis Enn des Joers, fänke mer un alles auszeraumen, fir schnell virunzekommen.

Ech wëll nach eng Kéier de Leit merci soen, dass se esou gutt matgeschafft hunn. An ech sinn och frou, an eise Servicer vum CID hate mer keen, dee positiv war. Ausser een, deen awer doheem war déi Zäit, deen net geschafft huet, deen ass doheem positiv ginn. An deen ass natierlech 14 Deeg net méi erëmkomm. All déi aner si gesond, de Moment nach.

Da wollt ech nach eng zweet Saach soen. Ech hu jo all Partei zwee Jeux vu Pläng zoukomme gelooss. Dat eent ass den Embau vum Stadhaus an dat anert d'Renovatioun vun der Sportshal. Vun enger Partei, der DP, hunn ech schonn e Feedback kritt. Ech wier frou, wann déi aner Parteien dat och relativ schnell géife maachen.

Am CID si mer souwäit fäerdeg mat de Pläng, soudass mer déi warscheinlech am Juni an där Sitzung wäerte kënnen stëmmen. Déi Pläng kritt Der an deenen nächste Wochen zur Begutachtung heem geschéckt. Ech mengen, et ass ee flotten Déngen, wou een interaktiv matenee schaffe kann. Fir dass een, wann een duerno eppes presentéiert, all Ongereimtheeten, déi vläicht op Pläng sinn oder Saachen, déi vergiess gi sinn, direkt gesäit. Da brauche mer duerno net nach eemol hinzugeen an déi Pläng changéieren ze loossen, wat erëm Sue géif kaschten. Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Mangen, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Fir ons eeler Matmënschen hu mir als Gemeng wéinst dem Confinement dräi nei Beschläss ugeholl gehat, wou ech am Detail zwee virstelle wäert. Als Éischt hate mer d'Leit iwwer 65 Joer mat Liewensmëttel a Medikamenter versuergt. Dës Mesurë waren och ausgeweit ginn op vulnerabel Leit, déi net konnten erausgoen oder Leit, déi Covid-positiv waren, déi net d'Méiglechkeet haten, fir sech ze versueren.

Bis gëschter hate mer 298 Commandë vun 153 ënnerschiddleche Leit, fir Akeef ze tätigen. Dat mécht ongeféier eng Zomm vun 12.000 Euro aus. Déi hu mir als Gemeng virgestreckt, an d'Leit kréien elo mat der Lockerung vum Confinement, d'Rechnunge geschéckt, déi se der Gemeng erëm zrëckbezuelen.

D'Zuel vun den Ufroe léisst déi lescht Deeg no. Am Schnëtt hu mer nach véier Ufroe pro Dag. Dat ass bedéngt, datt elo Familljememberen oder Bekannten e bëssen déi Roll iwwerhuelen. Oder eeler Leit, déi es e bësse sat hunn, fir doheem ze sëtzen, déi heiansdo versichen erauszugeen a selwer akafen ze goen.

Fir d'Apdikt hate mer 70 Commandë vun 52 ënnerschiddleche Leit.

D'Iesssaache si vu Benevoller vun der Gemeng a vum CIGL akaaft ginn an duerno ausgeliewert ginn. Duerfir wëll ech de Leit vum CIGL merci soen, fir ons behëlleflech während där schwieriger Zäit gewiescht ze sinn.

D'Medikamenter si vun der Responsabeler vun der Bibliothéik, der Madamm Jil Weiler, akaaft an ausgedeelt ginn.

Eng Hotline fir Persounen iwwer 65 Joer hate mer ageschalt fir Leit, déi eventuell physisch oder psychesch, loosse mer esou soen, Problemer haten.



# 1. Communications

Déi da konnte mat ons Kontakt ophuelen, fir déi eventuell ze reegelen.

Zu den Iesssaachen. Och dem Fierschter seng ganz Ekip huet matgeholf. Hinnen och e grouse Merci fir hir Hëllef.

Deen zweete Pilier, dee mer haten, dat waren ons Matbierger a Matbiergerinne vun iwwer 80 Joer, déi mer kontaktéiert hunn. Dat waren ëmmerhin 900 Leit. Wou mer jiddwereen ugeruff hunn. Wa mer net u se komm si per Telefon, si mer laanschtgaange fir ze kucken, wéi et deene Leit geet.

Déi Donnéeën, déi mer vun de Leit kruten, déi wäerte mer halen, fir wann an Zukunft – ech hoffe jo net – änlech Problemer erëm géifen optriede wéi de Moment. Oder och vläicht am Summer, wann et emol zu Hëtztwelle kënnt, wou d'Leit dann och net kënnen erausgoen. Datt ee weess, dass een déi Leit kontaktéiere kann. Et weess een, wat fir eng Leit eleng doheem setzen a wéi d'Familljeverhältnissen sinn. Gëtt et ee vun der Famill, dee se betreit oder net? Wann dat net de Fall ass, dass mer dat als Gemeng kënnen iwwerhuelen. Déi Donnéeën wäerte mer nach ënnersichen. Dorobber kënnen mer vläicht nach eng Kéier zréckkommen.

D'Museksschoul ass och zou, grad wéi d'Schoulen. Déi geet elo den 11. Mee erëm op. Awer nëmme fir de Cycle moyen a Cycle spécialisé. An nëmme fir individuell Coursen. Dat mécht ongeféier 120 Schüler aus. An de Cours gëtt organiséiert no deene selwechte Sécherheitsmoossnamen, wéi dat an der Schoul gemaach gëtt.

D'Bibliothék ass selbstverständlech och zou. Den Datum, fir se elo den 11. Mee opzemaachen, do hu mer Problemer, aus Sécherheitsgrënn wéi aus Personalmangel. Mir hunn am Moment nëmmen zwou Persounen zur Verfügung, well der nach e puer am Congé partiel sinn. An och vulnerabel Leit hunn, déi net schaffen kënnen. Do hätte mer an der Woch vum 11. bis den 18. Mee zwou Persounen, déi present wäeren. Dat ass ze mann, fir opzepasst an der Bibliothék. Dofir wäerte mer se nom 18. opmaachen.

Ech mengen, domat hätt ech dat Néidegst gesot.

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangel. Här Aguiar, wannechgeleit.

## **SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Face à la situation de crise, de nombreux événements ont été déprogrammés. Ce qui fait peser une réelle menace sur la survie d'un grand nombre d'associations.

Le collège échevinal réfléchit aux soutiens financiers à prévoir à l'attention des associations locales qu'elles soient sportives, musicales, culturelles, philanthropiques ou autres. Nous sommes sensibles aux doléances, aux soucis des associations, qui rencontrent de sérieux problèmes dus à la perte des rentrées en relation avec de grands événements, tant communaux que personnels.

Dans un premier temps, le collège échevinal a pris des mesures pour faire face immédiatement aux difficultés ponctuelles engendrées par la situation de crise.

Dans le cadre de ces mesures, nous allons garantir pour 2020 les mêmes subsides aux clubs de tous genres comme pour 2018 et décider aussi, dans cette première phase, le soutien à tous les clubs ayant toujours participé dans le passé aux grands événements communaux tels que la veille de la Fête nationale, le Multikulti, le Blues Express. Ils auront droit à une compensation exceptionnelle calculée sur la base des chiffres nets rentrés par lesdits clubs pour ces événements au cours des exercices 2018 et 2019, pièces à l'appui.

Nous sommes déjà en train de discuter d'une deuxième action, qui pourrait être envisagée en tenant compte des pertes subies par les associations à la suite de l'annulation de leurs propres activités prévues dans les agendas communaux. Merci.

sonnes de plus de 65 ans ayant des problèmes physiques ou psychiques.

Le garde forestier et son équipe ont participé à l'achat des aliments.

Ensuite, la commune a téléphoné aux habitants de plus de 80 ans. Il s'agit de 900 personnes. Des bénévoles ont rendu visite à celles qui ne répondaient pas pour voir comment elles allaient. La commune conservera toutes les données de ces personnes pour réagir rapidement le cas échéant. Par exemple, en été, en cas de canicule pour qu'elle sache qui contacter et si des membres de la famille peuvent intervenir.

L'école de musique est fermée actuellement. Le cycle moyen et le cycle spécialisé rouvriront le 11 mai. Cela représente 120 élèves. Les mêmes mesures de sécurité que dans les écoles vont être prises.

La bibliothèque est fermée. Pour des raisons de sécurité et par manque de personnel, elle ne pourra pas rouvrir le 11 mai. Plusieurs employés sont en congé partiel. Elle rouvrira donc le 18 mai.

## **PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)**

constate que face à la situation de crise, de nombreux événements ont été déprogrammés. Le collège échevinal réfléchit aux soutiens financiers pour les associations et les clubs. Ceux-ci rencontrent de sérieux problèmes liés à la perte de rentrées d'argent.

Le collège échevinal a pris des mesures immédiates pour faire face à la situation. En 2020, les clubs en tout genre recevront les mêmes subsides qu'en 2018. Les associations ayant participé régulièrement aux grands événements communaux comme la Fête nationale, le festival multiculturel ou le Blues Express les autres années auront droit à une compensation exceptionnelle calculée sur la base des exercices de 2018 et 2019.

Une deuxième action est en cours de discussion. Il s'agit de compenser les pertes subies par les associations à la suite de l'annulation de leurs activités.

# 1. Communications

**ERNY MULLER (LSAP)** demande si les conseillers communaux peuvent prendre position.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** répond que oui.

**ERNY MULLER (LSAP)** sait que le conseil communal reviendra sur ce point tout à l'heure, mais il voudrait commenter les mesures générales.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** n'y voit pas d'inconvénient.

**ERNY MULLER (LSAP)** annonce que ses pensées vont aux victimes du coronavirus et à leurs familles. Cent personnes sont mortes du virus au Luxembourg. Le chiffre ne semble pas énorme, mais pour le Luxembourg, c'est tragique.

Erny Muller va prendre position au nom du LSAP. Les socialistes soutiennent les initiatives prises par la Ville de Differdange dans le cadre du coronavirus. Le collègue échevinal a cherché le contact avec tous les porte-paroles des fractions grâce à une conférence vidéo toutes les deux semaines.

Toutes les mesures relatives au confinement et à ses conséquences ont été mises en place selon les procédures du ministère de l'Intérieur. Les habitants ont été informés dans le DIFFMAG, sur le site internet de la commune et avec des flyers. Erny Muller rappelle que les courses ont été faites pour les personnes à partir de 65 ans. Les personnes de plus de 80 ans ont été contactées. Elles sont soumises à une pression physique importante. Il était important d'entrer en contact avec elles. Enfin, les masques ont été emballés et livrés.

Erny Muller remercie les nombreux bénévoles pour les différentes actions. Il exprime sa gratitude envers les services communaux. Ils ont fait du bon travail.

Heureusement, il existe encore un hôpital dans la commune. Cela a permis de soulager la situation médicale. Les socialistes sont d'avis que le CHEM Niederkorn ne doit pas fermer. Il faudrait le réaffecter en tirant les conclusions qui s'imposent de la pandémie.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Da géife mer zum éischte Punkt vum Ordre du jour kommen. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, ech wollt froen, ob d'Méiglechkeet géif bestoen, dass och d'Vertrieder heibanne kéinten dozou Stellung huelen zu Ärer Kommunikatioun.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gären. Wann et e Besoin ass, gären.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Herno hu mer zwar nach e Punkt um Ordre du jour, wou och doriwwer rieds geet. Mee elo iwwert déi allgemeng Mesuren, mengen ech, wär dat awer och net schlecht. Well mir fillen eis alleguer implizéiert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Guer kee Problem.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Fänkt Dir un, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Dir Dammen an Dir Hären, Vertriederinnen a Vertrieder vum Schäffen a Gemengerot, léif Leit, déi op der Ecoute sinn, erlaabt mer ugangs direkt e Gedanken un d'Affer an hir Famillje vun dëser Coronakris oder deem schreckleche Virus. Schliisslech sinn et 100 Leit, hei zu Lëtzebuerg, déi mer duerch de Virus verluer hunn. Wat reng vum absolutte Wäert net vill schéngt ze

sinn. Mee fir eis Populatioun ass dat awer tragesch.

Elo kéim ech zur Stellung vun der LSAP zu deene ganze Mesuren, déi geholl gi sinn. An nach e puer Propositionen, wat een zousätzlech kéint maachen.

D'LSAP ënnerstëtzt selbstverständlech déi Initiativen, déi d'Gemeng Déifferdeng am Kader vun der Coronavirus-Pandemie geholl huet. Mir begréissen, dass de Schäfferot de Kontakt mat alle Parteien iwwer hir Fraktiounssprecher gesicht huet a Form vun enger zweewöchentlecher Videokonferenz, wou iwwert déi verschidde Mesurë geschwat gouf.

All dës Mesuren um Niveau vun der Gemengenautoritéit betreffend de Confinement a seng Konsequenze souwéi d'Oprechterhale vu vitale Gemengeservicer goufen ëmgesat, geméiss de Prozeduren, wéi se vum Interieur oder vum Syvicol festgehalen goufen.

D'Awunner goufen informéiert, sief et iwwert den Diffmag, den Internetsite vun der Gemeng oder Flyeren, déi ausgedeelt goufen. Iwwert déi verschidde Servicer hu jo eis Ressortschäffen de Rapport gemaach. Ech wéilt se nach eng Kéier erwänen. Dat war d'Akaf fir d'Leit ab 65 Joer an de Kontakt mat de Leit 80+. Dat si Persounen, déi engem besonnesch staarke physischen Drock ausgesat sinn. Dofir, mengen ech, war dat eng ganz gutt Aktioun, fir op déi Leit zougeng.

Net zulescht, och ganz wichteg, d'Ausdroen an d'Apake vun de Schutzmasken. Duerfir wëlle mir alle Leit, dorënner ville Benevölker, e grouse Merci soen, déi sech un deene verschiddenen Aktiounen bedeelegt hunn. Och de Gemengeservicer gebührt eis Unerkennung. Si hunn e gudden Job gemaach. Dat hu mer hei schonn héieren. A mir hu jo och Echoen héieren, wou mer dat confirméiert kritt hunn.

Glécklecherweis hu mir hei an der Gemeng nach e Spidol. Dat huet sécherlech zur Entlaaschtung vun der medezinescher Situatioun bäigedroen. D'LSAP ass der Meenung, dass de Site Nidderkuer vum CHEM net sollt zougemaach ginn. Op jidde Fall, fir dee Gedanke falen ze loosse, mee am Kader vun de Konklusiounen vun der

# 1. Communications

Coronapandemie sech iwwerleeën, ob en net kéint nei orientéiert ginn.

Den Dokteren an dem ganze medezinesche Personal e grouse Merci. Dat selwecht gëllt fir d'Fleegepersonal an eise Maisons de soins an Altersheimer wéi d'Betreiung bei de Leit doheem, wat och eng séier wichteg Aufgab an dëser Zäit war. Wou vill Leit ëmmer ënnerwee waren an e ganz gudden Job do gemaach hunn. Well et war wichteg, dass déi Betreiung doheem virugefouert gouf.

De Confinement nom Motto „Bleift doheem“ huet eist Liewen zimmlech staark verännert. All d'Schicht vum eiser Populatioun si betraff. Ugefaange bei eise Kanner bis zu deenen eelere Matbierger. Mir hunn den Teletravail, den Homeschooling an d'Videokonferenzen entdeckt.

Doduerch, dass d'Kanner doheem waren, hunn eng Partie Leit missen esouwuel Homeoffice maachen, wéi gläichzäiteg hir Kanner betreien. Wat bal eng Saach vum der Onméiglechkeet ass. Wat den Homeschooling ubelaangt, si mer frou, dass mer héieren hunn, dass e ganz gutt verlaf ass. A wëllen duerfir e Luef aussprieche, souwuel der Direktioun vum eiser Déifferdenger Schoul wéi deem ganze Léierpersonal.

Et muss ee soen, dass d'Mesuren, déi d'Regierung geholl huet, am Kader vum Congé pour raisons familiales am Kader vum Covid-19 eng exzellent Decisioun war. Dës Méiglechkeet gëtt et zum Beispill bei eisen Nopeschlänner net. Déi hu souguer doriwwer nageduecht, ob et net opportun wär, esou eppes ze hunn.

Dat selwecht gëllt fir de Chômage partiel, wou de Staat mat 80 % intervenéiert. Et ass eis zu Ouere komm, an dat gesi mer als séier positiv, dass et hei an der Gemeng Servicer gëtt, déi hire Leit hir voll Pai viru garantéiert hunn. An ech mengen, mer sollten hoffen, dass do Nachahmer fonnt gi fir dee Geste do.

Wann och d'Liewensmëttelgeschäfte an eiser Gemeng, ënner restriktive Konditiounen, opbleiwe konnten, esou huet dach dee gréissten Deel vu Geschäfte an Betriber et haart getraff. D'Gemeng Déifferdeng léisst hire Locatairë fir déi

zwee Méint Abrëll a Mee vum der Schléissung de Loyer zréck. Mir kommen herno nach eemol do drop zréck.

Dat heescht, d'Locatairë bezuelen da kee Loyer. An d'Gemeng huet recommandéiert, dass aner Propriétaires an eiser Gemeng sollten dat selwecht maachen, sech där Aktioun uschléissen. Mir hunn heizou eng kleng Fro: Hutt Der do e Feedback kritt, iwwert déi Aktioun? Oder ass dat einfach esou stillschweigend hgeholl ginn?

Eng aner Fro un de Schafferot: D'Gemeng Déifferdeng huet publizéiert, dass Betriber a Geschäfte sech kéinten un de City-Manager wenden, falls si eng administrativ Hëllef bräichten am Kader vum de Subventiounen, zum Beispill vum Staat. Awer och fir all aner Froen. Wéi war hei den Interessi? Ass vum där Demande oder vum där Offer Gebrauch gemaach ginn?

Mir hätte follgend Propositionen, wat d'Ënnerstëtze vum de Geschäfte an eiser Gemeng ubelaangt. Éischtens eng kommunal Ënnerstëtzung fir all d'Geschäftsleit. D'LSAP ass der Meinung, dass e finanzielle Geste fir all d'Geschäftsleit muss gemaach ginn. Dat kann en eemolegen Nolass sinn, wéi d'Gemeng Rëmeleng, zum Beispill, dat gemaach huet. Andeems se de Geschäfte an de Betriber, déi hu mussen zoumaachen, 500 Euro op de Gemengengafgaben noléisst. Oder aner Initiativen. Eis schéngt et sennvoll, dass mer do ee wéi deen anere consideréieren. An hinnen eng Kompensatioun gi fir déi grouss Perten, déi si haten.

Des Weidere proposéiere mer e Plan de relance fir de Commerce local. Dat ass eng Konsequenz vum deem Ganzen. E Méindeg maachen zwar elo erëm d'Geschäfte op, Gott sei Dank, géif ech soen, fir si a fir d'Populatioun. Awer nach laang net alleguer. D'Caféen an d'Restaurante bleiwen nach zou. An d'Gastronomie wäert wuel nach laang a ganz staark ënnert där Pandemie do leiden. Do ass nach guer keen Enn vum Tunnel a Siicht wéini do erëm en normal Liewen an deene Betriber, Caféen a Restaurants, stattfanne kann.

Duerfir eis Propositionen, fir zesammen ze kucken, mam City-Manager, der Commission économique an dem

*Erny Muller remercie les docteurs et le personnel médical ainsi que le personnel soignant des maisons de soins et des maisons de retraite. Il était important que l'accompagnement se poursuive à domicile.*

*Le confinement a fortement modifié la vie de toutes les couches de la population — notamment les enfants et les seniors. Beaucoup ont découvert le télétravail, l'enseignement à domicile et les conférences vidéos.*

*Les écoles étant fermées, beaucoup de gens ont dû à la fois travailler depuis chez eux et s'occuper des enfants, ce qui est particulièrement difficile. Erny Muller loue la direction de l'école de Differdange et tout le personnel enseignant.*

*Les mesures prises par le gouvernement concernant le congé pour raisons familiales dans le cadre de la COVID-19 étaient excellentes. Cette possibilité n'existe pas dans les pays voisins.*

*En ce qui concerne le chômage partiel, l'État intervient à hauteur de 80 %. À Differdange, certains services ont garanti un salaire de 100 % à leurs employés.*

*Les commerces alimentaires sont restés ouverts dans le respect de conditions restrictives. La commune a renoncé à deux loyers pour ses locaux. Elle a par ailleurs recommandé aux autres propriétaires de s'associer à cette action. Le collègue échevinal a-t-il reçu un feedback ?*

*Les commerçants et les entrepreneurs pouvaient s'adresser au « city manager » pour une aide administrative. Ont-ils profité de cette offre ?*

*Pour soutenir les magasins à Differdange, les socialistes proposent de faire un geste économique à l'égard de tous les commerçants. Il peut s'agir d'une prime unique comme à Rumelange ou d'une autre initiative. Mais il faudrait considérer une compensation de leurs pertes.*

*Erny Muller propose ensuite un plan de relance pour le commerce local. Lundi, les magasins vont rouvrir, mais pas les restaurants et les cafés. La gastronomie souffrira encore longtemps de la pandémie. C'est pourquoi le « city manager », la commission économique et*



# 1. Communications

*l'ACOMM devraient créer un modèle pour que les commerces ressortent plus forts de la crise.*

*La commune a déjà pris des initiatives comme expliqué dans le DIFFMAG. Elles devront être poursuivies tant que la situation ne se sera pas rétablie. Cela pourrait prendre plus d'un an. Dans ce cas, les initiatives devront être adaptées. La crise a créé un véritable sentiment de solidarité auprès des commerçants. Sera-t-il possible de le transformer en un élan pour le commerce differdangeois?*

*Erny Muller passe au soutien aux associations. Il est prévu de tenir compte de toutes les activités des clubs. Aucune association ne touchera moins qu'en 2019. Mais les pertes sont énormes, car de nombreuses manifestations ont été annulées. Les socialistes proposent donc un subside extraordinaire pour permettre aux clubs de compenser leurs pertes. C'est d'ailleurs ce qu'a suggéré le collège échevinal tout à l'heure. Les associations devraient pouvoir introduire une demande ou remplir un formulaire.*

*Pour Erny Muller, il ne faut pas oublier non plus les particuliers, qui ont certes bénéficié de nombreuses mesures, mais dont certains ont sans doute sombré dans la précarité.*

*Il est probable que le chômage augmentera rapidement à cause de la pandémie. C'est pourquoi la commune devra compléter les mesures déjà introduites par le gouvernement. Les hommes politiques doivent prendre leurs responsabilités en renforçant des structures comme l'office social ou le Jobcenter, qui orienteraient les personnes et leur proposeraient de l'aide.*

*Le déconfinement devrait commencer le 11 mai. Il a été question de l'école, mais tout ne semble pas encore clair. Or la commune est responsable des conditions mises en place dans les écoles. Il faudra renforcer le personnel et assurer une permanence pour veiller à ce que les conditions soient respectées continuellement. Des plans sont en train d'être élaborés. Il reste par exemple à définir comment distribuer les repas.*

*Erny Muller tient à louer le travail des responsables communaux, du*

Geschäftsverband, fir e Modell auszeschaffen, wéi d'Geschäfter sou gutt wéi méiglech an eventuell souguer méi staark aus där Coronakris do erauskommen.

Mir hu gesinn, am leschten Diffmag, dass do schonn Initiative geholl gi si vun der Gemeng. Dat muss een awer och unerkennen. Zum Beispill den Téléachat, deen ausgebaut ginn ass op de kleng Commerce. Dat sinn alles Saachen, déi musse weidergefuert ginn, soulaang et net honnertprozenteg erëm dréit. Well dat ka jo nach méi wéi ee Joer daueren, gëtt gesot. An déi mussen nach vläicht ausgefeilt ginn, déi Initiativen. An neier derbäikommen.

Soudass ee sollt vläicht d'Situatioun notze fir eis Geschäfter. Well et war esou vill Solidaritéit am Kader vun där ganzer Kris, vläicht kéinte mer och hei eng nei Solidaritéit kreéiere bei eise Geschäftsleit. Zesumme mat hiren Iddien an Iddie vu Fachleit en neien Elan ze fanne fir d'Déifferdenger Geschäftswelt.

En anere Punkt ass d'Ënnerstützung fir eis Veräiner. An ech si frou, dass den zoustännege Schaffen dorop agaangen ass. Am Fong war jo „nëmmen“ – „nëmmen“ entre guillemets, mee dat ass schonn eng ganz gutt Aktioun –, festgehalte ginn, ënnert de Parteien, dass fir d'Berechnungen am Fong all d'Aktivitéite matagerechent ginn. Dat heescht, dass kee manner sollt kréie wéi am Joer 2019.

A mir wollten haut proposéieren, vu déi Problematik, wou ganz vill Organisatiounen ausgefall sinn, well se eeben ofgesot hu misse ginn, wou d'Veräiner effektiv grouss Perten hunn, wat fir Organisatiounen vläicht hiren eenzege Revenu ass am ganze Joer – duerfir hate mer geduecht un e Subside extraordinaire.

Ech mengen, dat ass jo dat, wat de Schaffen haut gesot huet. Fir déi Perten, déi am Kader vun hiren normalen Aktivitéite verluer gaange sinn. Op Basis vun enger Demande, déi se areechen. Oder wa mer vläicht e Formulaire géifen ausfëllen, wou se kéinten alles opschreiwen an eis matdeelen. Dass mer kéinten en Deel oder ganz – dat musse mer da gesinn, wéi d'Gemeng do

kéint intervenéieren an de Veräiner ënnert d'Äerm gräifen.

Awer och d'Eenzelpersonen net vergiessen. Eis Biergerinnen a Bierger. An dësen Aktiounen hu se vill Appui kritt. Si hunn alles kritt, et waren e ganze Koup Mesuren. Et waren der och vill um Niveau vum Staat an um Niveau vun de Gemengen. Mee et sinn awer nach Leit, déi duerch de Raster gefall sinn. Ech sinn iwwerzeugt, dass d'prekär Situatiounen zougeholl hunn.

Mir hoffen, dass net ze vill Schied entstinn. Well et gëtt jo gefaart, dass de Chômage drastesch an d'Luucht kéint goen duerch déi Pandemie. Duerfir musse mer, obwuel, wéi gesot, d'Regierung eng Partie Mesuren ergraff huet, fir d'Leit ze ënnerstëtzen, kucken, fir eng Léisung ze fannen um Gemengeplang. Mir wäeren dann déi éischt Ulafstell fir esou Leit.

Hei sinn d'Politiker an d'Gemengeresponsabel gefuerdert. Mir kéinten eis Strukturen, wéi en Office social, en Jobcenter an esou weider, verstärken. Oder eng nei Ulafstell ariichte fir all déi Post-Corona-Konsequenzen, dat heescht all déi Schied, déi doduerch entstane sinn. Wou d'Leit sech kënnen un eng Stell wenden, wou se entweder orientéiert ginn oder gekuckt gëtt, wéi eng Aidë si kéinte kréie respektiv hir perséinlech Situatioun kéinte verbesseren.

De Confinement gëtt elo lues a lues zrëckgefuer. Den Datum ass den 11. Mee. Et gouf iwwert d'Schoul geschwat, ech hat do nach e puer Iwwerleeungen. Et ass vill hei gesot ginn. Et ass och gesot ginn, et wär nach net alles ganz kloer. Mir wëssen, dass mer vun der Gemeng aus zoustänneg si fir déi Konditiounen an de Schoulen.

Do musse mer u sech och verstärkt Personal asetzen. Wou praktesch eng Permanence am Gebai wär, fir ëmmer ze kucken, ob déi Konditiounen zu all Moment ofgeséichert sinn. Mir haten eis och iwwerluecht, wéi et mat de Maison-relais wär. Do hutt Der jo gesot, Dir wäert amgaang, Pläng auszeschaffen. Et muss ee soen, do ass jo nach de Problem mam Iessen, wéi een dat elo ausdeelt, a wat fir enger Form an esou weider.

# 1. Communications

Als Konklusioon kënne mer souwuel de Gemengeresponsabele wéi der Regierung – a speziell géif ech soen der Gesondheetsministesch – e Luef aussprechen, wat de Krisenmanagement ubelaangt. Et si sécherlech e puer Aktiounen net esou optimal gelaf. Ech denken hei zum Beispill un d'Philosophie vun de Masken. Mee mir wësse jo, och am Ausland ware sech d'Spezialisten doriwwer net eeneg.

Alles an allem si mer bis elo eenegermoosse gutt duerch d'Coronakris komm, déi awer nach laang net eriwuer ass. Mir wënschen der Regierung weiderhin eng glécklech Hand, wat déi weider Bewältigung vu der Covid-19-Pandemie um medezinesche wéi och um ekonomesche Plang ubelaangt. Ech soen Iech merci.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Hartung, wannechgelift.

---

## **JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, d'Déifferdenger Gemeng hat gutt a séier reagiert. Et goufe vill Mesuren en place gesat, fir grad den eeleren a vulnérable Leit ze hëllefen. Duerfir e grouse Merci un d'Personal vum Senior+ an deenen anere Servicer, mat de Fräiwëllegen, déi bei dëser Hëllef oder bei aneren Aktiounen an dësen Zäite fir hir Matbierger do waren.

Dorënner ware vill Privatleit oder Associatiounen, déi solidaresch an der Noperschaft gehollef hunn. Net ze vergiessen all déi Leit, déi fir d'Gesellschaft an essentiell wichteg Beruffer schaffen an all dës Aktivitéiten zum Wuel vun allen och am Confinement ënner net esou einfache Bedéngunge fortgesat hunn.

Als Déifferdenger CSV-Fraktioun begrëisse mer dee reegelméisseg Austausch vum Schäfferrot mat alle Fraktiounen via Videokonferenz, fir wichteg Decisiounen zesummen ze beschwätzen an ze huelen.

Mir schléissen eis de Mercien u fir d'ganz Gemengepersonal. Dat, wéi mer héieren hunn, ënner enger anerer Form weider fonctionéiert huet. Et goufe scho vill Servicer genannt. Als Beispill wëll ech den Office social nennen, deen och am Lockdown do war fir d'Leit a schwéiere Situatiounen. Well – dat muss ee bedenken – grad Leit a prekäre Situatiounen éischter Aarbechten hunn, wou den Teletravail net esou méiglech ass an all Abousen um Revenu gravéierend existenziell Konsequenze fir si hunn.

Vill Geschäfte huet et an der Coronakris getraff. D'Wirtschaft gouf rasant gebremst. Hannert den zouenen Dieren vun de Butteker kämpfe vill Patronen ëm hir Existenz. A mat hinnen an hire Butteker och vill Ugestallten. Dofir musse mer kucken, hinnen esou gutt wéi méiglech ze hëllefen.

Nieft den Hëllefen, wat schonn ugeschwat gouf, geet et elo drëms, datt mer gutt opgestallt sinn, fir prett ze sinn, wann alles nees opgeet. Datt mir net verschlofen, mee, au contraire, als Gemeng mat de Butteker geziilt de Leit dobausse vermëttelen, datt et Avantage huet, fir hei seng Akeef lokal ze maachen. Dofir spillen all déi sanitär Moosnamen weiderhin eng Roll. Fir datt d'Leit Vertrauen hunn, fir hei an eis Butteker akafen ze kommen. Dofir muss am Virfeld d'Reouverture gutt geplangt ginn. Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Ruckert, wannechgelift.

---

## **ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären vum Gemeengerot, ech wëll mech de Wieder vun der Madamm Buergermeeschter uschléissen an der ganzer Gemeengeverwaltung en häerzleche Merci soen, fir dat, wat an de leschte Woche gelescht ginn ass. Et war jo awer eng grouss Ëmstellung. A mat alle klengen Problemer, déi opgetaucht sinn, ass ëmmer, oder bal ëmmer, eng Léisung fonnt ginn. Dat ass jo ganz am Interesse vun der Bevëlkerung vun eiser Gemeng. Och haut nach.

*gouvernement et particulièrement de la ministre de la Santé pour la manière dont cette crise a été gérée. Tout ne s'est pas déroulé parfaitement — par exemple pour ce qui est de l'utilisation des masques. Mais d'une manière générale, les choses se sont bien passées. Erny Muller souhaite bonne chance au gouvernement dans sa lutte contre la pandémie de COVID-19.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** constate que Differdange a bien réagi. Des mesures ont été mises en place rapidement pour aider les seniors et les personnes vulnérables. Jerry Hartung remercie le personnel de Senior Plus, des autres services communaux ainsi que les bénévoles. De nombreux particuliers et des associations sont intervenus dans les quartiers. Il ne faut pas oublier non plus tous ceux qui ont continué à travailler pendant le confinement dans des conditions difficiles.

Le CSV salue les nombreux échanges avec le collège échevinal par vidéoconférence.

Jerry Hartung remercie le personnel communal. Les services ont continué à fonctionner sous une forme ou l'autre. L'office social par exemple est intervenu dans des situations difficiles. Car souvent, ce sont ceux dans la précarité qui ne peuvent pas travailler depuis chez eux.

Beaucoup de magasins ont été touchés par le coronavirus. L'économie tousse. De nombreux commerçants luttent pour survivre — et avec eux les employés.

La Ville de Differdange doit être prête pour la relance. Il faut expliquer aux gens qu'il y a des avantages à faire ses courses localement. Les mesures sanitaires doivent donner aux gens la confiance nécessaire de faire leurs courses en magasin. C'est pourquoi la réouverture doit être planifiée comme il faut.

---

**ALI RUCKERT (KPL)** s'associe aux remerciements à tout le personnel communal pour ce qui a été fait au cours des dernières semaines. Des solutions ont été trouvées à tous les petits problèmes qui se sont posés — dans l'intérêt de la population. La solidarité à Differdange est grande. Elle est importante non

# 1. Communications

*seulement en temps de crise, mais en général.*

*Monsieur Muller a remercié le gouvernement pour tout ce qu'il a fait. Ali Ruckert ne peut pas en faire autant quand il voit que des dizaines de milliers de gens ne touchent plus que 80 % de leurs salaires. D'autres perdent 30 % ou même 40 %. Les syndicats et le parti communiste ont notamment demandé que les travailleurs à temps partiel continuent de toucher 100 % de leurs salaires.*

*En plus, dans 14 secteurs, le temps de travail a été porté à 12 heures par jour et 60 heures par semaine. Or il s'agissait de secteurs où les employés étaient déjà sous stress. Dans le domaine du commerce, c'est une décision uniquement à l'avantage des grands patrons, qui veulent continuer à gagner de l'argent pendant la crise.*

*C'est pourquoi Ali Ruckert ne pense pas que la commune devrait soutenir financièrement tous les commerces. Et surtout pas les grands, car ce sont eux qui profitent de la crise. En revanche, elle a raison de renoncer à ses loyers dans le cadre de ses possibilités.*

*Les conséquences de la crise sanitaire se feront ressentir en automne ou en hiver. En effet, il ne faut pas oublier que les premiers signes d'une crise capitaliste sont apparus il y a six mois. Le chômage a commencé à augmenter. Il ne faut donc pas mettre tout sur le dos de la crise sanitaire. Celle-ci ne fait que renforcer les inégalités existantes.*

*La commune ne peut pas tout régler, mais elle doit prendre ses responsabilités. Elle doit voir comment s'y prendre au cours des prochains mois.*

*Ali Ruckert veut se montrer bref, car les points à aborder dans cette séance sont nombreux. En plus, il est fatigant de rester assis avec des écouteurs pendant des heures.*

*Ali Ruckert tient cependant à revenir sur la mise en berne du drapeau européen dans de nombreuses communes. Au bout d'un certain temps, le drapeau sera de nouveau hissé. Ali Ruckert demande à la bourgeoisie de le laisser en berne. En effet, il n'est pas seulement question de la fermeture des frontières. Le drapeau européen est aussi le sym-*

Ech stelle fest, dass d'Solidaritéit an der Gesellschaft och hei zu Déifferdeng ganz grouss ass. Ech mengen, dat sollt ee betounen. Well net nëmmen an esou enger Kris, mee och am normale Liewen ass Solidaritéit ëmmer eppes ganz Wichtige. Wat awer riskéiert an enger Ielebougeseellschaft, an där mir liewen heiansdo, net déi néideg Opmierksamkeet ze kréien.

Awer an dëser Kris huet d'Solidaritéit net an alle Fäll gespillt. Dat muss een och soen. An dat ass schonn ugeklungen, e Kolleeg vun de Sozialisten huet der Regierung merci gesot fir alles, wat se gemaach huet.

Ech kann der Regierung awer net merci soen, wann ech gesinn, dass Zéngdau-sende Leit nëmmen 80 % vun hirer Pai kréien. Dat heescht se verléieren 20 % vun hirem normalen Akommes. An et sinn der Dausenden dobäi, déi verléieren net 20 %, mee 30 % oder 40 %. An dat ass eppes, dat hätt vun Ufank u misse redresséiert ginn. Wat jo och d'Kommunistesch Partei an d'Gewerkschafte gefuerdert hunn, dass d'Kuerzaarbechter missten 100 % kréien. Dat wär sozial gerecht gewiescht. Dat ass awer net geschitt.

A besonnesch wëll ech drop hiweisen, dass mat deem Noutstand direkt vum éischten Dag un eng Decisioun geholl ginn ass, dass a 14 Beräicher hei am Land kann am Dag zwielef Stonnen an an der Woch 60 Stonne geschafft ginn. An dat ass an deene Beräicher geholl ginn, wou d'Leit souwisou schonn total gestresst waren. Och hei zu Déifferdeng. Am Beräich vum Handel, zum Beispill. Wat total onnéideg war a wat eebe just am Interessi ass vun deene grouse Patronen. Déi jo och an dëser Kris massiv Profitter maachen. Wéi esou e grouse pickege Konzern, oder en anere Konzern, deen en Numm huet bal wéi Corona.

Dofir mengen ech, sollt d'Gemeng net higoen a mat der Géisskan all Geschäft eng Ënnerstëtzung ginn, a besonnesch net deene groussen. Well dat sinn déi, déi och vun der Kris profitéieren.

Mee ech sinn absolutt d'accord, ech sinn absolutt d'accord, wann d'Gemeng am Rahme vun hire Moyer – an dat huet si jo elo schonn deelweis gemaach, doduerch dass se Loyer

erlooss huet, deene Geschäftsleit, déi an Haiser sinn, déi der Gemeng gehéieren – awer der Geschäftswelt zu Déifferdeng hëllef. Dat ass batter néideg.

Well d'Folge vun där Kris, vun där Gesondheetskris, wat jo awer och eng ekonomesch Kris ass, déi gesi mer net elo, déi gesi mer méi spéit. Déi gesi mer am Hierscht an am Wanter. Well ech wëll drun erënneren: Et ass jo net, wéi wann d'Problemer mam Ufank vun dëser Gesondheetskris ugefaangen hätten. Scho sechs Méint virdrun hu mer zu Lëtzebuerg an engem Konjunkturofschwung gelieft. Dat heescht déi kapitalistesche Kris, déi war schonn do. Vun deem Moment un, sinn et scho méi Aarbechtsloser ginn, och hei zu Déifferdeng. Et soll een elo net alles op déi Kris hei drécken. Mee wat een och zu Déifferdeng elo gesäit, dat ass, dass am Fong déi sozial Ongerechtegkeeten, déi et scho virun där Kris gi sinn an déi et gëtt, elo vill méi däitlech nach zum Ausdrock kommen.

An d'Gemeng huet do eng gewësse Verantwortung. D'Gemeng kann net alles maachen, dat ass ganz kloer. Se huet beschränkte Moyer. Mee se huet eng gewësse Verantwortung. An do musse mer zesumme kucken, an deenen nächste Méint, wéi mer déi Verantwortung zesumme kënnen droen. Dat ass ganz wichteg.

Well och zu Déifferdeng wäert d'Aarbechtslosegkeet an d'Luucht goen. Mer wäerten eng Rei Faillitte kréien. Dat muss een esou soen, well dat wäert esou de Fall sinn. A mer musse wierklech kucken, wéi mer am beschten duerch dës Kris kommen.

Ech wëll keng laang Ried hei halen, well mer esou vill Punkten op der Dagesuerdnung hunn. A well ech och weess, dass Kolleegeinnen a Kollege mat de Kopfhörer do setzen an dass dat extreem ermiddend ass, wann een dat stonnellaang maache muss.

Ech wëll awer nach just ee kuerze Punkt soen. D'Madamm Buergermeeschtesch huet eis erkläert, dass se, wéi a villen anere Gemengen, de Fändel vun der Europäescher Unioun op Hallemast gesat huet. An dass se op engem gewëssenen Datum dee Fändel erëm eropzéie wëll. Madamm Buergermeeschtesch, loosst dat sinn. Loosst dee



# 1. Communications

Fändel op Hallefmast. Well et ass jo net esou, dass et nëmmen ëm d'Schléissung vun de Grenze geet, wat se elo gemaach hunn.

Ech wëll drun erënneren: Dee Fändel, deen do hänkt, dee steet och fir déi grouss Liberaliséierungswell, déi mer an de leschten zéng Joren hu mussen erdroen. Wat zu ville soziale Verschlechterunge gefouert huet. An, wéi et an de Verträge vun der EU steet, déi eenzel Länner vun der Europäescher Unioun zu enger massiver Oprëschtung zwéngt. Déi zu enger Liberaliséierung vun eise Postdénsgchter gefouert huet, mat engem groussen Ofbau vun Aarbechtsplazen. Déi zur Liberaliséierung vun eiser Eisebunn gefouert huet, mat deene selwechten negativen Effekten.

Also, Madamm Buergermeeschter, ech gesi wierklech, besonnesch och nach haut – haut de Mëtteg gëtt am Lëtzebuerger Parlament den CETA-Vertrag ratifizéiert, mat Kanada. Majo deen CETA-Vertrag, deen huet d'Europäesch Unioun mat 300 % begréisst. Dee féiert awer derzou, dass zu Lëtzebuerg d'Liberaliséierung weidergeet. Dass zukünfteg Dénsgchter, déi de Staat oder d'Gemenge kënnen ubidden an déi et elo nach net gëtt, dass déi kënnen weider liberaliséiert ginn. Also ech mengen, Madamm Buergermeeschter, loosst déi Saach do sinn. Loosst dee Fändel op Hallefmast, well dat entsprécht vill besser der Realitéit, an där mer zënter laangem liewen. Ech soen Iech merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Liesch, wannechgelift.

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Mir wollten eis als Gréng och uschléissen. Ech komme vläicht erëm zrëck op den Terrain vun der Gemeng, op deem mer eis hei beweege. Nodeem mer elo en Exposé héieren hunn iwwer Nationalpolitik, europäesch Politik a Weltpolitik, wollt ech drop zrëckkommen, wat d'Positioun vun deene Gréngen ass.

Mir wëllen ënnersträichen, dass d'Gemeng virun allem schnell, effizient an effikass reagéiert huet an dëser Kris. Wann een an enger Krisesituatioun ass, ass et dat, wat een eigentlech vu politesche Vertrieeder verlaangt, dass se schnell reagéieren, besonne reagéieren an op déi richteg Leit lauschteren. An ech mengen, dat kann ee vun der Gemeng Déifferdeng jiddefalls soen. An och op nationaler Ebene kënnen mer dat ënnersträichen.

Mir sinn och ganz frou iwwert déi Participatioun, déi de Schäfferot mat de Parteie gefouert huet, fir eeben an dëser Kris jiddweree mat an d'Boot ze huelen. Well, wéi den Här Muller gesot huet, an esou enger Kris spillt net d'Oppositioun géint d'Majoritéit. An dat wëll ech hei ënnersträichen, dass all Partei um selwechte Strang gezunn huet. An hei net probéiert huet, een deem aneren d'Waasser ofzedréien oder sech en évidence ze setzen.

Zu kengem Moment hu mer dat gespuert. Duerfir wollte mir als Gréng e grouse Merci un all Parteivertrieeder soen, dass hei jiddwereen de Ball gespillt huet an dëser Kris. An dat ass, mengen ech, och, wat d'Leit dobausse vun eis verlaangen.

No der Kris ass virun der Kris. Et ass gesot ginn, dës Kris ass nach laang net eriwuer. An déi nächst Kris, wann een et esou dierf nennen, obwuel dat Wuert jo méttlerweil schonn e wéineg méssbraucht och gëtt, ass kloer, wéi jiddweree vun Iech lo scho gesot huet, déi ekonomesch Impakter, déi dës Kris wäert hunn. An do musse mer dee selwechten Exercice maachen.

Mer musse mat engem kille Kapp probéieren, déi richteg Mesuren ze huelen. Et mécht kee Sënn, mat der Géisskan ze probéieren, dat ze maachen. Dofir hu mer d'Moyenen net. An dat wär och net korrekt. Et sollt ee wierklech probéieren, deenen ze hëllefen, déi et batter néideg hunn. Och bei de Geschäftsleit, déi hei ugeschwat gi sinn. Do gëtt et Geschäfte, déi während der Kris ganz gutt geschafft hunn. Et gëtt awer och Geschäfte, déi wierklech um Enn sinn, déi warscheinlech iwwerhaapt net méi wäerten opmaachen. An et gëtt der, déi, wa se opmaachen, extreem Schwieregkeete wäerten hunn. Mir mussen also oppassen, dass mer

*bole de la vague libérale qui a déferlé sur l'Europe et qui est responsable de nombreux problèmes sociaux. Ali Ruckert cite comme exemple l'augmentation des dépenses militaires, la privatisation de la poste, les licenciements...*

*Cette après-midi, le Parlement luxembourgeois ratifiera l'AECG avec le Canada. L'Union européenne soutient cet accord à 300 %. Mais il amènera davantage de libéralisation au Luxembourg. C'est pourquoi Ali Ruckert exhorte la bourgmestre à laisser le drapeau en berne. Cela correspond bien plus à la réalité.*

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** s'associe à ce qu'a dit la bourgmestre. Après un exposé sur la politique nationale, européenne et internationale, il revient à la position des écologistes.

*La commune a réagi à la crise de manière rapide et efficace. Or c'est précisément ce qu'on attend des responsables politiques, qui doivent écouter les bonnes personnes et prendre les décisions rapidement. C'est ce qu'ont fait la Ville de Differdange et le gouvernement.*

*Georges Liesch salue la collaboration entre le collège échevinal et les partis politiques. Il était important que tout le monde aille dans la même direction. Comme l'a dit monsieur Muller, il ne peut pas y avoir de lutte entre la majorité et l'opposition. À aucun moment, les écologistes n'ont eu l'impression que certains essayaient de se mettre en évidence. Georges Liesch remercie tous les partis politiques, qui se sont concentrés sur le problème. C'est ce que demandent les citoyens.*

*La crise est loin d'être terminée. Il a déjà été question de l'impact économique que cette crise va avoir. Les responsables politiques doivent garder la tête froide. La Ville de Differdange n'a pas les moyens de soutenir tout le monde sans discernement. Certains magasins se portaient bien avant la crise. D'autres ne rouvriront pas. D'autres encore vont avoir des difficultés. C'est pourquoi la commune ne peut pas verser de subsides à ceux qui n'en ont pas besoin.*

# 1. Communications

*Les commerces locaux doivent être soutenus à travers une action incitant les gens à « acheter local ». Il faut leur communiquer qu'il vaut mieux privilégier les magasins locaux aux grandes entreprises en ligne. Georges Liesch précise qu'il parle de magasins dans la région sud et pas uniquement à Differdange.*

*Les commerçants devraient aussi aller dans cette direction. La plateforme Lëtzshop existe depuis deux ans. Les commerçants peuvent y vendre leurs produits en ligne. Le collège échevinal en a fait la promotion en proposant d'en financer les frais d'inscription. Malheureusement, peu de magasins ont réagi. La crise devrait permettre de prendre ce genre d'initiatives plus au sérieux. Le « city manager » pourrait contacter les commerçants et leur expliquer comment la plateforme fonctionne. Certains commerçants trouvent peut-être le système trop complexe et ont besoin d'aide.*

*Georges Liesch remercie à son tour les services communaux, qui ont tous réagi de manière exemplaire face à la crise.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** s'associe à ce que viennent de dire les orateurs précédents. Il remercie les responsables politiques et tout le personnel communal.

*Il souligne notamment la nouvelle manière de communiquer entre partis politiques. La voie empruntée est positive. C'est un plaisir de collaborer dans l'intérêt de la ville. François Meisch remercie également les citoyens differdangeois pour leur discipline. C'est comme cela qu'il faut continuer.*

*Tout à l'heure, il sera de nouveau question de la COVID-19 et François Meisch reviendra plus en détail sur les mesures.*

*Madame Brassel-Rausch a proposé de faire une pause bientôt — à 9 h 30. Mais l'ordre du jour n'a même pas été entamé. C'est pourquoi François Meisch tient à se montrer bref quitte à revenir sur les détails plus tard.*

déi richteg ënnerstëtzen. An net mat der Géisskan Leit nach eventuell Subsidien oder Sue ginn, déi et wierklech net brauchen.

Mee mir ënnerstëtzen awer déi Initiativ, fir wierklech elo eis lokal Geschäftsleit zu Déifferdeng och mat Aktiounen ze ënnerstëtzen. E flotte Slogan wär: Aus „Bleift doheim“ gëtt „Kaaft lokal“. Dat wär, mengen ech, dat, wat mer müssen eiser Bevëlkerung nach méi däitlech matdeelen, wéi dat bis elo de Fall war. Dass een net online bei grouse Konzernern akeeft, mee probéiert, esou vill wéi méiglech lokal ze kafen. Och wann dat heiansdo méi komplizéiert ass. Dann huet eise lokale Commerce – an ech denken elo net nëmmen un Déifferdeng eleng, mee un d'Südregioun. Well mir si jo awer als Déifferdeng e wéineg kleng, dass ee probéiert lokal ze kafen. Dat heescht an der Regioun selwer.

Mir kënnen och nëmmen eis Geschäftsleit opfuere, sech selwer e bëssen an déi Richtung ze beweegen. Et gëtt säit zwee Joer eng Plattform Letzshop, wou een als Geschäftsmann seng Produiten duerstelle kann. Wou een eng Plattform dann op eemol bitt, déi genau esou grouss an esou mächtig kéint gin wéi eng aner grouss. Wou een eleng de Profit heemschleeft.

Déi Plattform ass jo scho vum Schäfferrot promouvéiert ginn, andeem gesot ginn ass, dass d'Inscriptiounsfräise géife gedroe gi vun der Gemeng. Dat war op jidde Fall d'lescht Joer am Schäfferrot beschloss ginn. Leider war awer d'Resonanz vun de Geschäfte ganz kleng dorobber. Ech mengen awer, dës Kris sollt d'Geschäfte dorop bréngen, esou Initiative wéi déi heiten eescht ze huelen.

D'Gemeng kéint vläicht mat hirem City-Manager erëm Kontakt ophuele mat de Geschäftsleit. Fir hinnen de Support ze ginn an nach eng Kéier ze erkläre, wéi et funktionéiert. Vläicht hänkt et jo och u gewëssen Hürden. Wéi ginn ech domadder eens? Wéi kann ech meng Produiten informatesch op esou eng Plattform bréngen? Do brauch een heiansdo een, deen ee bei der Hand hält an dat da weist. Da kritt een déi Hürd vläicht geholl. Ech mengen, dass dat ganz wichteg wär, fir an der nächster Zäit déi Commercen,

déi mer nach zu Déifferdeng hunn, esou weider ënnerstëtzen ze kënnen.

Soss schlësse mer eis allegueren de Mercien un, déi hei scho gesot gi sinn un all eis Gemengeservicer. Mir wëllen elo keen namentlech erwänen. Ech denken, dass all déi Servicer, déi gebraucht goufen, an dëser Kris exemplaresch geschafft hu fir eis Bierger dobaussen. A mir wëllen als Gréng e ganz grouse Merci u si ausschwätzen.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Liesch. Här Meisch, wannechgelift.

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci, Dir Dammen an Hären, ech schlësse mech eise Virriedner gréissten-deels un. Ech bleiwe prinzipiell um lokalen Niveau. Merci fir den Asaz um Niveau vun der Politik hei allegueren. Merci dem ganze Personal, wat iwwert sech erausgewuess ass bis heihin. Merci och all de Benevollen.

Ervirsträiche wëll ech déi nei Method fir ze kommunizéieren ënnert de Parteien. Dat ass wierklech eng richteg Schinn an eng positiv Schinn. Et mécht Spaass, esou zesummeschaffen am Interêt vun eiser Stad. Merci awer och un alleguer d'Déifferdenger Bierger, déi wierklech Disziplin gewisen hunn zum ganz groussen Deel, mat nëmmen ganz wéinegen Exceptiounen. An esou sollt et och an Zukunft bliwen.

Ech kommen herno um Ordre du jour, mir schwätze jo dann nach eng Kéier iwwert de Covid-19, méi ausféierlech op verschidde Mesuren ze schwätzen.

Dir hat proposéiert, fir um hallwer zéng eng Paus ze maachen. Et ass geschwënn hallwer zéng, a mir hunn nach net mam Ordre du jour ugefaangen. Dofir faassen ech mech kuerz an ech komme mat Detailer da vläicht méi spéit. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Diderich, wannechgelift.

# 1. Communications

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Als Leschte wëll ech kuerz d'Wuert ergräifen. Villes ass scho gesot ginn. Ech wäert heiansdo einfach soen, mat wiem ech averstane sinn, fir déi fënnf Minutten ze spueren an net Saachen ze widderhuelen. Fir d'alleréischts wëll ech mech dem Merci uschléissen, dee gemaach ginn ass un de Schäfferot, dee sech hei ganz staark agesat huet an dee ganze Gemengerot matagebonnen huet, souwäit et gaangen ass. An ech begreissen, dass déi Mesurë gemaach gi sinn.

Ech mengen, dass an dëser Kris de Fokus drop louch fir ze handeln a fir do ze reagéieren, wou et gebraucht gëtt. Wat e bësse méi kuerz komm ass bei der Déifferdenger Gemeng, dat ass d'Informatiounspolitik, wann een dat mat anere Gemenge vergläicht. Et ass manner no bausse kommunizéiert ginn an der Press. Et ass méi no bannen an der Gemeng, mat de Leit, mam Gemengerot kommunizéiert ginn. Dat ass ganz positiv.

Ech hunn op eemol e Video gesinn, wou eis Buergermeeschtesch mat der Ambulanz oder mat enger Pompjeescamionnette duerch d'Gemeng gefuer ass a mam Megaphon eis Bierger informéiert huet. Dovunner wusst ech näischt. Dat hunn ech awer positiv fonnt. Well ech mengen, dass et grad en Challenge war fir sécherzestellen, dass déi Informatioun bei jidderengem ukënnt. Obwuel Der heiansdo e bësse schnell ënnerwee waart, op jidde Fall an deem Video, deen ech gesinn hunn.

Zur Informatiounspolitik wëll ech an deem Sënn soen – mee ech verstinn dat awer –, dass eebe verschidde Saachen net onbedéngt bei jidderengem, och am Gemengerot, ukomm sinn. Haut hunn ech matkritt, dass zum Beispill eis Kanner, déi net esou gutt doheem ausgerüst sinn, iPade kritt hunn. Wat ech wierklech begreissen. Dat wusst ech bis dato net. Dat war wierklech wichtig.

Ech hunn och héieren, elo net nëmme vun Déifferdeng, dass eng Rei Elteren domadder iwwerfuert waren, dass se Blieder gemailt kritt hunn. Déi musse se da printen, da musse se mol e Printer hunn an dann ausfëllen an da scannen. Wann s de dat Material net hues, da

bass de, eleng mam technesche Volet, schonn eng Stonn amgaangen, ier s de mol Schoul doheem kanns maachen. Dofir wëll ech hei explizitt begreissen, dass mir probéiert hunn, där Situatioun entgéintzewierken.

An der Informatiounspolitik wollt ech nach ureegen: Et ass eng Zäitche dee Service sms2citizen ginn. Hautdesdaags gëtt et Saache wéi Telegram oder WhatsApp. Ass dat eppes, wat een an Zukunft fir esou eng Situatioun kéint notzen? Mir si ganz aktiv op Facebook, mee och Facebook hëlt zum Deel of bei verschidde Leit. Kéint een net an déi Richtung goen, dass d'Leit sech an e Kanal bei der Gemeng kéinten aschreien an da Saachen direkt op hiren Handy kéinte geschéckt kréien, wa se dat da wëllen?

Et ass gesot ginn, dass dës aktuell Kris déi sozial Ongläichheete verstärkt, ob dat ass, wann et ëm d'Schoul geet, ob dat ass, wann et ëm d'Aarbecht geet. Wou ech mech och den Aussoe vum Ali Ruckert uschléissen, wat de Verdéngscht ugeet a wat déi verschidde Profiteuren, souzesoen, och vun der Kris ugeet. Dass do net jidderengem gläichermoosse mat der Géisskan muss gehollef kréien.

Wat nach net esou ugeschwat ginn ass, dat ass d'Wunnen, de Logement. Grad Déifferdeng huet eng Situatioun, wou vill Leit op enkem Raum wunnen. A wann et dann op eemol heescht, bleift doheem a léiert mat Äre Kanner a spillt mat Äre Kanner doheem, an d'Spillplaz sinn zou, dann hu mer nach Chance, dass mer vill Bësch no ronderëm hunn. Mee de Raum gëtt dann awer ganz enk a ganz kleng fir ganz vill Leit.

An dat ass ganz staark ervirgetrueden elo. Mee och a Richtung vun de Cafés-zëmmeren, musse mer eng Kéier d'Situatioun kucken. Do si jo och verschidde Leit, déi lounen net nëmme d'Zëmmer, mee déi lounen och de Kascht dobäi. Dass déi Saachen awer nach ëmmer iergendwéi assuréiert sinn. Mee och Leit an Appartementer, mat ville Kanner, sinn nach ëmmer an enger schwiereger Situatioun. Ech mengen, dat muss eis e weidere Coup ginn, fir do esou vill wéi méiglech ze maachen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** constate que beaucoup de choses ont déjà été dites. Il ne va pas tout répéter.

Il remercie le collège échevinal, qui a inclus le conseil communal dans les décisions prises. L'accent a été mis sur la réaction face aux besoins provoqués par la crise.

Par rapport à d'autres villes, Differdange a choisi de communiquer moins dans la presse, mais plus avec les conseillers communaux et les gens. C'est une bonne chose.

Gary Diderich a vu une vidéo de la bourgmestre parlant au mégaphone dans une camionnette de pompiers. Il n'était pas au courant de cette initiative. La difficulté consiste à informer toute la population.

Les informations ne sont pas toujours arrivées jusqu'aux conseillers communaux, mais c'est normal. Gary Diderich ne savait par exemple pas que certains élèves avaient reçu des iPads. Il a entendu dire qu'une partie des parents ne s'en sortait pas pour imprimer les documents, les remplir et les renvoyer. Sans imprimante par exemple, on perd beaucoup de temps avant d'être prêt pour un cours scolaire à la maison. Gary Diderich salue l'aide proposée par la commune.

Pour ce qui est de la politique d'information, il mentionne des apps comme Telegram et WhatsApp. La commune ne devrait-elle pas en profiter? Elle est active sur Facebook, mais elle devrait essayer d'envoyer les informations directement sur les portables.

La crise actuelle a renforcé les inégalités sociales à l'école et au travail. Gary Diderich s'associe aux propos de monsieur Ruckert concernant les profiteurs. La commune ne doit pas soutenir tout le monde de la même manière.

En matière de logement, à Differdange, les gens vivent dans un espace étroit. Heureusement, la ville est entourée de forêt, ce qui permet aux gens de sortir avec leurs enfants pendant le confinement. Mais la situation reste difficile. Gary Diderich propose notamment d'évaluer les chambres de cafés, car les repas sont souvent inclus dans la location. Ce service est-il encore assuré? Et qu'en est-il des familles



*avec beaucoup d'enfants vivant en appartement ?*

*La commune a décidé de renoncer aux loyers des commerçants. Gary Diderich salue cette décision. Mais il faut aussi inviter les particuliers à faire de même. Car si un magasin ferme, il n'y aura plus de loyer pendant longtemps. C'est pourquoi Gary Diderich tient à lancer à nouveau cet appel.*

*Il mentionne ensuite le Beki, une monnaie locale. Il se demande si les communes du bassin de la Chiers ne devraient pas l'introduire. Cela permettrait de renforcer le tissu local.*

*Gary Diderich comprend la position de monsieur Liesch, mais la politique européenne et le libre-échange ont un impact sur le commerce local. Car une multinationale qui, par les temps qui courent, continue à écouler ses produits en payant très peu d'impôts constitue un problème. L'AECG ne fera que le renforcer. Sans oublier que la production locale va baisser et que le Luxembourg dépendra intégralement de l'importation de biens et donc de l'ouverture des frontières. C'est pourquoi la commune doit trouver des solutions localement et veiller à ce que les accords internationaux aillent dans la bonne direction.*

*Pour ce qui touche aux masques, Gary Diderich salue le fait que la commune ne se soit pas lancée dans une course. La Ville de Differdange a essayé d'agir en concertation avec les autres communes et a réussi à appliquer efficacement les mesures prises.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** propose de traiter le point suivant avant la pause pour avoir au moins l'impression d'avoir travaillé. Elle cède la parole à monsieur Ulveling.

---

**TOM ULVELING (CSV)** passe à l'agrandissement de l'école dans la rue Saint-Pierre à Niederkorn. Il est évident que la commune manque de salles de classe. À Niederkorn, la commune est en train de construire l'école du Mathendahl, mais elle ne va pas suffire. C'est pourquoi le collège échevinal cherche un site supplémentaire.

Wa mer vu Logement schwätzen, schwätze mer och vu Loyeren, fir domadder eriwwer op d'Geschäftswelt ze goen. Mir als Déifferdenger Gemeng hu jo zesummen, tëschent all de Fraktiounen, decidéiert, déi Loyeren, déi mir kënnen erloossen, ze erloossen. Wat ech matënnerstëtzt hunn a wat ech nach eng Kéier hei wëll begrëssen an ervirsträichen.

Mir hunn awer och gesot, mir wëllen dat maachen, fir och déi privat Proprietären ze invitéieren, dat nämmlecht ze iwwerleeën. Well et huet keen eppes dovunner, wann ee muss zoumaachen an da méintelaang guer näischt erakënnt, kee Loyer erakënnt. A virun allem huet eis Gemeng näischt dovunner. An da sinn déi Leit, déi betraff sinn a probéieren, e Geschäft um Lafen ze halen, an enger ganz schwieriger Situation. Dofir wëll ech dat nach eng Kéier ervirsträichen an deen Appell nach eng Kéier verstärken.

Et si ganz vill Saache gesot ginn zur Geschäftswelt. Ech wollt vläicht eng nei Iwwerleeung erabréngen, déi mer elo nach méi staark komm ass. Et gëtt e Beispill zu Lëtzebuerg vun enger lokaler Währung, de Beki. An ech wollt emol d'Fro opwerfen, ob mer eis net sollten iwwerleeën, am Kordall zesummen de Kär anzeféieren. De Kär war eng Kéier eng Währung vun engem lokalen Tauschsystem. Dat kéint een zu enger lokaler Währung maachen. Wat dann och géif dozou féieren, dass déi Kreisleef méi staark am Lokale géife bliwen.

Ech verstinn zum Deel dem Här Liesch seng Remark zur Ausso vum Här Ruckert. Mee Europapolitik a virun allem Fräihandelspolitik wéi de CETA-Accord si ganz no un eiser lokaler Geschäftswelt. Well wann e risege Konzern, deen iwwer Internet esou vill verkeeft wéi Chrëschttag an dëser Zäit, an esou mann Steiere bezilt wéi soss kee Geschäft hei an dëser Gemeng, dann hu mer e Problem. An da wäert CETA dee Problem verstärken an net verkleengere.

An e wäert nach ganz vill aner Problemer verstärken, dass mer näischt méi lokal produzéieren, zum Deel. Dass mer dann ugewise sinn, fir dat vun hei an do heihinner ze schëffen an dann op eemol, wann d'Grenze blockéiert sinn,

Problemer kréien an d'Camionen op den Autobunnen a Schlaange stinn.

Dofir mengen ech schonn, dass een net einfach um lokalen Niveau d'Klappe kann zoumaachen, mee et muss ee grad um lokalen Niveau géigesteieren. An et muss ee sécherstellen, dass esou international Accorden an déi Richtung ginn. An do schlëssen ech mech deenen Aussoen un.

Wa mer schwätze vu Saachen heihinnerkréien a produzéieren, da schwätze mer och vu Masken. An ech wëll explizit begrëssen, dass eis Gemeng net bei där onsolidarescher Course ëm Maske matgemaach huet, fir eenzel Masken nach virun aneren un d'Bierger ze verdeelen, a sech esou probéiert huet, an d'Fenster ze stellen. Mee éischer gekuckt huet, fir concertéiert mat alle Gemengen no Léisungen ze sichen an ze fannen. A sech dann och där Demarche, wéi se bis do war, ugeschloss huet an déi och tipptopp ëmgësat huet.

Voilà, dat waren déi wichtegst Saachen, déi ech wollt soen, fir déi verschidde Situatiounen ervirzeesträichen, déi elo nach net genannt gi waren. Ech soen Iech merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Diderich. Ech géif soen, virun eiser Paus huele mer awer nach ee Punkt duerch. Dass mer op d'mannst d'Gefill hunn, mir hätt geschafft.

Ech géif d'Wuert un den Här Ulveling ginn.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, et geet ëm d'Vergrëisserung vun der Schoul an der Rue St. Pierre zu Nidderkuer.

Mir sinn eis bewosst, dass Schoulraum feelt. Dass och nach Schoulraum wäert feelen, wann d'Evolution esou weidergeet, wéi mer dat mengen ze gesinn. Dofir si mer amgang – wéi mer erausfonnt hunn, dass Nidderkuer ee vun deenen Hotspotten ass, obwuel mer jo déi nei Mathendahl-Schoul amgang

## 2a. École Saint-Pierre

sinn ze bauen, dass dat nach net wäert duergoen, si mer op der Sich sinn no engem anere Site, fir do eventuell nach eng Schoul ze bauen. En attendant hu mer e Besoin u Schoulraum. Mir hunn de Besoin erkannt. Dofir hu mer dee Projet hei an d'Wee geleet.

Dir wäert mat mer d'accord sinn, wann ech Iech soen, et ass e relativ deiere Projet. 2,5 Milliounen, fir awer praktesch nëmmen dräi Säll méi ze hunn a 720 m<sup>2</sup> gebaut ginn. Wann een ausrechent, wat dat kascht, da läit ee bei 3.600 an e puer Zerquëschener de m<sup>2</sup>. Dat ass net grad geschenkt. Mee ech mengen, et ass awer noutwendeg.

Firwat gëtt et esou deier? Wéi mer de Projet ugaange sinn, ware mer dovun ausgaangen, well mer krute gesot, dat do dat kënne mer fir eng Millioun dohinner bauen. Dann hu mer fir wéineg Geld vill kritt. Mee, leider, d'Fondatioune ginn dat net hier. Dat ass den éischte Problem. An d'Statik ass en anere Problem. Dofir dee Präis.

Wat soll elo do genau geschéien? Dat Gebai besteet am Fong aus dräi Gebaier. Vun der Rue St. Pierre erof an dat lescht Gebai. Virun e puer Joer hat den Här Muller sengerzäit als Bauteschäffen do nach e puer Klassesäll dobäi gebaut. Mee hei ass elo just dat Gebai, wat vir un der Rue St. Pierre läit. Dee ganze viischten Deel gëtt ewechgerappt an nei gebaut. Deen hënneschten Deel, wou déi véier Klassesäll sinn, dee bleift bestoen. An dee Couloir, deen d'Klassesäll vun deem Neibau trennt, bleift och bestoen.

An deem ale Gebai an der Rue St. Pierre si véier Klassesäll, eng kleng Bibliothéik, WC-Anlagen, eng kleng Kichen, eng didaktesch Kichen, e Lokal fir den Nettoyage an en Hall mat engem Couloir. Déi Säll, déi ech elo genannt hunn, ginn all ewechgerappt. An um Rez-de-chaussée entsteet e Klassesall vun 81,5 m<sup>2</sup> mat enger Cuisine didactique.

Dir hutt d'Pläng, wou Der gesitt, wéi déi Kiche soll ausgesinn. Déi ass am Klassesall. Well am Ufank hunn ech déi Cuisine didactique gesicht, well ech gemengt hunn, dat wär eppes Eegestänneges. Mee déi ass am Klassesall matabaut. Et kënnt och e WC dohi fir Jongen a Meedercher plus e WC mat

enger Dusch, eng vergréissert Bibliothéik, vun 20 m<sup>2</sup>, e vergréissert Lokal fir den Nettoyage, eng kleng Salle de rattrapage vu 36 m<sup>2</sup> – dat war gefrot gi vun den Enseignanten –, zwou Trape riets a lénks vum Couloir, eng Nouttrap an eng normal Trap, plus e Lift, well mer jo op deem Deel nach e Stack drop bauen.

Dir hutt gemierkt, et gëtt e Local technique. Dofir kascht et och esou deier. Dee gëtt elo vun der lénker Säit op déi riets Säit gesat. Dat heescht, da mussen all d'Verbindungen, all déi elektresch Leitungen, all déi Saachen nei verluecht ginn. Dat kascht natierlech erëm eppes.

Um éischte Stack, deen nei gebaut gëtt, kënnt e Couloir, en Trapenhaus mat zwou Extremitéiten, eng Trap mat engem Local de nettoyage, zweemol en Toilettentrakt fir Männlein a Weiblein, e WC fir d'Personnes à mobilité réduite. Et entstinn zwee Klassesäll, ee vun 78 m<sup>2</sup> an ee vu 85 m<sup>2</sup>. Um Daach entsteet eng Photovoltaikanlag. An dee ganze Bau soll am Holz gebaut ginn.

Dir gesitt, dass mer versicht hunn, déi zwee flott gréisser Beem virun deem aktuelle Gebai ze halen an am Fong alles ronderëm ze bauen.

Et kouw en Avis positif vun der Bautekommissioun. Et kouw en Avis positif vum Schouldirekter, dem Här Marc Bodson. An och mat der ITM ass alles ofgeschwat.

Wann een esou Restauratiounen, oder Renovatiounen deelweis, mécht, da muss een en neien Ustrach maachen, de Buedem muss verluecht ginn. Et si motoriséiert Fënsteren uewen am Daach bei de Klassesäll virgesinn, fir dass genuch Liicht an déi Säll kënnt.

Mir wäerte sécher e Subsid kréien. De Moment hu mer d'Ufro nach net zrëck vum Ministère, wou mer Iech kéinte genau soen, wéi vill mer kréien. Mee et ass kloer, fir Klassesäll kritt ee vum Staat e Subsid. Dat ass alles reglementéiert. Mer waarde just nach op dat offiziellt Schreiwes mam genaue Montant.

Ech hat Iech gesot, dass den Devis sech op 2,5 Milliounen berout. 1,9 Milliounen ouni d'Honorairen, de Rescht sinn Honorairen. D'Surface huet 720 m<sup>2</sup>

*Le projet coûte 2,5 millions d'euros pour 3 salles de classe et 750 m<sup>2</sup> supplémentaires. Cela représente plus de 3600 € par mètre carré. C'est beaucoup, mais le projet est nécessaire.*

*Au départ, le collège échevinal espérait pouvoir agrandir l'école pour un million d'euros. Mais entre-temps, des problèmes de statique et de fondations se sont révélés.*

*Le bâtiment se compose de trois parties. La première va de la rue Saint-Pierre au dernier bâtiment. Monsieur Muller y a fait construire quelques salles de classe supplémentaires quand il était échevin. Aujourd'hui, il est question du bâtiment donnant sur la rue Saint-Pierre. La partie antérieure sera démolie et reconstruite. La partie postérieure reste.*

*L'ancien bâtiment dans la rue Saint-Pierre comprend actuellement quatre salles de classe, une petite bibliothèque, des toilettes, une petite cuisine, un local de nettoyage et un couloir. Ces salles seront démolies. Une salle de classe de 81,5 m<sup>2</sup> et une cuisine verront le jour au rez-de-chaussée. Les conseillers communaux disposent des plans de la cuisine, qui est intégrée à la salle de classe. Il y aura aussi des W.C., une bibliothèque de 20 m<sup>2</sup>, un local de nettoyage, des toilettes pour les personnes à mobilité réduite et deux salles de classe de 78 m<sup>2</sup> et de 85 m<sup>2</sup>. Des panneaux solaires seront installés sur le toit. La structure sera en bois.*

*Les arbres devant le bâtiment actuel seront préservés.*

*La commission des bâtisses et le directeur d'école ont remis un avis positif. L'ITM a été consultée.*

*Quand on réalise des travaux de restauration ou de rénovation, il faut aussi repeindre et refaire le sol. Des fenêtres motorisées sur le toit sont prévues.*

*La commune devrait toucher un subside même si le ministère n'a pas encore donné son accord. Ce type de subsides est réglementé.*

*Le devis s'élève à 2,5 millions d'euros honoraires inclus. La surface s'élève à 720 m<sup>2</sup> et le volume à 2622 m<sup>3</sup>.*

*Les délais dans le document sont ceux d'avant la crise du coronavirus. Tom Ulveling espère cependant*

## 2a. École Saint-Pierre

que le bâtiment sera prêt pour début 2021.

*Il demande aux conseillers communaux d'approuver le projet au nom des enfants.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** rappelle qu'en juillet 2016, le conseil communal a approuvé l'annexe de la maternelle avec un accès par la rue Saint-Pierre. Un devis supplémentaire a été présenté en novembre 2018 pour des travaux techniques. En décembre 2019, ce fut au tour des aménagements extérieurs — de l'École des garçons jusqu'à la rue Saint-Pierre.

À Niederkorn, le manque de salles de classe est critique. Monsieur Ulveling a présenté les détails de l'agrandissement de l'école. Christiane Saeul l'en remercie. Elle ne répètera pas tout ce qui vient d'être dit et donne l'accord du DP.

**JERRY HARTUNG (CSV)** est content de la création de salles de classe dans la commune. La population a énormément crû au cours des dernières années. Les infrastructures doivent suivre.

Il a déjà été question des écoles d'Oberkorn et du Fousbann. L'école du Mathendahl est en train d'être construite. Mais il manque encore des salles de classe à Niederkorn, ce qui explique l'agrandissement dont il est question aujourd'hui.

Jerry Hartung rappelle que trois nouvelles salles de classe, une bibliothèque, une petite salle pour l'appui scolaire et un ascenseur seront construits. Tous les étages comprendront un bloc sanitaire et des accès par deux cages d'escalier. Les frais se montent à deux millions d'euros. Les fondations et la statique doivent être renforcées. Le mobilier est inclus dans le prix — et notamment une cuisine. Les enfants apprennent beaucoup à travers le toucher, l'expérience, le bricolage et le gout.

Les chrétiens sociaux apprécient le fait que du côté de la rue Saint-Pierre l'aspect de l'école sera modernisé. Ils approuveront le projet.

respektiv 2.622 m<sup>3</sup>. D'Delaie stinn heidran. Dat waren d'Delaie vu virun der Coronakris. Elo wäert et e bësse méi laang daueren, ier mer ukommen. Well mer jo nach net esou wäit sinn. Ech hoffen awer, dass et ufanks 2021 wäert fäerdeg sinn.

Ech wär frou, wann Der mer dee Projet hei géift stëmmen. Et ass am Interêt vun eise Kanner a Schoulkanner. Si wäere frou, wa se déi nei Raim kéinte benotzen. Dat Ganzt rënnt e bëssen of, wat de Moment elo do ass, u Säll an u Klasesäll. Dofir merci fir Ären Appui fir dëse Projet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kolleginnen a Kollegen, Dir Hären an Damme vun der Press, zum weideren Ausbau an den Aarbechte vun der Péiterschoul zu Nidderkuer, dëst schonn a Kontinuitéit.

Juli 2016 ass den Ubau un déi besteeënd Spillschoul ofgestëmmt ginn, mat direktem Agang zu der besteeënder Spillschoul an Zougang zu der Péiterstrooss. November 2018: en zousätzlechen Devis. An der Technik hat musse vill nei gemaach ginn, fir kompatibel ze si mam neien Ubau. Dezember 2019 gouf den Amenagement vu bausse fir d'Alentoure gestëmmt. Dëst vun der Bouweschoul bis erop. An en Accès zu der Péiterschoul.

Zu Nidderkuer ass akute Mangel u Klasesäll. Wéi scho gesot, wäerten d'Personal an d'Kanner ganz frou sinn, wa se der dobäikréien. D'Méiglechkeet an d'Integratioun vun engem Ausbau un d'Péiterschoul ass okay. Den Här Ulveling, zoustännege Schäffen, huet eis den detailléierten Ausbau schonn erkläert. Merci. Ech wëll dofir net alles widderhuelen. D'Demokratesch Partei stëmmt dësen Ausbau an Devis. Ech soe merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Saeul. Den Här Hartung an dann den Här Muller. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, als CSV si mer immens frou, datt hei e weidere Schrëtt gemaach gëtt, fir den néidege Schoulraum an eiser Gemeng ze schafen. Doduerch, datt mer an de leschte Joren esou enorm gewuess sinn, musse logescherweis och eis Infrastrukture matwuessen. Notamment eis Schoulen. Fir Uewerkuer hu mer d'Pläng viru Kuerzem hei gestëmmt. Am Quartier Fousbann gëtt och gekuckt, wéi een d'Schoul kann erweideren.

Zu Nidderkuer am Mathendahl ass schonn eng ganz nei Schoul am Bau. Datt de Schoulraum esou urgent felt, weist, datt mer elo hei zu Nidderkuer nach Klasesäll um besteeënde Site bäibauen. Et gëtt versicht, dës a kuerzer Zäit fäerdeg ze hunn, fir datt mer weiderhin niddreg Klasseneffektiver behale kënnen.

Zum Projet selwer ass scho vill gesot ginn. Et entstinn dräi nei Klasesäll, eng Bibliothék, e méi kleng Sall, fir zum Beispill Appui ze halen an e Lift. Op all Stack entsti komplett sanitär Bléck, Accèsen iwwer zwee verschidde getrennten Trapenhaiser, fir eebe sécherheetstechesch gutt ze sinn.

Dat Ganzt beleeft sech knapp op iwwer zwou Milliounen Euro. Net wéineg. Bedéngt doduerch datt, d'Fondatiounen an d'Statik vum besteeënde Gebai musse verstärkt ginn. Am Präis ass schonns de Mobilier enthalen. Ënner anerem eng uerdentlech Kichen, wat wichteg ass an enger Spillschoul. Well d'Kanner an deem Alter nach vill iwwert d'Upaken, praktesch Erfarungen, d'Selwermaachen, d'Schmaachen an esou weider léieren.

Flott fanne mer, datt zur Rue St. Pierre hin d'Schoul mat den Transformatiounen en neit Gesiicht kritt an e bësse méi modern dostoe wäert.

D'CSV stëmmt dëse Projet mat. Merci.



## 2a. École Saint-Pierre

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmoos merci, Här Hartung. Här Muller, wannechgeleft.

### ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Kolleginnen a Kollegen, wa mer e puer Joren zrëckkucken, huet d'École St. Pierre, och nach Spillschoul St. Pierre genannt, bestanen aus siwe Klassen-säll fir de Cycle 1. Viru véier Joren hunn ech selwer e Projet begleet, wou en Ubau Richtung Bouweschoul gemaach gouf a wou véier Klasseraim an e Versammlungsraum fir d'Léierpersonal derbäikoumen. Den Här Ulveling hat et scho gesot. Dëst awer och, fir dräi Klassen-säll, déi a Container funktioniéiert hunn, ze ersetzen. Dat heescht, mir haten am Fong een zousätzleche Raum, mee mir hunn dräi Containerschoulen doduerch ersat.

De Käschtepunkt war deemools 1,8 Milliounen vum Projet. E bëssen drënner, wéi dat haut ass. Et ass awer och e bësse méi Volume trotzdeem gebaut ginn. Also et war vum Präis hier, géif ech elo mengen, e bësse méi interessant.

De Projet, wéi en eis elo virläit, ass zur Genüge hei erkläert gi vun dem responsabele Ressortschäffen an och vun anere Leit. Duerfir wëll ech net méi am Detail drop agoen. Ech wollt just soen, elo hu mer eng Léierkichen, déi virdru separat war, an engem Schoulraum integréiert. Iwwert d'Notzung oder d'Benotzung muss ee sech elo Gedanke maachen. Well dat muss jo awer och kënne vun anere Klasse benotzt ginn. Mee ech mengen, do wäert d'Léierpersonal sech schonn eng afale loosse.

Interessant ass eng Salle de rattrapage, d'Bibliothék méi grouss, e Lift. Et ass handicapéiertegerecht. Ech mengen, dat ass normal, mee dat hu mer déi aner Säit net bräichten ze maachen an deem Gebai, well mer do vun zwee Niveauen an d'Gebai erakomm sinn. Dat war zum Beispill ee Punkt, wou mer vläicht Geld gespuert hunn. D'Gebai selwer an Holzkonstruktioun. An um Daach Photovoltaikanlag, wat ze begreissen ass.

Käschtepunkt: 2.530.000 Euro. Dir hat och gesot, wat dat pro Meterkaree kascht, dass dat jo awer schonn e gewëssene Präis ass. Och wann d'Architekten mat 9,02 % ugi sinn, da muss een awer kucken, hei si vill aner Käschten. D'Gesamthonoraire maache 15,13 % aus. D'Statik an esou weider an esou fort. Also et sinn eng Partie technesch Assistancen, Ingenieursleeschtungen, wat de Käschtepunkt vun den Honorairen eropdreift.

D'Realisatioun, hat Dir elo schonn ugeschnidden, sollt jo an der Sommervakanz 2020 sinn, wat schonn en ambitiëst Zil ass. Well da muss ee jo kënne, wann et fäerdeg ass, an déi véier Klassen-säll do kommen, ouni dass d'Kanner duerch e Chantier ginn. Also dat gëtt net esou einfach.

Nach vläicht eng Bemierkung zu der Architektur. Fir den Ausbau vun de Klassen-säll gëtt d'Gebai zu deem Zweck ronn véier Meter Richtung Trottoir, par rapport zu elo, ausgebaut. Dat war d'Bedéngung, fir déi zwee remarkabel Beem an d'Fassad ze erhalten. Déi zu deenen zwou sougenannten Encochen am Gesamtbild féiert. Mee wat awer och d'Situatioun vun der Fassad oplockert an déi vun den Anrainer verbessert. Wann een de Plang an der 3D-View kuckt, gesäit een, dass dat méi interessant ass, wéi wann do elo eng Mauer wär, déi vun enger Säit op déi aner laanscht den Trottoir géif goen, tëscht de Gebaier. Well et sinn awer véier Meter méi eraus gebaut wéi dat Gebai op der rietser Säit vun der École St. Pierre.

(Ënnerbriechung)

Okay. Insgesamt e flotte Projet. Fir d'Beem ze ëmgoen, dat hu mer jo schonn erlieft bei deem anere Projet, do hu mer jo och ronderëm d'Beem gebaut.

Bei deem Projet och. Do hu mer scho gutt Erfahrung dran.

Bei engem Ausbau muss ee sech ëmmer d'Fro vun der verfügbarer Fläch stellen. Et muss een ëmmer kucken: Wat fir eng Fläch hu mer par rapport zum Schoulhaff? Passt de Schoulhaff nach op déi Capacitéit vun deem Schoulcampus? Hei kann een nëmme mat Jo drop änt-

**ERNY MULLER (LSAP)** rappelle que l'école Saint-Pierre se compose de sept salles de classe pour le cycle 1. Il y a quatre ans, une annexe a été construite avec quatre salles de classe et une salle de réunion. Ces salles de classe ont permis de remplacer trois conteneurs. À l'époque, les frais se montaient à 1,8 million d'euros. Par rapport au devis d'aujourd'hui, le prix était plus intéressant.

Monsieur Ulveling est entré dans les détails de l'agrandissement. Erny Muller tient à revenir sur la cuisine d'apprentissage, qui est intégrée à une salle de classe. Il faudra réfléchir à son utilisation, car d'autres classes s'en serviront aussi. Les travaux prévoient aussi l'aménagement d'une salle de rattrapage, d'une bibliothèque plus grande et d'un ascenseur. L'autre bâtiment comprend un accès sur deux niveaux. Un ascenseur n'était donc pas nécessaire, ce qui a permis d'économiser de l'argent.

La structure est en bois. Le toit comprendra des panneaux photovoltaïques.

Les frais se montent 2 530 000 €. Les honoraires des architectes représentent 9,02 % des frais, mais ne constituent qu'une partie de tous les honoraires.

La réalisation est prévue pour les grandes vacances de 2020, un objectif ambitieux. Les enfants doivent pouvoir rejoindre les quatre salles de classe sans passer par le chantier.

En ce qui concerne l'architecture, le bâtiment est agrandi sur quatre mètres en direction du trottoir. Parmi les conditions figurait la préservation des deux arbres remarquables et de la façade. Les plans en 3 D montrent que cette solution est plus intéressante qu'un mur le long du trottoir. L'annexe ressort sur quatre mètres par rapport au bâtiment à la droite de l'école Saint-Pierre.

(Interruption)

Pour Erny Muller, le projet est chouette.

Il souligne comment il a fallu bâtir autour des arbres pour les préserver.

(Interruption)

Erny Muller estime que dans ce type de projets, il faut évaluer la

*surface disponible, mais aussi se demander si la cour de récréation est adaptée à la capacité de l'école. La réponse est oui, car la cour de récréation derrière l'École des garçons a aussi été agrandie.*

*Les socialistes approuveront le devis.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *ne veut pas revenir sur les salles de classe, car tout a été dit. Monsieur Ulveling a expliqué que le projet coutait cher. Mais il est normal qu'un projet comme celui-ci soit plus couteux que si l'on construit une école sur une prairie comme au Mathendahl. Les rénovations et les agrandissements content plus. Pour Georges Liesch, le prix reste donc acceptable.*

*Il est content que les arbres aient pu être sauvés, car non seulement ils constituent un biotope important, mais ils embellissent la façade. D'après le devis, l'installation photovoltaïque est optionnelle, mais monsieur Ulveling a expliqué qu'elle serait aménagée. En ce qui concerne le prix, l'impact n'est pas remarquable.*

*L'étude démographique d'il y a quelques années a montré que Niederkorn est plus dynamique que les autres quartiers. Georges Liesch a cru comprendre qu'une mise à jour de cette étude était prévue pour voir si elle correspond encore à la réalité. Elle présentait trois scénarios. Il faudrait savoir dans quel scénario Differdange se trouve actuellement. Cela permettrait au conseil communal de savoir où intervenir. Car de la décision de construire une école jusqu'à la réalisation de celle-ci il faut compter plus d'une période de législature.*

*Le campus de Niederkorn est en train de devenir très grand. Celui de Differdange reste le plus grand et sa taille entraîne toute une série de problèmes même si la surface de la cour de récréation est adaptée. À Niederkorn, il y a tout ce qu'il faut, mais le collège échevinal doit rester vigilant.*

*Dans le Mathendahl, la commune construit une école de quartier décentralisée. Monsieur Ulveling a parlé d'une école supplémentaire. Georges Liesch répète qu'il faut*

*weren. Well mer jo souwuel am direkte Beräich vun der École St. Pierre e flott Amenagement gemaach hunn. A well de Schoulhaff vun der Bouweschoul, hannert der Bouweschoul, jo och vergréissert an nei amenagéiert gëtt. Dofir stellt sech déi Fro hei net. Soudass dat hei eng ganz gutt Ausnotzung ass vum besteeënde Volumen. Duerfir stëmme mer och dësen Devis.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

*Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

*Merci fir d'Wuert. Ech ginn elo net méi op d'Säll an. Et ass schonn e puermol erkläert ginn, wat mer hei alles bauen. Den Här Ulveling huet gesot, et ass kee bëllege Projet. Jo, natierlech. Wa mer op der grénger Wiss bauen, wéi elo am Mathendahl, a wa mer do d'Meterkarreeën ofrechnen, komme mer sécher op méi en interessante Wäert. Mee do ass och méi un der Architektur gemaach ginn.*

*Mee wann ee renovéiert oder eppes bäibaut, da wësse mer aus Erfahrung, da gëtt dat net onbedéngt méi bëlle, mee oft méi deier. Well een dann e puer Surprises heiansdo entdeckt. Duerfir fanne mer, de Präis ass e bëssen héich, mee en ass awer trotzdem nach am Beräich vun deem, wou ee kann dat dote maachen.*

*Mir si ganz frou doriwwer, dass déi zwee Beem erhale goufen. Wéi den Här Muller scho gesot huet, déi Beem stellen net nëmmen e wäertvolle Biotop duer an deem Schoulhaff, mee se bréngen och e bëssen e Spill an d'Fassad. Wat den Architekt soss vläicht aneschters geléist hätt. Déi Beem hunn am Fong dat schonn hei direkt realiséiert. Mir si ganz frou, dass dat hei direkt gemaach ginn ass.*

*Am Devis steet, dass déi Photovoltaikanlag optional wär. Mee ech mengen, wann ech dem Här Ulveling seng Erklärungen verstanen hunn, gëtt déi elo gebaut. A wann een de Montant kuckt, par rapport zum Gesamtmontant, ass dat elo net dee groussen Impakt. Optio-*

*nal wäert jo da warscheinlech an definitiv ëmgeännert ginn.*

*Mir hate virun enger Rei Joren eng Étude démographique maache gelooss, déi zur Konklusioon koum, dass zu Nidderkuer méi Dynamik nach ass wéi an anere Quartieren. Souwäit ech weess, gëtt dru geduecht, fir vun där Étude démographique eng Kéier en Update maachen ze loosse, fir ze kucken: Wéi ass d'Situatioun haut? Fir dass een net erëm zéng Joer waart, mee einfach elo scho gesäit: Ass déi Etüd, déi deemools gemaach ginn ass, wou jo och dräi Zenarien erauskomm sinn, ... A wéi engem Zenario beweege mer eis méttlerweil? An och fir ze kucken: Wéi geet et virun?*

*Ech mengen, dass esou Etüde wichteg sinn, fir dem Gemengerot ze weisen, wou Handlungsbedarf ass. Zemoools wann ee weess, dass wann d'Iddi bis gefall ass, an iergendengem Quartier eng Schoul ze bauen, bis zur Realiséierung méi wéi eng Legislatur eigentlech vergeet. Dat ass jo Wansinn, wat mir hei zu Lëtzebuerg Zäit brauchen, fir esou e Projet ze stemmen. Da muss een eigentlech wäit, wäit am Viraus antizipéieren a plangen.*

*Ech wéilt nach drop hiweisen, dass mer och oft betount hunn, dass de Campus Nidderkuer méttlerweil ufänkt ganz grouss ze ginn. De Campus Déifferdeng ass dee gréissten, mat enger Rei Problemer, déi mer kennen, duerch déi vill Kanner, déi op enger Plaz sinn. Och wann de Schoulhaff dat autoriséiert an hiergëtt. An och zu Nidderkuer si mer an deem Zenario, dass mer alles hunn, wat mer brauchen. Et sollt een awer e wéineg en A drop behalen, dass de Campus Nidderkuer net ze grouss gëtt.*

*Am Mathendahl hu mer jo eng kleng dezentral Schoul, déi mer an engem Quartier bauen, dee sech grad entwéckelt. An dann ass hei jo gesot ginn, dass zu Nidderkuer geplangt gëtt oder driwwer nogeduecht gëtt, nach eng Schoul ze bauen. Da sollte mer eigentlech och dorobber oppassen, dass mer d'Campussen net ze grouss maachen. Net erëm eng Kéier en neien Déifferdenger Zentrum schafen. Mir sollten do e wéineg dorobber oppassen.*

# 2a. École Saint-Pierre

Insgesamt fanne mer de Projet awer ganz flott gelongen a mir wäerten deen och stëmmen.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Diderich, wannechgelift.

---

## **GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt och dëse Projet begrëissen. Et ass ganz wichteg, dass zu Nidderkuer Schoulraum bäikënnt. Mir haten dat scho beschwat. Ech hat dat och schonn ugeschwat, ongeféier virun engem Joer, wou jo am Fong schonn an engem Budget stoung, dass een éischter e modulare Bau enzwousch op e Parking géif setzen. Dat heiten ass elo eng besser Léisung. Wou een direkt eppes Definitives mécht. Wat do ass, wou d'Schoul ass, wou en anstännege Schoulhaff ass, no bei de Leit.

De Besoin u Schoulraum huet e laange Baart zu Nidderkuer. Säll, wou ee kann no deene Methode schaffen, déi zënter der Schoulreform präconiséiert ginn, dass een décroisonnéiere kann, dass ee sech kann a Gruppen opdeelen, dass ee sech ka mat Elteren zesummesetzen. Dofir brauch et esou Säll wéi déi Salle de rattrapage. An et brauch eeben och déi Klassen-säll.

In der Tat gëtt dat elo net immens bëlleg. Well einfach d'Fondatiounen dat net hierginn. Mee dofir kréie mer awer eng Opwäertung vum Gebai. Mir kréien net nëmmen eng Opwäertung vum Gebai, fir bannendran ze benotzen, mee och déi, déi laanschtginn, déi do wunnen. Et geet näischt um Haff verluer. A mir kréien d'Méiglechkeet, eng Solaranlag dropzesetzen, déi am Devis nach mat optional do steet. Mee wéi ech elo d'Aussoen hei ophuelen, brauch ech meng Fro net méi ze stellen, déi ass dann definitiv, wa mer dat hei elo esou stëmmen. An dat wäerte mir jiddefalls esou stëmmen.

Et ass eng gutt Léisung. Et ass gutt, dass et elo geschitt. Vlächet hätt et nach éischter kéinten ëmgesat ginn. Mee elo ass et eng gutt Léisung. Ech soen Iech merci.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Här Ruckert, wannechgelift.

---

## **ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei soen, dass ech dëse Kredit fir den Ausbau vun där Schoul do stëmmen wäert. Et ass wichteg, och wann et vlächet eng Rei Verzögerunge ginn huet, dass dee Projet awer ufänkt. Ech mengen, dat war jo net der Gemeng hir Schold, dass et eng Verzögerung ginn huet.

Ech wëll drop hiweisen, dass et ganz aussergewéinlech ass, dass Honorairen e Véierel vun der Gesamtzomm ausmaachen, fir e Gebai ze bauen. Glécklecherweis ass dat net bei villen anere Projeten esou.

Wéi gesot, ech wäert fir dee Projet stëmmen. Ech wëll awer och nach eng Kéier bedauern, wéi ech dat schonn an der Vergaangenheet gemaach hunn, dass bei deem ganze Schoulkomplex an där Sportshal, déi gebaut ginn ass, dass drop verzicht ginn ass, och eng Schwämm ze bauen, wéi dat virdrun de Fall war. Da wäre mer ville Problemer aus de Féiss gaangen.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Ulveling, wannechgelift.

---

## **SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Wa kee méi eng Fro huet, wëll ech zwou Saache bemierken. Et ass ëmmer schwéier, ee Gebai mat deem aneren ze vergläichen. Bei deem enge baue mer praktesch, wéi den Här Muller gesot huet, op der grénger Wiss en Trakt bäi. Hei ass et en Deelofrëss vun engem Gebai, wou eppes bäigebaut gëtt. Do sinn natierlech dann och méi héich Sätz vu Büroen üblech, wéi wann een op der grénger Wiss eppes Neits baut. Dat emol gesot.

*faire attention à la taille des quartiers.*

*Les écologistes approuveront le projet.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue à son tour le projet. Il y a un an, il avait été question d'une structure modulaire sur un parking. La solution proposée aujourd'hui est meilleure avec une structure définitive, une vraie cour de récréation et une situation centrale.*

*Le manque de salles de classe n'est pas nouveau à Niederkorn. Il faut aussi des salles comme la salle de rattrapage permettant de travailler en groupes ou de se réunir avec les parents.*

*Les frais sont conséquents. Mais le bâtiment en sera revalorisé et représentera aussi une plus-value pour les habitants du quartier. La surface de la cour de récréation sera conservée. Des panneaux photovoltaïques sont prévus.*

*Gary Diderich répète que ce projet lui plaît et qu'il était temps qu'il soit réalisé.*

---

**ALI RUCKERT (KPL)** *approuvera le crédit pour l'agrandissement de l'école. Il y a eu quelques retards, mais il est important que le projet soit finalement lancé.*

*Que les honoraires représentent 1/4 des frais totaux est extraordinaire. Heureusement que ce n'est pas souvent le cas.*

*Ali Ruckert répète qu'il approuvera le projet, mais comme il l'a déjà dit, il regrette que ce complexe scolaire n'intègre pas une piscine. Cela aurait permis de régler de nombreux problèmes.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *estime qu'il est difficile de comparer un bâtiment avec un autre. Comme l'a souligné monsieur Muller, l'autre établissement scolaire a été construit sur une prairie. Ici, il faut démolir une partie d'un bâtiment pour procéder ensuite à un agrandissement. Par ailleurs, l'école du Mathendahl coute encore plus cher à cause de sa cuisine de production pour 1200 repas. Il est donc difficile de faire des comparaisons.*

*Tom Ulveling a dit que le projet coutait cher parce qu'au début, il avait été question d'un million*



## 2b. Réaménagement maison Grand-rue

*d'euros pour trois salles de classe. Mais les architectes ont finalement constaté des problèmes avec les fondations et la statique.*

*L'ancienne piscine de Niederkorn sera démolie au cours des prochaines semaines. Le centre sportif de Niederkorn sera bientôt terminé.*

*La cour de récréation entre la rue Saint-Pierre et l'école des Garçons de Niederkorn sera réaménagée.*

*Monsieur Liesch a mentionné l'étude démographique. Il s'agit de l'actualiser pour évaluer les besoins. Mais avec les nouveaux quartiers, le nombre d'enfants va augmenter.*

*Au début, on avait prévu de construire une aile à l'École des filles. Mais le besoin en salles de classe est trop important. C'est pourquoi le collège échevinal recherche un site. Parmi les possibilités, figure le parking de la rue Pierre-Gansen, mais ce site n'est pas idéal. Il y a aussi le site où devait être construite la résidence pour seniors dans le virage menant vers l'hôpital. Une maison relais se trouve à proximité.*

*Les travaux ne sont pas prévus dans l'immédiat, mais le collège échevinal a reconnu le problème et a décidé de construire autant d'établissements scolaires que nécessaire.*

### **HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)**

*précise que monsieur Hartung votera pour monsieur Tempels, qui lui a donné procuration.*

*(Vote)*

### **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*déclare une pause de cinq minutes.*

*(Pause)*

*Christiane Brassel-Rausch passe au point 2, un devis et un crédit spécial pour la rénovation d'une maison au 52, Grand-rue.*

Déi Schoul, déi mer am Mathendahl bauen, déi ass nach méi deier. Dat erkläert sech doduerch, dass do eng riseg Produktiounskichen ass, wou fir 1.200 Kanner Menüe virbereet ginn. Soudass dat am Fong schwéier mateneen ze vergläichen ass.

Mee ech hu gesot, et ass deier, well mer am Ufank vu Leit gesot kritt hunn, dat do ass eng Klenggekeet, dat kascht eng Millioun, da baue mer déi dräi Säll. A wéi mer dunn awer bis mat Architekten a Büroe geschwat hunn, ass erauskomm, dass effektiv um Niveau vun der Statik a vun de Fondatioune Problemer wieren. Dunn ass d'Saach da méi deier ginn. Dat wollt ech just soen.

Da wollt ech Iech informéieren, dass an deenen nächste Wochen ugefaange gëtt, déi al Sportshal zu Nidderkuer ofzerappen. Déi al Schwämm. Deemnächst wäerte mer fäerdeg gi mat der Sportshal Nidderkuer. A mir kënnen do nach kee Mënsch eraloossen. Well am Moment däerf ee jo keng Sportaart praktizéieren. Do gi jo Sécherheestrape säitlech bäigebaut. Déi al Hal muss ewechrappt ginn, soss geet et net. An da gëtt natierlech och dee ganze Schoulhaff oder dat, wat tëschent der Schoul St. Pierre an der Nidderkuerer Jongeschoul ass, an engems amenagéiert.

Den Här Liesch huet et gesot, mir haten eng Kéier eng Étude démographique maache gelooss. Mir hunn decidéiert, dass mer dat géifen aktualiséieren, fir ze kucken, wéi d'Besoin sinn. Mee et deit alles drop hin, vu all déi nei Quartieren, déi entstinn, dass mer e risegen Zoulaf u Kanner wäerte kréien.

Am Ufank hate mer gemengt, dass een einfach kéint e Flillek bäibauen un d'Meederchersschoul zu Nidderkuer. Mee et schéngt awer elo esou ze sinn, dass de Besoin u Klassenäll vill méi grouss ass, wéi dat, wat iwwerhaupt dohinnergeet. Dofir si mer amgaang, e Site ze sichen. De Moment hu mer der mol zwee um Radar. Wann nach ee vun Iech en aneren huet oder e besseren huet, si mer natierlech frou driwwer.

Dat eent, dat wär de Parking Pierre Gansen. Wat mer net als ideal empfangen. An dat anert ass an der Kéier virum Spidol, wou initialement déi Senioreresidenz geplangt war. Fir do

eppes ze maachen. Dat si mer amgaang ze kucken. Dat hätt den Avantage, dass een no bei der Maison relais wär a vis-à-vis déi Gromperekëscht huet, wou och nach Säll vun der Gemeng dra sinn.

Dat si mer amgaang ze kucken. Dat wäert awer nach e puer Joren daueren, bis mer do prett sinn, fir kënne lasszeleeën. Mee mir hunn de Problem erkannt. An de Schäfferot huet decidéiert, esou vill wéi méiglech schoulesch Infrastrukturen dohinnerzestellen, déi gebraucht ginn. Dat wollt ech nach soen. Merci.

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Ulveling. Da komme mer elo zum Vott.

### **GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ier mer zum éischte Vott kommen, dass Der Iech elo net wonnert, de Jerry Hartung huet d'Procuratioun vum Här Tempels. Wann ech de Guy Tempels opruffen, dann hält hien de Votum.

Den éischte Votant ass den Erny Muller.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à l'extension de l'école située dans la rue Saint-Pierre à Niederkorn.*

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Ech géif elo virschloen, och fir eis Zuhörer, mir maache fënnf Minutte Paus.

*(Paus)*

Mir géifen zum nächste Punkt kommen, de Punkt 2. En Devis an e Crédit spécial fir en Haus op 52 Grousstrooss ze renovéieren. Dat Haus steet scho relativ laang eidel. Ech géif d'Wuert dofir un den Här Ulveling ginn.

## 2b. Réaménagement maison Grand-rue

### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn eng Foto matbruecht, fir déi, déi d'Haus net gesinn hunn oder net kucke waren. Dat Haus ass an engem schlechten Zoustand. Dat musse mer erëm opmiw-weléieren, géif ech soen, fir dass mer et der AIS Kordall kënnen zur Verfügung stellen. Fir dass d'Leit awer décemment kënnen dra wunnen.

Mir hu vu verschiddene Firmen en Devis opstelle gelooss, dee beseet eis, dass mer ongeféier 102.500 Euro missen an dat Haus investéieren. Et mussen nei Fënsteren drakommen. Den Daach muss nogekuckt ginn an nei gemaach ginn. De Sanitär, d'Chauffagerie muss nei gemaach ginn. Am Elektreschen ass eenges ze maachen. De Carrelage, en Ustrach, eng nei Kiche muss drakommen an nei Luuchten.

Soudass mer am Ganzen hei op 102.500 Euro kommen, déi mer missen investéieren, fir dat Haus an een Zoustand ze bréngen, wou een awer décemment dra wunne kann. Dofir wär ech frou, wann Der mer den Devis hei géift stëmmen, dass mer dat kënnen an d'Weeër leeden. Ech soen Iech merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, wannechgelift.

### ERNY MULLER (LSAP):

Merci, fir d'Wuert. Ech war mer dat Haus ukucken. Et ass effektiv an engem ganz schlechten Zoustand.

Den Historique: Dat Haus ass kaaft ginn, well un där ganzer Rei Haiser war d'Gemeng drun interesséiert, am Kader vun der Entwécklung vun den Terrasses de la Ville. Um Haus niewendru gëtt och den Daach an d'Rei gemaach an esou weider. Et gesäit elo net esou aus, wéi wann d'Gemeng do nach weider Haiser kéint kafen. Duerfir fannen ech et scho sënnvoll, dass mer et elo an d'Rei setzen.

Dat eenzegt wär, ech weess net, ob dat gekuckt gi war, dass een den Daach hätt kënnen no uewen ausbauen, dass

een e Stack drop kritt hätt. Dat wär jo méi interessant gewiescht. Well et ass klengt Haus. Dann hätt een d'Haus e bësse vergréissert. Elo gëtt et esou renovéiert, wéi et do ass. Domadder kënnen mir averstane sinn.

Wat ech just nach wollt froen: Wéi gesäit et elo aus mat deenen zwee Haiser op der Extremitéit déi aner Säit, Nr. 58 a 60, Richtung Terrasses de la Ville? Do sinn och nach zwee Haiser, déi der Gemeng gehéieren, 58 a 60. Dat sinn déi zwee Lescht, déi un de Parking ustoussen. Dat ass ee Site, dee mer wollte weiderfuere mat den Terrasses de la Ville. Ass do schonn eppes envisagéiert? Mir stëmmen deen Devis. Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

### GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert. Mir wäerten deen Devis och stëmmen. Fannen et wierklech eng gutt Saach, dass eisen neie Service Logement amgaang ass, dass déi doten Haiser, déi der Gemeng gehéieren, a wou een awer net elo direkt gesäit, dass mer an eise Projet Terrasses de la Ville kënnen weiderkommen, renovéiert ginn an do kënnen Leit dra wunne goen.

Ech hunn net fonnt, dass dat Haus esou kleng ass. Et sinn dräi Kummeren an deem Haus, mat e bëssen Aménagement géif ee souguer nach eng véiert Kummer erakréien. Et eegent sech duerchaus fir eng Famill mat Kanner. Et ass och e grouse Gaart nach hannendrun. Soudass also hei eng Famill mat Kanner direkt am Zentrum vun Déifferdeng ka wunnen. Dat ass schonn attraktiv.

Ech verstinn, dass mer elo hei minimal investéieren. Et ass jo nach een Haus do, wa mer dat hätten an där Strooss, da kéint een am Fong am Kader vum Projet Terrasses de la Ville, eng nächst Etapp plangen. Do feelt een Haus. Soudass een elo hei nach net grouss investéiert, mee just minimal. Wou een hofft, dass een an deenen nächsten 10,

*TOM ULVELING (CSV) a apporté une photo pour ceux qui n'auraient pas encore vu la bâtisse. Celle-ci est en mauvais état. Il faudra donc la rénover avant de la mettre à disposition de l'AIS Kordall.*

*Plusieurs entreprises ont fourni des devis. Il faudra investir 102 500 € pour rendre la maison habitable.*

**ERNY MULLER (LSAP)** confirme que la maison est en mauvais état.

*Le collège échevinal voulait acquérir toute une rangée de maisons dans le cadre des Terrasses de la Ville. Le toit de la maison à côté est aussi en train d'être refait. Apparemment, la commune ne continuera pas à acheter des maisons à cet endroit. Il est donc logique de réparer celle dont il est question aujourd'hui.*

*Erny Muller se demande si on n'aurait pas pu développer le toit en hauteur et ajouter ainsi un étage. Cela aurait permis d'agrandir cette petite maison. Mais les socialistes approuveront les rénovations prévues.*

*Qu'en est-il des maisons n° 58 et 60 de l'autre côté de la rue? Elles appartiennent aussi à la commune. Elles jouxtent le parking. Comment le collège échevinal envisage-t-il de développer les terrasses de la Ville?*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** approuvera le devis. Il est content que ces maisons appartenant à la commune soient renouvelées et que le projet des terrasses de la Ville avance comme il faut.

*Il ne trouve pas que la maison soit particulièrement petite. Elle contient trois chambres et il est même possible d'en aménager une quatrième. Elle est donc adaptée à une famille avec des enfants. Un grand jardin se situe à l'arrière. Bref, elle est attractive.*

*Georges Liesch comprend que le collège échevinal veuille procéder à ce petit investissement. Si la commune parvient à acquérir la dernière maison, le projet des Terrasses de la ville pourra avancer. Cette fois-ci, l'investissement est minimal. Mais dans dix ou vingt ans, la Ville de Differdange trouvera peut-être un accord avec le propriétaire pour la dernière maison.*

## 2b. Réaménagement maison Grand-rue

*Les écologistes trouvent ce projet raisonnable et l'approuveront.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** confirme que la maison n'est pas en bon état. En tant qu'ancienne commerçante, elle apprécie le fait que le collègue échevinal ait demandé des devis à des artisans de Differdange.

**JERRY HARTUNG (CSV)** rappelle que cette maison a été acquise en même temps que d'autres dans la Grand-rue. Bien entendu, il n'a pas été possible d'acquérir toutes les maisons en une seule fois. Un propriétaire n'est pas forcé de vendre. Comme il faudra encore attendre pour développer le quartier, le CSV approuve la rénovation de la maison dont il est question aujourd'hui. Autrement, elle tomberait en ruines.

Cent-deux-mille-cinq-cents euros serviront à refaire les fenêtres, le toit, l'électricité, les sanitaires et la cuisine. Jerry Hartung salue le fait que les devis proviennent de commerçants differdangeois. Ce n'est pas toujours possible. Mais il est important de soutenir le commerce de la ville.

Les chrétiens sociaux approuveront le devis et le crédit spécial.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** salue le fait qu'une maison vide soit remise en état. Il se demandait pourquoi les choses n'avançaient pas plus vite. Entretemps, il a discuté avec le responsable du service et comprend mieux le contexte.

La commune souhaite créer des logements dans les Terrasses de la ville. Mais tous les acteurs ne sont pas d'accord. Certains propriétaires ne veulent pas vendre leurs garages ou leurs jardins. Gary Diderich espère qu'un grand projet pourra voir le jour à l'avenir afin de créer plus de logements dans le centre.

En attendant, il serait bête de laisser les maisons vides. Les travaux d'aujourd'hui représentent un minimum. Il n'est pas question d'isolation ou d'agrandissement. En plus, si la maison est mise en location pendant dix ans par l'AIS Kordall, l'investissement sera vite rentabilisé. Alternativement, le collègue échevinal aurait aussi pu décider de

15, 20 Joer vläicht do en Accord fënnt, fir dat eent Haus nach ze kréien. Dat fanne mer ganz rasonabel. Mir wäerten dësen Devis och stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dat Haus ass effektiv schonn a méi engem alen Zoustand. Et gesäit net ganz gutt aus vu baussen. Héchstwahrscheinlech och net vu bannen. Als fréieren Independant a Geschäftsfra vun Déifferdeng fannen ech et ganz flott, dass d'Gemeng déi ganz Devise bei Déifferdenger usäsegen Artisanen a Commerçante gemaach huet. Ech soe merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Saeul. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, dëst Haus gouf mat aneren an der Grousstrooss kaf, fir d'Entwécklung vun der Stad virunzedreiw. Vill Deeler op dësem Areal gehéiere méttlerweil der Gemeng. Natierlech kritt een net alles direkt beien ze kafen. Well net all d'Leit wëlle verkafen. Wat jo och hiert gutt Recht ass.

Vu datt esou Projeten eng Zäit daueren, bis een an engem Quartier eppes Konkreetes ka maachen, begrësse mir als CSV, datt dëst Haus mat engem minimalen Opwand renovéiert an net eidelstoe gelooss gëtt, fir d'Haus dem soziale Wunnensmaart zougänglech ze maachen. Anerwäerts wier et weider verfall, an Nopeschhaiser hätte kënnen drënner leiden.

Et gouf gesot, 102.500 Euro fir Fënsteren, den Daach, d'Elektresch, de Sanitär an eng Kichen. Besonnesch positiv

bewäerte mer, datt d'Devisen, déi hei bäileien vun de Corps-de-métieren allen dräi aus der Gemeng Déifferdeng kommen. Dat klappt natierlech net ëmmer esou. Mee grad, wa mer schwätzen, fir d'Déifferdenger Commercen ze ënnerstëtzen, sollt ee kucken, dëst esou ëmzesetzen.

D'CSV stëmmt dës Devisen an de Crédit spécial mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Léif Kollegeinnen a Kollegen aus dem Gemengerot. Ech begrëssen, dass mer hei en Haus, wat scho länger eidel steet, a Stand setzen. Ech hat mech och am Ufank gefrot, firwat mécht een do net méi. Ech hunn du mam Responsabele vum Service geschwat an e bëssen de Kontext verstanen. Den Här Muller huet et jo och elo widderholl. Et weess een net ganz, fir wéi laang et ass.

U sech wëlle mer do méi Wunnraum schafen, Terrasses de la Ville. Mee dat schéngt schwierig ze sinn. Do schéngt net jidderee matzemaachen. Verschidde Garagen, fir hanne laanscht oder och Gäert, do schéngen net all d'Proprietäre bereet ze sinn, en Deel dovunner ofzetrieden, fir dass een do e gréissere Projet kéint realiséieren. Mee d'Hoffnung soll weider bestoe bleiwen, dass een do awer méi e grouse Projet eng Kéier kéint maachen an domadder méi Wunnraum am Zentrum bei den Infrastrukture kéint schafen. An d'Terrasses de la Ville weider ëmzesetzen.

Bis dohinner wär et blöd, Haiser eidelstoen ze loossen. An dat doten ass souzesoen de Minimum. Ouni elo onbedéngt grouss isoléieren ze goen oder auszebauen, wéi et och gesot ginn ass. Et ass sënnavoll, dat doten ze maachen. Wann een et iwwert d'AIS Kordall iwwer zéng Joer fir e soziale Präis verlount, dann huet ee souguer seng Suen, deen Invest erëm eran, dee mer elo do tätegen.



## 2b. Réaménagement maison Grand-rue

Wéi ech et elo verstinn, ass de Choix gemaach ginn, fir dat iwwert deen do Wee ze maachen, eeben iwwert d'AIS Kordall. Alternativ hätten een och kéinte soen, mir renovéieren et e bësse méi konsequent a mir froe 75 % vum Ministère du Logement. Mee da mussen mer eis och un hir Clé de calcul halen, wat de Loyer ugeet. An da gëtt et vläicht eng aner Rechnung.

Et huet een och vläicht vill Ressourcen dragestach, déi dann an zéng Joer vläicht erëm ofgerappt ginn. Well wann een iwwert de Ministère d'Subsiden hält, da muss een och an déi éischt véier Classe-énergétique kommen, wat awer fir dee relativ reduzéierte Wunnraum, deen do ass, vläicht en ze héijen Opwand wär. Ech hunn et elo net selwer ausgerechent. Déi zwee Zenarie kënnen an der Rei sinn. Mir wëssen net, wéi schnell et weidergeet, fir do auszubauen.

Ech denken, mir sollen als Déifferden-ger Gemeng nach weider probéieren, d'Leit ze iwwerzeegen. E Projet vläicht mat hinnen ze plangen, wann ee se méi abezu kritt. Obwuel, et si scho Propose gemaach ginn, dass d'Leit och hiren Avantage gesinn. Do si verschidde Garagen hannert der Residence, déi si wierklech an engem schlechten Zoustand. Do hätten een hinnen eppes Besseres kéinten ubidden, en Échange.

Ech denken, mir sollen do net labberloossen, d'Saachen änneren. Awer elo emol dat dote maachen, fir dass dee Wunnraum schnell kann erëm opgoen. Ech soen Iech merci.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Keng Wuertmeldung méi? Ier mer zum Vott kommen, wollt ech e puer Saachen drunhänken. Här Diderich, déi nei Konventioun mam Logement gesäit en Engagement fir 30 Joer vir. Dat heescht, dat wier elo an dësem Fall net esou ubruecht.

Wat mer ganz wichteg ass, dat ass, dass d'Gemeng dat probéiert ze realiséieren, wat se gesot huet. Logement ass fir eis e wichtegt Theema. Dass mer probéieren, abordabelen a soziale Logement ze kreéieren, do, wou et geet.

An deem Kontext wëll ech Iech informéieren, en Deel vum Schäfferot war deen ale CIGL op Nidderkuer kucken, dat Haus. Elo kucke mer d'Devisen, wat do d'Renovatioun kaschte géif. Dass dat och kéint verlount ginn, en vue vun enger Renovatioun, dass mer do vläicht och eng Famill ënnerkréien.

Mir waren och d'Haus op der Rue de la Chapelle, Nr. 3 kucken. Wou den ale Service de guidance dra war. Do ass elo virgesinn, de Service logement an de Service AIS Kordall ënnerzebréngen. A mir waren d'Paschtoueschhaus Nr. 1, Rue de la Chapelle kucken. Do si keng grouss Renovatiounen néideg. Soudass mer do och amgang sinn ze kucken, fir dat ze renovéieren, fir dann do och eng Famill ënnerzebréngen.

A mir waren op Zowaasch kucken, wou déi Haiser dann och renovéiert ginn, déi mer vum Fonds de Logement kritt hunn. Déi ginn en bloc renovéiert, fir dann och do Leit ënnerzebréngen.

Ee vun deene fënnef gëtt an de Red-rock-Trail gesat. An déi aner véier bleiwe fir d'AIS Kordall oder Logement social, dat muss ee kucken. Op jiddwer Fall denken ech, dass mer eiser Roll gerecht ginn a wierklech alles maachen, fir Haiser ze kréien, fir Leit ënnerzebréngen.

An da géif ech Iech bieten, da komme mer zum Vott.

---

### **GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Just bäigesat: Déi véier Haiser sinn op der Place Saintignon. D'Madamm Buergermeeschter hat dat elo net gesot. Dass Der wësst, vu wat elo op der Zowaasch do geschwat ginn ass.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le crédit spécial pour le réaménagement de la maison située à Differdange, 52, Grand-rue.*

---

*rénover la maison plus en profondeur et de demander un subside auprès du ministère du Logement. Mais le loyer serait ensuite un autre. En plus, il est possible que la maison soit démolie dans une dizaine d'années.*

*Par ailleurs, pour toucher la subvention de l'État, il faut aussi respecter les classes énergétiques, ce qui n'est pas évident dans une bâtisse relativement petite.*

*Gary Diderich estime que le collège échevinal doit continuer d'essayer de convaincre les propriétaires. Certains garages derrière la résidence sont vraiment en mauvais état. On aurait pu proposer un échange aux propriétaires.*

*Le collège échevinal ne doit pas laisser tomber. Mais en attendant, il a pris la bonne décision.*

---

### **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*tient à apporter quelques précisions. La convention avec le ministère du Logement dont parle monsieur Diderich prévoit un engagement de trente ans. Ce ne serait donc pas une bonne solution.*

*Le logement est une priorité pour la commune. Christiane Brassel-Rausch explique que le collège échevinal s'est rendu dans les anciens locaux du CIGL à Niederkorn. Si on les rénove, on pourrait y loger une famille.*

*Au 3, rue de la Chapelle, là où se trouvait le service de guidance, il est prévu d'abriter le service du logement et l'AIKS. Au 1 de la même rue, le logement pourra accueillir une famille.*

*(Interruption)*

*Christiane Brassel-Rausch ajoute que le collège échevinal s'est aussi rendu à Lasauvage pour visiter les maisons reçues du Fonds du logement. Elles seront renouvelées en bloc. L'une d'entre elles fera partie du « Red Rock Trail ».*

*En tout cas, le collège échevinal fait son possible pour trouver des maisons où loger des familles.*

---

### **HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)**

*précise que les maisons se trouvent sur la place Saintignon.*

*(Vote)*

# 2c. Décompte stade Jaminet

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*passé à un décompte pour le stade Jaminet.*

**TOM ULVELING (CSV)** rappelle que monsieur Bertinelli a fait rénover le stade Jaminet d'Oberkorn. Ensuite, la buvette a été remise en état. Le décompte de Schroeder & Associés a été approuvé par le conseil communal il y a quelques mois. Mais entretemps, Schroeder & Associés ont retrouvé une facture supplémentaire. Les travaux ont duré de 2015 à 2018. La société a constaté qu'elle avait oublié d'émettre cette facture.

Tom Ulveling n'est pas satisfait de cette situation. Il y a déjà eu des problèmes similaires avec Schroeder & Associés par le passé — notamment une facture réapparue sept ou huit ans plus tard. À l'époque déjà, il s'était plaint. Il était question de 100 000 €. Finalement, Schroeder & Associés avaient renoncé à la somme. Mais cette fois-ci, la commune devra payer.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** raconte que le projet du stade Jaminet lui tenait à cœur. Le stade a été complètement rénové. La commune a été maître d'ouvrage pour contenir les coûts.

Malheureusement, de petits travaux se sont ajoutés au fur et à mesure. Une fois les travaux finis, il a fallu refaire le trottoir en tenant compte d'arbres remarquables. Les toilettes ont aussi été réaménagées alors que cela n'était pas prévu initialement. Tout cela explique peut-être qu'une facture a été oubliée.

Fred Bertinelli se souvient des discussions au sein du collège échevinal à l'époque. Il trouve que le frais totaux ne sont pas exagérés par rapport au devis initial, car les plans ont changé quatre ou cinq fois.

Il ne comprend pas comment Schroeder & Associés ont pu oublier une facture, mais il n'est pas surpris de l'augmentation des frais. Les demandes grimpaient sans cesse. Préserver les arbres a aussi coûté cher. Fred Bertinelli ne pense pas que l'on puisse réaliser un projet comparable à celui-ci dans les mêmes conditions et pour le même

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Am nächste Punkt geet et ëm en Dekont, dee gemaach ginn ass fir de Stade Jaminet zu Uewerkuer. Mir hunn als Gemeng den Dekont gemaach. A mir hu vun der Firma Schroeder & Associés elo nach eng Rechnung nogeschéckt kritt. Ech géif an deem Kader dem Här Ulveling d'Wuert ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng cocasse Situatioun. Deemools war dat den Här Bertinelli, deen de Stadion Jaminet zu Uewerkuer renovéiert hat. A mir hunn an enger zweeter Phas, dat kann ech mech erënneren, déi Buvette nach renovéiert. A mir hunn dunn en Dekont verlaangt vun där selwechter Firma, fir keen ze nennen, Schroeder & Associés. Deen Dekont hate mer virun e puer Méint, ech weess net méi genau wéini, hei guttgeheescht.

A wéi mer dee bis guttgeheescht haten, huet op eemol Schroeder & Associés an hire Bicher fonnt, dass se nach eng Rechnung, déi se zegutt haten, net a Betruecht gezunn hunn. Well se gesot haten, et wär alles okay, fir den Dekont kënnen ze maachen, et wäeren all Rechnungen do. 2015 ass et ugaangen. 2015 bis 2018 ass do geschafft ginn, mat Kontrakter geschafft ginn. A si hunn elo, après coup wéi gesot, festgestallt, dass se déi Rechnung nach net geschriwwen haten. Obwuel se eis gesot haten, et wäeren all Rechnungen dobannen.

Ech muss soen, dat ass net esou, wéi ech mer dat virstellen, dass dat misst sinn. Mir hate schonn an der Vergaangenheet Problemer mat Schroeder & Associés. Wou op eemol no, ech mengen, et ware siwen oder aacht Joer, eng Rechnung opgetaucht ass, wou se gesot haten, déi ass nach ze bezuelen. Do war ech awer mat hinnen eens ginn. Wou ech gesot hat, alles schéin a gutt, mee et kann awer net sinn, dass een elo no zéng Joer op eemol nach kennt a seet, hei do ass nach eppes. Wou kee sech méi drun erënnere kann. Déi Leit, déi dru geschafft hunn, sinn deelweis net méi do. Du ware se awer deemools

d'accord, fir dat falen ze loosser. Dat war eng Rechnung vu bal 100.000 Euro. Déi hate mer nogelooss kritt. Mee déi heiten, mengen ech, misste mer bezuelen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat war e Projet, dee mer grouss um Häerz louch, den Terrain Jaminet op der Uewerkuerer Gare, dat heescht den Terrain Luna. Do war mat ganz, ganz wéineg Geld e Stadion am Fong komplett nei gemaach ginn, och ganz, ganz vill mat eiser Kraaft, wéi d'Vestiären an dat. Dat hu mer alles ënner eiser Regie gemaach, fir datt de Präis net sollt erhéicht ginn.

Leider Gottes sinn dann ëmmer Saachen nogemaach ginn, déi da gefrot gi waren, déi gewënscht waren. Dofir kennt och vläicht déi Rechnung do ervir. Wou den Terrain praktesch ganz fäerdeg war, hat erëm eng Kéier mussen nei ugefaange gi mam Trottoir. Fir nei ze plangen, well do Beem hu musse stoe bleiwen, déi net dierften ewechgeholl ginn. An déi Toilette, déi vir am Elektresche war, war komplett nei gemaach ginn, op Wonsch. Dat war am initiale Projet net mat dran, mee op Wonsch.

Dat waren och Diskussiounen, déi déizäit am Schäfferot waren. An ech hunn elo nach gekuckt, et ass net extreem, wat déi erhéicht ginn ass. Wann ech aner Projekte kucken, ass dat vill méi extreem. Mee hei huet et mech awer net gewonnert, well de Plang véier- oder fënnemol, wéi en initial war, geännert ginn ass. Da goufen erëm Saachen nogeschoss, wou mer da gär gehat hätten. An dat do schéngt mer awer normal ze sinn, datt dat vergiess ginn ass vu Schroeder, wou den Här Ulveling gefrot huet, si sollen en Dekont maachen – dat ass jo net normal. Mee mech huet net gewonnert, datt do e Surplus vum Präis war.

Well déi Wënsch, déi mer do haten, ëmmer méi grouss gi sinn. An och eenzel Saachen effektiv relativ deier gi

sinn, wéi déi Beem stoenzeloossen, wou mer e ganzen Trottoir hu mussen oprappen, d'Kanalisation nei leeën. Also dat war net fir näischt. An dat war am initiale Projet net mat dran.

Soudatt ech awer hei soen: Fir dat Geld, wou den Terrain nei gemaach ginn ass, also dat musse mer mol nach eng Kéier maachen, dat ënnert deene Konditiounen esou hinze kréien. Dat war ganz, ganz bëlleg déizäit. Ech hat gehandelt an alles gemaach, fir et net iwwer e gewësse Seuil ze kréien. Mee wéi gesot, no eise Wënsch, déi mer och e bëssen als Schäfferot do haten, wat nei sollt gemaach ginn, wonnert et mech dann net, datt dat doten eng kleng Erhéijung ginn ass. Well dat mécht jo och keen engem fir näischt. Dat waren d'Explikatiounen dozou. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Diderich, wannechgelift.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Den Här Ulveling huet elo e puer Saache gesot, déi ech net esou ganz verstinn, mat der Chronologie, déi ech aus dem Dossier kann eraushuelen. Dat heescht, wéi ech et verstanen hunn, ass den 23. Februar 2015 dee Kontrakt gemaach ginn. Den 30. November 2018 ass den Datum gewiescht, wou vu Prestations fournies geschwat gëtt. Dat heescht, do ass d'Prestatioun ofgeschloss ginn. An da steet op där Rechnung, ëm déi et elo haaptsächlech geet, déi ass datéiert op de 25. Januar 2019.

Dat heescht, déi Rechnung hätt scho bestanen, entweder bei hinnen oder verschéckt oder net verschéckt oder iergendwou. An dann an hirer Kontabilitéit, wéi d'Rechnung ausgestallt ass, ass de 25. Januar 2019. An den Dekont, dee mer jo schonn haten u sech, an den Der jo ugefrot hutt, den ass méi spët am Joer 2019. En effet, ass elo de Stempel vun eiser Kontabilitéit den 3. Abrëll 2020. Dat ass en enormen Ecart.

Wann ee méi wéi ee Joer, bal en Trimester duerno, nodeems eng Rechnung

ausgestallt ass, se an der Kontabilitéit eréischt huet, dann ass op där enger oder anerer Säit iergende Feeler ënnelaf. An do misst een awer, mengen ech, méi prezis wëssen, wat dann do schif gelaf ass. A wann de Feeler bei Schroeder & Associés läit – a mir hu jo awer bei hinnen nogefrot, fir den Dekont ze maachen –, dann hunn ech awer meng Problemer, hinnen elo einfach déi Rechnung do nozestëmmen. Well wéi schlësse mer dann eppes of iergendwann? An ass dat nozevollzéien, wat elo do dran ass?

Den Här Bertinelli begrënnt dat a seet, dat wonnert en elo net. Wou déi Erklärung mer awer och e bëssen ... also, wou ech mer dann awer och Froe stellen. Wann een en initiale Projet huet a probéiert, d'Käschten eebe kleng ze halen. De CIGL war, mengen ech, do investéiert, eis eege Mataarbechter waren investéiert, fir do ze schaffen. An dann huet een eeben e Projet, et plangt een dat, an da kommen do Wënsch, déi ëmmer méi grouss ginn.

Da stellen ech mer awer e bësse Froen, wat tëschent Planung a Realisation geschitt an ob dat d'Aart a Weis ass, wéi mer wëllen, dass esou Projeten attackéiert ginn? Well dat awer dann zousätzlech Käschte sinn. Mir schwätzen hei vu bal 50.000 Euro, déi mer elo nach eng Kéier missten nostëmmen, nodeems mer den Dekont haten. An do stelle sech, jiddefalls bei mir, vill Froen.

Ech wollt och nofroen: Do ass jo eng Buvette realiséiert ginn. Dat ass eng vun de Saachen, déi net am initiale Projet waren. Wéi déi geréiert gëtt? Ob do all Veräin, all Bierger kann déi Buvette lounen, och fir aner Aktivitéiten, déi elo net mam Fussball direkt ze dinn hunn? Dat wollt ech einfach eng Kéier nofroen. Well dat jo awer vun all de Bierger matbezuelt ginn ass. Ech soen Iech merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Ech kucken ëmmer op déi zwou Säiten.

*prix. Il a dû négocier pour ne pas dépasser le seuil fixé. Il répète qu'aujourd'hui, il n'est pas surpris du surcout. Toutes les modifications devaient bien coûter quelque chose.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ne comprend pas bien la chronologie du projet. Le contrat a été réalisé le 23 février 2015. Le 30 novembre 2018, il était question de prestations fournies, c'est-à-dire de la fin des travaux. Mais la facture dont il est question aujourd'hui date du 25 janvier 2019. Or un décompte a été fourni plus tard en 2019, alors que la facture existait déjà dans le système de Schroeder & Associés. La compatibilité de la commune date la facture du 3 avril 2020. L'écart est énorme et il ne peut s'expliquer que par une erreur.*

*Le collègue échevinal ferait bien d'essayer de comprendre ce qui s'est passé. Car si l'erreur provient de Schroeder & Associés alors que la commune a déjà demandé un décompte, Gary Diderich ne voit pas pourquoi il faudrait régler cette facture. Comment clôturer les comptes si l'on ne sait pas s'il reste des factures en suspens?*

*Monsieur Bertinelli dit qu'il n'est pas étonné. Mais Gary Diderich se pose des questions. Il existait un projet initial. Monsieur Bertinelli essayait de maîtriser les coûts. Les travaux étaient réalisés par le CIGL. Ensuite, des souhaits sont venus s'ajouter à ce qui était prévu. Que s'est-il passé entre la planification et la réalisation? Il est tout de même question de 50 000 € à approuver après le décompte.*

*La buvette, par exemple, ne faisait pas partie du projet au début. Comment est-elle gérée? Peut-elle être louée par n'importe qui? Car elle a été financée par le contribuable.*



**TOM ULVELING (CSV)** confirme que la facture en question est effectivement due. Il est probable qu'elle traînait au fond d'un tiroir. Lorsque Schroeder & Associés ont réalisé le décompte, ils l'ont oubliée. Ils ont donc présenté un décompte où cette facture manquait.

L'erreur a donc bien été commise par Schroeder & Associés. Il est évident que le collège échevinal devra mener une discussion à ce sujet avec cette société. Car ils facturent les décomptes, qui doivent par conséquent être réalisés comme il faut.

La commune ne peut pas recevoir de facture après coup, parce que les subsides dépendent des décomptes. Or l'État ne versera pas de subside sur une facture datant d'il y a deux ans.

Tom Ulveling est d'accord avec monsieur Diderich: cette erreur n'est pas acceptable. Le collège échevinal devra aborder la question avec la société.

Dans ce cas-ci, ils n'avaient pas comptabilisé leur propre facture.

**ERNY MULLER (LSAP)** ne veut pas excuser Schroeder & Associés. Mais il avait personnellement négocié le contrat avec eux et les honoraires se montent à 5,75 %, ce qui est tout sauf habituel. On parle généralement de plus de 9 %.

Erny Muller leur avait demandé de maintenir les couts aussi bas que possible à travers un contrat raisonnable.

Si Schroeder & Associés insistent pour que la somme leur soit versée, c'est probablement qu'ils ont besoin de cet argent compte tenu du temps passé par leur personnel sur ce dossier.

Tout ceci n'est pas une excuse. Mais Erny Muller tient à préciser qu'il les a mis sur pression pour réduire leurs honoraires.

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** ajoute qu'il n'y a pas prescription sur un tel contrat avant cinq ans.

La commune a bien conclu un contrat avec eux même si la facture s'est perdue entre le département qui a réalisé les travaux et la comptabilité.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Kann ech äntweren? Här Diderich, ganz einfach: Déi Rechnung, déi ass effektiv due. De Problem ass, dass si déi warscheinlech iergendwou am Tirang leien haten a kee méi dru geduecht hat. A wéi si dunn den Dekont gemaach hu vun alle Rechnungen – well si jo och eis d'Opstellung gemaach hunn, wat dat alles kascht huet –, hu si einfach hir Rechnung vergiess. An dofir hu se gesot, okay, den Dekont ass fäerdeg, et ass keng Rechnung méi do. Mee et louch awer nach eng Rechnung do, déi war bei hinnen am Tirang, an déi hat ee vergiess.

Dat heescht, et ass kloer e Problem bei Schroeder & Associés, wou effektiv do een e Feeler gemaach huet a kee méi wousst, dass et déi Rechnung géif ginn. Oder vergiess huet, an den Total dobäizerechnen. Dofir ass dat elo après coup. Ech mengen, et ass kloer, dass mer elo eng Kéier wäerten e Gespréich mat hinnen hunn. Well si gi jo bezuelt, fir déi Dekonten ze maachen, da muss een awer och unhuelen, dass déi uerdentlech gemaach sinn. An da kann et net sinn, dass een après coup dann nach erëm Rechnunge kritt.

Well un deenen Dekonten hänke jo och Subsiden. An ech denken, wa mir elo no zwee Joer eng Rechnung kréie vun engem Betrib, wou si vergiess hunn ze comptabiliséieren, da kënnen mir déi warscheinlech och net méi ufroen. Dofir hutt Der ganz Recht, wann Der sot, et ass net an der Rei. Ech fannen et och net an der Rei. Mee mir müssen eebe kucken, dass dat an der Zukunft ... Do musse mer mat hinne schwätzen. An dass mer eeben eise Solde pour tout compte wäerten dann ausschreiwen, an dann ass et fäerdeg.

Hei war et elo – dofir hunn ech gesot, et ass eng cocasse Situatioun –, well si hir eege Rechnung net comptabiliséiert hunn. Dat wär jo am Fong dat Éischt, wat se sur place missten hunn, wa se ufänken, d'Dekonten ze maachen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Ech wëll elo Schroeder & Associés net hei entschëllegen, dass deen Dekont ze spéit erakomm ass an déi Zousazfuenderung, déi si nach hunn. Mee eppes kann ech soen. Ech hat de Kontrakt negociéiert mat hinnen. An Dir hutt vläicht gesinn, dass mer do 5,75 % stoen haten. Ech mengen, dat muss een och relativéieren. Dat ass net Usus. Dir wësst jo hoergenee, mir hunn elo virdrun e Kontrakt gesinn, do war et iwwer 9 %. An hei hu mer gesot: Lauschtert emol, mir müssen déi Käschten niddreg halen. Mir wëllen e verstännege Kontrakt mat Iech maachen, fir deen neien Terrain do ze bauen. An dat ass dann och geschitt.

Ech mengen, firwat si elo nach net op dee Wee gaange sinn, fir dat nozeloossen, do kéint ech mer virstellen, dass si soen, si brauchen déi Sue wierklech nach, well hiert Personal effektiv esou an engem méi gréissere Mooss do geschafft huet. Mee dat soll keng Entschëllegung si géint de Fait, dass dat elo après coup kënnt. Mee wéi gesot, si waren do staark gedréckt ginn, och am Ufank, mat hiren Honorairen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, ginn ech d'Wuert un den Här Krecké.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Vläicht just, Här Diderich, et ass keng Verjährung op esou engem Vertrag, net no esou enger kuerzer Frist. Et kéint een no fënnef Joer ufänken, esou eppes anzekloen. Mee et ass ee Vertrag, dee mer ënnerschriwwen hunn. Och wann dat, dommerweis, tëscht deem Departement, deen déi Aarbechten do gemaach huet, an hirer Compta hänkebliwwen ass. Mir hätte keen Argument, och kee juristescht Argument, fir do ze soen, mir bezuelen déi net. Dat vläicht just zur Form. Well et awer trotzdeem op enger Vertragsbasis berout. Do kéinte mer eis awer net eiser Verpflichtung entbannen.

# 3a. PAP Parc des sports

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention d'approuver le crédit spécial à ajouter après décompte aux travaux de rénovation et de mise en conformité du stade Jaminet à Oberkorn.*

Villmools merci. Da komme mer zum drëtte Punkt, e PAG an e PAP. Ech géif der Madamm Pregno direkt d'Wuert ginn.

## SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et ass déi éischte Kéier mat mengem neie Ressort, deen ech vum Här Liesch iwwerholl hunn. An, wéi ëmmer, sinn ech bei esou Saache schrecklech nervös. Einfach emol virausgeschéckt. Dann ass et vläicht schonn en Deel méi einfach.

Et handelt sech hei ëm eng Konventioun tëschent der Gemeng an engem Promoteur fir d'Realisatioun vun den Travaux de voirie et d'équipements publics. Et ass esou, dass et sech ëm e viabiliséierten Terrain handelt. Et ass den Terrain, dee mer ënnert dem Café Maxim's kennen, wou zënter 2013 keng Aktivitéit méi ass.

En éischte PAP war 2017 approvée ginn, duerno ëmgeännert 2019, hei am Gemengerot gestëmmt ginn. Et gesäit e PAP vir mat enger Residenz mat 18 Unitéiten an niewendrun en Hotel.

Wann dës Konventioun hei gestëmmt gëtt, da geet dat herno op den Interieur. A wann et dann zréck ass, kéinte mer bei den Acte de vente kommen. Dee Moment géif kënne mam Bau ugefaange ginn. D'Gemeng kritt als Contrepartie véier Appartements an där Residence. Dat ass emol dat, wat bis elo geschwat ginn ass.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, wannechgelift.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hat mer d'Konventioun ugekuckt, do steet e Passage dran, dass si 10 % sollen als Logement à coût modéré virgesinn. An dass si eis als Gemeng um Lafenden halen, wéi dat mat deem Logement à coût modéré weidergeet.

Do wollt ech froen, ob mer net systematesch – lo ass et warscheinlech erëm ze spéit fir deen heite Projet – sollten an d'Richtung goen, dass mir déi iwwerhuelen. Well ech weess, dass dat ëmmer problematesch ass mat deene Logements à coût modéré. D'Promoteure kréien déi net ëmmer onbedéngt esou verkaft. Well déi, déi kafen, déi mussen de Krittären entspriechen vun den Aides au logement. Op där anerer Säit déi, déi de Krittären entspriechen, kréien net onbedéngt de Prêt op der Bank. An da ginn déi oft net verkaft.

Ëmmer méi Gemenge ginn an d'Richtung, dass se soen zu de Promoteuren: Mir huelen Iech déi of. Dat heescht, si baue se, d'Gemeng keeft se a verlount se weider. Iwwert dee Wee wäere mer sécher, dass se à coût modéré, also an engem Coût modéré oder souguer an engem sozialen oder an engem – et ass eng Inflatoun vun all deenen Termen – abordabele Wunnraum bleiwen.

Wou mer hei net onbedéngt sécher sinn. Well oft ginn déi laang net verkaft. A wa se verkaft ginn, no zéng Joer, komme se erëm op den normale Marché quasi. An da geet dat schnell verluer. An ech mengen, esou kéinte mer wierklech systematesch méi Wunnengen iwwerhuelen, ouni dass eis Servicer esou Projekte misste selwer maachen. Well ee Pourcentage quasi ëmmer fest géif un eis goe bei esou PAPen. Ech soen Iech merci.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention relative au plan d'aménagement particulier au lieu-dit « Parc des sports » à Oberkorn.*

*Juridiquement, la commune n'a aucun argument pour refuser de payer la facture.*  
(Vote)

## CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

*passé à un PAP.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique qu'elle vient de reprendre le ressort de monsieur Liesch et qu'elle a le trac.*

*Il est question d'une convention avec un promoteur pour des travaux de voirie et de travaux publics sur un terrain derrière le café Maxim's, qui a fermé en 2013.*

*Un premier PAP a été approuvé en 2017. Il a été amendé en 2019. Il prévoit la construction d'une résidence de 18 appartements à côté d'un hôtel.*

*Une fois la convention votée, elle sera envoyée au ministère de l'Intérieur pour approbation. Ensuite, le conseil communal devra approuver l'acte de vente.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que d'après la convention, le promoteur devra aménager 10 % de logements à coût modéré.*

*Il propose que la commune gère systématiquement ces logements dans chaque projet. Car les promoteurs ont souvent du mal à les vendre. D'un côté, les acquéreurs doivent respecter les critères des Aides au logement. De l'autre, les banques ne leur accordent pas de prêts. C'est pourquoi de plus en plus de communes rachètent les logements au promoteur pour le louer. La Ville de Differdange s'assurerait ainsi que les logements seront vraiment vendus à un prix abordable.*

*Autrement, si le promoteur ne parvient pas à les vendre, ces logements réintègrent le marché normal de l'immobilier au bout de dix ans. Le système proposé par Gary Diderich permettait à la commune de renforcer son parc locatif sans devoir réaliser des projets elle-même.*  
(Vote)

# 3b. PAP « Rue Pierre-Gansen/rue des Lignes »

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*passé à un PAP dans la rue Pierre-Gansen et la rue des Lignes.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)**

*explique qu'il s'agit d'une convention réglant les travaux de voirie et l'équipement. Le terrain se trouve dans la rue Pierre-Gansen et la rue des Lignes. Heliosmart y réalise un projet de logements sociaux.*

*Il en a été question une première fois au sein du conseil communal en 2016, puis en 2019.*

*La résidence comprend 11 appartements. Ceux-ci seront gérés par l'AIS Kordall. La construction devrait commencer cette année.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)**

*constate que le site a du potentiel pour construire des logements. La commune doit se montrer active dans ce domaine.*

*Le terrain de 8,34 a est mis à disposition à travers un bail emphytéotique pour 59 ans au prix annuel de 4170 €. François Meisch espère que les 11 appartements seront construits rapidement. Idéalement, l'AIK devrait en assurer le suivi. Le DP approuvera le PAP.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)**

*soutient le projet. Les propos tenus par la bourgmestre démontrent que les choses avancent en matière de logement.*

*Ce projet-ci ne date pas d'hier. La construction commencera cette année. François Meisch espère que la COVID-19 ne causera pas de problèmes.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*l'espère aussi, mais personne ne peut en être sûr.*

*(Votes)*

Villmoos merci. Deen nächste Punkt, PAP Rue Pierre Gansen/ rue des Lignes. Madamm Laura Pregno, ech ginn Iech d'Wuert direkt weider.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Och hei ass e PAP, wou d'Konventioun ass, fir all d'Aarbechten de voirie respektiv öffentlich Ekipementer ze regléieren. Och dëst ass schonn e viabiliséierten Terrain. Et handelt sech ëm en Terrain Rue Pierre Gansen/ Rue des Lignes, wou e PAP drop ass. Et ass e Projet vun der Firma Heliosmart, wou et drëms geet, fir méi sozial Logementer ze bauen. Dee war och schonn am Gemengerot 2016 mat nger éischter Baugeneemegung. An dunn nach eng Kéier mat Ännerungen 2019 am Gemengerot.

Et geet ëm eelef Wunnengen. Dir fannt am Dossier eng Konventioun fir eng Mise à disposition, wou déi Wunnengen integral un d'AIK Kordall iwwerginn, déi se duerno u mannerbemëttelt Leit verlount. Den Ufank vum Bau ass normalerweis nach fir dëst Joer geplangt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot. Op der Straif Wiss op der Kräizung tëscht der Rue Pierre Gansen an der Rue des Lignes zu Nidderkuer ass nach Potenzial, fir Wunnraum ze schafen. Scho méi laang schwätze mer driwwer, fir an deem Beräich méi aktiv ze ginn. Nëmmen esou kënne mer dem Manque vu Wunnengen entgéintrieden.

Déi proposéiert Formule hei, fir den Terrain vun 8,34 Ar iwwer Bail emphytéotique fir 59 Joer zur Verfügung ze stellen, zum Präis vu järelech 4.170 Euro, ass fir eis vertrieubar. Sou kënne hoffentlech schnellstméiglech eelef Appartementer a gudder Lag entstoen. Idealerweise, wéi et fir de

Moment virgesinn ass, wann ee sech finanziell eens gëtt, sollt d'AIK Kordall d'Appartementer lounen a sech ëm de Suivi këmmern.

Mir als DP stëmmen dëse PAP mat an hoffen, dass et esou schnell wéi méiglech ka lassgoen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Iwwert de Projet selwer ass elo alles gesot. Dat ënnerstëtze mir absolutt. Et gesäit een haut, net nëmmen un deene Projeten, déi mer stëmmen, mee och un deenen Aussoen, déi Dir gemaach hutt, Madamm Buergermeeschtesch, dass eppes geschitt am Beräich vum Logement. Dass de Wëllen elo och an Handlungen ausgedréckt gëtt, fir do eppes ze maachen.

Well deen hei Projet och schonn e laange Baart huet, well mer haten do scho bal alles zesummen. An ech si frou ze héiere vun der Madamm Pregno, dass et dann och dëst Joer soll ugoe mam Bau. An ech hoffen, dass do net iergend e Covid-19 eis elo nach e Stréch duerch d'Rechnung mécht, dass et erëm méi spët gëtt. Dofir drécke mer d'Daumen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ma, mir hoffen dat nämmlecht, Här Diderich. Mee et ka keen eis et soen. Villmoos merci. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da géif ech zum Vott iwwergoen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant au contrat de bail emphytéotique du 26 septembre 2016 relatif au plan d'aménagement particulier « Rue Pierre-Gansen rue des Lignes » à Niederkorn.*



*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention relative au plan d'aménagement particulier «Rue Pierre-Gansen – rue des Lièvres».*

Villmoos merci. Elo komme mer zum véierte Punkt fir e Crédit urgent am Kader vun eise Mesuren, déi mer geholl hunn, mam Accord vun den Oppositionsparteien, fir d'Assistance aux personnes vulnérables. Wat den Här Mangel eis erkläert huet. Dat heescht Akeef maache plus d'Apdikten. Do hat Der eng Zomm bis elo genannt vun 12.000 Euro, wann ech gutt nogelauschtert hunn. Hei géife mer e Kredit am Budget ordinaire vun den Dépense wéi de Recettë stëmmen, wou d'Leit d'Sue rembourséiere sollen, déi d'Gemeng virgestreckt huet. An ech bieden Iech, dës Artikelen ze stëmmen.

Här Hartung, wannechgelift.

## JERRY HARTUNG (CSV):

Hei stëmmen mer elo zwee Budgetposten vu jee 30.000 Euro, déi sech géigesäiteg ophiewen. Eemol bei den Dépense fir den Akaf a bei de Recetten, wou d'Leit, fir déi mir d'Akeef gemaach hunn, d'Rechnung rembourséieren.

Fannen et wichteg a richtig, datt bei dëser Moossnam fir eeler a vulnerabel Leit esou verfuer gouf, datt d'Persounen spéider eréischt mat Iwwerweisung un d'Gemeng d'Suen zréckiwuerweisen. Zum engen aus organisatoresche Grënn, datt alles transparent a sécher ofleeft. Virun allem awer och aus hygienesche Grënn. Well et sollt jo all Kontakt vermidde ginn. Wat mat enger Iwwerweisung jo de Fall ass.

Zum anere war dës Form vun Ofwécklung gutt, well grad déi eeler a vulnerabel Leit net d'Méiglechkeet haten, fir an dëser Zäit Suen op de Bancomat ophiewen ze goen, respektiv net esou vill Suen zur Verfügung doheim haten, an awer esou déi liewensnoutwendeg Sachen heemgeliiwert kruten.

D'CSV seet op jiddwer Fall de Leit vun der Gemeng, wéi och all deene Benevolenten, déi hei matgewierkt hunn, e

grousse Merci a stëmmt dës Budgetsartikelen natierlech mat.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmoos merci, Här Hartung. Da géife mer direkt zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de ratifier un crédit urgent sur l'exercice 2020 inscrit à l'article budgétaire 3/229/648310/99001 intitulé «Aide aux personnes vulnérables dans le cadre de la pandémie COVID-19» ainsi que l'article budgétaire de recettes en contrepartie.*

Villmoos merci. Da komme mer zu Punkt 4b, och erëm am Kader vun der Kris Covid-19. Zesummen als Gemengerot, also de Schäfferot mat den Oppositionsparteien, hu mer d'Propos gemaach, fir all eise Locataire zwoe Méint Loyer auszusetzen. Dat heescht am Abrëll an am Mee. Et geet do 12.000 Euro vun deenen zwoe Méint vu 438.000 Euro fir Kënschtleratelieren fir de 1535° – dat si plus ou moins 73-74 Commercen –, fir verschidde Commercen a Restauranten an der Gemeng, fir 12 Atelieren a sechs Menagen. Ech wier frou, wa mer dat hei esou géife stëmmen, wéi mer et ofgemaach hunn.

D'Tariffer fir d'Parkingen huelen ech direkt derbäi. Déi sinn eenheetlech erfogsat, do wou muss bezuelt ginn, op 10 Cents pro Stonn.

Den Här Meisch huet sech gemellt.

## FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, mir si frou, dass mer hei zu Déifferdeng probéieren, d'Auswierkung vum der sanitärer Kris op d'Geschäftswelt ze limitéieren. Bei all Lokaler, mir hunn et héieren, déi der Gemeng gehéieren, gëtt während dem État de crise op de Loyer verzicht.

D'Gemeng verzicht do op e substanziellen totale Montant, an der Hoffnung,

*Christiane Brassel-Rausch passe au point 4, un crédit urgent pour soutenir les personnes vulnérables. L'accord a été trouvé en concertation avec l'opposition.*

*Il est notamment question d'aller acheter des médicaments dans les pharmacies. Le collège échevinal propose de créer un poste dans les recettes et les dépenses ordinaires. Les personnes bénéficiant du service rembourseront la commune par la suite.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** précise que les deux postes se montent à 30 000 € chacun.

*Il trouve que cette mesure a été mise en place comme il faut puisque les personnes vulnérables peuvent rembourser la commune par la suite par virement.*

*Le système est transparent et hygiénique. Les virements permettent d'éviter tout contact physique. En plus, les personnes vulnérables ne pouvaient pas sortir pour se rendre auprès d'un distributeur de billets. Les chrétiens sociaux remercient tous les bénévoles et approuveront ces articles budgétaires. (Vote)*

## CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

*passé au point 4b. Ensemble avec les partis d'opposition, le collège échevinal a décidé de renoncer à deux mois de loyer — c'est-à-dire avril et mai. La somme totale se monte à 438 000 € pour les ateliers d'artistes du 1535°, les commerces, les restaurants, 12 ateliers et 6 ménages.*

*Les tarifs des parkings ont, quant à eux, été baissés à dix centimes par heure.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** constate que la Ville de Differdange essaie de limiter les conséquences de la crise sanitaire sur les commerces. La commune renonce à tous ses loyers pendant l'état de crise. La somme est substantielle.

*François Meisch espère que tous les acteurs locaux pourront continuer à travailler après la crise.*

## 4b. Mesures pour les commerces

*Cette mesure concerne certains commerçants, Aquasud, les ateliers d'artistes et les locataires de la fabrique créative. Les différents partis politiques ont trouvé un accord rapidement.*

*François Meisch espère que les propriétaires privés se montreront indulgents également.*

*Les démocrates se réjouissent que leur proposition de soutenir les associations ait été approuvée, car de nombreuses associations n'ont plus de revenus. Il faut veiller à ce que le subside de 2020 ne soit pas inférieur à celui de l'année précédente. François Meisch explique que des aides plus ponctuelles sont également prévues. Il faudra réfléchir ensemble à cette question. En tout cas, le DP approuvera les mesures d'aujourd'hui.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** annonce que les écologistes approuveront ces mesures exemplaires prises par le collège échevinal en concertation avec tous les partis.

*Il est facile de dire que le secteur privé doit suivre l'exemple. Mais chacun doit prendre la décision qui lui convient. Il ne faut pas tout mélanger. Certaines personnes dépendent probablement des loyers qu'elles perçoivent — par exemple pour rembourser les prêts. Si de son côté la banque ne fait pas d'efforts, un propriétaire privé aura du mal à renoncer à ses loyers. Toutes les situations ne sont pas pareilles.*

*Sur le marché privé, chacun doit réfléchir aux moyens dont il dispose pour soutenir les commerçants. Georges Liesch tient cependant à préciser que tous les commerces ne sont pas logés à la même enseigne et que certains continuent à bien fonctionner. D'autres n'ont plus aucun revenu. Il pense notamment aux restaurants.*

**ERNY MULLER (LSAP)** soutient cette initiative.

*Il rappelle que la commune travaille beaucoup avec la société Munhowen. Celle-ci communique-t-elle l'information aux locataires ?*

**TOM ULVELING (CSV)** confirme que cela est prévu par écrit.

dass beschtefalls all eis lokal Acteuren och no der Kris nach weider kënne schaffen. Dat geet vu verschiddene Geschäftsleit, dem Aquasud, Kënschlerateliere bis hin zu de Locataire an der Kreativfabrick 1535° Creative Hub. Do krute mer glécklecherweis relativ schnell ee Konsens, parteiwwergräifend.

Ech hoffe ganz staark, dass och d'privat Proprietären den Eescht vun der Lag erkannt hunn a beim Loyer mat sech schwätze loosse.

Mir sinn och frou, dass eis Proposition, fir de Veräiner entgéintzekommen, positiv ugeholl gouf. Vill Veräiner hu quasi keng Einnahmen. Vill Fraise lafen awer weider. Traineren, Moniteuren, Dirigenten an esou weider. Dofir sollt séchergestallt ginn, dass de Subsid fir d'Joer 2020 net därerf ënnert deem vum Joer virdru leien.

Zousätzlech solle punktuell Ënnerstëtzen derbäikommen. Dat gouf jo schon am Ufank vun der Sitzung erwänt. Och fir eis Geschäftswelt. Do kéint een d'Käpp nach eemol zesumme strecken, d'Parteien, de Comité d'accompagnement économique an esou weider. Op jidde Fall, mir stëmmen déi heite Mesuren elo emol scho mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Meisch. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Mir wäerten als Gréng dat heiten natierlech och ënnerstëtzen. Mir fannen dat eng wierklech exemplaesch Measure, déi de Schafferot zesumme mat den Oppositionsparteien, mat alle Parteien, geholl huet, fir d'Loyeren nozeloosse vun allen Immeublen, déi der Gemeng gehéieren.

Natierlech ass et einfach, fir ze soen, de Privatsektor sollt och do matzéien. Ech mengen, am Privatsektor sollt jiddweree sech dat iwwerleeën, wéi e kann. Et sollt een elo net alles matenee vermëschen. Et gëtt och Leit, déi warscheinlech op déi Loyeren, déi se era-

kréien, duerch Saachen, déi se verloungen, ugewise sinn, well se vläicht en contrepartie Präten hunn. A wann dee Moment d'Bank net matspillt, wann net déi ganz Kette matspillt, dann ass et och net esou einfach fir de Privaten, fir ze soen, ech verzichten och elo emol op mäi Loyer, wéi eng Gemeng dat ka maachen. Do muss een dann och dee Moment d'Situatioun kucken.

Mir ënnerstëtzen awer deen Appell, dass wierklech um Privatmarché jiddweree sech soll seng Gedanke maachen, wat en a senge Moyene ka maachen, fir de Commerce zu Déifferdeng awer nach ze erhalen. Grad alleguerten déi Commercen, op jidde Fall, déi am Moment guer keen Ëmsaz kënne maachen. Et gëtt jo, wéi gesot, eng Partie Commercen, déi trotzdeem ganz gutt schaffen. Mee d'Majoritéit vun de Commercen huet absolutt null Rentrée. Duerfir fanne mer dat, wat d'Gemeng hei gemaach huet, wierklech, grad an de Restauratiounsberäicher, ganz gutt a wäerten dat och ënnerstëtzen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Liesch. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Och d'LSAP ënnerstëtzt déi Initiativ. Ech hat jo schonn ugangs gesot, wéi mer dozou stinn. Ech ginn elo net méi dorop an. Hätt nach just eng technesch Fro. Mir hu jo vill Kontrakter mat der Firma Munhowen. Ech mengen, dee Moment loosse mer jo där Firma dat no. Ass dat assuréiert, dass déi dat viruginn un hir Locatairen?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mir hunn dat scho geschriwwen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dir hutt dat schrëftlech matgedeelt? Da wär dat jo an der Rei. Dat ass meng Interventioun. Merci.

## 4b. Mesures pour les commerces

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Muller. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen, Dir Hären, firwat ënnerstëtzt de Staat respektiv d'Gemeng aktuell esou de Commerce? Ma et geet drëms, op dës sanitär Kris ze reagéieren, fir eng weider, dann éischter finanziell Kris, ze vermeiden. Géif eng Entreprise no där anerer zoumaachen, eng géif déi nächst matrappen. Net ze schwätze vun de ville Leit, déi géifen hir Aarbecht verléieren. Dofir ass et wichteg onser Wirtschaft ze hëllefen.

D'CSV Déifferdeng ënnerstëtzt natierlech dës Mesure, de Geschäfte, déi ee Lokal bei der Gemeng lounen, dës zwee Méint Loyer während dem Confinement net ze froen. D'Fro ass: Geet dëst duer, fir datt dës Geschäfte gerett sinn? A virun allem d'Fro no de Geschäfte, déi hiert Lokal um private Marché lounen. Insgesamt: Wéi geet et weider? Dofir si mer als CSV frou, datt eise City-Manager ganz aktiv ass a versicht, de Geschäftsleit beschtméiglech ze hëllefen. Och iwwert d'Hëllef vum Staat informéiert hie se.

Awer et geet elo virun allem drëms, no vir ze kucken, datt wann erëm alles op ass, datt se erëm gutt ulafen. Dofir muss mer kucken, datt dat gutt geplangt ass.

Wat wichteg ass, den Här Liesch hat et ugangs scho gesot, dass mer allegueren erëm méi lokal denken an eis Betriber virun eiser Dier méi ënnerstëtzen. Eppes, wat d'Gemeng schonns gemaach huet. Mee wou ee vläicht nach ka kucken, dëst auszebauen.

Mat dëser Mesure wéi och aneren Aktiounen schécke mer als Gemeng e staarkt Signal no baussen u weider potenziell Investoren, datt d'Stad Déifferdeng Commerce wëll, si ënnerstëtzt a fir si do ass. Datt mer wëllen eng lieweg Stad sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Hartung. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, wollt ech e puer Saachen zousätzlech soen. De Parking, wa mer dat elo ofstëmmen, dat géif bis elo emol den 31. Mee goen. Duerno kucke mer, wéi d'Saach sech entwéckelt.

Ech hat vergiess, Iech matzedeelen, dass d'Madamm Brugnoni, Chef de service vum 1535°, mer matgedeelt huet, dass d'Reaktiounen enorm waren am 1535°. Dass se ganz vill grouss Mercie geschéckt kriit huet, dass d'Leit frou waren, dass mer déi Mesure getraff hunn. Wollt ech einfach nach eng Kéier matdeelen.

Dat mat de Commercen an allegueren Är Ureegung fir mam City-Manager, ech mengen deen ass souwiesou schonn aktiv, an alles, wat der bis elo virgeschloen hutt, wat de Commerce ugeet, och mam Comité d'accompagnement économique – mir ginn op dee Wee. Also dat ass kloer.

Vläicht hu mer bis de 27. Mee, fir deen nächste Gemengerot, méi konkret Virlagen, wat mer kënne maachen, wat méiglech ass ze maachen. An deem Kader géif ech Iech elo scho bieten, Iech vläicht de 15. Mee, freides, um 9 Auer, ze notéieren, fir erëm eng nächst Videokonferenz zesummen, de Schäfte-rot mat de Fraktiounssprecher vun de Parteien. Fir ze kucken, méi konkret Léisungen ze fannen.

Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech hat eppes vergiess bei de Parkingen ze soen. Dat ass, mengen ech, net bei jidderengem ukomm. Et ass net signaliséiert, dass een den Disk muss setzen. Oder et ass vläicht entretemps nogeholl ginn? Op jidde Fall ass et un den Automaten net signaliséiert, dass een net muss bezuelen an dass een en Disk just muss setzen. Op de Schëlter ass einfach de Parking duerchgestrach.

Dat heescht een, deen am Auto sëtzt, fiert dann op seng Parkplaz, gesäit dann op de Schëlter, et muss ee kee Parking bezuelen. Da geet e jo guer net bei

**ERNY MULLER (LSAP)** s'en réjouit.

**JERRY HARTUNG (CSV)** explique que la commune et l'État soutiennent le commerce pour éviter que la crise sanitaire ne s'accompagne d'une crise financière. Car les entreprises risquent de fermer les unes après les autres et les gens vont perdre leur emploi. C'est pourquoi il faut soutenir l'économie.

Le CSV soutient la mesure visant à renoncer à deux mois de loyer pendant le confinement. Cela suffira-t-il à sauver les magasins? Que va-t-il arriver? Jerry Hartung se réjouit du fait que le «city manager» se montre actif pour aider les commerçants.

Il est tout aussi important qu'une fois qu'ils rouvrent, tout fonctionnera pour le mieux. Il faut bien planifier ce point.

Comme l'a dit monsieur Liesch, il est temps de penser de manière plus locale. Cette mesure permet à la commune de lancer un signal fort aux investisseurs. La commune veut une ville dynamique.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

précise que les tarifs réduits dans les parkings resteront en vigueur jusqu'au 31 mai. Madame Brugnoni, la responsable du 1535°, l'a informée que la réaction a été extrêmement positive.

Le «city manager» et le comité d'accompagnement aident activement les commerces.

Jusqu'au 27 mai, le collège échevinal disposera peut-être de plus d'informations. Christiane Brassel-Rausch annonce que la prochaine vidéoconférence est prévue le vendredi 15 mai à 9 h.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)**

souhaite revenir sur la question des parkings. Le fait qu'il faille utiliser un disque de stationnement au lieu de payer n'est pas signalisé sur les horodateurs. On s'est contenté de barrer le mot «parking». Un automobiliste risque de penser qu'il peut garer sa voiture sans payer et sans utiliser de disque de stationnement. Il recevra donc une amende sans savoir pourquoi.



## 4b. Mesures pour les commerces

*Des panneaux de signalisation plus grands permettraient sans doute d'éviter quelques procès-verbaux.*

*La mesure prise est correcte. Il faut juste que tout le monde en prenne connaissance avant d'être verbalisé. Gary Diderich a déjà vu des gens devenir furieux alors que la décision de la commune part d'une bonne intention.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *s'était fait la même remarque. On lui en a parlé. Il faut réagir.*

*Le conseiller communal s'est rendu sur place et a constaté qu'une indication a été placée au pied de l'horodateur. Il s'agit d'un papier expliquant aux gens qu'ils doivent utiliser un disque de stationnement.*

*Guy Altmeisch constate que la signalisation n'est pas réussie. Il a dû s'y reprendre trois fois pour la voir. En plus, si la commune décide de mettre les horodateurs hors service ou de changer un des panneaux de signalisation, elle doit aussi adapter le règlement.*

*Guy Altmeisch regrette aussi que les agents municipaux verbalisent les automobilistes sans disque. Il répète qu'il est allé trois fois sur place sans se rendre compte que le disque était obligatoire. L'horodateur fait 1,5 m. Une indication a été collée à quarante centimètres du sol. Ce n'est pas visible.*

*Le conseiller communal répète qu'une telle modification doit entraîner une adaptation de la réglementation. Autrement, un agent municipal n'a pas le droit de distribuer une amende, car celle-ci ne reposerait pas sur la loi ou sur un règlement communal. Dans ce cas-ci, le collègue échevinal ajoute un panneau, envoie les agents municipaux sur place et fait payer les automobilistes. Si un automobiliste porte plainte, la commune devra annuler tous les avertissements taxés.*

*Pour pouvoir continuer, la commune doit approuver un règlement d'urgence pour être dans la légalité. Ce règlement devrait stipuler que les horodateurs et autres règlements ne sont plus en vigueur en raison de la situation actuelle et qu'un disque est nécessaire pour stationner dans le centre.*

*La nouvelle signalisation doit être visible et faire 1,5 m ou 1,8 m. Car*

den Automat. An da kritt en net mat, dass en den Disk muss setzen. An da kommen do Protokoller heiansdo eraus, obwuel d'Leit gemengt hunn, sech un d'Reegele gehalen ze hunn.

Wann een do vläicht op déi grouss Schëlter, déi d'Leit eebe vum Fueren a vum Parken aus kucken, den Disk nach kéint dobäi pechen, da géife mer, mengen ech, e puer Protokoller evitéieren. D'Mesure u sech ass gutt. Et ass just, dass de Message net bei jidderengem ukomm ass. Bis se eng Kéier e Protokoll kritt huet, déi wëssen et dann. Mee et si jo awer och Visiteuren, déi net esou oft kommen an net esou oft dat matkréien. Déi wëssen dat dann net. Et sinn der, déi sech scho gréng a giel geiergert hunn. Mee ech mengen, et ass jo gutt gemengt vun der Gemeng.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Här Altmeisch, wannechgelift.

---

### **GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hat mer déi Remarken do opgeschriwwen, et ass mer och opgefall. Ech mengen, wa mer esou ugeschwat ginn, da muss een awer dorop reagieren. Ech war mer dat selwer ukucken. Mir ass opgefall, dass d'Horodateuren duerchgestrach sinn an dass eng Indikatioun um Fouss vun den Horodateuren ass, mat engem Disk, dee plastifiziert ass. E Pabeier, fir d'Leit drop opmierksam ze maachen, dass se missen en Disk leeën.

Also déi Signalisatioun, muss ech feststellen, ass onglécklech. Ech war dräimol do. Ech hunn et dräimol net gesinn. Wann Horodateuren do stinn oder eng Reglementatioun oder Schëlter dostinn, déi opgrond vun engem Reglement do stinn an déi geännert ginn, da muss dat och um Reglement geännert ginn. Et kann net einfach sinn, dass mer e Schëld ewechhuelen. Mir änneren et net am Reglement.

A wat ech ganz schlecht fannen, dat ass, wann ech dann och nach gesinn, dass eis Agente Leit opschreiwe ginn, déi keen Disk an der Fënster hunn. Ech

war selwer dräimol do a gleeft mer, ech hu gutt gekuckt. A mir ass net opgefall, dass eng Obligatioun do war, fir en Disk ze leeën. Duerno, wéi ech d'Agente gesinn hunn opschreiwen, sinn ech da kucke gaangen. An dunn hunn ech festgestallt, dass beim Horodateur, deem 1,50 m huet, op enger Distanz vum Trottoir vun ënnen erop, op 40 cm Héicht, d'Indikatioun steet, dass ech misst en Disk leeën. Dat ass net fir jiddweree visibel. Dat ass schlecht.

Wa mer e Schëld ewechhuelen oder duerch eng aner Reglementatioun oder duerch en anert Schëld ersetzen, musse mer e Reglement dofir stëmmen. Well wann en Agent municipal dohinnergeet an dee schreift op, dat ass illegal. Dee ka jo ëmmer nëmmen opschreiwen op Basis vun engem Gesetz oder op Basis vun engem Gemengereglement oder op Basis vun engem Reglement, wat mer als Verkéiersreglement festleeën.

Mee mir kënnen net e Schëld bäisetzen, ewechhuelen, d'Agenten dohinnerschécken, déi opschreiwe loossen, de Chauffeur bezilt. Dat ass illegal. Wann deem dat usicht, do kréie mer den zweete Präis. Da mussen déi sämtlech Avertissementer annulléiert ginn. Do musse mer onbedéngt drop oppassen.

Mir kënnen dat net maachen. Dach, mir kënnen et maachen, mussen et awer dann als Drénglechkeetsreglement festhalen, an esou enger Situatioun, wéi déi do, déi drénglech ass. An den Drénglechkeetsreglementer, wat ech duerchgekuckt hunn, wat der nëmmen zwielef sinn, duerch d'Situatioun, déi mir haut um Bau an iwwerall begéinen, si jo déi Situatioun festgehalen.

Mir hätte missen, fir an der Legalitéit ze sinn, en Drénglechkeetsreglement maachen. Missten an dat Reglement schreiwen: „Vu d'Situatioun vun de Geschäftsleit an esou virun setze mer d'Horodateuren an déi ganz Reglementer, déi mer gestëmmt hunn, ee Moment ausser Kraaft“. A mir maachen en neit Reglement, wou mer draschreiwen, den Zentrum gëtt stationär gereegelt duerch en Disk, dee mer leeën.

An déi Disken hätte mer missen annonciéieren op Schëlter, déi visibel sinn: 1,50 m, 1,80 m héich. Awer net 40 cm

## 4b. Mesures pour les commerces

iwwert dem Buedem, wou den normalen Automobilist se net gesäit. E gesäit et net, e gött protokolléiert, d'Protokoller sinn illegal. Do léise mer eng Lawin aus, déi mer net méi kontrolléiert kréien a kee frou mécht.

Ech verstinn d'Situatioun, dass mer d'Horodateurs aus der Aktivitéit setzen. Dat ass ganz gutt. Mee mer dierfen näischt esou maachen, ouni dass mer d'Reglement änneren, en neit Règlement maachen, fir déi nei Situatioun ze reglementéieren. An da kënnen ze verbaliséieren, opgrond vun där neier Situatioun. Mee dat do ka problematesch ginn.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Bertinelli, wannechgelift.

---

### **FRED BERTINELLI (LSAP):**

Do gesäit een, wann een eppes einfach wëllt maachen, da kann een et och komplizéiert maachen. Dee Moment, wou een d'Horodateurs erofgesat huet, hätt een einfach eisen Agente misse soen, dass se kee pechen. Och ee mat enger Vignette am Auto net. Da wier de Problem geléist gewiescht. Well fir et ze reglementéieren, brauch ee Minimum zwee Méint, ier een dat do vum Ministère accordéiert kritt, fir esou eppes, wéi dat do ze maachen.

Ech weess elo net, wéi laang dat virgesinn ass, fir dat op deem heite Wee widerzefueren. Mee do hätt een einfach dee Moment misse soen, wou een d'Horodateurs zougepecht huet, keen ze pechen. An och kee fir eng Scheif, déi net dran ass.

Wou ech awer de Problem net verstinn. Wann een enzwousch hifert, eng Scheif huet jo jiddwereen am Auto. Et ka mol ee se vergiessen, dat ass jo och richtig. Mee et huet elo näischt direkt domadder ze dinn, wann ee muss bezuelen, fir iergendwou ze parken, wann een esou eng Scheif am Auto huet. Ech hunn elo de Problem net richtig verstanen, wou dee soll sinn.

Mee wéi gesot ee Règlement, wat unerkannt ass, dauert Minimum zwee

Méint, och d'urgence. Soudatt dat schonn eriwwer ass. Einfach dat aussetzen an do keng Avertissements taxés schreiwen a fäerdeg.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Altmeisch, wannechgelift.

---

### **GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wollt nach eppes dozou soen. Net méi spéit wéi gëschter hunn ech an den Dageszeitunge gelies, et sinn och aner Gemengen, déi déi Politik do verfollegt hu vun den Horodateurs. Dass se net méi aktuell sinn oder fir déi erofsetzen, fir de Leit d'Tax nozeloossen. Déi sinn einfach op dee Wee gaangen, dass se hiren Agente gesot hunn: Dir këmmert Iech elo net ëm de Verkéier. Dir gitt elo an d'Ëmwelt eraus. Dir kuckt an de Bëscher“. Wat jo och eng gutt Charge ass a wat jo och wichteg ass an eng vun hire Missiounen. Vu dass mer wëssen, dass déi Deponien all zou waren, da gött awer vill Dreck an d'Bëscher gefouert.

Do hunn déi sech méi ëm de Volet Environnement gekëmmert a méi ëm d'Natur, fir déi ze schounen, vis-à-vis vun deenen, déi den Dreck dohinner kippe ginn. Déi hu se einfach net méi an déi Zonen erageschéckt. Da brauch ee kee Règlement ze änneren. Et brauch ee keen Horodateur zouzehänken. Et brauch ee just eng Kommunikatioun mat den Agenten. An dann huet ee sech diplomatesch aus där Situatioun erausgezunn an et huet ee kengem wéigedoen an et ass ee méi an der Legalitéit. Ech wollt Iech dat och soen.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll awer drop opmierksam maachen, dass et eng Mesure d'urgence war, ganz am Ufank, am Kader vu Covid-19, fir dass d'Leit evitéieren, andauernd déi Tast do drécke mussen ze goen.

*si un automobiliste normal ne peut pas voir la signalisation, les procès-verbaux sont illégaux. Le collège échevinal risque de déclencher une avalanche qu'il ne pourra plus contrôler.*

*Mettre les horodateurs hors service est une bonne idée. Mais il faut changer le règlement au préalable. Autrement, la commune va avoir des problèmes.*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** se demande pourquoi faire simple quand on peut faire compliqué. Il aurait suffi de dire aux agents municipaux de ne pas verbaliser les automobilistes. Car si l'on veut réglementer le remplacement des horodateurs par des disques de stationnement, il faut attendre au moins deux mois pour avoir une réponse du ministère.

*Fred Bertinelli ne sait pas pendant combien de temps cette situation va durer, mais il aurait suffi de dire aux agents municipaux de ne pas verbaliser.*

*En plus, tout le monde a un disque de stationnement. Ce n'est pas comme s'il fallait payer. Où est le problème?*

*Fred Bertinelli répète que pour qu'un règlement d'urgence soit approuvé, il faut deux mois au minimum. Le collège échevinal n'a qu'à suspendre les avertissements taxés.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** a lu dans le journal que d'autres communes ont aussi mis les horodateurs hors service. Mais en même temps, elles ont aussi demandé à leurs agents municipaux de ne pas s'occuper de circulation. Actuellement, ils mettent l'accent sur d'autres problèmes comme les décharges illégales dans les forêts. Leur mission a été adaptée.

*Si l'on procède de la sorte, il n'est même pas nécessaire de modifier les règlements ou de coller des affiches sur les horodateurs. Il faut juste prévenir les agents municipaux. Il s'agit d'une solution diplomatique et légale.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** signale qu'il s'agissait d'une mesure d'urgence pour éviter que les gens ne doivent appuyer constamment sur les boutons.

# 4c. Comptes administratifs et de gestion

**TOM ULVELING (CSV)** précise qu'il s'agit d'une mesure d'hygiène.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** ne critique pas la décision du collège échevinal. Mais qu'il s'agisse d'une mesure d'urgence ne signifie pas que le collège échevinal puisse faire ce qu'il veut. L'utilisation d'un disque de stationnement est réglementée. La COVID-19 ne supprime pas toutes les lois et ne rend pas le Code de la route caduque. Elle ne donne pas le droit à la commune de coller des indications à quarante centimètres du sol.

Guy Altmeisch comprend que la situation est exceptionnelle. Mais en demandant aux agents de ne pas verbaliser les automobilistes, le collège échevinal aurait évité bien des discussions.

(Vote)

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** passe aux comptes administratifs et de gestion 2018. Le contrôle a souligné quelques erreurs de forme. Les critiques portent à peine sur 1800 € et 300 € pour un budget de 150 millions d'euros.

Christiane Brassel-Rausch remercie le receveur et son équipe.

En ce qui concerne le quatrième point, le collège échevinal a déjà fourni des explications. Il faut que la justice suive son cours.

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** admet que la plupart des erreurs sont des brouilles.

En revanche, que l'ancien bourgmestre ait fait réaliser des travaux pour 127 912,59 € tout seul n'est pas une petite erreur. En plus, il s'agit de travaux qu'il a fait faire dans son propre intérêt. Des choses comme cela ne peuvent plus se produire. Il faut se donner les instruments pour lutter contre les abus et les conflits d'intérêts.

La justice est en train d'analyser les illégalités. Le tribunal prendra ensuite des sanctions le cas échéant.

Le DP ne tiendra pas compte de ces graves dysfonctionnements, car il s'agit désormais d'une affaire de justice. Les démocrates approuveront les comptes 2018.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Eng hygienesch Mesure.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech kritiséieren net, dass d'Mesure net appropriéiert war. Ech wëll just soen, dass eng Mesure d'urgence am Rahme vum Covid-19 och net alles begräift. Do huet een och net d'Fräiheeten alleguer vun der Welt. Fir d'Indikatioun ze maache vum Disk, deem ee muss setzen, dat muss awer reglementéiert si vis-à-vis vum Code de la route. De Covid-19 setzt jo net all Legislatioun ausser Kraaft. De Covid-19 ass e ganz heikelt Thema, wou verschidde Libertéite sinn. Mee e setzt awer net de Code de la route an d'Signalisatioun vun neie Saachen oder vun neie Situatiounen ausser Kraaft.

Et gëtt eis net d'Recht als Gemeng, fir d'Indikatioun vun enger Neierung op 40 cm Héicht ze maachen, dass keen et gesäit. Do muss ee sech awer nach u verschidde Basisstrukturen halen. Mee ech verstinn och, dass dat eng exzeptionnell an hoffentlech eemoleg Situatioun ass. An ech wëll just drop opmierksam maachen, dass duerch d'Netaktivitéit vun eisen Agente mer eis vill Diskussiounen hätte kéinten erspueren. A vläicht léiere mer jo och, wéi all Mënsch, aus deene Situatiounen, fir d'Zukunft. An da wäert dat besser goen. Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Altmeisch. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les mesures liées aux sociétés et commerces locaux dans le cadre du plan de crise COVID-19.*

Villmools merci. Da komme mer zum nächste Punkt, Comptes administratifs et de gestion de l'exercice 2018. Ech schwätze lo fir déi dräi Punkten. De Contrôle war wéi all Joer. Dat heescht, en huet seng Roll gespilt. Et goufe

kleng Remarken, wou et éischer ëm Formfeeler geet. Do si Saachen, déi falsch gebucht gi sinn. An d'Kritik hält sech a Moossen, géif ech soen, bei enger Zomm vun 1.800 Euro an 300 Euro, wann een e ganze Budget vun 150 Millione geréiert.

Ech géif an deem Kader eisem Receveur a senger ganzer Ekipp e ganz grouse Merci soen. Well bei deene villen Ziedelen ass bis op dräi Ausnamen awer alles relativ gutt gelaf. Dat zu deenen dräi Punkten.

Zum véierte Punkt wëll ech soen, dass deem am Fong dat bestätegt, dass eng Decisioun am Schäfferot geholl ginn ass, sou wéi mer Iech dat am Ufank gesot hunn. Mir hunn Iech d'Explikatioun sengerzäit ginn. A fir de Rescht ass et eis wichteg, elo d'Justiz hir Aarbecht maachen ze loosse.

Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, bei de meeschte Saache geet et effektiv ëm Klenggekeeten. Beispillsweis Retarden an esou weider, kleng Montanten. Absolutt keng Klenggeket ass et, dass de fréiere Buergermeeschter an Eegeregie Aarbechten iwwer 127.912,59 Euro an Optrag ginn huet. Déi Aarbechte waren dann och nach a sengem perséinleche privaten Interêt. Mir mussen alles drusetzen, a mir hu schon oft driwwer geschwat, dass esou eppes net méi däerf virkommen.

Et geet drëms, fir strukturell Saachen en place ze setzen, déi méi Transparenz a Kontroll par rapport zu Abusen an Interessekonflikter bréngen.

Et geet elo drëms fir sécherzegen, dass et Opklärung gëtt. D'Justiz ass elo amgang ze schaffen, déi Illegalitéiten hei ze analyséieren, d'Responsabilitéiten ze klären. An duerno ass et um Geriicht ze sanktionéieren. Well déi grav Dysfonctionementer hei elo bei der Justiz leien, klammere mer déi diesbezüglich Observatioun vun der Direction du contrôle de la comptabilité aus. An doduerch kënne mir als DP de Compte administratif et de gestion 2018 awer matstëmmen.



# 4c. Comptes administratifs et de gestion

Schlussendlech dann nach e grouse  
Merci un alleguer eis Ekippen, déi an  
dësem Sënn am Asaz waren. Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Meisch. Här  
Ruckert, wannechgelift.

---

## **ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, ech géif  
virschloen, dass mer déi zwee separat  
ofstëmmen, well den éischte sech jo op  
de Schafferotsprogramm bezitt an den  
zweeten op d'Aarbecht vum Receveur a  
vu senger Ekip. Als Verrieder vun der  
KPL géif ech, selbstverständlech fir déi  
gutt Aarbecht, déi de Receveur a seng  
Ekip gemaach huet, derfir stëmmen.  
Mee ech kann awer elo net hei de  
Schafferotsprogramm cautionnéieren.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

---

## **ERNY MULLER (LSAP):**

Mir hunn hei zwee verschidde Konten.  
Deen een ass den administratif, an dat  
anert ass de Rapport de gestion. Also  
dee vun eisem Receveur. Wat de Rece-  
veur ubelaangt, schléisse mer eis op  
jidde Fall deem Avis un. Hien huet eis  
jo do erkläert, an engem perséinleche  
Schreiwe, dass hien déi Dokumenter  
eraginn huet, wou elo hei gesot ginn  
ass, déi wären ze spët am Ministère  
ukomm. Mir kennen hien als e ganz  
korrekten a gewëssenhafte Fonctio-  
naire. Mir gleewe senger Prise de posi-  
tion. A wëlle gläichzäiteg him a sengem  
Büro merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi  
si ëmmer erëm maachen am Interêt vun  
eiser Gemeng.

De Punkt 2 ass fir eis och ok. Zum  
Punkt 3, do ass eng gewësse Saach, dat  
sinn Dépenses imprévues du Collège  
échevinal. Déi sinn hei opgefouert, well  
se net ënnert deem richtegen Artikel  
gebucht waren. Et geet ëm zwee poli-  
tesch Verrieder – notament heescht  
et am Rapport, de Buergermeeschter an

e Conseiller – an eng Rees op Porto, de  
25. Oktober 2018.

Et ass net d'Héicht vum Montant, déi  
eis stéiert. Ech mengen, dat ass jo  
normal, dass dat och eppes kascht. Mee  
mir gesinn do net déi richteg Transpa-  
renz vun deem Deplacement. Well mir  
si lo iwwert deen heite Wee gewuer  
ginn, dass do en Deplacement statt-  
fonnt huet. Mir hätte besser fonnt,  
wann dat kommunikéiert gi wär am  
Gemengerot, do gesot gi wär, déi Leit  
waren dohin aus deem an deem Grond.

Duerfir ass eis Fro: Wat war den  
Ëmstand vun där Rees? Wie war dee  
Conseiller, deen nach mat war? A wat  
war den Ulass vun deem Deplacement?  
Wa mer dat nach kéinte gewuer ginn  
doriwwer. Et geet hei ëm de Rapport  
administratif, also d'Erklärung vum  
Schafferot heizou.

Véierte Punkt: Do si mer genau der  
Meenung wéi d'DP an de Fränz  
Meisch, och den Här Ruckert, selbst-  
verständlech. Et geet jo ganz kloer ëm  
de Fait vun där Strooss, deem Wee, dee  
Richtung Haus 15A an der Route de  
Pétange féiert. Dat ass ee vun de Faite  
vun der Affär Traversini, wou elo gesot  
ginn ass, dass do e Gerichtsverfahren  
nach drunhänkt.

Ech mengen, et ass alles gesot ginn, wat  
do net korrekt war. Ech géif dann och  
net an d'Detailer goe vun deem, wat  
bemängelt gëtt vum Vérificateur, deen  
déi Pièce gekuckt huet. Awer, ech wëll  
eppes dozou soen am Numm vun der  
LSAP. Dir wësst, dass d'LSAP de  
Compte administratif, also de Budget  
2018, gestëmmt huet. An e Budget  
stëmmen, heescht jo, dass een dat  
approuvéiert, wat an deem Budget  
steet. Firwat hu mer dat gemaach? Mir  
hunn dat gemaach, well dee Budget  
2018 an de grouse Linnen eng Fortset-  
zung war vun deem Budget oder deene  
Projeten, déi schonn engagéiert waren  
an déi weidergefouert gi si vun där  
Majoritéit, par rapport zu där  
Majoritéit vu virdrun. Wou mir mat an  
der Responsabilitéit waren.

Wann awer dann elo esou eppes hei  
virkënnt, an dat ass fir eis e ganz  
schwerwiegend Vergeë vum Buerger-  
meeschter – entschëllegt, vun dem  
virege Buergermeeschter, ech wëll dat  
awer kloerstellen, ech hat jo och net

*François Meisch remercie les  
équipes communales.*

---

**ALI RUCKERT (KPL)** voudrait voter  
les comptes séparément, car l'un se  
rapporte au programme du collège  
échevinal et l'autre au travail du re-  
ceveur.

*Ali Ruckert approuve le travail du  
receveur, mais ne cautionne pas le  
programme du collège échevinal.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** constate à son  
tour qu'il est question de deux  
comptes différents. Le receveur a  
expliqué avoir fourni les docu-  
ments à temps même si le ministère  
dit les avoir reçus avec du retard.  
Les socialistes croient ce que dit le  
receveur, car c'est un fonctionnaire  
correct et consciencieux. Ils le re-  
mercient pour le bon travail qu'il  
réalise avec son équipe dans l'inté-  
rêt de la commune.

*Le deuxième point est en ordre  
pour le LSAP.*

*Le troisième point reprend des dé-  
penses imprévues du collège échevi-  
nal. Il s'agit notamment d'un  
voyage à Porto le 25 octobre 2018.  
Le montant ne gêne pas Erny Mul-  
ler. Mais ce déplacement manque  
de transparence. Il aurait mieux  
valu le communiquer au conseil  
communal dans les temps.*

*Pourquoi ce voyage a-t-il été orga-  
nisé? Qui est le deuxième  
conseiller communal concerné?*

*Pour ce qui est du quatrième point,  
Erny Muller partage l'avis de mon-  
sieur Meisch et de monsieur Ru-  
ckert. Les travaux portent sur la  
route de Pétange en direction de la  
maison 15 A. Une action en justice  
est menée contre monsieur Traver-  
sini dans ce contexte.*

*Erny Muller ne souhaite pas entrer  
dans les détails des remarques du  
vérificateur. Il rappelle cependant  
que les socialistes ont approuvé le  
budget 2018. Cela signifie qu'ils  
approuvaient son contenu, ce qui  
était logique, car il se situait dans la  
lignée de ce qui avait été réalisé par  
la majorité précédente.*

*Mais vu les actes graves commis  
par l'ancien bourgmestre, le LSAP  
ne pourra pas approuver le compte  
administratif aujourd'hui. En re-  
vanche, les socialistes approuve-  
ront le compte de gestion du rece-  
veur.*

# 4c. Comptes administratifs et de gestion

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *s'associe en partie à ce qui vient d'être dit. Il remercie le receveur, qui doit gérer un budget important et de nombreuses pièces. Les remarques sont limitées et il a fourni des explications.*

*Pour ce qui est du compte administratif, la question était de savoir s'il aurait fallu lancer une soumission pour les travaux en question. La réponse du ministère de l'Intérieur est claire: oui. Lorsque Gary Diderich a posé la question au collègue échevinal, celui-ci avait répondu qu'une soumission n'était pas nécessaire. Il avait donc tort. Gary Diderich espère que la justice tirera toute cette affaire au clair.*

*Il était important que l'opposition fasse son travail en posant des questions. Cela a permis de révéler des problèmes dans la vérification des comptes.*

*Le collègue échevinal a promis de prendre des mesures pour que ces dysfonctionnements ne puissent plus se reproduire.*

*Gary Diderich approuvera le compte de gestion, mais pas le compte administratif, car il n'a pas non plus approuvé le budget.*

**TOM ULVELING (CSV)** *tient à corriger les propos de monsieur Diderich. Lorsque les travaux ont été lancés, le devis se situait en dessous du seuil requis pour une soumission. Les informations fournies à l'époque par le collègue échevinal étaient donc correctes. Le collègue échevinal n'essayait pas de cacher des choses.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande si les comptes seront votés séparément.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que oui.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *prendra position au nom des écologistes.*

*Il éprouve de l'émotion, parce qu'il doit assister à la séance depuis chez lui. Il remercie le service informatique et le collègue échevinal pour la solution technique proposée. Cela a représenté bien du travail.*

gesot Buergermeeschterin –, da kënne mir awer net de Compte administratif matstëmmen. Mee mir mussen, leider, do dergéint stëmmen. Dat ass net anescht méiglech. Ech wollt Iech dat just soen. Duerfir stëmmen mir de Compte de gestion vum Receveur. A mir stëmmen géint deen heite Compte administratif. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech schlësse mech de verschiddenen Aussoen un. Virun allem e Merci un eise Receveur, deen dat hei gutt gemeeschtert huet, bei esou engem grouse Budget, deen awer hei ze geréieren ass, an all deene Piëcen. D'Remarken hale sech an deem Sënn a Grenzen. An do si jo och Äntwerte komm.

Wat de Compte administratif ugeet, do sinn d'Saache gesot ginn. Ech hat jo hei d'Fro och gestallt, respektiv mir haten d'Fro gestallt: Hätt do e Marché missen ausgeschriwwen gi fir déi doten Aarbechten? D'Stellungnam vum Innenministère ass ganz kloer: Do hätten missen eng gemaach ginn. Hei am Gemengerot, nach ier dat Ganzt offensichtlich ginn ass, waren d'Äntwerten, déi mer deemools kritt haten: Nee, et hätten keng brauche gemaach ze ginn. Dat ass heimadder scho mol widderluecht. An elo hoffe mer, dass mer geschwënn déi ganz Opklärung, och iwwert d'Justiz, vun där Saach kréien.

Ech mengen, et ass wichteg gewiescht, dass d'Oppositionen hei hiren Job gemaach huet an déi Froen opgeworf huet. An dass doduercher och an der Verifikatioun an de Konte sou Saachen och elo konnte kloergemaach ginn.

A wichteg ass d'Remark, d'Äntwert, déi de Schafferot gemaach huet, dass eebe Saachen en place gesat ginn, fir dass sech esou eppes net méi ka widderhuelen. Dat ass hei am wichtegsten, niewent där Opklärung, déi nach muss kommen.

Änlech wéi meng Virriedner, wäert ech d'administrativ Konten net stëmmen. Well ech dee Budget och net gestëmmt hunn, kann ech och déi Konten net stëmmen fir déi politesch Ausrichtung. An d'Comptes de gestion wäert ech da matstëmmen. Ech soen Iech merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci. Ech wëll awer vläicht nach dem Här Diderich eppes soen, wou net ganz richtig ass, wat Der gesot hutt. Well zu deem Zäitpunkt, wéi mer deemools déi Strooss an Opdrag ginn hunn, war den Devis ënnert dem Seuil, wou hätten missen ausgeschriwwen ginn. Eréischt duerno, wou et méi deier ginn ass, hätten missen effektiv ausgeschriwwen ginn. Mee déi Informatiounen, déi mir Iech zu deem Zäitpunkt ginn hunn, déi waren du richtig gewiescht. Do hu mer net versicht, iergendwéi eppes ze verstoppen.

Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech hätten just d'Fro, ob mer déi zwee separat ofstëmmen oder just ee Vott maachen?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Nee, nee. Mir maachen zwee Votten. A wann Dir de Vott nach gär gespléckt hätten, deen een, da maache mer dat. Mee den Här Schwachtgen hat nach d'Wuert gefrot. Da gi mer him nach d'Wuert.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt mech vun der Mauer eng Kéier mellen. Ech hat mech elo scho méi laang probéiert ze manifestéieren, an deem do Punkt. Well ech wëll am Numm vun deene Grénge Stellung dozou huelen, zum Compte administratif an zum Compte de gestion.

Erlaabt mer just e perséinlecht Wuert. Et ass ongewinnt dat hei. Et ass och emotionell, wann ee muss doheem bleiwen oder wëllt doheem bleiwen. An ech wëll awer do och wirklech ausdrécken, dass ech villmools merci soen

## 4c. Comptes administratifs et de gestion

eisem Staff technique, eise Politiker vum Schäfferot an esou virun, dass dat heite méiglech ass. Ech weess, dass et e groussen Opwand ass. Awer am Respekt vun der ganzer Geschicht, vun der ganzer sanitärer Lag, ass et mer wirklech e Besoin, do villmools merci ze soen.

Ech denken un aner Leit, déi vill méi schlecht dru si wéi mir. Mir kënnen nach esou kommunikéieren. Aner Leit hunn déi Méiglechkeeten net. An ech hoffen, dass mer an Zukunft vläicht dann erëm op deem anere Wee kënnen zesumme schaffen. Ech soen och dem Georges Liesch merci, deen de Rôle iwwerhëlt, an hoffentlech méi laang iwwerhëlt, fir dann och de Spriecher vun deene Gréngen am Sall ze maachen.

Ech wollt awer zu dësem Punkt elo ganz konkreet Stellung huelen. Fir d'éischt wollt ech den administrative Kont huelen, wat jo dann un de Schäfferot geriicht ass. Effektiv sinn et do véier Punkten, déi de Contrôle évoquéiert. Ech hu mer Gedanke gemaach iwwert déi véier Punkten.

Do sinn dräi absolutt kleng Punkten dran. Deen éischten, dass eng Transmission tardive do war. De Schäfferot huet ganz kloer erkläert, dass dat e Kommunikationsproblem war tëschent den Administratiounen, déi misst behuewe ginn. Dat Zweet war e Restant vun 1.850,96 Euro, wat op eng Annulation de facture zréckzeféieren ass. Déi also am Fong sech och ganz kloer a Loft opgeléist huet.

An déi Frais de déplacement, den Här Muller hat dat gesot, dat gesäit esou aus: eng Auslandsrees vun engem Buergermeeschter a vun engem Schäffen oder vun engem Conseiller. Ech weess och net wien et war. Do ass just eng Zomm vu 538,70 Euro anescht verbucht ginn. Ech weess net, ob dat déi ganz Fraise sinn. Mee hei dréit et sech ëm ronn 540 Euro. Dat ass esou, wéi wann ee mat engem Veräin iergendwou eng Tournée gëtt oder eppes iesse geet. Soudass dat och eng ganz kleng Zomm war respektiv e Buchungsfeeler oder eng aner Buchung. Déi awer elo rektifiéiert ginn ass.

Dee véierte Punkt, dat war nach d'TVA, eng Strof, déi de Schäfferot oder d'Ge-

meng kritt huet, well d'TVA mat Ver-spéidung ofgi ginn ass. Soudass am Fong déi véier Punkten do kee groussen Impakt hunn.

Déi véiert Observatioun huet et natierlech a sech. Natierlech ass elo déi Diskussioun erëm opkomm, a Gott sei Dank. Et dréit sech do, an ech mengen, dat soll een dann och kloer soen, ëm dee Reprofilage vun enger Strooss zu Nidderkuer. Dir wësst all, ëm wat et gaangen ass. Aner Leit hunn et scho méi däitlech gesot, brauch ech net ze ernimmen.

Et dréit sech effektiv ëm en Neimaache vun enger Strooss am Wäert vun 127.912,59 Euro. De Contrôle mécht do keng Scholdzouweisung, de Moment. Mee de Contrôle huet just Pièce gefrot, déi net do waren. Dat heescht d'Fro no der Gesetzgebung. Ob déi gesetzlech Bestëmmunge vun engem Marché public, vun den Ënnerschrëfte vum Schäfferot a vun der Approbatioun vum Gemengerot do sinn. Déi Pièce konnten net fonnt ginn. Doduerch huet de Contrôle déi Remark gemaach.

Mer wësse jo och, dass dat doten eng Affaire juridique ass an dass eng Enquête judiciaire leeft an deem do Beräich. De Contrôle huet seng Flicht gemaach an en huet eeben déi Pièces nogefrot, déi awer net virzeweise waren. Da kënne mer elo ofwaarden, wat d'Justiz derzou seet, well effektiv do méi en décken Hond derhannert stécht.

Dofir wëll ech, och am Numm vun deene Gréngen, perséinlech Spekulationen de Moment net ausschwätzen an déi ganz Aarbecht eiser Justiz iwwerloossen an, en conséquence, och vun der Autorité supérieure. Déi scho wäerte wëssen, wat se domadder ufänken.

De Schäfferot verweist op déi Enquête judiciaire a senger Äntwert. Dat fannen ech ganz korrekt. Dat muss jo och esou sinn. Dat ass jo och am Sënn vun eisem ganze Gemengerot an eiser Ëffentlechkeet, dass mer do wëlle ganz kloer gewuer ginn, wat do lass war.

De Schäfferot ass och gefrot ginn: Wat maacht Der an Zukunft? An de Schäfferot deklaméiert a senger Äntwert,

*Frenz Schwachtgen pense aussi à ceux dans une situation bien plus difficile. Les conseillers communaux de Differdange peuvent continuer de communiquer. D'autres ne le peuvent pas.*

*Frenz Schwachtgen remercie monsieur Liesch d'être le porte-parole des écologistes dans la salle.*

*En ce qui concerne le compte administratif, le Contrôle évoque quatre points. Les trois premiers sont des brouilles: la transmission tardive des documents à cause de problèmes de communication, un restant de 1850,96 € pour une annulation de facture et les frais de déplacement dont a parlé monsieur Muller. Il s'agit d'un voyage à l'étranger du bourgmestre et d'un conseiller communal. Frenz Schwachtgen ne sait pas de qui il s'agit. Cinq-cent-trente-huit euros ont été enregistrés au mauvais poste. C'est comparable à un verre offert à une association ou à un dîner. Il s'agit d'une petite erreur, qui a été rectifiée.*

*Le quatrième point concerne un problème de TVA. Pour être précis, il est question du reprofilage d'une rue à Niederkorn. Frenz Schwachtgen n'a pas besoin de citer de nom puisque d'autres l'ont fait.*

*La route en question a été refaite pour 127912,59 €. Le Contrôle se limite à demander des pièces manquantes relatives à l'appel d'offres, à la signature du collège échevinal et à l'approbation du conseil communal. Ces pièces n'ont pas été trouvées, d'où la remarque du Contrôle.*

*Une enquête judiciaire est en cours. Les pièces manquent. Il ne reste plus qu'à attendre ce que décidera la justice.*

*Dans sa réponse, le collège échevinal fait référence à l'enquête. C'est correct. L'ensemble du conseil communal veut savoir ce qui s'est réellement passé. Par ailleurs, le collège échevinal assure dans sa réponse qu'il fera tout pour que ce genre de situations ne puissent plus se reproduire.*

*De toute façon, le conseil communal en saura plus lorsqu'un jugement sera rendu. Il ne reste qu'à attendre.*

*Frenz Schwachtgen répète que la position du collège échevinal est*



*correcte. C'est pourquoi il ne comprend pas pourquoi il ne faudrait pas approuver le compte administratif. Le conseil communal peut faire confiance au collège échevinal, qui a démontré qu'il est disposé à collaborer différemment avec l'opposition. Le conseil communal a le droit de connaître la vérité. Tous les dossiers doivent être traités en transparence.*

*Les écologistes approuveront le compte administratif.*

*Le compte de gestion sert à évaluer le travail du receveur et de son équipe. C'est comme un examen annuel. L'examen de 2018 est passé avec mention. Tout se passe comme il faut.*

*Les quelques erreurs sont des brouilles dans un budget dépassant les cent-millions d'euros. Il faut saluer le travail du receveur, qui a réussi à clôturer les comptes avec une précision remarquable. Frenz Schwachtgen remercie les services communaux.*

*Frenz Schwachtgen remercie à nouveau le collège échevinal de pouvoir participer à la réunion d'aujourd'hui.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** revient sur la question de monsieur Muller concernant son déplacement avec l'ancien bourgmestre.

*Comme expliqué dans le rapport, ce déplacement n'aurait pas pu être prévu lors de l'établissement du budget. Paulo Aguiar et l'ancien bourgmestre se sont rendus dans la région de Mira à la suite des incendies ayant frappé le Portugal et l'Espagne. Une journée de solidarité avait été organisée à Differdange au 1535° pour récolter des fonds pour planter des arbres.*

*Paulo Aguiar précise que des jeunes de la maison des jeunes ont participé au voyage. Il s'agissait de les sensibiliser aux risques liés aux incendies.*

*Ce déplacement était donc imprévisible, mais il était important.*

dass alles gemaach gött, zesumme mat de Servicer, dass esou eppes an Zukunft net méi virkënt.

Mee do wäerte mer nach méi gewuer ginn, wann et effektiv eng Kéier elo derzou kënnt, dass e Jugement oder eng Fin de l'instruction do presentéiert gött. Dorobber musse mer waarden.

An ech betounen, dass d'Haltung vum aktuelle Schäfferot ganz korrekt ass a senger Äntwert. Dofir ass et a mengen Aen och kee Problem, fir dee Compte administratif matzestëmmen an dem Schäfferot doranner Vertrauen ze gi fir d'Zukunft. Zemools wann ee gesäit, wat an dem leschte Joer elo passéiert ass. Dass mer effektiv nei Weeër an der Zesummenaarbecht, och mat den Oppositionsparteien, ginn. An dass mer all e Recht hunn als Gemengerot, als Ëffentlechkeet op d'Wourecht an op Transparenz. Dat ass fir eis ganz kloer. An dat soll an Zukunft an allen Dossieren esou gehandhaabt ginn.

Dofir, de Compte administratif wäerte mer ganz kloer guttheeschen, well en eis d'Richtung virgëtt, fir an der Zukunft ze schaffen.

Ech kommen nach kuerz op de Compte de gestion zrëck. Dat ass jo d'Iwwerpräiung vun der Aarbecht u sech vun eise Receveur mat senger Ekip. Dat ass am Fong e bëssen hire Passage-Exame vu Joer zu Joer. An hire Passage vun 2018 hu se mat Glanz bestanen. Dat ass emol eis Ausso. Well mir stelle fest, do klappt alles.

Et sinn e puer klinzegkleng Comptabilisationsremarken ze verzechnen, déi awer ganz kloer konnte widderluecht ginn, respektiv keng grouss Valeur hunn. An dat bei engem Budget vun déck iwwer 100 Milliounen Euro. Dat verdéngt wierklech eise Luef an eis Unerkennung, fir do mat den Enner vun der Gestiou a vun der Comptabilitéit esou genee fäerdeg ze ginn. Dofir e Merci un all déi Servicer. Och all déi, déi Rechnungen op der Gemeng schreien a weiderginn, en décke Merci. Et sinn do keng Feeler a keng Schwieregkeeten drun ze erkennen. Eiser Ekip ass do nëmmen ze felicitéieren.

Am Numm vun deene Grénge soen ech hinnen dofir merci. An ech denken, dee

ganze Gemengerot ka sech där Saach roueg uschlëssen.

An am Numm vu mir selwer soen ech merci, dass ech haut konnt derbäi sinn.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Aguiar, wannechgelift.

---

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Den Här Muller huet eis gefrot, firwat den ancien Buergermeeschter an de Conseiller – c'était moi même –, nous sommes rendus à un déplacement.

Effectivement c'est écrit dans ce rapport des dépenses ordinaires : « Le déplacement des deux représentants politiques n'était pas prévisible lors de l'établissement du budget 2020 ». Effectivement l'ancien bourgmestre et moi-même, nous nous sommes rendus dans la région de Mira. C'était suite aux incendies meurtrières et dévastatrices qui se sont passées dans les différentes régions en Espagne et Portugal. Nous avons organisé ici à Differdange une journée de solidarité où il y avait différentes associations de Differdange. Il y avait un grand événement au 1535°. C'était une activité à récolter des fonds pour soutenir les familles de la région en plantant des arbres.

Dans ce cadre, nous avons permis aux jeunes de Differdange, dans le cadre de la maison des jeunes, de faire un échange. C'est-à-dire que nous ne sommes pas partis seuls. Nous sommes partis avec un groupe de jeunes, afin de pouvoir sensibiliser les jeunes de Differdange sur le risque lié à ces incendies, respectivement à être solidaire.

Ceci la raison de ce déplacement, qui n'était pas prévu, mais qui était important d'avoir des officiels qui se sont rendus sur place pour se rendre compte de la situation. Merci.

# 5a. Convention Creos

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Den Här Hartung, wannechgelift.

---

## **JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, éier ech op den eenzeg méi kritesche Punkt aginn, wëll ech als Spriecher vun der Déifferdenger CSV virop eise Mataarbechter, déi ons Konte verwalten, merci soe fir déi gutt Aarbecht.

Bei där Ampleur, déi des Budgeten huet, ass et normal, datt mol déi eng oder aner Klenggeheet beanstand gëtt, datt ee Posten anescht hätt misse verbucht ginn. Et si just e puer wéineg Umierkungen.

Wat natierlech guer net geet, ass eng Beanstandung – an dat wësse mir all jo schonns méi laang an net eréischt zënter dësem Rapport –, datt hei iwwert d’Gemeng Aarbechte gemaach goufen, déi esou ni hätten dierfe gemaach ginn. Dat heesche mer all net gutt.

Awer déi néideg Schrëtt goufen ënnerholl. De fréiere Buergermeeschter huet demissionéiert. Déi nei Buergermeeschtesch an de Schäfferot hunn, wéi mir jo gefuerdert hunn, déi ganz Saach beschtméiglech opgekläert a fir Transparenz gesuergt. Si hu Mataarbechter geruff, déi zur Opklärung konnte bäidroen an all d’Piëcen an deem Sënn nogekuckt. An, wéi et richteg ass, natierlech och alles weider un d’Police judiciaire ginn, déi jo elo hei enquêtéiert.

Elo musse mer ofwaarden, wat um Geriicht erauskënnt. D’Affär läit elo bei der Justiz, well si si kompetent an där Matière. Dat gëtt an den Erklärungen hei am Dossier an deem Sënn esou ugefouert. Soudatt mir d’Konten, mat der Stellungnam vun der Madamm Buergermeeschter an dem Schäfferot, esou matstëmmen.

Wichtig an deem Kontext ass ze soen, datt elo no vir gekuckt gëtt a vill Saachen en place gesat ginn, mat Opposition a Majoritéit, fir datt an Zukunft esou Saachen net méi kënne virkommen. Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Hartung. Här Meisch, wannechgelift.

---

## **FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Well elo decidéiert gouf, datt separat ofgestëmmt gëtt, fällt eise Vott beim Compte administratif natierlech e bëssen anescht aus.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Okay. Merci, Här Meisch. Da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen, Här Krecké.

---

## **GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Mir fänke mam Compte administratif un, alphabetesch. Et ass dee vum Schäfferot, wuelverstanen.

---

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui et 8 voix non d’arrêter provisoirement les comptes administratifs de l’exercice 2018.*

---

Deen zweete Vott ass de Compte de gestion vum Receveur.

---

*Le conseil communal décide à l’unanimité d’arrêter provisoirement les comptes de gestion de l’exercice 2018.*

---

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da soen ech Iech villmools merci. Mir kommen zum nächste Punkt. Do geet et ëm eng Konventioun mat der Creos. An ech ginn der Madamm Pregno direkt d’Wuert.

**JERRY HARTUNG (CSV)** *tient à remercier les collaborateurs gérant les comptes pour leur bon travail. Vu l’ampleur du budget, il est normal que l’une ou l’autre petite erreur se produise.*

*En revanche, que des travaux aient été réalisés sans autorisation est beaucoup plus grave. C’est regrettable.*

*Entretemps, des mesures ont été prises. L’ancien bourgmestre a démissionné. La nouvelle bourgmestre et le collège échevinal ont l’intention de clarifier la situation. Ils ont entendu les collaborateurs susceptibles d’avoir des informations et ont vérifié toutes les pièces. Ils ont remis les documents demandés à la police judiciaire, qui mène l’enquête.*

*Il ne reste plus qu’à attendre ce que le tribunal décidera. La justice est compétente en la matière. C’est ce qu’explique le collège échevinal. Le CSV approuvera les comptes.*

*Pour Jerry Hartung, il est important d’aller de l’avant. La majorité et l’opposition doivent mettre en place des mesures pour que ces choses ne se reproduisent pas à l’avenir.*

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *précise que puisque les votes seront séparés, les démocrates ont changé d’avis concernant le compte administratif. (Votes)*

---

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passé à une convention avec Creos et cède la parole à madame Pregno.*

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *précise qu'il s'agit d'une servitude. La commune profite des travaux de rénovation du Bock pour déplacer le transformateur. Actuellement, il se trouve dans l'enceinte de l'école. Il sera déplacé à côté de l'abri pour vélos.*  
(Vote)

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passé à un espace au 1535°. Le contrat du locataire devait entrer en vigueur le 1<sup>er</sup> avril 2020. Le locataire avait besoin d'une autorisation du ministère de la Santé, qui n'est pas arrivée à cause du confinement.*

*La surface concernée est de 94,5 m<sup>2</sup> dans le bâtiment A. Il est question de Moonlight Tattoo Studio.*

*Christiane Brassel-Rausch ne sait pas si les tatoueurs peuvent recommencer à travailler lundi. Le collège échevinal attend les directives du gouvernement.*

(Vote)

*Christiane Brassel-Rausch passe à un terrain d'un centiare dans la rue Pierre-Gansen à Niederkorn. Les conseillers communaux disposent du plan.*

(Vote)

*Christiane Brassel-Rausch passe à la carte des zones inondables et à la carte des risques d'inondation de 2019.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *précise que les cartes en question ont été publiées en 2016 par l'Administration de l'environnement. La version des conseillers communaux est actualisée.*

*L'objectif est de gérer de manière plus efficace les risques liés aux inondations pour les hommes, l'environnement et les infrastructures. Tous les six ans, on réalise une évaluation des risques, puis on met en place une cartographie et finalement on rédige un plan de gestion des risques.*

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et geet ëm eng Konventioun, eng Servitude mat der Creos. Wou et esou ass, dass am Kader vun der Renovatioun vum Bock, direkt dovun profitéiert gëtt, fir den Traffo, dee sech aktuell nach an der Schoul Um Bock befënnt, erauszuhuelen. Dee géif dann an en Haischen ausserhalb vun der Schoul, nieft den Abri vélos kommen. Lo si se all fort.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ass dozou eng Wuertmeldung? Wa keng Wuertmeldung dozou ass, da komme mer direkt zum Vott. Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de servitude du 25 mars 2020 avec la SA Creos Luxembourg.*

Da si mer scho beim nächste Punkt. Dat ass jo super, wéi dat elo geet. Hei geet et ëm en Espace am 1535°. Dem Här säi Kontrakt sollt den 1. Abrëll 2020 ufänken. An en hat Pech, de Mann, well en huet nämlech nach op d'Autorisatioun vun der Santé gewaart. An elo ass en natierlech voll an de Confinement gefall. Et geet ëm eng Surface vu 94,5 m<sup>2</sup> am Bâtiment A, an et ass de Moonlight Tattoo Studio. Ech wollt froen, ob Der Äre Jo dozou gitt.

Anscheinend dierfen d'Tatoueurs och e Méindeg ufänken? Dierfen déi e Méindeg ufänken? D'Coifferen däerfe jo mol ufänken. Do waarde mer nach op d'Direktiven. Och nach vun der Regierung. Däerfe se ufänken? Ass et definitiv? Ma da kéint e jo e Méindeg ufänken, de Jong.

Wa keng Wuertmeldung dozou ass, da gi mer zum Vott iwwer.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail au 1535° Creative Hub avec Flyindustries (Moonlight Tattoo Studio).*

Villmools merci. Am nächste Punkt geet et ëm en Zentiar, dat heescht e Meterkaree. An Dir hutt gemierkt, léif Leit aus dem Gemengerot, dass mer Iech e Plang dobäigeluecht hunn. Dass Der gesitt, ëm wat et geet.

(Ënnerbriechung)

Et geet ëm eng Parzell Zentiar an der Rue Pierre Gansen zu Nidderkuer. Ech wier frou, wa mer dat kéinte stëmmen. Wa keng Wuertmeldung dozou ass, géife mer direkt zum Vott iwwergoen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente du 1<sup>er</sup> avril 2020 portant sur une parcelle d'un centiare au lieudit « Rue Pierre-Gansen » à Niederkorn.*

Villmools merci. Elo komme mer zum nächste Punkt. Madamm Pregno, ech mengen et geet ëm Iech, et geet ëm d'Cartes des zones inondables et cartes des risques d'inondation vun 2019.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et geet hei ëm eng Stellungnam, déi d'Gemeng zu dëse Kaarte vun de Zones inondables a vum Risk vun der Inondatioun muss erausginn. Déi Kaarte sinn an engem Projet vun der Ëmweltverwaltung eng éischte Kéier 2016 erauskomm. Dëst ass eng aktualiséiert Versioun.

Et geet drëms, fir d'Gestioun vum Risiko souwuel fir d'Mënschen, d'Ëmwelt, d'Infrastrukturen an all Bien an der Gestioun vum Héichwaasser besser ze geréieren. Déi Aarbecht gëtt an Zyklusse vu sechs Joer gemaach. Fir d'éischt gëtt eng Evaluatioun vum Risiko gemaach, duerno eng Kartografie an dann e Plang vun der Gestioun vum Risiko.

Mir befannen eis lo hei an enger Reevaluatioun vun deem zweeten Zyklus. Wou d'Cruë vun zéng Joer, vun honnert Joer respektiv Extreemsituatiounen solle betruuecht ginn.



## 6. Zones inondables

Wann der Iech d'Stellungnam ukuckt, déi mer do ausgeschafft hunn, da gesitt Der dräi Gebidder, wou d'Kuer iwwert d'Ufer kann eraustrieden. Eng Kéier südlech vun der Kuer, dat si just Felder, wou also kee Risiko fir de Mënsch besteet. Dann eng Kéier westlech dovunner, deels an der Rue des Champs. An en Deel, wou Bauland am neie PAG beträff ass. Do ass et awer esou, dass dat eng Sträif hannen an de Gäert ass. Dat heescht, wou héchstens kéint e Gaardenhaische gebaut ginn, mat den néidegen Autorisatiounen.

De PAG gesäit eng Bande vir vun zéng Meter, wou een do net dierf bauen. Fir einfach dem Waasserlaf deen néidege Moyen ze ginn, ze debordéieren. Wat fir d'Ëmwelt ganz wichteg ass.

An dann en drëtten Beräich, dee sech am Parc de la Chiers um Plateau Funiculaire befënnt, wou effektiv scho bei Héichwaasser d'Kuer iwwergetrueden ass an Deeler vum provisoireschen Lycée, de Keller do iwwerschwemmt hat. Wat awer drop zrëckzeféieren ass, dass dee Moment d'Pompel an d'Retentiounsbecken nach net richteg a Betrib waren. Am neie Lycée ass elo dofir gesuergt, dass do déi néideg Schutzmoossname getraff ginn.

Wat mer als Gemeng e bësse bedauern, dat ass, dass d'Crosnière an dësem Kaart net mat opgegraff ginn ass. Mir verstinn dat net richteg. Ass dat vläicht, well dat deen eenzege Floss ass vu Lëtzebuerg, deen net an deen nämmlechen Bassin versant fléisst? Oder ass deen iergendwéi einfach just echappéiert? Awer fir eis als Gemeng wär et interessant gewiescht, wéi wäit d'Crosnière, wa se iwwertrëtt, kann iwwertrieden. Wat do ugeduecht ass. An awéiwäit dat historesch Gebaier zu Lasauvage kéint betreffen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauscheren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmoos merci, Madamm Pregno. Den Här Goffinet huet sech gemellt.

---

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Kritt Der mech mat? Tipptopp.

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, laut dem Bréif vun der Ministesch, hu se sech zu Déifferdeng nawell gutt Zäit geholl. Wéi ech dat gesinn, gouf et e Grond fir déi aacht Méint Verspéidung?

Ech hätt e puer Froen: Ware Beanstandungen vun den Déifferdenger Bierger um Ministère oder hei op der Gemeng erakomm? Nee. Geet dat iwwerhaapt? Déi zweet Saach: Déi Stellungnam iwwert d'Héichwaasserrisiko hei am Dossier, vu wem ass déi? Do steet just einfach „Gemeinde Differdingen“, an ennen ass och näischt signéiert. Do wier ech nawell frou, wann dat an enger flotter, vläicht e bësse méi professioneller Form vläicht, géif geschriwwen ginn. Merci. Dat wier et gewiescht.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Goffinet. Här Liesch, wannechgelift.

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Mir wollten ennersträichen, dass et interessant ass, dass mer esou Kaarten hunn, wou mer gesinn, wou eis Gemeng beträff ass bei Héichwaasser. Well dat wäerten Zenarie sinn, déi mer leider an deenen nächste Jore méi erliewen. Dat wat mer viru gutt annerhallwem Joer um Fousbann erlieft hunn, wäert sech warscheinlech an deenen nächste Joren, mam Klimawandel, nach vermehren. Duerfir ass et scho wichteg, esou Kaarten ze hunn.

An ëmsou méi wichteg ennersträiche mer dat, wat d'Madamm Pregno gesot huet, dass mer fir d'Crosnière op jidde Fall dat selwecht brauchen. Well Lasauvage ass do ganz sécher beträff. Eleng wann ee weess, dass déi ganz Crosnière zu engem Deel an engem Kanal läit, deen nach gemauert gouf, also mat Steng gemauert gouf. A wann een nëmme bedenkt, dass dee Kanal relativ kleng ass a bei normal staarkem Ree scho bis uewenhinner voll ass, da wëll ech net wëssen, wann eng Kéier wier-

Actuellement, c'est au tour de la cartographie, qui doit tenir compte de situations extrêmes comme des crues décennales ou centenaires.

D'après les plans, la Chiers peut déborder à trois endroits: au sud dans des champs, à l'ouest dans la rue des Champs et les terrains constructibles prévus dans le nouveau PAG, et dans le parc de la Chiers. La cave du lycée provisoire a d'ailleurs déjà été inondée. Mais la pompe et le bassin de rétention n'étaient pas encore en fonction.

Laura Pregno regrette que la Crosnière ne soit pas reprise sur la carte. Elle se demande pourquoi. En tout cas, il aurait été intéressant pour la Ville de Differdange de savoir où et comment la Crosnière peut déborder et si les monuments historiques de Lasauvage sont en danger.

---

**SERGE GOFFINET (LSAP)** constate que d'après le ministère, Differdange a pris son temps. Comment ces huit mois de retard s'expliquent-ils?

Les citoyens differdangeois ont-ils réclamé auprès de la commune ou du ministère?

Qui a pris position quant au danger d'inondation dans le dossier? Seule la « commune de Differdange » est mentionnée sans signature. Serge Goffinet estime que cette prise de position devrait être faite de manière plus chouette et surtout plus professionnelle.

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)**

trouve intéressant que la commune dispose de cartes sur les crues. Car au cours des prochaines années, il risque d'y avoir des inondations. Les inondations du Fousbann il y a un an et demi n'étaient qu'un prélude de ce qui va arriver avec le changement climatique.

Comme l'a dit madame Pregno, Differdange a aussi besoin de cartes pour la Crosnière. Cela concerne Lasauvage. La Crosnière coule en partie dans un canal qui se remplit même quand il pleut normalement.

## 6. Zones inondables

*Le collègue échevinal ferait bien d'écrire au ministère pour demander une carte de Lasauvage.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*répond que cette remarque figure dans l'avis et qu'on en tiendra compte.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**

*ne peut pas se taire quand il est question d'environnement.*

*Ces cartes doivent être intégrées dans le PAG. Frenz Schwachtgen a-t-il bien compris monsieur Liesch? Le PAG prévoit-il une bande de protection le long des rivières et ruisseaux? L'Administration de la gestion des eaux demande un espace de dix mètres — et parfois davantage. En tant que président de la commission de l'environnement, il se réjouit que le PAG prévoie cet espace.*

*À Lasauvage, il existe déjà des constructions illégales au bord de la rivière. À l'avenir, il faudra veiller à interdire ces constructions et faire aussi en sorte que des voitures ne soient garées sur les berges. La protection des cours d'eau est importante dans la commune, particulièrement à Lasauvage.*

*Certains bâtiments d'Arcelor ont été construits au bord de la Chiers. Si pour une raison ou une autre ces bâtiments devaient être démolis, la commune doit veiller à disposer d'une base légale pour renaturer la Chiers. Monsieur Liesch pourrait-il expliquer au conseil communal ce que dit le PAG?*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)**

*répète que la Chiers est un ruisseau important pour Differdange.*

*Elle se souvient du temps où elle était enfant, puis adolescente. La Chiers coulait entre Niederkorn et Sanem. Elle y jouait souvent avec d'autres enfants.*

*Ensuite, les constructions ont pris le dessus. L'ARBED a construit une grande halle dans le Haneboesch.*

*Christiane Saeul espère qu'à l'avenir, la Chiers pourra à nouveau circuler plus librement.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)**

*précise que le PAG prévoit des zones de protection de vingt mètres le long de la Chiers — particulière-*

*ment en Héichwaasserproblem do ass, wéi et dann zu Lasauvage ausgesäit.*

Mir bräichten hei onbedéngt vun der Verwaltung och esou eng Kaart vu Lasauvage a wäre frou, wann de Schäferot do nach eng Kéier géif e Bréif maachen un de Ministère, fir dat nach eng Kéier anzefuerderen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Souwäit ech informéiert sinn, ass et am Avis dran, dass et soll berécksiichtegt ginn.

Villmools merci, Här Liesch. Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Den Här Schwachtgen huet d'Hand gewisen.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Bei esou Ëmweltsaache kann ech einfach de Mond net halen. Dofir mellen ech mech nach eng Kéier. Déi Kaarten, déi beinhalte méi Jore Planung an engem PAG.

Souwäit ech verstanen hat, ech muss do den Här Liesch froen: Ass an eise PAG virgesinn, dass en Ofstand zu enger Baach oder zu engem Floss verankert gëtt an Zukunft? Well déi verschidde Ministère an d'AGE, also d'Administration de la gestion de l'eau, déi ginn dervun aus, dass do weinstens en Espace vun zéng Meter net bebaubar soll sinn. Heiansdo souguer méi wäit, wéi dat dann eeben ass. An dass dat onbedéngt dann ... Wann dat an eise PAG esou dran ass, sinn ech ganz zefriden. An ech schwätzen elo am Numm als President vun der Ëmweltkommissioun, dass dat wierklech en Espace ass, dee mer brauchen.

D'selwecht, do kommen ech op Lasauvage zrëck, hu mer Bebauungen, aktuell schonn, am Randberäich, illegaler zwar. An et muss ee kucken, dass do op kee Fall nach weider gebaut gëtt respektiv Bergé mat Autoen zougeparkt ginn, wou d'Pneuen heiansdo bis bal an d'Waasser ginn. Dass de Gewässerschutz ganz seriö geholl gëtt. Dat gëllt och fir aner Plazen an der Gemeng. Mee ech mengen, grad Lasauvage ass betraff dervun.

Och wann ech Arcelor uschwätzen, si ganz vill Gebailechkeete vun der aler Arcelor, vun der Hadir schonn, déi bis an d'Chiers oder bis iwwert d'Chiers gebaut si ginn deemools. An et muss ee kucken, wann am Zuch vun enger Rekonversioun iergendwann eng Kéier gesot gëtt, mir rappen dat of oder dat gëtt ëmgebaut oder hei oder do, dass mer eng legal Basis hunn, fir d'Kor an deene Beräicher erëm kënnen erauszeleeë respektiv ze renaturéieren.

Den Här Liesch kann eis do vläicht soen, wat an eise aktuelle PAG, oder an engem neie PAG, virgesinn ass. Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech géif mech dem Här Schwachtgen uschléissen. D'Kor ass eng ganz wichteg Baach fir d'Gemeng Déifferdeng. Ech géif op déi Zäit zrëckgoen, wou ech e Kommionskand oder Teenager war. Do ass op der Grenz tëschent Suessem an do, wou ech gewunnt hunn, tëschent Nidderkuer a Suessem, d'Kor gelaf. Mir hu ganz, ganz vill do gespillt als Kanner, déi ganz Kanner aus där Géigend. An dunn ass et effektiv Moud ginn, d'Baue war méi wichteg. Do ass ë. a. vun der ARBED eng ganz grouss Hal an den Haneboesch gebaut ginn. An dat ass elo alles zou. Et géif mer immens Freed maachen, wann dorénavant vläicht méi dorop géif opgepasst ginn, fir d'Kor méi fräi ze loossen. Ech soe merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Saeul. Da ginn ech d'Wuert un den Här Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech ka just déi Prezisioun ginn: Et ass am neie PAG. Mee ech mengen, d'Conseillere wëssen dat. Mer hu jo laanscht

## 6. Zones inondables / 7. Office social

d’Kor, a speziell vum Ratterm erof, laanscht déi kleng Baachen, déi herno an d’Kor féieren, iwwerall déi Zones de protection gemaach vun 20 Meter op all Säit, wou näischt därerf gebaut ginn. Dorop ass opgepasst ginn. An do där-fen och soss keng Aktivitéite stattfan-nen. Do ass am neie PAG op jidde Fall drop opgepasst ginn.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Liesch.

---

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Pregno, wannechgelift.

---

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll op d’Fro vum Här Goffinet äntwerten. Et ass eng Stellungnam, déi vun eise Service technique redigéiert ginn ass, déi elo hei vum Gemengerot misst approvéeiert ginn. An am Numm vum Gemengerot duerno un d’Ëmwelt-verwaltung géif geschéckt ginn. Dohier dann och keng Signature drop.

---

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Okay, merci. Da weess ech Bescheid. A firwat déi aacht Méint?

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech erlabe mer virauszeschécken, dass ee sech dat vläicht ka virstellen: Ech hat net alles direkt am Grëff. An et ass zu engem Deel op eemol am ganzen Trou-blement vergiess ginn. Iergendwann war et vergiess.

---

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Dat ass eng éierlech Erklärung. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wa keng Wuertmeldung méi dozou ass, komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l’unanimité d’émettre un avis communal concernant le projet des cartes des zones inondables et des cartes des risques d’inondation 2019.*

---

Villmools merci. De Punkt siwen, dat ass éischer eng Formalitéit. Ech géif dofir d’Wuert un den Här Mangen ginn.

---

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Jo, eng Formalitéit. Wéi och bei der Gemeng, ginn déi finanziell Volet vum Office social vum Ministère de l’Intérieur kontrolléiert. D’Ënnerlage beleen, datt näischt un der finanzieller Gestoun ze beanstanden ass. Lee-deglech ass de Bericht ze spët agereecht ginn. Dee liichte Retard berout op engem techneschen, interne Problem, dee mir an Zukunft versichen ze behie-wen.

Ech wëll hei merci soen, dem Receveur a senger Ekip. Virun allem dem Rece-veur vun der Gemeng, dee sech och um finanzielle Volet vum Office social bedeelegt an dat niewent senger Aarbecht op der Gemeng ausféiert. An dat, wéi de Bericht dat beleet, an enger gudder Aart a Weis, ouni Problem.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Mangen. Gëtt et eng Wuertmeldung? Madamm Saeul, wannechgelift.

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. De Bilan an de Compte de profits et pertes 2018 vum Déifferdenger Office social läit dem Gemengerot haut zur Ofstëmmung vir. D’Iwwerpräiwung

ment au Ratterm le long des ruis-seaux. On ne peut rien y construire. On ne peut pas non plus y organi-ser des activités.

---

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**

remercie monsieur Liesch pour ce complément d’information.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)**

re-vient sur la question de monsieur Goffinet. La prise de position a été rédigée par le service technique et doit être approuvée par le conseil communal. Ensuite, elle sera en-voyée à l’Administration de l’envi-ronnement.

---

**SERGE GOFFINET (LSAP)**

remercie madame Pregno pour la réponse. Il demande à nouveau pourquoi la commune a eu besoin de huit mois.

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

suppose que les conseillers commu-naux s’en doutent. Elle ne maitri-sait pas encore tous les dossiers. Celui-ci a été oublié.

---

**SERGE GOFFINET (LSAP)**

remercie madame Brassel-Rausch pour sa réponse honnête.

(Vote)

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

passé au point 7, une formalité.

---

**ROBERT MANGEN (CSV)**

explique que le volet économique de l’office social est contrôlé par le ministère de l’Intérieur. Celui-ci n’a rien à re-dire à la gestion financière. Il se borne à remarquer que le rapport a été remis avec du retard. Ce retard s’explique par un problème tech-nique interne ayant été résolu en-tretemps.

Robert Mangen remercie le rece-veur et son équipe pour son travail bien fait au service de l’office so-cial.

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP)**

constate à son tour que l’avis du ministère de l’Intérieur est positif. À l’avenir, l’office social tiendra compte de la remarque du ministère concernant le retard dans la remise du dossier. Christiane Saeul remercie l’équipe du conseil d’administration pour son travail compétent.



# 7. Office social / 8a. Allocation de solidarité

*De nombreux changements attendent l'office social avec la pandémie de COVID-19. Quelques entreprises ont recommencé à travailler la semaine dernière. Les petites et moyennes entreprises ainsi que les commerces sont encore fermés. Or ils ne disposent pas toujours de réserves importantes.*

*Hier, le Premier ministre, monsieur Bettel, a annoncé la deuxième phase de déconfinement. Mais on ne peut pas exclure qu'une partie des PME ne puissent plus rouvrir leurs portes.*

*Le gouvernement craint par ailleurs une crise économique après la crise sanitaire. Le chômage en Europe pourrait grimper à plus de 10 %. Cela aura un impact sur l'office social même si Christiane Saeul veut se montrer positive.*

*Les démocrates approuveront le bilan et le compte des profits et pertes 2018 de l'office social. Christiane Saeul constate que les gens semblent plus serviables désormais.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** répète que le ministère n'a pas fait de remarques mis à part le fait que le dossier a été envoyé avec du retard. Monsieur Mangen a fourni une explication.

*Serge Goffinet remercie à son tour le receveur et son équipe — en particulier les deux personnes responsables de la facturation de l'office social. Ils ont réalisé un travail formidable et ils sont disponibles dès que l'on a besoin d'eux.*

*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** passe à l'augmentation de l'allocation de solidarité.

**ROBERT MANGEN (CSV)** rappelle que cette allocation est une aide de l'office social de la commune pour les concitoyens défavorisés. En ce moment, elle est importante, car beaucoup de personnes risquent de se retrouver en difficulté à cause de la crise sanitaire.

vum Inneministère ass en Okay. D'Keess ass bestätegt ginn. Zu der Remark, dass de Bilan 2018 ze spéit um Ministère ukomm ass, dëst gëtt natierlech an Zukunft respektéiert. Merci, wéi all Joer, dem Staff mat sengem Conseil d'administration fir déi kompetent Aarbecht.

Wënsche weiderhin eng gutt Zesummenaarbecht, well vill Changementer wäerten op den Office an eis duerkommen an dëser Pandemie vum Covid-19. D'Wirtschaft louch elo e puer Woche laang brooch. Déi éischt Betriber konnte säit leschter Woch erëm schaffen. Zou sinn nach ëmmer déi Kleng- a Mëttelbetriber ewéi d'Commercen an den Artisanat. Dës sinn oft méi vulnerabel Betriber. Meeschtens mat kenge grouss Reserven, am orangé Beräich.

Gëschter hunn eise Premier, den Här Bettel, an d'Madamm Ministesch Lenert, déi zweet Phas vum Deconfinement fir e Méindeg, den 11. Mee ugekënnegt. Wann dës Betriber erëm dierfen opmaachen, ass de Budget bei verschiddener, zum Beispill déi, déi viru Kuerzem nei ugefaangen hunn ... An et ass net auszuschléissen, dass verschidde vun dëse PMEen hir Dieren net méi opmaachen oder en Astellungsstopp fir déi nächst Zäit hunn.

En plus schwätzt eis Regierung vun enger méiglecher Wirtschaftskris no dëser Covid-19-Kris, op déi mer eis mussen virbereeden. Mat engem weideren Impakt op de Chômage, deen dann europawäit iwwer 10 % soll steigen. Dëst wäert natierlech an Zukunft e weideren Impakt op den Office social hunn. Ech wëll net ze negativ sinn an d'Hoffnung hunn, dass d'Kris, an där mer eis am Moment befannen, méi e positivt Enn fënnt.

Ech soe merci fir d'Nolauschteren. D'Demokratesch Partei stëmmt dës Bilan a Compte de profits et pertes 2018 vum Office social. Wollt awer nach bemierken, dass d'Leit elo an dëser Zäit méi hëllefsbereet sinn zuenanner. Ech soe merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Saeul. Den Här Goffinet, wannechgelift.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, souwäit ech gesinn, ass zum Bilan vum Office social vun Déifferdeng keng Beanstandung vum Ministère erakomm. Et gouf just déi Beanstandung, dass e warscheinlech e bëssen ze spéit erakomm ass. Den Här Mangen huet eis grad déi néideg Erklärung derzou ginn.

Ech wëll och, wéi jiddwer Spriecher viru mir, dem Receveur a senger Ekip, also deenen zwee Leit, déi fir d'Facturation vum OS op der Gemeng zoustänneg sinn, villmools merci soe fir hir formidable a genee Aarbecht, déi se ëmmer erëm leeschten. An ëmmer, wann een Hëllef bei hinne gebraucht huet oder brauch, fir een do sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Goffinet. Ech denken, mir kënnen zum Vott iwwergoen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le bilan et compte de profits et pertes 2018 de l'office social de Differdange.*

Villmools merci. De Punkt 8 ass d'Augmentatioun vum Prozentsaz vun der Allocation de solidarité. Dat ass déi Allocatioun vun de Gemenge par rapport zu der Allocation de vie chère, déi jo vum Staat ass. Mir haten d'lescht Joer e Prozentsaz gewielt, fir ze kucken, wat déi Ännerung géif mat sech bréngen. A mir hate gesot, mir géifen dat no engem Joer erëm op de Leescht huelen, fir ze kucken, ob et duergeet an ob mer müssen upassen an esou virun an esou weider. Här Mangen, lo si mer op deem Punkt, wou mer dat iwwerpréift hunn, mat den néidegen Donnéeën.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dës Allocatioun ass eng Hëllef vum Office social an der Gemeng fir déi

## 8a. Allocation de solidarité

defavoriséiert Matbiergerinnen a Matbierger an eiser Gemeng. An dëser Zäit ass dës Allocatioun sécherlech sënnavoll fir eis Matbierger. Dëst ass net déi eenzeg Hëllef, déi mir als Office social de Leit ginn. Et wäerte warscheinlech vill Leit elo an d'Laberente kommen duerch déi Covid-Kris. Do gëtt et nach aner Méiglechkeeten, fir vum Office social gehollef ze kréien.

Wann Nout um Mann ass, da sollen d'Leit sech mellen. Keng Honte hunn, fir dohinnerzegoen. Déi sinn do, fir ze hëllefen. Dat soll een an Usproch huelen, relativ fréi. Net ze laang waarden, bis dass d'Problemer ze grouss sinn. Wann d'Kand am Pëtz läit, ass et oft ze spët. Oder et gëtt vill méi deier, fir de Leit ze hëllefen. Dofir: Wa Problemer sinn, da mellst Iech direkt am Office social.

Fréier ass vu Grompergeld geschwat ginn, wat just un d'Rentner a Leit mat enger Invalidérent ausbezuelte gouf. No 2007 hu mir als Gemeng dës finanziell Hëllef zougängelech gemaach fir all Awunner an eiser Gemeng. No enger bestëmmter Tabell, ofhängeg vun der Revenue vun deene jeeweilege Ménages oder Familljen.

An Ären Ënnerlagen hutt Dir eng Grafik iwwert de Verlaf vun der Unzuel vun den Demanden an de Montant, deen ausbezuelte gouf iwwert déi lescht 20 Joer. Virun 2007, also dat war nach dat aalt Grompergeld fir d'Rentner, do hate mir am Schnëtt 160 bis 200 Demanden, mat engem Montant tëschent 36.000 a 50.000 Euro, deen ausbezuelte gouf. No 2007 ass déi Kurv an d'Luucht gaangen, a mir hunn am Schnëtt 900 bis 950 Demanden gehat an e Montant tëschent 350.000 a 400.000 Euro ausbezuelte.

Et ass vläicht interessant, fir déi Grafik eventuell herno am Bericht matzedrécken.

No där aler Berechnungsmethod huet ee misse vum 1. Januar u schonns an der Gemeng gewonnen hunn. D'Demanden sinn ëmmer déi dräi lescht Méint am Joer traitéiert ginn. De Contrôle vun der Revenue vun der Leit war schwier, do war een op d'Éierlechkeet vun der Leit ugewisen. D'autant plus, datt virun allem déi dräi lescht Méint considéiert gi sinn, wat d'Leit

vu Revenuen haten, ass heiansdo e bësse geschummelt ginn, datt déi dräi lescht Méint net vill Revenu erakoum, fir dann eng relativ héich Allocatioun erauszéien.

Dofir hate mir am Gemengerot dat lescht Joer decidéiert, ee méi einfache System anzeféieren, deen erlaabt d'Hëllef méi schnell ausbezuolen, ouni deen néidegen opwennegen administrative Wee. Andeem mir eis un de Montant vun der staatlecher Hëllef, der Allocation de vie chère, orientéieren.

Den Zentralstaat mécht déi néideg Kontrollen. Um Montant, dee si bezuelen, bezuele mir als Gemeng 15 % drop. Duerch dës Ëmstellung war et kloer, datt verschidde Leit kéinte benodelegt ginn a manner Hëllef kréie wéi déi Jore virun, no ons üblecher Tabell. Dofir hate mir am Gemengerot festgehalen, datt mer déi Differenz, déi zwëscht deenen zwee ausbezuelte Berechnungsmodusse géif optrieden, ausbezuelen.

Ier ech op dës Analys kommen, géif ech eng wichteg Informatioun mat op de Wee ginn. Laut dem Fonds national de solidarité kréien zu Déifferdeng 1.800 Persounen eng staatlech Hëllef am Sënn vun der Allocation de vie chère. Vun dësen 1.800 Leit, dat sinn ongeféier 3,52 Milliounen, déi do ausbezuelte ginn, hu sech der awer nëmmen 942 am Office social gemellt. Also knapp 51 %. Firwat sech 49 % net gemellt hunn, ass net bekannt.

Mir schloen hei vir, méi informativ Publicitéit am Magazin an op onsen digitale Plattformen ze maachen, fir d'Leit ze sensibiliséieren. Och méi d'Senioren anzebannen. Well vill vun hinnen, hu mer den Androck, hunn sech net gemellt.

An da wëlle mer och d'Formularen op digital Aart a Weis hunn. Datt d'Leit sech kënnen digital umellen, fir déi Hëllef ze kréien. Et ass heiansdo vläicht eng Hemmschwel do, wou Leit soen, ech ginn elo net an den Office social, fir eng Hëllef ze froen, datt kee gesäit, datt ech dohinnerginn. Dat anert wär vläicht méi en einfache Wee, datt d'Leit sech kéinten zousätzlech mellen.

Komme mer elo zur Analys vun der Allocatioun vun 2019. Wéi erwänt, hu

L'office social propose aussi d'autres formes d'aide. Ceux qui en ont besoin ne doivent pas éprouver de honte. Ils doivent s'adresser à l'office social le plus vite possible, car en général, les aider revient plus cher avec le temps.

Jadis, l'allocation s'appelait « Grompergeld » et était versée aux retraités et aux personnes touchant une pension d'invalidité. Depuis 2007, tous les Differdangeois peuvent en profiter. Le montant est calculé sur la base du revenu des ménages concernés.

Les conseillers communaux disposent d'un graphique reprenant le nombre de demandes et les montants versés au cours des vingt dernières années. Avant 2007, il s'agissait de 160 à 200 demandes et de 36 000 € à 50 000 €. Désormais, ce sont 900 à 950 demandes pour 350 000 € à 400 000 €.

Avant, il fallait avoir emménagé à Differdange avant le 1<sup>er</sup> janvier et les demandes étaient traitées les trois derniers mois. Le contrôle des revenus était difficile à réaliser et la commune devait faire confiance aux gens. Comme le calcul se basait sur les trois derniers mois, certains demandeurs s'arrangeaient pour maintenir leurs revenus bas.

L'année dernière, le conseil communal a décidé de réduire la charge administrative en basant l'allocation de solidarité sur l'allocation de vie chère de l'État. Celui-ci effectue les contrôles et la commune verse une somme s'élevant à 15 % de l'aide nationale. Comme certaines personnes allaient toucher moins qu'avant, le conseil communal avait décidé de combler la différence.

Selon le Fonds national de solidarité, 1800 personnes touchent l'allocation de vie chère. Ces 1800 personnes touchent 3,52 millions d'euros. Neuf-cent-quarante-deux de ces demandeurs se sont adressés à l'office social, c'est-à-dire 51 %.

Robert Mangen propose de revenir sur l'allocation de solidarité dans le magazine et sur les plateformes digitales. Les gens doivent par ailleurs pouvoir faire leurs demandes en ligne, car certains sont gênés d'aller à l'office social.

Robert Mangen répète que 952 personnes ont fait une demande à

*l'office social. Trois-cent-quarante-cinq-mille euros ont été versés. Quatre-cent-soixante-et-une personnes ont touché moins que les années précédentes, c'est-à-dire une moins-value d'un à cinq-cents euros. Cela représente environ quatre-vingt-huit-mille euros en tout.*

*Cet argent a finalement été versé aux demandeurs, car le conseil communal avait décidé de payer la différence. Les personnes concernées étaient surtout des personnes seules touchant le RMG.*

*Le dossier des conseillers communaux contient des graphiques avec des simulations. Si toutes les personnes concernées avaient adressé une demande, le montant total de l'allocation se serait élevé à 488 000 €.*

*L'office social propose de hausser le taux à 25 % de l'allocation de vie chère. Deux-cent-quarante personnes toucheraient moins que l'année dernière, ce qui représenterait 29 000 €. Si 1 800 personnes déposaient une demande, le montant total s'élèverait à 813 000 €.*

*Les personnes touchant une allocation de solidarité moins élevée peuvent aussi recourir à d'autres aides de l'office social.*

*Le nouveau système représente une simplification administrative pour l'office social et un contrôle plus efficace des aides distribuées. Les demandeurs ne doivent plus habiter à Differdange depuis le 1<sup>er</sup> janvier. L'allocation leur est versée rapidement et non plus à la fin de l'année. L'allocation de solidarité est versée par la commune. Si le demandeur a une dette envers la commune, le receveur retranchera le montant de la dette.*

*L'office social suggère par ailleurs de prévoir un montant supplémentaire pour les enfants, mais cela compliquerait les calculs. Le collègue échevin a aussi décidé de ne pas indexer l'allocation de solidarité.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** remercie monsieur Mangen pour ses explications.

*Les socialistes saluent l'augmentation du taux de 15 % à 25 %. En situation de crise, l'aide permet à certains de joindre les deux bouts.*

sech 952 Leit am Office social gemellt, bei deenen e gesamte Montant vun 345.000 Euro ausbezuelt gouf. Vun deenen 942 Demandë krute 461 Leit manner wéi déi Jore virdrun. Mat awer engem ënnerschiddleche Montant, deen zwëschent 1 a 500 Euro läit. Déi gesamt Zuel, déi manner ausbezuelt gouf, mécht ongeféier ëm déi 88.000 Euro aus.

Et sief erwänt: Déi 88.000 Euro, déi net ausbezuelt gi sinn, opgrond vun där leschter Decisioun am Gemengerot, déi kruten d'Leit awer ausbezuelt. Well mer déi Differenz matbezuelt hunn. Déi, déi am meeschte verluer hunn, sinn Eenzelpersonen, eventuell och Leit mat RMG. Famillje mat Kanner ware manner defavoriséiert bei dësem Rechnungsmodus.

Et läit an den Ënnerlagen e Grafik vu Simulatiounen bäi, wéi mer do eventuell kéinte virgoen. An dëser Grafik vun de Simulatiounen gesitt Der, mat deenen 345.000 Euro si 15 % un Allocation de vie chère ausbezuelt ginn. Wann déi 1.800 méiglech Leit eng Demande agreecht hätten, wär de Montant op 488.000 Euro, mat 15 % an d'Luucht gaangen.

Den Office social schléit vir, de Prozentsaz op 25 % ze hiewen. Et bleiwen dann awer nach ëmmer 240 Leit, déi manner ausbezuelt kréien, mat awer nëmmen nach 29.000 Euro, déi do ausfallen. Wann een dësen Zenario op déi 1.800 méiglech Demandë géif oprechnen, wär de finale Montant, dee mer missten ausbezuelen, bei 813.000 Euro. Wat bal ongeféier 40 % méi ass wéi dat, wat mer bis elo ausbezuelen.

Déi Leit, déi elo ze wéineg kréie vun der Allocation de solidarité, kënnen awer op zousätzlech Hëllef vum Office social zrëckgräifen. Wou een dee Montant, deen do felt, kéint berengen. Dat, mengen ech, ass wichteg ze soen.

Zesumme faassend kann ee soen, deen neie System ass eng administrativ Vereinfachung fir den Office social. A warscheinlech eng méi gerecht Kontroll, déi mer hunn duerch de Fonds national, datt mer deene richtege Leit hëllefen.

D'Hëllef gëtt ausbezuelt d'ganz Joer iwwer. D'Leit mussen also net méi säit

dem 1. Januar an der Gemeng wunnen. Wa se an d'Gemeng plënnere, kënnen si direkt deen Dag duerno, wou se hei ugemellt ginn, d'Demande ufroen. Net wéi virdrun, wou se hu missen an der Gemeng vum 1. Januar u gewunnt hunn. Soubal d'Demande agreecht ass, gëtt direkt ausbezuelt. Si brauchen net ze waarden, wéi dat fréier de Fall war, op déi lescht zwee Méint vum Joer, wou se hunn dierfe kommen.

Nach eppes, wat ech soe wëll: Et muss een hei oppassen, et ass eng Hëllef, déi vun der Gemeng ausbezuelt gëtt. Wann elo eng Schold bei de Leit besteet, déi eng Demande gemaach hunn, wäert de Receveur déi Schold mat der Allocation verrechnen. Esou kann et heiansdo virkommen, datt d'Leit manner erauskréien, wéi se a sech zegutt hätten. Mee dat gëtt mat der Schold verrechnet. Dat ass e wichtige Punkt, deen ee muss erwänen.

Zum Schluss e puer Diskussionsureegungen a Virschléi vum Office social. Dat fannt Der och an den Ënnerlagen. An der Allocation de solidarité kéint een en zousätzleche Montant virgesi fir Kanner. Dat géif awer dann de Berechnungsmodus e bëssen erschwéieren.

Indexatioun vun der Allocation de solidarité, dat ass net ëmmer de Fall bei der Allocation de vie chère, wou déi indexéiert ass. De Schäfferot huet dës Variant net ugeholl. Mee ech mengen, de Gemengerot ass an där Saach souverän. An ech freeë mech op Är Proposen. Ech soen Iech merci fir d'Nolauscheren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Mangen. Den Här Goffinet méllt sech.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen, Dir Hären, éischtens emol villmools Merci dem Här Mangen fir seng gutt an éierlech Erklärung iwwer d'Vir- an d'Nodeeler, wat et an all System gëtt.

Mir als LSAP-Fraktioun begreifen dës Schrëtt vun enger Augmentatioun



vu 15 op 25 % vun der Allocation de solidarité. Besonnesch a Krisenzäiten, wéi elo, ass dëst eng kleng Hëllef, fir e bësse besser iwwert d'Ronnen ze kommen. Ech hat schonn d'lescht Joer bemierkt, dass et dëser Gemeng gutt zu Gesiicht géif stoen, fir de Prozentsaz ze hiewen. Ee Montant, deen de Schäfte-rot dem Gemengerot elo proposéiert.

Mir waren eis am Ufank net ganz eens. Doropshin hu mer e Kompromëss ausgeschafft an op d'Analys gewaart, fir da beim nächste Vott am Gemengerot eng Propos ze maachen an dee Prozentsaz dann och festzeleeën.

Duerch d'Gemegefinanzreform virun – wéi laang ass dat elo hier? – zwee Joer, huet Déifferdeng bal sechs Milliounen méi Einnahmen. An dat besonnesch duerch déi sozial Parameteren, déi et elo gétt zur Berechnung vun de Gemegefinanzen. Da solle mir deene Leit och eppes vun deene Suen zrëckginn. An eis och, wann et nëmme méiglech ass, bei Taxenerhéijungen, besonnesch bei deene Leit, zrëckhalen.

Elo zrëck zum Theema. Et ass eng gutt Saach, dass d'Allocation de solidarité zanter enger Zäit un d'Allocation de vie chère vum FNS gekoppelt ass. Duerch sinn d'Krittären elo ganz kloer an transparent. Deemno wéi, hu mer awer nach ëmmer Härtefäll, déi trotzdeem net ausbleiwen. Och do musse mer nach eng Léisung fannen.

Ech géif proposéieren, änlech wat den Här Mangel gesot huet, dass de Conseil vum Office social seng Verantwortung misst iwwerhuelen an iwwer festgeluechte Krittären deene Leit hëllefen. An d'Leit an dësen Zäiten encouragéieren, all Hëllef unzehuelen oder all Hëllef unzefroen, déi se nëmme kënnen ufroen, fir iwwert de Bierg ze kommen.

Ech wëll e puer Wuert zum Bilan an dësem Dossier soen. Et stellt ee fest, dass mir an enger Gesellschaft liewen, déi ëmmer méi an Aarmut fält, obwuel ëmmer méi Leit an Aarbecht sinn an ëmmer méi Räichtum geschaaft gétt. Et gétt vill driwwer geschwat, mee trotzdeem brénge mir et hei am Land net fäerdeg, dass jidderee convenabel mat senger Pai liewe kann.

D'Verdeelung vum Geld gétt ëmmer méi ongläich, an d'Aarmut ëmmer méi

grouss. An e puer Joren, wann et esou weidergeet, wäerte mir erëm mussen adaptéieren an dann op 30 % oder 40 % sinn. Wat bedeit, dass d'Leit alt erëm méi aarm gi sinn. A wann ech da vu ganz gescheite Käpp aus der Politik an aus der Wirtschaft nach héieren, dass an all Kris och eng Chance stécht, da weess ech, dass déi einfach Leit alt erëm ugeschass ginn. Dat zu deem Theema. Eng kuerz an e bësse méi graff Ausso.

Wann ech elo gesinn, dass praktesch d'Hallschent keng Hëllef ufreet, da stellen ech mir Froen. D'Informatioun fir d'Hëllef vun den Allocatiounen vun der Gemeng steet am DIFFMAG an op der Internetsäit vun der Gemeng. Sou, wéi et ausgesäit, liest nëmme d'Hallschent vun de Leit dat, déi dat zegutt hätten. An een deen näischt ufreet, dee kritt och näischt. Dat ass jo bekannt, dat ass esou. Hei misst d'Gemeng d'Méiglechkeet hunn, déi Leit perséinlech ze kontaktéieren, fir dass esou mann wéi méiglech Leit duerch de Raster falen. „Les voix de communication et d'information sont à revoir“, steet hei. Wat dat och ëmmer heesche soll.

Ech hunn e puer kleng Iddien ze bemerken. Éischtens musse mir et emol fäerdegbréngen, dass déi Leit wëssen, dass si eppes zegutt hunn. Hei gétt et Leit, déi beherrschen d'Sprooch net. Anerer kënnen guer net liesen. Anerer mengen, si missten dat duerno zrëckbezuelen. Anerer si gesondheetlech net op der Héicht. An esou weider.

Hei gétt et x Problemer, wou mir eng Léisung musse fannen. Wann déi betrafte Leit net op den OS kommen, da musse mir eng Léisung fannen. Et muss eis Aufgab sinn, dass all déi Leit gehollef kréien an net opgrond vun administrativer Vereinfachung, déi zwar flott ass, duerch de Raster falen. Mir hunn et jo och fäerdegbruecht, an dëser sanitärer Kris, an där mir momentan sinn, all déi vulnerabel Leit, oder déi meescht op d'mannst, ze kontaktéieren, fir hinnen ze hëllefen, wann et néideg war. Hei muss also och an deem Punkt ëmgeduecht ginn.

Et muss dach méiglech sinn, dass een dat Ganzt administrativ iergendwéi ka koppelen. Dat misst automatesch lafen, andeems, wann et nëmme méiglech ass, den FNS déi Informatiounen vertraulech

*Déjà l'année dernière, Serge Goffinet avait demandé au collège échevinal d'augmenter le montant. Il y a eu des discussions à ce sujet, et finalement on a décidé d'attendre l'analyse.*

*La réforme des finances communales d'il y a deux ans a permis d'augmenter les revenus de près de six millions d'euros — notamment grâce aux paramètres sociaux. C'est pourquoi il convient de redistribuer une partie de cet argent.*

*Serge Goffinet se dit satisfait du fait que l'allocation de solidarité soit associée à l'allocation de vie chère. Les critères sont transparents même s'il y aura toujours des cas limites.*

*Comme l'a dit monsieur Mangel, le conseil de l'office social doit prendre ses responsabilités et aider les gens à travers des critères prédéfinis. Il faut encourager les gens à demander de l'aide dans les temps quand ils en ont besoin.*

*Serge Goffinet constate que la pauvreté est en augmentation bien que les gens travaillent et que la richesse produite croît. Le Luxembourg ne parvient pas à s'assurer que tous ceux qui travaillent puissent vivre convenablement de leur salaire. La répartition des richesses est injuste. Serge Goffinet est convaincu que dans quelques années, il faudra adapter une nouvelle fois l'allocation. Lorsqu'il entend des hommes politiques et des économistes dire que des opportunités se cachent dans chaque crise, il sait que l'on se moque des gens.*

*Il se demande par ailleurs pourquoi la moitié des personnes concernées ne demandent pas d'allocation de solidarité. L'information figure pourtant sur le site de la commune et dans le DIFFMAG. Peut-être la commune devrait-elle contacter les gens pour qu'ils sachent ce à quoi ils ont droit. Si les gens ne se rendent pas à l'office social, il faudra trouver une solution. Il ne se peut pas que certains passent par les mailles du filet au nom de la simplification administrative. Dans le cadre de la crise sanitaire, la commune a bien réussi à prendre contact avec les personnes vulnérables. Elle doit procéder d'une façon similaire pour l'allocation de solidarité. Le FNS ne peut-il pas*

## 8a. Allocation de solidarité

*transmettre les informations de manière confidentielle aux offices sociaux ? Ainsi, les demandeurs n'auront plus qu'à signer les documents. Pour Serge Goffinet, ce serait la meilleure solution.*

*Si cela n'est pas possible, la commune devrait les contacter individuellement. L'opération serait plus complexe, mais elle serait importante.*

*Dans son avis, la commission des finances estime que l'allocation de solidarité doit être augmentée régulièrement pour faire face à la croissance des coûts de la vie. Elle propose donc une application de l'indice sur le taux de pourcentage de l'allocation de solidarité. Elle suggère également la signature par les bénéficiaires de l'allocation de solidarité d'une charte de bonne gestion financière. Le cas échéant, l'allocation pourra être reconsidérée au cas par cas. Des mesures spécifiques doivent permettre de contrôler la gestion efficace des revenus.*

*Pour Serge Goffinet, que l'on indexe l'allocation de solidarité mérite une discussion. En revanche, il ne peut que secouer la tête pour ce qui est de l'autre proposition. Car celle-ci revient à dire: soit tu te comportes bien, soit tu ne touches plus d'argent. Si c'est vraiment ce que pensent les membres de la commission des finances, c'est bien triste. Soit les demandeurs ont droit à l'allocation, soit ils n'y ont pas droit. Ce n'est pas à l'office social de jouer à Saint-Nicolas ou au père Fouettard.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** rappelle qu'il est question de l'augmentation du taux de l'allocation de solidarité par rapport à l'allocation de vie chère de l'État.

*2019 était une année de transition, le passage d'un système complexe à la fois pour les demandeurs et les assistants sociaux à un système plus simple. Il n'est plus nécessaire de rassembler des fiches de salaire ou de retraite. La commune n'a, quant à elle, plus besoin de contrôler les données, car elle reçoit les informations de la part de l'État.*

*Pour ceux qui ont touché moins que les autres années, l'office social a versé une prime supplémentaire. Un nouveau système simplifié doit*

*un d'Gemenge weidergëtt, si duerno un hir Office-socialen. An da just nach brauch ënnerschriwwen ze gi vun den Demanduren. Ech mengen, dat wierdeen einfachste Wee. Ass vläicht en Dramwee. Mee ech hoffen alt, dass deen Dram sech vläicht kéint erfüllen. Dat wier op jidde Fall déi beschte Léi-sung. A wann déi am ganze Land esou kéint duerchgezu ginn, dat wär flott.*

Mee de Wëlle muss do sinn. Dat ass d'Viraussetzung! Soll dat net de Fall sinn, misst een d'Leit eeben eenzel kontaktéieren, wéi ech virdru gesot hunn. Dat wier weesentlech méi opwänneg an awer richtig. Déi Leit hätten et jo verdéngt.

Da wëll ech nach eppes zum Avis vun der Finanzkommissioun soen. Ech liesen emol, wat do steet, wat mech e bësse gestéiert huet: « Une augmentation régulière de la valeur réelle de l'allocation de solidarité nous semble cependant très importante au vu de la croissance permanente des coûts de vie. Bien que le barème de l'allocation de vie chère inclut une indexation des limites des revenus mensuels bruts de chaque ménage pouvant bénéficier d'une allocation, la valeur en soi de l'allocation ne change pas.

Une application de l'indice sur le taux de pourcentage de l'allocation de solidarité communale par rapport à l'allocation de vie chère allouée par l'État est donc vivement recommandée au conseil communal.

La commission recommande également la mise en place en coordination avec l'office social d'une charte de bonne gestion financière, qui devra être signée avec les bénéficiaires de l'allocation – "vun der Gemeng dann".

Lorsqu'il est constaté par les assistants et assistantes de l'office social que ces ressources ne sont pas gérées en bon père de famille par les bénéficiaires, l'allocation de solidarité devra être reconsidérée au cas par cas. Des mesures pour aider les ménages bénéficiaires quant à la gestion efficace de leurs revenus devraient également être mises en place ».

Also, dass een dat Ganzt kéint indexéieren, ass eng Iddi – wéi den Här Mangel scho gesot huet –, wou Dir am

Schäfferot warscheinlech awer kéint mat Iech schwätze loosse, fannen ech diskutabel. Mee fir de Rescht kann ech nëmmen de Kapp rëselen. Do steet op gutt Lëtzebuergesch: Wann s du dech schécks, da kriss du eppes vun eis. A wann dat net de Fall ass, da kriss de d'nächst Joer näischt oder manner.

Ass dat wierklech d'Meenung vun de Leit aus der Finanzkommissioun? Wann dat esou sollt sinn, dann ass dat op jidde Fall ganz traureg. Entweder hunn d'Leit eppes zegutt oder si hunn et net zegutt. An dësem Fall hu si et zegutt. A basta. Et ass net un eis oder um Office social, Kleeschen oder Housseker ze spillen. Dat zu deem bizaren Avis.

Merci gesot.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Goffinet. D'Madamm Wohl hat sech gemellt.

---

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Et geet hei ëm d'Erhéijung vum Prozentsaz vun der Allocation de solidarité vun der Gemeng par rapport zu der Allocation de vie chère vum Staat. 2019 war en Iwwergangsjoeer, e Passage vun engem opwännegem System fir d'Populatioun an d'Assistant-socialen hin zu engem méi einfache System fir béid. Et hu keng Donnéeën misse gesammelt ginn, wéi lescht Paiziedelen, Ziedele vu Rent an esou weider. An et hunn och keng gefeelt. An d'Gemeng hat och keng Méiglechkeet, fir alles ze iwwerpräiwen oder iwwerhaapt un d'Donnéeën ze kommen. Dowéinst ass et jo un d'Allocation de vie chère vum Staat ugegiddert ginn, well een do eeben all d'Infoen huet.

Fir déi Leit, wou d'Agglidderung un d'Allocation de vie chère e groussen Ënnerschied gemaach huet, ass eng zousätzlech Primm ausbezueelt ginn, wéi den Dr. Mangel virdru gesot huet. A mat engem neie vereinfachte System soll an Zukunft ausgerechent ginn, wéi vill Ënnerstëtzung wie ka kréien.

Et geet also haut drëm ze kucken, ob de Mengengerot domat d'accord ass, dass

## 8a. Allocation de solidarité

dee Prozentsaz, deen d'Gemeng de Leit bäileeë wëll, vu 15 op 25 %, erhéicht gëtt. Menger Meenung no soll dee Prozentsaz och indexéiert ginn. D'Allocation de vie chère ass net indexéiert. E positiven Avis läit an dëser Hisiicht och vun der Finanzkommissioun vir.

2019, et ass scho gesot ginn, waren 1.800 Leit, déi eng Allocation de vie chère vum Staat kritt hunn. Awer just d'Hallschent dovunner hunn eng Demande bei der Gemeng gemaach, fir eng Allocation de solidarité ze kréien. Et wäert een deemno un der Kommunikatioun schaffe mussen. An da soll en einfachen Online-Formulaire proposéiert ginn.

D'Iddi ass, wann d'Leit iwwert den FNS ugeschriwwen gi fir d'Allocation de vie chère, dass do kéint derbäileien, dass se och nach e Recht hunn, fir eppes op der Gemeng ze froen.

Et ass op jidde Fall kloer, dass elo engersäits de Kuch fir d'Leit wäert méi grouss ginn an anerersäits den administrative Volet méi kleng.

Déi gréng stëmme mat Jo fir déi Augmentatioun vum Pourcentage.

---

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Den Här Diderich. Duerno d'Madamm Saeul, duerno den Här Ruckert.

Elo den Här Diderich, wannechgelift.

---

### GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, d'Allocation de solidarité war d'lescht Joer en Theema, wou de System sollt ëmgestallt ginn. Wou generell begréisst ginn ass, dass mer d'Berechnung, d'Gestioun vun den Dossiere vum Modell hier ëmpolen. Fir domat méiglech ze maachen, dass manner Zäit op Contrôle vu Pièce muss verwennt gi vum Office social, deen doduercher méi Zäit huet, fir d'Aarbecht mat de Leit ze maachen.

Dat hat jidderee begréisst. Mir haten dat och begréisst. Ech hat dat Regle-

ment och gestëmmt. Ech hat awer déi Ureegung gemaach, dass mer dat Reglement mol just fir 2019 maachen, wéi mer dat och elo maachen. An 2020 kucken, eng Evaluatioun ze maachen. An eréischt 2020 dat Reglement unzehuelen. Wat dunn esou hei ugeholl ginn ass. Wouriwwer ech mech freeën.

Well mer gesinn, dass déi Evaluatioun néideg war, well soss eng Rei Leit manner géife kréien. Well ursprénglech hat de Schäfferot vun deemools virgeschloen, dass dat einfach just en Transitionsjoeer ass, dass mer op déi 15 % ginn, an déi dann einfach weiderhin duerchféieren.

Hei gëtt elo virgeschloen, op 25 % eropzuegoen. Dat begréissen ech. D'Zuel vun deenen, déi manner géife kréien par rapport zu eise Modell, dee bis 2018 gegollt huet, gëtt domadder beträchtlech reduzéiert. Awer, wéi aus dem Bilan ervirgeet, deen den Här Mangel presentéiert huet, ass en nach net op null. Et ass ze begréissen, dass den Office social seet, dass e bereet wär, zousätzlech Hëllef ze ginn.

Ech géif op den Avis vum Office social kommen. Wou gesot gëtt, dass een e Facteur fir d'Kanner kéint bäisetzen, wat mer an eise ale System haten, an deen och einfach ze geréieren ass. D'Ëmstellung vum System war jo primär, dass net vill Pièce misste kontrolléiert ginn. A fir feststellen, ob een e Kand huet oder net, ass jo awer net schwier.

An deem Sënn hate mer am ale System e Facteur, dass ee Menage, dee méi wéi zwee Kanner huet, jee no Verdéngscht, 50 Euro pro Kand géif bäikréien. Hei misst een dann net soen, jee no Verdéngscht, mee jee no deem, wat een un Allocation de vie chère kritt huet. Soudass een de Contrôle vum Verdéngscht net géif betruichten. An ech géif dat begréissen, wat den Här Mangel och genannt huet, dass een do nach eng zousätzlech Hëllef virgesäit.

An déi Menagen, déi méi wéi 2.640 Euro de Mount verdéngen, déi kréien an Zukunft keng Hëllef méi. Beim ale System si mer do bis 3.000-3.100 Euro gaangen. Mee ech mengen awer, dass, wéi dat jo och scho gesot ginn ass, kee System kann allem onbedéngt gerecht ginn. An et si jo grad déi niddreg Ver-

*permettre de calculer plus efficacement qui touche quoi.*

*Aujourd'hui, il est question d'augmenter le taux de 15 % à 25 %. Nicole Wohl pense qu'il faut indexer le taux même si l'allocation de vie chère n'est pas indexée. La commission des finances a remis un avis positif.*

*En 2019, 1800 personnes ont touché l'allocation de vie chère de l'État. Seule la moitié ont demandé l'allocation de solidarité de la commune. Il faudra donc communiquer davantage à ce sujet. Idéalement, les personnes contactées par le FNS devraient recevoir une information supplémentaire concernant l'allocation communale.*

*Les écologistes approuveront l'augmentation du pourcentage.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** rappelle que l'année dernière, la modification du système de calcul de l'allocation avait été saluée par le conseil communal. Grâce au nouveau mode de calcul, l'office social passe moins de temps à contrôler les pièces et plus de temps à s'occuper des personnes.

*Gary Diderich avait approuvé le règlement et proposé de le limiter à 2019 avant de procéder à une évaluation en 2020. Il se réjouit que sa suggestion ait été retenue.*

*L'évaluation s'est révélée utile, car plusieurs personnes ont touché moins d'argent qu'avant. Au départ, le collège échevinal voulait imposer un taux de 15 % après une année de transition.*

*Désormais, il est question de 25 %, ce qui permet de réduire le nombre de demandeurs touchant moins qu'avant.*

*L'office social propose d'ajouter un facteur « enfants » facile à gérer. En effet, il n'est pas compliqué de vérifier si une famille a des enfants. L'ancien système prévoyait une somme de cinquante euros par enfant à partir de deux enfants par ménage et en fonction des revenus. Dans le nouveau système, la prime ne se baserait plus sur les revenus, mais sur l'allocation de vie chère.*

*Les ménages gagnant plus de 2640 € par mois ne toucheront plus d'aide. Avant, le palier se situait aux environs de 3100 €. Mais de toute façon, il est impossible de te-*



# 8a. Allocation de solidarité

*nir compte de tous les cas de figure et ce sont les personnes aux revenus les plus modestes qui ont besoin d'aide.*

*Avec l'ancien système, les personnes vivant seules et celles percevant le RMG étaient perdantes.*

*L'année dernière, seules les personnes ayant fait une demande l'année précédente ont touché une compensation. Les personnes ayant emménagé depuis peu ou celles n'ayant pas fait de demande n'avaient donc pas droit.*

*Gary Diderich salue l'augmentation du taux à 25 %. Le collège échevinal doit faire en sorte que les personnes concernées soient informées.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *passé la parole à monsieur Ruckert.*

---

**ALI RUCKERT (KPL)** *constate qu'il y a quelqu'un avant lui.*

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *répond que non. Elle finit par prendre la parole.*

*Elle rappelle que désormais, l'allocation de solidarité est accessible à tous. La procédure administrative a été simplifiée. En 2019, l'office social a versé 15 % de l'allocation de vie chère aux personnes concernées.*

*En 2020, le collège échevinal se rallie à la proposition de l'office social d'augmenter le taux à 25 %. Le DP salue cette augmentation.*

*Christiane Saeul est curieuse de connaître le montant de la dotation de l'État l'année prochaine compte tenu de la crise actuelle. Le cas échéant, il sera peut-être nécessaire d'adapter le budget.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** *salue à son tour la hausse substantielle de l'allocation de solidarité. Le collège échevinal fait de la précarité une priorité. L'enveloppe budgétaire est passée de 360 000 € à 435 000 € d'abord, et à 814 000 € ensuite, c'est-à-dire une augmentation de 225 %. Cela prouve que de nombreux Differdangeois ont besoin de soutien. Le nouveau système rend l'allocation plus accessible.*

---

déngschter, déi am meeschten Hëllef brauchen. Wat duerch déi Ëmstellung hei geschitt.

Beim ale System waren et virun allem déi elengstoend Persounen an oft déi, déi den RMG kritt hunn, déi wierklech perdant waren. Obwuel dacks aner Saache behaupt gi sinn, leider och vu verschiddene Conseilleren, och um Internet. An ech mengen, hei ass de Beweis, dass dat awer esou ass.

Am Endeffekt, wéi mer d'Reglement d'lescht Joer ausgeluecht haten, hat déi Kompensatioun just gegolft fir déi, déi dat Joer virun eng Demande gemaach haten. An do ware Leit, déi dat net kompenséiert kritt hunn, well se vläicht nach ni zu Déifferdeng eng Demande gemaach haten an dann d'Pech haten, am falsche Joer heihinner geplënnert ze sinn oder hir Situatioun geännert huet. Wou een net onbedéngt ëmmer selwer dru schold ass, zum Beispiel, wann et e Stierffall oder soss en Événement familial gëtt.

Fazit: Mir begréissen, dass mer dee Bilan elo gezunn hunn an als Gemeng elo bereet sinn, op déi 25 % eropzegeen an esou sécherstellen, dass e Maximum vu Leit an Zukunft net manner kritt. Mir ënnersträichen nach eng Kéier, fir déi Informatioun wierklech bei d'Leit ze bréngen, dass se déi Hëllef do kënnen ufroen. Ech soen Iech merci.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den Här Ruckert huet d'Wuert gefrot. Här Ruckert, wannechgelift.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Et war nach ee viru mir.

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Dir waart am Fong geholl vir.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mir ass et egal. Et kritt jiddwereen d'Wuert. Ladies first dann.

---

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci. Wéi vum Här Schäffen, dem Dr. Mangen, explizéiert, ass déi vun der Gemeng ausbezuelten Allocation de solidarité, dat fréiert Grompergeld, accessibel fir all Matbierger. Duerch eng ze begréissend Vereinfachung vun der administrativer Prozedur, gëtt dës Allocatioun säit 2019 gerechent zu engem Prozentsatz vu 15 % vum Betrag, deem déi concernéiert Leit als Allocation de vie chère kritt hunn.

2020 ralliéiert sech de Schäfferot, suite der Demande vum Office social, fir d'Allocation de solidarité op 25 % vun der Allocation de vie chère ze erhéijen, fir den Impakt vu verschiddenen Tarifa Präiserhéijung duerch an no der aktueller Covidkris, an där mer am Moment liewen, ze erliichteren. D'DP begréisst dës Erhéijung op 25 %, fir eis finanziell méi vulnerabel Leit ze ënnerstëtzen. D'nächst Joer musse mer ofwaarden an eis iwwerrasche loosse, wéi d'Dotatioun vum Staat ausfällt. Et ass ze fäerten, dass se duerch déi aktuell Kris wäert zrëckgoen. An et wär rotsam, drun ze denken deem nächste Budget, wann néideg, ze adaptéieren. Ech soe merci.

Buergermeeschtesch Christiane Brassel-Rausch (déi gréng):

Merci, Madamm Saeul. Här Ruckert, wann Der erlaabt, huelen ech den Här Hartung vir an Iech duerno. Merci.

Här Hartung, wannechgelift.

---

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, d'CSV-Déifferdeng begréisst dës substanzuell Hausse vun der Allocation de solidarité vun der Gemeng. Hei gesäit een, datt dës Schäfferot eng Prise de conscience fir ons Bierger a prekäre Situatiounen huet. Innerhalb vun zwee Joer hu mer d'Enveloppe, déi mer ze Verfügung stellen, vun 360.000 iwwer 435.000 op elo ronn 814.000 Euro eropgesat. Dat heescht ëm 225 % erhéicht. Wa mer vun esou Zomme schwätzen, déi aus der Déifferdenger Keess ginn, dann ass et, well vill Leit aus eiser Gemeng et brauchen. Mam neie System gouf d'Accessibilitéit fir si

---

## 8a. Allocation de solidarité

erhéicht. Dat heescht, déi ënnescht Akommesgrenz gouf eropgesat, fir datt méi Leit heivun Notze kënnen zéien.

An deem Kontext muss ee sech d'Fro stellen: Wien an eiser Gesellschaft gehéiert zu de fragiliséierte Leit? An éischter Linn wuel d'Familles monoparentales, d'Familles nombreuses, Jonker oder Pensionéierter. Mëttlerweil awer och ëmmer méi Persounen, déi eng Aarbecht hunn, déi mat den héije Käschten am Alldag trotz festem Revenu keng Garantie hunn, iwwert d'Ronnen ze kommen. Dofir ass dës Hëllef gutt.

Dës eleng geet bei Wäitem net duer. Do brauch et nach vill aner Mesuren. Zum Beispill Moosnamen um Wunnengsmaat. Woufir mir jo zu Déifferdeng de Service Logement kréiert hunn. Mir hunn awer nach aner Mesur wéi d'Épicerie sociale, de CIGL an esou weider. D'Schafe vun Aarbechtsplazen an eiser Gemeng ass immens wichteg an deem Kontext. Dofir, wa mer vu Stadentwécklung schwätzen, musse mer onbedéngt och Aarbechtsplaze schaffen.

Deen neie System vum sougenannte Grompergeld, dee mer elo zënter engem Joer hunn, soll eng administrativ Vereinfachung sinn. Dat heescht, e soll e minimalen Opwand souwuel fir d'Clientë wéi fir ons Servicier bei der Erstellung a Bearbechtung vun den Demanden duerstellen, bei maximaler Transparenz a Sécherheet. Wat mat der Uleennung un d'Allocation de vie chère vum Staat och esou klappt.

Vu datt sech beim éischte Versuch, also d'lescht Joer, erausgestallt huet, datt mam neie System verschiddener manieren géife kréien, gouf decidéiert, en Iwwergangsjoer ze maachen. Wou d'Leit, déi mam ale System méi kruten, no der Iwwergangszäit, déi Differenz zousätzlech kréichen, ier mer de System adaptéieren. Wat mer jo elo haut maachen.

Doduerch, datt mer de Prozentsaz op 25 % erhéijen, gëtt dës Differenz tëscht den zwee Systemer fir déi, déi man kruten, minimiséiert. Am Géigenzuch kréie vill Leit méi. Wann ech d'Zuelen aus dem Dokument huelen, sinn dat ronn 1.555 Persounen, vun deenen 1.801. Wou d'Erhéijung vun deem

Gesamtvolumen vun 360.000 op 815.000 Euro duerch eng aner Schlésserverdeelung evident ass.

Et soll een elo kucken, wou verschiddeener nach eppes brauchen, wéi een deenen Hëllef kann. D'Iddi, fir bei de Kanner méi prezis eppes ëmzesetzen, fanne mer ganz gutt. Et muss een och soen, datt den Office social nieft dëser Mesur och nach aner Hëllef ubitt, respektiv ëmmer do ass fir d'Leit, wa se an Nout sinn.

Mir wollten dem Office social merci soe fir d'Zesummefaassung an d'Erstelle vun de Statistiken, déi mer hei bäileien hunn. Esou kann een dat Ganz gutt eraassen. Mer haten an der Sozialkommissioun iwwert dës Chiffere gekuckt, déi ënner anerem weisen, datt vill Leit, quasi d'Hallschent, dës Joer keng Demande gestallt hunn. Do hu mer eis d'Fro gestallt, firwat.

Zum enge muss sécherlech méi kommunizéiert ginn, datt alleguer d'Leit informéiert sinn, datt si dës zegutt hunn. Zum Beispill iwwer eisen Diffmag oder per Bréif vum Staat, wa si d'Allocation de vie chère ufroen. Déi ugeduechte Piste si gutt. De Staat dierf verständlecherweis, aus dateschutztechnesche Grënn, net einfach d'Donnéeën vun de Leit erausginn. Soss hätte mer se effektiv kéinte selwer uschreiwen.

Zum anere gëtt et Leit, déi dës net wëllen ufroen, wat ee respektéiere soll. Et gëtt der bestëmmt och, déi eng gewëssen Hemmung hunn, fir an den Office social ze goen. Wann een d'Allocation de vie chère beim Staat ufreet, ass dat méi anonym, wéi wann een an den Office social vun der eegener Gemeng muss goen, fir d'Ënnerstëtzung ze froen. Wou ee riskéiert, den Noper oder engem anere Bekannten ze begéinnen.

Dofir hate mir als Kommissioun d'Recommandatioun un den Office social ginn, datt ee soll d'Méiglechkeet hunn, fir e Formular zum Beispill doheem kënnen erauszedrénken, auszufüllen an da mat den néidege Piécken eranzeschécken. Eng Iddi, déi de Responsabele vum Office social och gutt fonnt huet. Si versichen, dës Méiglechkeet ëmzesetzen. Natierlech wäert weiderhin d'Méiglechkeet bestoen, datt een am

*Jerry Hartung se demande qui fait partie de la population fragilisée. Il mentionne les familles monoparentales, les familles nombreuses, les jeunes, les retraités, mais aussi les personnes avec un travail, mais ne parvenant plus à joindre les deux bouts. Pour lui, il faut mettre en place davantage de mesures — notamment dans l'immobilier. Différence dispose aussi d'une épicerie sociale et du CIGL. Dans le cadre du développement urbain, la création d'emplois doit être une priorité.*

*Le nouveau système d'allocation simplifie la procédure administrative pour les clients et pour l'équipe de l'office social tout en augmentant la transparence et la sécurité. Comme certaines personnes allaient toucher moins, le conseil communal a décidé de mettre en place une année de transition au cours de laquelle les personnes concernées ont été compensées. Désormais, le taux a été adapté à 25 % de l'allocation de vie chère. Mille-cinq-cent-cinquante-cinq personnes sur mille-huit-cent-une toucheront plus qu'avant. Le budget total passe de 360 000 € à 815 000 €.*

*Il reste à voir comment aider ceux qui ont besoin de plus de soutien. L'office social propose d'autres mesures que l'allocation de solidarité. Jerry Hartung remercie l'office social pour le dossier et les statistiques permettant aux conseillers communaux de bien comprendre la situation. Près de la moitié des gens ayant droit à l'allocation n'en ont pas fait la demande cette année. Il faut donc informer les gens dans le DIFFMAG ou avec une lettre de l'État dans le cadre de l'allocation de vie chère. L'État ne peut pas transmettre les données des demandeurs à la commune.*

*Certaines personnes ne veulent pas demander d'aide sociale. Il faut respecter leur choix. Car demander l'allocation de vie chère est plus anonyme que de se rendre à l'office social pour l'allocation de solidarité. On risque de rencontrer un voisin ou une connaissance.*

*La commission sociale recommande à l'office social de mettre un formulaire en ligne et de permettre aux gens de le renvoyer avec les*

## 8a. Allocation de solidarité

*pièces nécessaires. Bien entendu, il sera toujours possible de se faire aider à l'office social par un assistant. Le CSV approuvera l'augmentation du taux de l'allocation de solidarité.*

**ALI RUCKERT (KPL)** constate que dans le système social luxembourgeois, qui ne demande rien n'a rien. Les gens ont des droits, mais ils doivent veiller à ce qu'ils soient appliqués, ce qui n'est pas logique. Le conseil communal doit s'engager pour que les gens obtiennent ce à quoi ils ont droit sans devoir se rendre à l'office social pour en faire la demande.

*La commission des finances propose une charte de bonne gestion. Or les obstacles sont déjà nombreux pour les demandeurs. On ne doit pas en ajouter une de plus.*

*Ali Ruckert remercie monsieur Mangen pour sa présentation.*

*Il est d'accord avec l'augmentation du taux à 25 %, mais tout n'est pas parfait. Quel que soit le système proposé, l'injustice de base restera: l'allocation de solidarité de la commune se base sur l'allocation de vie chère de l'État, qui n'a pas été adaptée à l'indice depuis sa création en 2009. Les demandeurs perdent donc 20 % par rapport à 2009, c'est-à-dire un cinquième. Et il ne s'agit pas d'un oubli parce que les syndicats et le parti communiste ne cessent de répéter que l'allocation de vie chère doit être adaptée à l'inflation.*

*Cela signifie donc que les partis au pouvoir depuis 2010 — le CSV, le LSAP, DP et déi gréng — ont décidé à tour de rôle et d'une année à l'autre de dépouiller les personnes ayant droit à l'allocation. Autrement, l'allocation de vie chère aurait été adaptée à l'inflation et la somme touchée par une personne seule serait de 1524 € au lieu de 1320 €. C'est-à-dire plus que l'allocation de vie chère et l'allocation de solidarité ensemble, qui se montent à 1518 €. Pour 2 personnes, cela représente 1980 € au lieu de 1650 €; pour 3 personnes 2376 € au lieu de 1980 €; pour 4 personnes 2772 € au lieu de 2310 €; pour 5 personnes ou plus 3168 € au lieu de 2640 €.*

Office social zesumme mat engem Mataarbechter de Formular ausfëllt, fir déi Persounen, déi dëst léiwer hunn oder brauchen.

D'CSV stëmmt dës Erhéijung vum Taux vun der Allocation de solidarité par rapport zu der Allocation de vie chère mat. Merci.

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Ruckert, wannechgeleft.

### **ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, een deen näischt freet, dee kritt näischt. Dat ass leider esou an eise ganze Sozialsystem zu Lëtzebuerg. Et gi Rechter gestëmmt, mee d'Leit mussen dann nach eng Kéier froen, dass hir Rechter ëngesat ginn. Et misst een am Fong dat System do vum Kapp op d'Féiss stellen. Dat heescht, dass d'Leit, déi e Recht hunn, dat och kréien. Dofir musse mer eis als Gemen-gerot dofir asetzen, dass d'Leit dat Recht, wat mer elo hei stëmmen, kréien. An dass se net ëmmer musse froen an op e Büro goen, fir do hiert Recht iwwerhaupt ze kréien.

Déi zweet Saach ass, et ass gesot ginn, an der Finanzkommissioun wär eng Charte de bonne gestion virgeschloe ginn. Ech muss soen, ech hunn un där Videokonferenz deelgeholl, déi elo dës Woch war, an duerch en technesche Feeler sinn ech awer am Laf vun der Sitzung erausgeflunn a sinn net méi era-komm.

Wann dat esou do gesot ginn ass, da wëll ech mech hei formell distanzéiere vun esou enger Charte de bonne ges-tion. Well et gëtt scho Barriäre genuch, wou déi Leit, déi wéineg hunn, schi-kanéiert a bevirmond ginn. Net nëmme hei op der Gemeng, och op staatleche Stellen. Dat musse mer onbe-dénkt verhënneren, dass do nach eng weider Barriär derbäikënn.

Grondsätzlech zu der Allocation de solidarité: Fir d'éischt wëll ech dem Här Schaffe Mangen merci soe fir dat, wat en eis virgedroen huet. Dass een

eng gutt Iwwersiicht huet, ëm wat et do geet.

Am Numm vun der Kommunistescher Partei sinn ech averstanen, dass de Pro-zentsaz vu 15 op 25 % erhéicht gëtt – mat allen Awänn, déi een do nach kann derbäi hunn. Et sinn der jo och e puer hei gemaach ginn. Mee och wa mer dat maachen, wäert déi grondsätzlech Ongerechtegkeet weiderhi bestoen.

Wat ass déi Ongerechtegkeet? Déi Ongerechtegkeet besteet doran, dass déi Allocation de solidarité vun eiser Gemeng un déi Deierungszoulag vum Staat gekoppelt gëtt. An dass dës Deie-rungszoulag zënter hirer Aféierung am Joer 2009 net méi un d'Präisentwéck-lung ugepasst ginn ass. Zënter 2009 net méi ugepasst ginn ass!

Dat heescht an anere Wieder: Déi Leit, déi déi Deierungszoulag vum Staat kréien, déi verléieren haut 20 % vun deem Wäert, dee se 2009 kritt haten. 20 % manner, dat heescht 1/5. Et kann een net soen, dass dat vergiess gi wär. Well d'Gewerkschaften an d'Kommunistescher Partei hunn ëmmer erëm dorop opmierksam gemaach, dass déi Deierungszoulag misst un d'Inflatioun ugepasst ginn. Dat ass awer net geschitt.

Soudass een dervun ausgoe muss, dass déi Parteien, déi zënter 2010 an der Regierung waren, an dat waren dann d'CSV, d'LSAP, d'DP an déi gréng, vläicht net all zesummen, awer een nom aner, dass déi virsätzlech vu Joer zu Joer decidéiert hunn, dass déi Leit, déi déi Deierungszoulag géife kréien, géife bestreppst ginn – virsätzlech, soen ech.

Well wann dat geschitt wär, wann also sozial Gerechtegkeet gewiescht wär an déi Deierungszoulag wär un d'Inflatioun ugepasst ginn, da wär et esou, dass haut misste 1.524 amplaz 1.320 Euro bei enger eenzel Persoun bezuelt ginn. Dat wär also méi wéi dat haut zesumme mat der Allocation de solida-rité vun der Gemeng ass, wat jo nëmme de Moment 1.518 Euro sinn. Et missten 1.980 amplaz 1.650 Euro un en Haushalt vun zwou Persoune bezuelt ginn. 2.376 amplaz 1.980 Euro un en Haushalt vun dräi Persounen. 2.772 amplaz 2.310 Euro un en Haus-halt vu véier Persounen. An 3.168



amplaz 2.640 Euro un en Haushalt vu fënnf a méi Persounen.

Wuel gemierkt – dat soll een och ëmmer erëm soen –, dat ass eng eemoleg Zoulag, déi eemol am Joer passéiert. Dat ass eigentlech déi Berechnung, op där hirer Grondlag d’Gemeng misst am Sënn vun der sozialer Gerechtegkeet och hir eege Solidaritéitszoulag upassen. Mer hätten also hei eng eemoleg Geleeënheet, eng sozial Ongerechtegkeet, déi elo schonn zéng Joer laang besteet, réckgäנגeg ze maachen. Als Verrieder vun der Kommunistescher Partei sinn ech der Meenung, dass dat geschéie sollt.

Dofir wëll ech an där Diskussioun, eng Motioun abréngen, wou dat zum Ausdrock kënnt. Ech liesen dat elo vir, ech hu se hei, ech ka se herno och verdeelen: „Da die Regierung die Teuerungszulage seit ihrer Einführung im Jahre 2009 nicht an die Preisentwicklung anpasste, sodass sie inzwischen 20 % an Wert verloren hat, beschließt der Gemeinderat: 1. Die derzeitige Teuerungszulage zuzüglich 20 % als Sockelbetrag für die kommunale Allocation de solidarité zu nehmen. 2. Auf diesem Sockelbetrag die Allocation de solidarité um 20 % zu erhöhen“.

Wa mer dat géife maachen, da géife mer sozial Gerechtegkeet schafen.

Ech kann déi och elo verdeelen.

(Diskussiounen)

#### **GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Här Ruckert, zum Versteesdemech. Laut dem Bericht ass et esou: Mir huelen de Montant vun 2009. Mir maachen eng Mise à indice op 2020. Dat wär dann – ouni dass ech elo déi richteg Zuelen hunn – vun 1.600 op 1.900. Dat wär dann de Montant fictif réel, wann ëmmer indicéiert gi wär. An op dee géift Dir déi 25 %, déi mir elo als Pourcentage proposéieren, applizéieren? Esou hunn ech et elo gelies.

#### **ALI RUCKERT (KPL):**

Dat ass ganz genau esou. Vu dass d’Allocation zënter 2010 20 % verluer

huet – dat kann ech och soen, dat hunn d’Gewerkschafte bis op de Komma ausgerechent, wéi vill, dass dat ass –, wär dat dann de Sockelbetrag, wou een da géif déi 25 % dropsetzen.

(Diskussiounen)

#### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Liesch, wannechgelift.

#### **GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt just soen, dat kléngt eigentlech relativ gutt, wat den Här Ruckert hei presentéiert huet. Ech froe mech awer, ob mer elo hei direkt spontan dat do kënnen decidéieren, ouni d’Konsequenzen ze wëssen. Ech sinn eigentlech fir déi Motioun, gefillsméisseg. Mee ech wéilt awer scho gären eng Kéier ausrechnen, wat de finanziellen Impakt vun esou enger Mesure ass. Dat kréien ech elo hei an deenen zwou, dräi Minutten net gemaach. Duerfir hätt ech elo keen anere Choix, wéi mech ze enthalen oder dergéintzestëmme, obwuel d’Motioun mer interessant schénkt.

Duerfir wär meng Propos, fir déi Motioun an den nächste Gemengerot ze huelen. Dann hätt een Zäit, dat eng Kéier ausrechnen an och an enger Kommissioun ze diskutéieren. Dann hätt een e wéineg de Kader, wou ee sech géif dra beweegen, wat dat hei elo géif bedeuten.

#### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Dir schwätzt mer am Fong aus dem Mond. Also, mir si gär bereet, eis dat unzucken. Ech proposéieren, wann den Här Ruckert averstanen ass, fir dee ganze Punkt elo op de 27. Mee, dat heescht an dräi Wochen, ze verréckelen. Einfach fir en connaissance de cause ze wielen. Wat den Här Liesch gesot huet: d’Chiffere kennen an da soen, Jo. A prinzipiell elo net Nee ze soen.

Fir d’éischt den Här Diderich. Duerno den Här Goffinet an dann den Här Muller.

*Ali Ruckert rappelle que l’allocation de vie chère est versée une fois par an. La commune la prend comme base pour calculer son allocation de solidarité. Pour supprimer une injustice sociale vieille de 15 ans, elle devrait adapter sa propre allocation.*

*C’est pourquoi Ali Ruckert a déposé une motion demandant au conseil communal de prendre comme base pour le calcul de l’allocation de solidarité l’allocation de vie chère majorée de 20 % et de verser ensuite 25 % de cette somme aux demandeurs.*

(Discussions)

#### **HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)**

*explique qu’il faudrait donc prendre le montant de 2009 et l’adapter à l’indice de 2020. Cela représenterait un montant fictif de 1900 € au lieu de 1600 €. C’est ce montant que monsieur Ruckert voudrait majorer de 25 %.*

**ALI RUCKERT (KPL)** confirme les propos de monsieur Krecké. L’allocation de vie chère a perdu 20 % de sa valeur depuis 2010. Les syndicats ont fait les calculs à la virgule près. L’allocation de solidarité représenterait 25 % de l’allocation de vie chère ajustée.

(Discussions)

#### **GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)**

*trouve les explications de monsieur Ruckert relativement bonnes. Il se demande cependant si le conseil communal peut prendre une telle décision sans en connaître les conséquences. Il a le sentiment d’être pour la motion, mais veut être sûr de son impact économique. Il devra donc s’abstenir ou voter contre.*

*C’est pourquoi il propose de reporter le vote à la prochaine séance.*

#### **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*constate que monsieur Liesch lui enlève les mots de la bouche. Elle propose à monsieur Ruckert de reporter le vote de trois semaines pour prendre une décision en connaissance de cause.*

# 8a. Allocation de solidarité

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *est aussi d'accord en principe. La campagne sera décalée, mais trois semaines sont acceptables.*

*Malheureusement, l'allocation a déjà été envoyée à la commission sociale et à la commission des finances. Autrement, elles auraient pu aborder ce thème.*

*La réflexion de monsieur Ruckert est la bonne. Tous les partis politiques ont mentionné l'adaptation à l'indice. La commune pourrait faire un calcul fictif et réparer ce qui aurait déjà dû l'être sur le plan national.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *trouve que l'idée est bonne. Mais il existe une analyse du Statec évaluant ce dont une personne a besoin pour vivre au Luxembourg. La bourgmestre devrait être au courant, car on en a discuté au sein de l'office social. Si on se base sur les chiffres du Statec, l'allocation devrait être bien plus élevée et s'approcher de ce que propose monsieur Ruckert. C'est cette analyse que Serge Goffinet propose de prendre comme base de calcul.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *confirme que les socialistes sont d'accord pour adapter l'allocation de solidarité lors de la prochaine séance. Il faut connaître les chiffres exacts et en discuter au sein de la commission des finances.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *ne veut pas retarder la campagne. Le conseil communal ne pourrait-il pas approuver le taux de 25 % aujourd'hui et adapter les chiffres la prochaine fois?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *préfère reporter le tout de trois semaines. Personne n'est en désaccord avec monsieur Ruckert. Mais les décisions doivent être prises en connaissance de cause. Il faut savoir de quels chiffres on parle.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech begreïssen dat do och prinzipiell. Wa mer dat elo verleeën, da musse mer just wëssen, dass mer d'Campagne fir dëst Joer e bëssen decaléieren. Mee ech mengen, op dräi Woche kënt et net un. Dat packe mer.

Et ass natierlech ze bedauern, d'Allocation de solidarité – dat huet awer vläicht och mam Confinement ze dinn – ass ganz fréi un d'Kommissioun geschéckt ginn, un d'Sozialkommissioun, un d'Finanzkommissioun. Wann een dat do schonn hätt kéinten diskutéieren, da wäre mer schonn e bësse méi wäit.

Mee dann huele mer eis nach eng Kéier dräi Woche méi laang. Ech mengen, d'Iwwerleeung ass richtig. An all Gemengerotssëtzung ass vun alle Säiten ëmmer dat mam Index ugeschwat ginn. Mir kéinten et fiktiv schonn arechnen. Dann hätte mir dat opgehuewen, wat um nationalen Niveau am Fong och sollt geschéien. Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Den Här Goffinet, wannechgelift.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Ech wëll eppes dozou soen, wat den Här Ruckert gesot huet. U sech ass déi Grondiddi gutt. Et gëtt awer eng Statec-Analys, déi seet – wou dee ganze Staat an d'Gemenge sech net drun halen –, wat u sech all Persoun bräicht, fir iwwerhaupt hei am Ländchen ze liewen. D'Madamm Buergermeeschter misst dat wëssen, well am Office social hate mer eng Kéier doriwwer diskutéiert, wat fir eng Parametere mer kéinten huele fir ze hëllefen.

A wa mer déi vum Statec huelen, da wësse mer hoergenee, dass mer weesentlech méi Hëllef mussen ausbezuelen. Dat geet warscheinlech an déi Richtung, wéi den Här Ruckert gesot huet, an déi Prozentlag. Well jo laang Zäit keen Index drop war oder ass. A well keng genee Analys méi duerno gemaach ginn ass iwwert d'Hëllef an esou weider. Mee déi Analys vum Statec

géif ech als gutt Instrument fannen, fir d'Basis ze hunn, wat een am Stot, am eenzele Stot, duebele Stot an esou weider, brauch. Merci, dat war et.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Goffinet. Här Muller an duerno d'Madamm Wohl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Selbstverständlech si mir – an dat hutt Der och an der Ausféierung vum Här Goffinet elo héieren – d'accord, fir déi Upassung ze maachen. Mir schléissen eis där Proposition un, fir dat an déi nächst Sitzung ze huelen. Fir da wierklech de genaue Montant ze hunn, fir alles ze wëssen, vläicht och en Avis vun der Finanzkommissioun nach ze hunn. An da wäre mer prett, fir dat esou duerchzezéien. Dat wär d'Position vum der LSAP dozou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Meng Iwwerleeung ass, fir d'Campagne eeben net ze retardéieren. Et ass just d'Fro, ob een haut net einfach kéint déi 25 % votéieren, quitte dass ee vläicht déi nächste Kéier géif kucken, dee méi héije Montant unzepassen oder net. Dass een dat an zwou Kéiere géif maachen?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Et sinn dräi Wochen. Meng Propos ass ganz kloer: Mir loosse de Vott haut falen. Mir huelen dem Här Ruckert seng Motioun mat. Här Ruckert, ech mengen, Dir hutt héieren, et ass kee prinzipiellen Desaccord do. Mee ech denken, dass et als Gemeng awer ëmmer gutt ass, wann een en connaissance de cause jugéiert. Dass mer einfach wëssen, vu wat fir engem Chiffer mer schwätzen.

# 8a. Allocation de solidarité

Ech mengen, elo gespuert, héieren ze hunn, dass dat de Wee wier, deen akzeptéiert kéint ginn.

Här Ruckert, wannechgelift.

---

## ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'lescht Joer deen éischte Vott geholl ginn ass am Gemengerot – dat war eng Gemen-gerotssitzung, déi kuerzfristeg verréckelt gi war a wou ech net konnt derbäi sinn. Mee an där Finanzkommissiouns-sitzung virun där Sitzung hat ech schonn déi Propos gemaach mat deenen 20 %. Ech hat deemools higewisen op déi Ongerechtegkeet. Dat war awer net berécksiichtegt ginn. Weeder an deem Bericht, dee gemaach ginn ass, nach soss war dat diskutéiert ginn.

Et ass also net, dass dat nei wär. Ech wollt dat awer och soen. An et ass eng Saach, wou den OGB-L, fir en net ze nennen, all Joer erëm drop hiweist, wa mer esouwäit sinn, dass iwwert déi Deierungszoulag do geschwat gëtt.

Wa mer op dee Wee géife goen, da géif et eis vläicht e bësse méi deier ginn, wéi dat elo de Moment de Fall ass. Mee da géife mer wierklech sozial Gerechtegkeet schafen. An et muss ee jo net ëmmer nëmme bei deene Schwaachste spueren. Et kann een och emol vläicht bei anere spueren, ier een ufänkt do ze spueren.

Mee ech sinn awer ganz d'accord domat, dass mer dat dann op déi nächst Sitzung verréckelen. Esou hutt Der nach d'Geleeënheet, déi Chifferen, déi ech hei virgeluecht hunn, hannert dem Komma nach ze kucken. Ech hunn d'Kommaen net hei dobäigerechent, muss ech soen. Mee et ass awer an déi Richtung, wou et sollt goen.

---

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmoos merci, Här Ruckert. Här Ulveling, wannechgelift.

---

## SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Déi Iddi ass net vun der Hand ze weisen. Ech fannen et just schued, dass Der dat net virdrun – Dir hat dräi Deeg Zäit, fir dat do eranzeginn. Dann hätt een dat scho kéinte préiwen. Dann hätt een haut kéinten en connaissance de cause schwätzen. Elo hu mer eis hei de Mond fuseleg geriet an d'nächste Kéier musse mer erëm vu vir ufänken. Ech fannen dat u sech net ganz korrekt.

Well wa mer esou weiderfueren, ech mengen, all déi Saachen, déi wierklech en Impakt op d'Budgeten hunn, wann een dat en séance tenante abréngt, dann ass et jo kloer, dass keen do eng Äntwert weess. An et weess ee jo net, wéi d'Repercussioune sinn. Dofir géif ech awer en Appell maachen, wann esou Saache sinn an Zukunft, dass een dat matzäit eragëtt, fir dass ee sech dat kann zesummen ukucken an net erëm alles musse verschiben.

---

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, wannechgelift.

---

## ALI RUCKERT (KPL):

Dozou hunn ech eng Erklärung. An der Vergaangenheet hunn ech vis-à-vis vun dësem Schäfferot, sief dat eng Motioun oder souguer nëmme eng Ufro, ëmmer laang Zäit virdrun eraginn, fir datt Geleeënheet do war, fir doriwwer ze schwätzen. Wann ech dat an dësem Fall hei net gemaach hunn, dann ass dat aus beruffleche Grënn. Well ech de Moment vill méi Aarbecht hunn, an dëser Kris, wéi dat an normalen Zäiten de Fall ass. An do muss ech soen, ech hu mech relativ spéit mat där Fro befaasst. Dat ass d'Erklärung derfir, firwat ech déi Motioun eréischt gëschter geschriwwen hunn.

---

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmoos merci, Här Ruckert. Da si mer eis eens: De Punkt gëtt reportéiert op de 27. Mee? Villmoos merci.

Da si mer elo bei de Règlements communaux. Ass dat richteg? An, Här Alt-

*C'est la condition pour accepter la proposition de monsieur Ruckert.*

**ALI RUCKERT (KPL)** rappelle qu'il n'avait pas pu prendre part au vote l'année dernière. Mais il avait déjà fait la même proposition à la commission des finances. On n'en a pas tenu compte. On n'en a même pas discuté.

*La proposition n'est donc pas nouvelle. L'OGB-L en parle tous les ans.*

*Si le conseil communal prenait cette décision, les dépenses seraient un peu plus élevées, mais il réparerait une injustice. Après tout, les économies ne doivent pas toujours se faire sur le dos des plus faibles. Parfois, on peut commencer par les autres.*

*Ali Ruckert ne voit pas d'inconvénient à repousser le vote. Cela permettra au collègue échevinal d'analyser les chiffres présentés. Après tout, Ali Ruckert n'a pas fait le calcul à la virgule près.*

**TOM ULVELING (CSV)** ne trouve pas l'idée mauvaise. Mais monsieur Ruckert aurait pu faire cette proposition il y a trois jours. Cela aurait permis de discuter en connaissance de cause aujourd'hui. Les débats viennent d'avoir lieu et il faudra recommencer la prochaine fois. Ce n'est pas correct.

*Si les propositions impactant le budget sont faites séance tenante, il est évident que personne ne connaîtra la réponse. Tom Ulveling propose donc de fournir les pièces à temps dans ce genre de situation à l'avenir.*

**ALI RUCKERT (KPL)** rappelle qu'il a toujours déposé ses motions à l'avance. Il n'a pas pu le faire cette fois-ci pour des raisons professionnelles liées à la crise. Il n'a traité ce point que tardivement et n'a écrit la motion qu'hier soir.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** constate que le point est reporté au 27 mai.

*Elle passe aux règlements communaux et explique à monsieur Altmeisch que les services communaux ont confirmé que les règlements dont il a été question tout à*



# 8a. Allocation de solidarité / 8b. Circulation

*l'heure ont été rédigés. Elle cède la parole à madame Pregno.  
(Interruption)*

## **FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**

*demande si le report du point précédent ne doit pas être approuvé par un vote.*

## **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*propose de le soumettre au vote si c'est le souhait du conseil communal.*

## **FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**

*suppose que c'est ce que prévoit le règlement.  
(Vote)*

## **LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)**

*constate que les règlements temporaires sont nombreux. Certains ont été ajoutés au dossier hier.*

*À titre d'exemple, la rue Principale à Lasauvage a été fermée à la circulation tout comme l'avenue Charlotte.*

*Une série de mesures ont été prises dans le cadre de la crise du coronavirus. Par exemple avec les horodateurs, dont il a été question tout à l'heure. Les ouvriers communaux ont le droit d'entrer dans les cours de récréation avec leur voiture personnelle et un badge pour qu'ils n'aient pas à passer par le CID d'abord. Cela leur a permis de préparer la rentrée dans les différents établissements.*

*Laura Pregno remercie monsieur Diderich pour une photo qu'il lui a envoyée. Un restaurateur de la place du Marché avait été autorisé à effectuer des livraisons en voiture. Mais des abus ont eu lieu. Entre-temps, le problème est réglé et le restaurateur remercie la commune.*

meisch, ech hunn elo vun de Servicer bestätegt kritt, fir Iech weiderzeginn, dass déi Règlements geschriwwé gi sinn, wou mer virdru geschwat hunn. Wollt ech just soen.

An da géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno ginn.

(Ënnerbriechung)

Den Här Schwachtgen huet d'Wuert nach gefrot. Pardon. Här Schwachtgen, wannechgelift.

## **FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ganz kuerz eng Fro zur Prozedur: Musse mer net ofstëmmen, ob mer d'accord sinn, dee Punkt do op déi nächst Sitzung ze verleeën? Oder geet et duer, wann dat deklaréiert gëtt? Der Form no.

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir kënnen driwwer ofstëmmen, wann dat gewënscht ass. Da kommt, mir stëmmen of.

## **FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Gewënscht elo net. Mee ech froen einfach: Ass et net gesetzméisseg esou virgesinn, dass mer e Punkt reportéieren offiziell?

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Da froen ech elo ganz offiziell: Reportéiere mer de Punkt vun der Allocation de solidarité op de 27. Mee, dass mer dem Här Ruckert seng Motioun kënnen kucken?

*Le conseil communal décide à l'unanimité de retirer le point « Augmentation du taux de pourcentage de l'allocation de solidarité communale » de l'ordre du jour et de le faire figurer à l'ordre du jour d'une prochaine séance du conseil communal.*

Merci. Da maache mer dat.

Madamm Pregno, et ass un Iech.

## **SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et sinn eng ganz Rei där Reglementer am Dossier. Et sinn der nach gëschter Owend nokomm. Merci dofir.

Vläicht e puer erausgepickt: Zu Lasauvage an der Rue Principale gouf eng Stee opgeriicht, do war d'Strooss gespaart ginn. An der Avenue Charlotte, wou e Reprofilage vun der Strooss gemaach gouf, gouf d'Strooss och gespaart, fir dass dat konnt gemaach ginn.

Ënner anerem zu deene Reglementer, wou mer virdru rieds haten, mat den Horodateuren, waren och fir d'Kris eng ganz Rei Saachen en place gesat ginn. Zum Beispill, wéi Der och am Dossier fannt, hu mer eis Gemengenaarbechter autoriséiert, fir mam Auto an d'Schoulhaff ze fueren, deels mat hire Privatautoen, mat engem Badge, fir net brauche virdrun am CID laanschtzegoen. Esou konnte se direkt vun doheem aus op déi Plaze fueren, fir eeben elo fir d'Rentrée alles prett ze maachen. Wat jo, wéi mer wëssen, eng Heedenaarbecht ass.

Merci, Här Diderich, fir déi Foto, déi Der eis wéini geschéckt hutt. Do ass op der Maartplaz e Restaurant, deen erlaabt krut, fir dierfe mam Auto eropzefuere fir d'Livraisounen. Do war e bëssen Abus gemaach ginn. Op eemol stounge véier Autoen do, amplaz deen een, deen erlaabt war. Ech hat dunn nogefrot an ech krut versprach, dass ab deem Moment vun der Foto just nach een Auto géif do stoen. A si soen der Gemeng villmools merci, dass mer dat autoriséiert hunn, dass si kéinten e bësse weider Sue verdéngen. Dat erausgepickt, soen ech Iech merci.

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Pregno. Den Här Altmeisch, wannechgelift. Wien hätt dat geduecht!

## GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech wëll Iech jo net enttäuschen. Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt soen ech emol merci fir d'Renseignement, dass mer e Gemengereglement do hätten. Ech wier awer och frou, wa mer dat géifen am Dossier erëmfannen. Da kéint een dat kucken, sech informéieren doriwwer. Ech weess elo net, ënner wéi enger Form dat Reglement geschriwwen ginn ass.

Ech bleiwen d'autant plus bei menger Kritik, dass déi Signalisatioun vun der Informatioun un den Automobilist, dass ee misst een Disk leeën, awer misst visibel ubruecht ginn. An dass do en Effort gemaach misst ginn, dass jidder een dat gesäit. An do och méi Fanger-spëtzegefill gefuerdert ass vun eisen Agents municipaux.

Déi zwielef Chantieren, déi enumeréiert sinn hei am Drénglechkeetsreglement, war ech mer ukucken. Déi entsprechen dem Code de la route a kënnen och als sécher bezeechent ginn. Während dem Déplacement hunn ech awer zwou Situatiounen festgestallt, déi mer net esou gutt gefall hunn a wou ech frou wier, wann eis Gemengeservicer sech géifen esou schnell wéi méiglech drëm këmmen.

Dat eent ass am Käerjenger Wee, wa mer vun Nidderkuer op Käerjeng fueren, do ass eng Limitation de vitesse vu 50. Kuerz virun der Bréck geet déi dann op 70 erop. Déi Beschëlderung war gutt viru fënnf, sechs Joren. Se ass awer net méi der Situatioun vun haut ugepasst. Mir musse wëssen, dass riets e Restaurant ass, dass eng gréisser Firma do ass, dass lénks en Hotel ass an eng grouss Bäckerei, en Zebrasträifen do ass. Soudass déi Vitess vu 70 einfach der aktueller Situatioun net ugepasst ass.

Wëssend, dass et eng Staatsstrooss ass, kënne mer awer do intervenéieren bei Ponts et Chaussées, dass déi do déi Limitatioun op 50 erofsetzen. Et ass geféierlech fir een, deen iwwert d'Strooss wëll. Dat wier flott, wa mer do géifen intervenéieren, fir do e Rectificatif ze maachen.

Déi zweet Situatioun ass um Fousbann, Rue Pierre Neiertz, do sinn eng zwielef

nei Eefamilljenhaiser, déi elo bewunnt sinn. Wou d'Parksituatioun et momentan erlaabt, riets a lénks vun der Strooss ze stationéieren. Dat ass immens geféierlech fir déi Leit, déi vun ënnen d'Bessemersstrooss eropfueren an da riets ofbéie fir an d'Breitfeld. Do misst ee kucken, d'urgence eng nei Signalisatioun ze maachen, déi der aktueller Situatioun géif entsprechen. Ech soen Iech merci.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Här Bertinelli, wannechgelift.

## FRED BERTINELLI (LSAP):

Wa mer elo beim Verkéier sinn, wéilt ech op eppes opmierksam maachen. Ganz geschwé geet d'Sportshal zu Nidderkuer op. Mäi Frënd, de Georges Liesch, an ech, mir hate beim Projet vun där Sportshal virgesinn, fir aus där ganz klenger Strooss, der Rue Scharlé, déi do erofgeet, e Shared-Space ze maachen.

Déi Hal geet jo elo incessamment sous peu op, do komme vill Leit an déi Sportshal, wat en enorm geféierlechen Eck ass. Déi gött ofgedeckt vun enger Bréck, wou ee praktesch direkt op der Strooss ass. All déi Kanner, all déi Leit, déi an d'Sportshal ginn. Ee Moment war geduecht ginn, se ganz zouzemaachen. Oder eng Zone 10 ze maachen, wou een nëmme ganz, ganz lues kéint duerchfueren. Well ee scho keng Iwwersiicht huet, wann een op déi Kräizung kënnt, fir no lénks ze fueren, ob ee vu Richtung Käerjeng kënnt. Dat ass eng ganz geféierlech Plaz.

Ech wëll nach eng Kéier hei en Opruff maachen, fir do iergendeppes ze maachen. Net dass, wann déi Hal elo opgemaach gött, do eppes sollt geschéien. Ech hat eng Diskussioun mam Här Liesch, datt mer do e Shared-Space wollte maachen aus där Strooss. Sou mann wéi méiglech Verkéier duerch déi Strooss fueren ze loosse. Wa méiglech, souwäit ech mech erënnere kann, fir iwwerhaupt keen do ze hunn. Fir eng fräi Zon ze maache fir Kanner, fir Foussgänger. Ech gesinn näischt dovun. Et ass relativ geféierlech.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** remercie la bourgmestre pour le renseignement qu'elle lui a donné. Il voudrait que le règlement en question soit ajouté au dossier du conseil communal. Il ne sait pas sous quelle forme ce règlement a été écrit.

Il répète par ailleurs que la signalisation concernant le disque de stationnement doit être visible pour les automobilistes. Les agents municipaux doivent faire preuve de doigté.

Guy Altmeisch a visité les 12 chantiers concernés par les règlements. Ils correspondent au Code de la route. Cependant, il a constaté deux situations lui déplaisant et il invite les services communaux à intervenir rapidement.

Dans la route de Bascarahage en direction de Käerjeng, la vitesse est limitée à cinquante kilomètres par heure. Devant le pont, elle passe à 70 km/h. Ce n'est plus adapté, car désormais, il y a un restaurant, une société, un hôtel, une boulangerie et des passages pour piétons. S'agissant d'une route nationale, la commune devrait intervenir auprès de l'Administration des ponts et chaussées pour baisser la vitesse.

Au Fousbann, dans la rue Pierre-Neiertz, 12 nouvelles maisons unifamiliales sont désormais habitées. Les automobilistes peuvent se garer à droite et à gauche de la rue. Cela est dangereux pour ceux qui remontent la rue Bessemer en direction du Breitfeld. Il faudrait établir d'urgence une nouvelle signalisation.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** signale que le centre sportif de Niederkorn ouvrira bientôt. Avec monsieur Liesch, il avait prévu de faire de la rue Scharlé un « shared space ».

De nombreuses personnes fréquenteront cette salle. Or le site est dangereux, car la vue est couverte par un pont.

Il avait été question de fermer cette rue à la circulation ou d'en faire une zone 10.

Fred Bertinelli tient à lancer un appel pour éviter qu'un accident ne survienne. Un « shared space » permettrait de réduire le trafic au minimum. Idéalement, le site devrait être réservé aux enfants et aux piétons.

## 8b. Circulation / 9. Commissions / Questions

*Mais pour le moment, Fred Bertinelli ne voit rien de tout cela. Les automobilistes venant de Käerjeng n'ont pas une bonne vue. Il faut trouver une solution avant que le centre sportif n'ouvre.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** rappelle que monsieur Diderich a posé une question concernant le terrain de Luna et sa buvette. Le collègue échevinal n'y a pas répondu. Qui peut utiliser cette buvette?

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** signale à monsieur Goffinet que l'heure des questions n'est pas encore venue. Elle passe au vote.  
(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe aux changements dans les commissions. Le conseil communal avait décidé qu'aucun échevin ne siègerait au Conseil d'accompagnement économique. Or madame Pregno vient de réintégrer le collègue échevinal. Elle sera donc remplacée par monsieur Liesch.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch revient à la question de monsieur Goffinet et cède la parole à monsieur Ulveling.

Well wann ee vu Richtung Käerjeng/Bascharage kënnt, gesäit een iwwerhaapt net duerch déi Bréckepéil, ob een do gefuer kënnt. Dat ass net iwwersiichtlech an enorm geféierlech. Momentan kann een do nach schnell duerchfuere. Soudatt een elo awer eppes misst maachen, ier déi Sportshal opgeet. Dat wier elo ganz wichteg. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Goffinet huet sech gemellt.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Souwäit ech matkritt hunn, hat den Här Diderich de Moien eng Fro gestallt iwwert de Lunasterrain mat der Buvette, déi awer net beäntwert ginn ass. Kéint Der déi vläicht nach beäntwerten, wannechgelift? Wien déi Buvette an alles kann notzen? Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, Här Goffinet, mir sinn nach net bei de Froen.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Ech hunn dat awer elo esou verstanen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Nee. Mir hunn nach net ofgestëmmt.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Da stellen ech se duerno nach eng Kéier. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ass elo nach eng Wuertmeldung heizou? Da géif ech zum Vott iwwergoen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Villmools merci.

(Diskussiounen)

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Mir hunn nach eng Kommissioun.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zu de Changement au sein des commissions. Mir haten hei ofgemaach, dass keen aus dem Schäfferot am Conseil d'accompagnement économique sëtzt. D'Madamm Pregno war ëmmer dran. Si ass elo am Schäfferot. Dat heescht, lo géife mir de Wiessel virhuelen, dass d'Madamm Pregno duerch de Conseiller Georges Liesch am Comité d'accompagnement économique ersat gëtt.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

Dann zu de Froen. Här Goffinet, Är Fro ass notéiert. Wien hat nach eng? Den Här Bertinelli an den Här Meisch. Här Goffinet, Dir braucht se net ze widderhuelen.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Okay. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Äntwerte mer direkt oder huele mer d'Froen alleguer beieneen?

(Ënnerbriechung)

Dann äntwert direkt, Här Ulveling.



---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

D'Luna stellt deen Terrain zur Verfügung a geréiert en. Ech géif dovunner ausgoen, dass jiddwer Persoun, jiddweeren, deen deen Terrain loune wëll, misst sech am Prinzip mat hinnen a Verbindung setzen.

Leider ass nach keen Tarif festgeluecht. Soudass een eng Kéier doriwwer schwätze misst. Dat ass elo net spezifesch fir de Lunasterrain, well et gëtt nach aner Terrainen an Installatiounen, déi de Veräiner zur Verfügung gestallt ginn. Do muss ee kucken, wien do d'Suen anzéien däerf. Well u sech ass et jo awer nach d'Propriétéit vun der Gemeng. Dat misst eng Kéier an enger grousser Sitzung decidéiert ginn.

---

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Dat war u sech déi Äntwert, déi ech héiere wollt. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Dann ass et um Här Bertinelli an duerno um Här Meisch.

---

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, haut ass enorm vill iwwert de Virus geschwat ginn. Ech hunn e puer Froen un de Sportschäffen. En huet mer der schonn e puer a senger Aleedung beäntwert. Mee et sinn der awer nach e puer, déi opbliwwen sinn. Déi ech em dann elo wëilt stellen.

Wéini gesäit de Sportschäfte vir, datt de Sport erëm un d'Lafe kënnt? Wéi laang dauert et nach, bis d'Sportsveräiner ...? Well dat ass jo immens vaste. Mir hu jo esou vill Sportarten, Tennis, Golf, wat schonn dobaussen erlaabt ass. Esou Sportarten hu mir der och hei an der Gemeng, déi erlaabt sinn. Fir ze kucken, wat fir Sportarte scho kéinte gemaach ginn a wat net.

An do hu mer e gréissere Problem. Säit d'Fussballfederatioun decidéiert huet, de Championnat net ze spillen, hu mer an eiser Gemeng zwee Veräiner, déi Enn

Juli / uganks August d'Coupe d'Europe spillen. Déi kann een net eréischt am Juli ufänken trainéieren ze loosse. Déi mussen am Virfeld trainéieren. Huet de Sportschäffen e Programm, deen en elo schonn un d'Veräiner kéint ginn, wéi déi mat den néidege Sécherheitsmoossname kënnen trainéieren?

Well et gëtt Sportarten, déi trainéiere schonn. D'Federatiounen trainéiere schonn, mat Anhale vun de verschidene Mesuren. Dat muss elo net haut oder muer sinn. Mee ech mengen, do sollt een am Virfeld kucken. Dat ass enorm vill Aarbecht, well dat sportartspezifesch ass. Wou ee muss kucken, fir déi Sécherheitsmoossnamen hierzestellen.

Wann d'Schoulen elo Enn Mee opginn, misst ee kucken, incessamment sous peu, fir de Sport erëm un d'Lafen ze kréien. D'Kanner gi geckeg doheem, déi Jugendlech wëlle Sport maachen. Lo ass mol dobaussen erlaabt. Wat scho gutt ass. Mee et sollt een awer erëm kucken, natierlech mat deenen néidege Sécherheitsmoossnamen, déi d'Veräiner mussen huelen, wou ee se och muss begleeden, fir de Sport erëm un d'Lafen ze kréien.

Déi aner Fro, wat Der gesot hutt, wou ech relativ frou driwwer sinn, datt Der de Veräiner finanziell ënnert d'Äerm gräift. Well et ass elo dat zweet Joer – Dir wësst jo, dass ech immens engagéiert sinn, laang Joren, 30 Joer laang President vum Karate Club hei zu Déifferdeng war. An datt mer praktesch ëmmer iwwerlieft hunn iwwert deen internationale grousse Concours, dee mer all Joers hei mat 21-22 Länner zu Déifferdeng gemaach hunn. Wou mer och d'Hëllef vun der Gemeng ëmmer haten.

An dat hei ass elo schonn dat zweet Joer, datt deen ausfällt. D'lescht Joer si mer, leider, op de Stierwesdag vum Grand-Duc gefall. Dëst Joer fält et erëm aus. Mëttlerweil ginn eis och d'Argumenter aus. An Dir wësst jo, Här Aguiar, datt mer dat Geld ëmmer erëm an eis Jugend investéieren. Soudatt mer frou sinn, datt de Schäfferot bereet ass, de Veräiner e bësse finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen.

Wou ech net esou mat Iech d'accord sinn, dat ass, wat Der gesot hutt, déi

**TOM ULVELING (CSV)** suppose que quelqu'un voulant louer le terrain doit s'adresser à l'association. Les tarifs ne sont pas encore fixés, mais cela ne concerne pas seulement le terrain de Luna. Il faudra notamment décider qui peut prélever l'argent, car le terrain reste la propriété de la commune.

---

**SERGE GOFFINET (LSAP)** remercie monsieur Ulveling pour sa réponse.

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** rappelle qu'il a beaucoup été question du virus. Il a quelques questions pour l'échevin aux sports même si celui-ci a répondu à l'une ou l'autre dans son introduction.

Quand le sport pourra-t-il reprendre? Certaines activités comme le tennis et le golf sont permises. Elles pourraient donc être autorisées à Differdange aussi.

En ce qui concerne le football, la situation est plus complexe. La fédération a décidé de ne pas faire repartir le championnat. Mais deux clubs joueront la Coupe d'Europe en juillet-août. Ils devront pouvoir s'entraîner avant juillet. L'échevin des sports dispose-t-il d'un programme d'entraînement à transmettre aux clubs avec les mesures de sécurité nécessaires?

D'autres fédérations s'entraînent déjà. La commune doit réfléchir à l'avance. Compte tenu des nombreuses activités sportives, les décisions à prendre sont nombreuses.

Quand les écoles rouvriront fin mai, le sport devra reprendre également. Les enfants sont en train de devenir fous enfermés chez eux. Les clubs sportifs devront prendre les mesures nécessaires.

L'autre question concerne le soutien financier aux clubs. Fred Bertinelli est président du club de karaté de Differdange depuis trente ans. Ce club survit grâce au grand concours international ayant lieu tous les ans et rassemblant quelque 22 pays. La commune a toujours soutenu cet événement.

Malheureusement, c'est la deuxième année de suite qu'il est annulé. L'année dernière, le Grand-Duc est mort. Cette année, il ne pourra pas avoir lieu non plus.

Monsieur Aguiar sait bien que cet argent est investi dans la jeunesse.

*Fred Bertinelli est content que le collège échevinal soit disposé à aider les clubs. En revanche, il regrette que tous les clubs n'aient pas droit à l'aide. Il est question de ceux organisant des manifestations tous les ans. La commune ne peut pas agir à la tête du client. Après six mois, ils sont tous en difficulté. Il serait dommage que certains doivent cesser leur activité.*

*Comme pour le commerce et les associations culturelles, il faut tout faire pour garder les clubs sportifs en vie.*

*La reprise ne sera pas évidente, car les mesures devront être spécifiques au sport en question. Mais Fred Bertinelli estime que les membres des associations sont responsables et qu'on peut leur faire confiance si on leur donne des règles.*

*Fred Bertinelli répète que les clubs jouant la Coupe d'Europe ne pourront pas reprendre l'entraînement en juillet. Le travail attendant le service des sports et monsieur Aguiar est titanesque. Mais c'est faisable comme on le voit à l'étranger. Au Luxembourg aussi, les sportifs attendent avec impatience de reprendre l'entraînement.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** répond que faire redémarrer le sport est une priorité. Il est en contact avec le ministre des Sports et attend les directives. Les manifestations sont toujours interdites jusqu'au 31 juillet. Paulo Aguiar attend des informations de la part du coordinateur du ministère des Sports cette semaine.

*Il comprend les besoins des sportifs et le service des sports fait de son mieux. Les mesures nécessaires seront prises dès que le sport pourra être pratiqué en toute sécurité. Pour le moment, on est toujours en situation de crise et le confinement est toujours présent.*

*Pour Paulo Aguiar, toutes les associations, qu'elles soient sportives ou pas, ont besoin d'argent. Les recettes sur lesquelles elles comptaient avant la crise constituent une perte importante. Il faudra prendre des mesures.*

*En principe, les subsides devraient être versés en janvier 2021.*

Veräiner, déi iwwerall mat dobäi sinn. Ech mengen, wann een dat do mécht, muss een dat dote fir all Veräi maachen. Do däerf een net à la tête du client auswien, wiem een eppes gëtt. Wann een de Veräiner hëllef wëll, muss een hinnen alleguerten hëllefen. Net nëmmen eenzelen.

Well se hunn alleguerte Problemer no esou enger Situatioun, praktesch sechs Méint, wou a kengem Veräin eppes gelaf ass. Dat Schlëmmst, wat eis passéiere kéint, wier, datt mer no esou enger laanger Zäit a verschidde Veräiner einfach duerch Manque, och finanziell, well et net méi duergeet, de Sport dann net méi géif weidergemaach ginn. Dat muss een op alle Fall evitéieren.

Hei gëllt fir mech dat selwecht wéi an der Geschäftswelt. Do muss een alles maachen, datt een déi Veräiner, déi een huet, och an der Kultur – an der Kultur ass et souguer nach méi schlëmm –, datt een do alles mécht, fir déi um Liewen ze behalen. Duerfir mäin Opruff.

Dir hat mer schonn e groussen Deel beäntwert. Mee, wéi gesot, misste mer awer och elo erëm kucken. Well et ass net esou einfach, well et sportaartspezifesch ass, wéi ee kann trainéieren. An ech mengen awer, datt responsabel Leit an eise Veräiner sinn, wann ee seet, ënnert deenen dote Konditiounen kënn Der erëm trainéieren. Well déi Sportarten, déi Enn Juli / Ufank August d'Coupe d'Europe solle spillen, déi kënnen net eréischt am Juli ufänke mat trainéieren. Dat geet net.

Also muss ee scho kucken, wéi een dat an de Grapp hält. Do ass eng Heedenaarbecht un de Service des sports an un Iech gestallt fir ze kucken, wéi een dat techesch iwwert d'Bün kritt, fir awer Trainingen kënnen ze halen. Natierlech, d'Sécherheetsmoossnamen, déi musse sinn. Ech mengen, dat ass jo alles machbar. Am Ausland gëtt schonn trainéiert a verschiddene Sportarten. Do däerf een net waarde bis dee leschte Moment. Well d'Sportler waarden drop, mat hirem Training unzufänken, fir datt d'Liewen an de Veräiner erëm e bëssen ugeet. Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci beaucoup, Madamm Buergermeeschter. Monsieur Bertinelli, faire redémarrer les sports dans la «European City of Sport» est une priorité pour nous. En tant que responsables du ressort des sports, nous avons déjà pris de l'avance. Nous sommes en contact avec le ministère des Sports. Nous attendons les directives. À savoir que l'interdiction des manifestations est jusqu'au 31 juillet. C'est toujours acté.

Nous devons attendre les directives du ministère des Sports. Dans ce sens, nous sommes en communication avec le coordinateur du ministère des Sports, qui pourra nous donner beaucoup plus d'informations cette semaine.

Bien évidemment, nous comprenons le besoin des sportifs à Differdange. Le service des sports fait le maximum. Moi-même, j'essaie de rester en contact avec les clubs afin de les rassurer. Dès que nous disposerons des différentes directives du ministère, nous prendrons immédiatement les mesures nécessaires pour que tous les sports puissent se faire en toute sécurité. À savoir qu'on est toujours en situation de crise et le confinement est toujours là. Nous avons encore besoin de faire les choses en toute conformité.

Ce que j'avais dit auparavant et qui ne concerne pas seulement les clubs sportifs, c'est que toutes les associations ont des besoins financiers. Nous savons très bien que les recettes sur lesquelles elles comptaient représentent un manque important. C'est ce que j'avais dit auparavant. Nous avons déjà entamé différentes mesures.

La première mesure est que nous avançons les subsides. Les subsides en principe devraient tomber en janvier 2021. Nous allons le faire maintenant déjà. Donc on rassure déjà toutes les associations. Pas seulement les clubs sportifs, mais aussi les associations culturelles, de loisirs, philanthropiques... Nous avançons ces subsides. Dans toutes les

manifestations communales — j'ai bien dit «communales» — nous allons également garantir les recettes aux clubs qui participent aux manifestations culturelles.

J'ai également dit que dans une deuxième phase, nous allons tenir des entretiens avec les différentes associations pour voir s'ils sont dans un besoin spécifique. Et là, nous allons étudier spécifiquement ce besoin. Ce ne sera sûrement pas à la tête du client. Nous ne faisons pas ça.

Bien évidemment, ce sera en fonction des doléances, mais des attentes aussi. Parce qu'il y a aussi des attentes de la ville. Bien évidemment, on est là pour les écouter. On va être là pour les écouter. Et ensemble, on va explorer avec les associations, quelles sont les différentes possibilités de soutien. Merci, Madamm Buergermeeschter.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Et ass um Här Meisch. An duerno den Här Bertinelli nach eng Kéier.

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Eng hunn eng Fro. Mir hu viru Kuerzem e groussen Terrain a Frankräich kaf. De landwirtschaftlechen Deel dovunner, eng 50 Hektar, sinn elo déi lescht Deeg geméit ginn. Et handelt sech do anscheinend ëm Feldfudder, wat extra ugeséint gouf. Weess d'Gemeng, dass do op hirem Terrain geschafft gëtt? Respektiv, besteet do e Pachtvertrag? Am Gemengerot kann ech mech net drun erënneren, datt esou eppes war. Ech ka mech awer ieren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ulveling, wannechgelift.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech weess Bescheed, dass den Nottär eis deemools gesot huet, dass déi Kontrakter sengerzäit gemaach si gi mat deene Leit. Déi sinn als Agrikulturfä-

chen ausgewisen. Et ass net wéi hei zu Lëtzebuerg. Déi hunn am Fong e Liewe laang d'Recht, déi Exploitation ze maachen. Dat heescht, mir hunn net d'Méiglechkeet elo ze soen, mir brauchen deen Terrain oder mir wëllen dee kënnegen. Nee. Wann deen eng Kéier stierft, dann ass et eng aner Saach. Mee en attendant ...

D'franséisch Legislatioun ass do ganz anescht wéi hei zu Lëtzebuerg. Dat heescht, du iwwehëls eppes mat de Kontrakter. An déi Kontrakter an der Agrikultur a Frankräich sinn onkündbar, an deem Sënn. Do kann ee souguer akloen, huet den Nottär eis gesot, wa mir als Gemeng een Terrain géife brooch leie loossen, deen als Agrikulturrain ausgewisen ass. Da kann egal wien a Frankräich op d'Gericht goen a soen: „Deen Terrain ass esou ausgewisen. Ech géif dee gär bestellen“. An da kritt dee vum Gericht d'Erlabnis, ouni dass mir mussen d'accord sinn, fir dat kënnen ze maachen.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmoos merci, Här Ulveling. Ech mengen, den Här Schwachtgen wëll och nach eppes zum Terrain soen.

---

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Meng Informatiounen sinn do e bëssen anescht. Ech weess elo net, wat méi aktuell ass. Dat, wat den Här Ulveling gesot huet, oder dat, wat ech elo soen.

A mengen Aen ass et esou, dass kontraktlech ofgemaach ass tëscht deem ale Proprietär an der Gemeng Déifferdeng, dass deen ale Proprietär nach e Bail drop huet, op dräi Joer gesinn. Actuellement d'äerf do geschafft gi vun engem Locataire aus Frankräich, deen deen Terrain nach dräi Joer hätt. An de Vendeur huet der Gemeng Déifferdeng zougesot, dass deen Terrain no dräi Joer fräi ass. An dat ass notament och déi Zäit, déi mir brauchen, fir déi Projeten ze starten, déi Dir och kennt, a Richtung vu Permakultur a biologischem Landbau.

Dat ass mäi Wëssensstand. Ech weess net, wat elo nach vläicht aktuell ass.

*Cela devrait rassurer toutes les associations, quels que soient leurs domaines d'activité.*

*Ensuite, le collège échevinal compte garantir les recettes aux associations culturelles pour toutes les manifestations communales.*

*Enfin, des entretiens seront menés avec les associations pour voir si elles ont des besoins spécifiques. En tout cas, la décision ne sera pas prise à la tête du client.*

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** rappelle que la commune a acquis un terrain en France. Le terrain labourable de cinquante hectares a été fauché récemment. La commune est-elle au courant de ces travaux? Existe-t-il un contrat de bail?

---

**TOM ULVELING (CSV)** se souvient que d'après le notaire, les contrats ont été signés. En France, les terrains en question sont classés comme surfaces agricoles et le droit d'exploitation est à vie. La commune ne peut donc pas résilier le bail et se servir du terrain. Il faut attendre que l'agriculteur meure.

*En France, la législation prévoit que les terrains sont acquis avec les contrats. La Ville de Differdange pourrait être dénoncée si elle laissait une surface agricole à l'abandon. N'importe qui pourrait demander au tribunal de le cultiver.*

---

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** a reçu des informations différentes, mais ne sait pas si elles sont actuelles.

*D'après lui, le locataire dispose d'un contrat de bail français de trois ans. Le vendeur a assuré à la Ville de Differdange que le terrain serait ensuite libre. Trois ans, c'est le temps qu'il faut à la commune pour mettre en place son projet de permaculture et d'agriculture biologique.*



# Questions

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)**

*confirme les propos de monsieur Schwachtgen.*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)**

*revient sur les propos de monsieur Aguiar. La Ville de Luxembourg a déjà déposé de nombreuses demandes pour que les clubs puissent s'entraîner. Notamment les équipes nationales.*

*Les clubs differdangeois jouant la Coupe d'Europe peuvent être considérés de la même façon. Fred Bertinelli estime que les équipes de haut niveau sont toutes considérées de la même manière.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*remercie tout le monde pour la patience. Les chaises ne sont pas aussi confortables qu'à l'hôtel de ville. Mais les conseillers communaux se sont montrés courageux.*

*Christiane Brassel-Rausch passe à la séance à huis clos.*

---

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Schwachtgen. Här Bertinelli, d'Madamm Pregno äntwert drop an da kommen ech op Är Fro zrëck.

---

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Kee Problem.

---

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Pregno, wannechgelift.

---

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dat wat den Här Schwachtgen seet, dat stëmmt.

---

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Bertinelli, wannechgelift.

---

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Just en Ajout un den Här Aguiar, dass d'Gemeng Lëtzebuerg elo scho fir esou vill Federatiounen Demandë beim Sportsministère gemaach huet, fir scho

kënnen ze trainéieren. Surtout le haut niveau an d'Nationalekippen. Wann een eis Veräiner kuckt, déi d'Coupe d'Europe spillen, déi kann een an engem selwechte Liicht gesinn. Datt een do och vläicht eng Autorisatioun géif froen, déi e bëssen éischer trainéieren ze loosse wéi déi normal. Ech huele jo un, datt se um haut niveau mat jidderengem d'selwecht ëmginn. Einfach nëmmen pour information. Se trainéiere scho voll an der Stad.

---

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Wann elo keng Froe méi do sinn, soen ech Iech villmools merci fir Är Gedold. D'Still sinn net esou gutt hei wéi an der Gemeng. Muss ech einfach soen. Awer mir waren alleguer ganz brav. Mir waren alleguer ganz disziplinéiert. Dofir soen ech Iech nach eng Kéier villmools merci, och fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht am Gemengerot.

Elo komme mer an d'Séance non-publique. Elo dierfen nëmmen déi Leit wielen, déi hei physesch am Raum sinn. Dat heescht, Dir kënnt bäigeschalt bliwen, awer Dir hutt keen Droit de vote, Madamm Richartz, Här Schwachtgen an Här Goffinet.



# Éischt-Hëllef-Cours fir Elteren a Grousselteren

Cours de premiers secours  
pour parents et grands-parents

**19.9.2020**

**9:00–12:00**

Aalt Stadhaus  
op lëtzebuergesch/däitsch



**26.9.2020**

**9:00–12:00**

Aalt Stadhaus  
en français



Wann e Kand vun engem op deen anere Moment schlëmm krank gëtt oder sech verletzt, da soll ee keng Zäit verléieren. An dësem Cours kréien Elteren an/oder Grousseltere gewisen, wéi een an Noutsituatiounen soll handelen.

Quand un enfant tombe gravement malade ou se blesse, il ne faut pas perdre de temps. Dans ce cours, les parents et les grand-parents apprennent comment faire face à des situations d'urgence.

## Umeldung | Inscriptions

Service Senior Plus

Corinne Lahure | T. 58 77 1-1562 | [corinne.lahure@differdange.lu](mailto:corinne.lahure@differdange.lu)

Emina Ceman | T. 58 77 1-1566 | [emina.ceman@differdange.lu](mailto:emina.ceman@differdange.lu)





Limitéiert op 20 Plazen

# VAKANZ ZU LËTZEBUERG

fir Jonker vun 13 bis 17 Joer

**7.-11. SEPTEMBER**

Fiels / Larochette

Präis: 150 € pro Persoun

Umeldung: [differdange.lu/vakanz-zu-letzebuerg](https://differdange.lu/vakanz-zu-letzebuerg)

Du hues nach Froen? Mëll dech beim Service jeunesse:  
[catia.pereira@differdange.lu](mailto:catia.pereira@differdange.lu) | T. 58 77 1-1569 / 621 520 395